Aus dem Liewen erzielt

„Et war een deemools net méisseg"

Al Beruffer a Broutverdéngschter

Editioun Service RBS

Band 1

„Et war een deemools net méisseg"

Al Beruffer a Broutverdéngschter

Dëst Buch ass zesummegestallt gi vum Biographiegrupp:
Marthe Haan-Duval – André Hausmann – Mariette Leuck – Simone Rosen – Joss Scheer – John Weber
ënnerstëtzt vun den RBS-Mataarbechter: Jacqueline Orlewski-Eyschen an Nicole Duhr

Drock a Layout: Imprimerie Centrale s.a., Lëtzebuerg 2009

© Editions Service RBS
by Service RBS
20, rue de Contern
L-5955 Itzig

ISBN-13: 978-2-9599721-5-7

„Et war een deemools net méisseg"

Al Beruffer a Broutverdéngschter

Editioun Service RBS

BIÈRES MOUSEL
BIÈRES MOU

Virwuert 9

Zu dësem Buch 11

Wéi meng Mamm nach huet gesponnen ***17***
Produktioun a Verschaffe vu Stoft

De Fluessziichter 18
D'Spënnesch 20
De Wiewer 22
De Schneider an d'Néiesch 25
D'Bitzesch 30
D'Modistin 33
D'Stréckesch 37
D'Wollfra 39
D'Nylonsstrëmpfléckesch 41

Dat geet op keng Kouhaut ***43***
Preparatioun a Verschaffe vum Lieder

De Louschläisser 44
De Schënner 46
De Gierwer 47
De Pelzsammler 49
De Schouster 54
Den Händschemécher 58
De Suedler 61

Wou gehuwwelt gëtt, do fale Spéin ***65***
Verschaffe vun Holz

De Bëschaarbechter 66
De Kuelebrenner 71
Den Dilleschneider 73
Den Holzschnidder 75
Den Zammermann 79
De Schräiner 81
De Bildhaer 84
De Woner 86

De Kéifer 88
Den Dréischler 90
De Schaffbauer 90
Den Uergelbauer 91

Drop geschlon, datt Quonke fléien ***95***
Vu Stol an Eisen

De Biergaarbechter 96
De Schmadd 101
De Klautchen 107
De Blechschléier 108
De Géisser 109
Den Takegéisser 109
De Klackegéisser 111

An enger Mauer ass all Stee wichteg ***113***
Bauen a Wunnen

De Steebrécher a Steeklappert 114
De Pavéert 118
De Steemetzer 119
De Leekëppert 122
De Kalleksbrenner 125
De Wäissert 126
De Gipser 128
Den Aulebäcker 129

An dobausse stinn d'Gaarwe Kaascht u Kaascht, op de Bauer ze waarden, e stolze Laascht
D'Bauerewiesen **133**

De Bauer 134
Den Doléiner 141
De Kniecht an d'Mod 143
Den Hiert 146
De Schéifer 150
De Schleisewiechter 153
Den Drainist 155

Wou d'Rief laanscht d'Musel dofteg bléit *157*
De Wäibau

De Wënzer 158
D'Schréiderborscht 163
De Schampesfabrikant 165

Dat hält Leif a Séil zesummen *169*
Iessen an Drénken

De Mëller 170
De Bäcker 176
De Molkereiaarbechter 181
De Schluechter 184
De Fëscher 189
De Béierbrauer 191
De Rollefax 195
De Brenner 196
De Kaffisbrenner 198
Den Essegfabrikant 200
De Moschterfabrikant 202
De Beiemann 204
De Gäertner 208

„… a fort et geet …" *213*
Mobilitéit fir Mënsch a Wueren

De Kutscher 214
De Postkutscher 215
De Fouermann 217
De Schläiper 220
De Maschinist an den Heizer 222
De Garde-Barrière 226
Den Tramsmännchen 230

Alphabeteschen Index vun de Beruffer an dësem Band 236
Alphabeteschen Index vun de Beruffer am Band 2 237
Billerverzeechnes 238

Wann een dëst Wierk bis opgeschloen huet, huet ee Krempes et op d'Säit ze leeën a bei ville Leit wäert iwwert dem Liesen eng ganz Rei vu schéinen Erënnerungen opkommen.

Niewent enger flotter Beschreiwung vun den eenzelne Beruffer, maache besonnesch déi lieweg, perséinlech Erënnerungen d'Authentizitéit an de Wäert vun dësem Buch aus. Fréier gouf et jo bal an all Duerf e Schmadd, e Schouster oder e Schräiner. Dëst waren oft Familljebetriber, déi iwwert Generatiounen hiert Wëssen an hir Technike weidervermëttelt hunn. Duerch d'Industrialiséierung an duerch nei Besoine konnten dës Betriber oft net iwwerliewen oder si hu sech missen upassen. Haut erënneren nach oft d'Hausnimm un d'Liewen am Duerf. „A Schmadd's", „ A Schoustesch", „An Néiesch", „A Schreinesch", „A Millesch". Schonns laang verstuerwe Bewunner ginn ëmmer nach mat dësen Hausnimm identifizéiert.

Mat dësem Buch mécht een eng Zäitrees an d'Welt vu fréier, mat hire Biller an Andréck, hirer Sprooch an hire Mënschen. Déi Welt gëtt bei der Lekture erëm lieweg. Hei esou eng Beschreiwung vum Här André Hausmann, Éierepräsident vum RBS: „ *... Iwerall louch Schnéi. D'Haiser hunn ausgesinn, wéi wann se mat Watt zougedeckt wieren. All Geraïcher waren agedämmt an iwwert dem Duerf louch eng immens Rou. Keng "lieweg Séil" war ze gesinn. D'Leit waren an hire Stuffen ëm de Kolonnenuewe versammelt an d'Véi an hire Ställ ... Heiansdo hunn en etlech Bauere sech am Schräineratelier zesummefonnt an da gouf getraatscht a gepotert, dass et e Genoss war fir nozelauschteren.*"

Vu groussem Wäert sinn och déi bis elo nach net gewise Fotoen aus de Sammlunge vu Privatleit. Hinnen alleguerten e grousse Merci!

Besonnesch ervirhiewe wëll ech d' Aarbecht vun deene 6 Leit aus dem Biographiegrupp. Si hu sech all erdenklech Méi gemaach a si mat grousser Sensibilitéit un d'Themen erugaangen.
Ech wënsche mer, datt dëst Buch a villen Institutioune gebraucht gëtt an et déi eeler Mënschen zu liewege Gespréicher animéiert. Et ass eng Quell fir all déi Professionnel, déi et hinnen erlaabt d'Biographië vun den eelere Mënschen zu Lëtzebuerg besser ze verstoen an och ze hannerfroen.

Eis Kanner a Jugendlech kënnen esou d'Jugendzäit vun hiren Ur-„Bomien a Bopien" an een Deel vun onsem kulturelle Patrimoine besser kenne léieren.

Ech wënschen Iech vill Freed beim Liesen!

Marie-Josée Jacobs
Ministerin fir Famill an Integratioun

Zu dësem Buch

Am Ufank vun der Geschicht huet de Mënsch alles gemaach wat néideg war fir ze iwwerliewen: Iessen, Wunnen, Kleedung, Sécherheet. Giess ginn ass, wat d'Natur geliwwert huet: Kraider, Planzen a Friichte vum Feld oder aus dem Bësch an d'Déieren, déi dorëmmer gelaf, geflunn a geschwomme sinn.

Fréi schonn hunn d'Leit erausfonnt, datt et méi einfach wier, wa jiddweree sech ëm déi Saach bekëmmere géng, fir déi e gutt geeegent wier. An esou hunn d'Mënschen, Fraen a Männer, Jonker an Aler, sech d'Aarbecht agedeelt, jee no hire Kapazitéiten, kierperlecher a geeschteger, jee nodeems wat se bei hiren Eltere gesinn a geléiert hunn, jee nodeems wat grad néideg war, oder och – wa se sech et leeschte konnten – jee nodeems wat hinnen am meeschte Spaass gemaach huet. Am Laf vun de Jorhonnerten, wéi d'Mënschen, als sozial Wiesen, méi a méi a gréissere Communautéiten zesummegelieft hunn, sinn déi verschidde Beruffer entstanen.

An de Stied goung déi Entwécklung vill méi fréi u wéi um Land. Ganz interessant ass d'Organisatioun vun den eenzelne Beruffsstänn a Korporatiounen, wat déi Däitsch Zünfte oder Bruderschaften nennen. Am Lëtzebuergesche sinn, oder waren, dat d'Amechten. D'Membere waren d'Amechtsbridder. Am 18. Jorhonnert fanne mer an der Stad Lëtzebuerg 13 Handwierksamechten, déi ganz stramm organiséiert waren an och all en hellege Patréiner veréiert hunn. D'Duchmécher haten den hellegen Servatius, d'Bäcker an d'Mëller den hellege Rochus, d'Metzler den hellege Bartheleméis, d'Gierwer an d'Schousteren den hellege Krispines, d'Kéifer den hellegen Urban. Déi verschidde Beruffer, déi Metall verschafft hunn, haten den hellegen Eloy. D'Schneider hunn d'helleg Anna veréiert. Den hellege Méchel war de Patréiner vun den Duchhändler an anere Beruffer, déi mat Kleedung an Houffert ze dinn haten. D'Beruffer vum Bau wéi Steemetzer, Zammerleit, Leeëndecker, Aulebäcker a Glaser haten als Patréiner d'helleg Barbara, d'Wiewer den hellege Péiter, d'Fëscher den hellege Péitrus an d'Doléiner den hellegen Niklos. De Kleeschen war och zoustänneg fir d'Béierbrauer, d'Kitchener an d'Schouperten, d'Gäertner an d'Wiert, d'Pavéerten an d'Handlanger. Déi 13. a lescht Amecht, déi vun de „rôtisseurs", also Grillmeeschteren, schéngt net déi selwecht streng Reglementer gehat ze hunn ewéi déi aner. Et war éier e Genre „Amicale", zu där och d'Musikante gehéiert hunn. Vill vun de Memberen, zu deenen och Geeschtlecher als Éieremembere gehéiert hunn, ware gläichzäiteg och Member an enger anerer Amecht.

Verschidde Beruffer si mat der Zäit erëm verschwonnen oder hu sech esou staark verännert, dass haut nach just den Numm bleift, d'Aarbecht awer eng ganz aner ass. An dësem Buch hunn eis virun allem déi Beruffer interesséiert, déi et guer net méi gëtt oder bei deenen d'Aarbechtsweis sech vill verännert huet. Sou gëtt haut villes industriell verschafft oder hirgestallt, wat fréier mat der Hand gemaach ginn ass. Et wier awer schued, wa mer eis „kleng lëtzebuerger Welt", sou wéi se fréier war, génge vergiessen. D'Aarbecht ass vu jee hir dat wat e Mënsch am meeschte prägt, wat him eng Identitéit an och e gewësse Stolz gëtt. Dëst Buch soll de Versuch sinn, de Lëtzebuerger hir Wuerzelen, an doduerch och hir Identitéit, méi no ze bréngen.

De Biographiegrupp vum Service RBS besteet aus benevole Senioren, déi sech d'Aufgab ginn hunn, d'Erfahrungen an d'Erënnerunge vun deenen eelere Leit ze erhalen an un déi spéider Generatioune weiderzeginn. Bei dësem Buch, grad ewéi bei deenen dräi virdrun aus der Serie „Aus dem Liewen erzielt" handelt et sech net ëm eng wëssenschaftlech Geschichtsschreiwung. Dëst Buch soll kee Lexikon vun den ale Beruffer sinn, mee et soll Informatiounen an Impressiounen aus enger Zäit ginn, déi mer haut esou net méi kennen.

Mir hu probéiert d'Beruffer a Kapitelen ze regruppéieren, jee nodeems ob se mat Stoft oder Lieder, Holz oder Metall ze dinn haten, jee nodeems ob et ëm Bauen a Wunnen, Wäibau, Landwirtschaft, Iessen an Drénken oder Transport geet. En zweet Buch wäert nach eng Kéier esou vill Beruffer beschreiwen.

Och déi Beruffer, déi net direkt liewenswichteg sinn, déi mat Spill a Spaass, mat Musek, Gesank a Konscht ze dinn hunn, goufen net vergiess. Wou et méiglech war, hu mer markant Vertrieder vun den eenzelne Beruffer virgestallt, Leit aus Fleesch a Blutt. Mir hu besonnesche Wäert op direkt Temoignagë geluecht, fir den Zäitgeescht an d'Atmosphär vun deemools mat erëmzeginn.

Mir hoffen eis Aarbecht gefällt Iech.

De Biographiegrupp vum Service RBS

Band 1

Wéi meng Mamm nach huet gesponnen[1]



Produktioun a Verschaffe vu Stoft

D'Spannen an d'Wiewe gehéieren zu den eelsten technologeschen Errongeschafte vun der Mënschheet. An eise Géigende goufen zu dësem Zweck Fluess an Hunnef ugebaut a Schofswoll verwäert.

Bis an d'20. Jorhonnert eran ass nach vill Stoft aus Fluess oder Hunnef doheem gemaach ginn. D'Industrialiséierung huet allerdéngs d'Enn vun de klenge Wiewer agelaut. Duerch d'Aféiere vu spezielle Maschinne konnte Woll-, Kottengs- oder Seidefiedem zu Masche gewieft ginn, de sougenannten „Trikotage". Trikotage-Stëfter sinn am Verglach mat gewiefte Stëfter relativ elastesch a passe sech gutt dem Kierper un. Si hu sech ëmmer méi duerchgesat bei der Konfektioun vu Räck, Jüppen, Hiemer, Blusen, Kostumer an Ënnerwäsch.

An der Zäit hunn d'Fraen déi einfach Kleeder, d'Ënnerwäsch an d'Bettgezei selwer gebutt, nëmmen d'Sonndesgezei gouf beim Schneider oder der Néiesch op d'Mooss gemaach. Déi éischt Geschäfter mat Konfektiounskleeder, sou wéi mer se haut kennen, sinn an der Stad Enn vum 19. Jorhonnert opkomm. Nom 2. Weltkrich hunn d'Kleedergeschäfter e groussen Opschwonk kannt (an der Stad gouf et zum Beispill de Lessure, d'Bourse, de Meyer-Heisbourg, de Rosenstiel, d'Blaue Hand, de Brasseur, de Bastian asw.), an esou hunn nëmmen nach e puer Ateliere fir Moossaarbecht iwwerlieft.

[1] *Lidd vum Michel Lentz (Wierder) an Edmond Lentz (Weis)*

De Fluessziichter

Bis Enn vum 19. Jorhonnert war de Fluess e wichtegt landwirtschaftlecht Produkt an eise Géigenden.

Am Fréijoer hunn d'Fluessfelder hellblo gebléit.

Am Summer waren d'Planzen dann zeideg, d'Stiller waren ongeféier e Meter héich a si mat der Hand erausgerappt ginn. A klenge Bëndele („Kaaschten") si se opgestallt oder op Holzstaange gehaange ginn, fir ze dréchnen. No e puer Deeg an der Sonn, konnt de Fluess an d'Scheier gefouert ginn, wou d'Somkapsele mat engem eisene Reech vun de Stiller getrennt goufen. De Som gouf zu Läinueleg verschafft, awer och zu Fluessemsmiel, dat fir Ëmschléi géint Schwellungen agesat gouf. De Rescht ass nach als Véifudder verwäert ginn.

D'Stiller sinn duerno deeglaang op eng naass Wiss oder an eng Baach geluecht ginn. Duerch d'Fiichtegkeet hunn se sech zersat an d'Fluessfaser huet sech vum Still geléist. Duerno sinn se erëm gedréchent ginn a waren da fäerdeg fir d'Briechen.

Fir d'éischt sinn d'Fluessbëndelen um Buedem mat engem hëlzenen Hummer geschloe ginn. Da goufen se um „Fluesstack", engem hëlzene Bock, tëschent zwou Holzstaange gequëtscht, fir se mëll ze maachen. Duerno gouf de Fluess mat der „Schwang", engem schmuele Brietchen, geschloen, fir déi lescht Iwwerreschter vum Still erof ze klappen an d'Fasere schéi glat ze maachen. Zum Schluss goufen se dann duerch en Hechelkamp gezunn a ware prett, fir gesponnen ze ginn.

Den Uertschaftsnumm „Fluessweller" oder Flouernimm wéi „am Fluessgaart" weisen nach haut drop hin, datt hei Fluess ugebaut gouf.

E Fluess-Stack

De Fluess blitt wonnerschéin

An der duusser Mueressonn hat sech de bloe Schlär aus Dausende vu Fluessblimmercher iwwer de Fluessgaart gesprät, wi e Spigelbild vum bloen Himmelsliicht. „E Gehäichnes! E Locktem fir al a jonk!", sot d'Grousi, di sou schéi vu Fluess an Hunnef, vu Wiewen a Spannen, vun Néien a Bitze potere konnt, huet hir kleng Enkelmeedercher, déi vum Pätter wéint hire blonden Hoer „Fluesskäppercher" genannt gi sinn, mat der Hand geholl an ass mat hinnen d'Bloblimmercher am Fluessgaart kucke gaang. „Gesitt der do d'Fluessbléien! Si kucke wi dir mat bloe Guckelcher an d'Welt. Awer nëmme wann d'Sonn schéngt, am Reen maache si hir Aen zou."

Aus: Deemools Deel II, Fernand Lorang, Editions Saint-Paul, 2004

D'gemeinschaftlech Aarbecht vum Fluess- an Hunnefbriechen

Il y avait le broyage du chanvre et du lin, qui avait lieu au début de la mauvaise saison, en octobre ou novembre. On choisissait un endroit abrité près du village, le plus souvent sur le bord d'un chemin communal.

Ce travail avait lieu pendant la nuit: il était exécuté par les jeunes gens et les jeunes filles, sous la direction de la maîtresse de maison. Un grand feu de bois fournissait l'éclairage et servait en même temps à réchauffer l'atmosphère et à sécher le chanvre brisé, qui était placé sur une large claie au-dessus du foyer.

Les brisoirs étaient installés autour du foyer et, durant le travail, on racontait des histoires ou l'on chantait en choeur quelques gais refrains.

Vers minuit avait lieu le repas en commun et l'on finissait avec le jour naissant.

Le chanvre et le lin ainsi obtenus alimentaient les rouets de nos grand-mères pendant les longues veillées d'hiver et servaient à fabriquer cette excellente toile que nos mères empilaient avec orgueil dans leurs armoires.

Charles Bivort, aus „Luxemburger Illustrierte", 1928/Nr 20

Eng al Duerftraditioun

Wann de Läin geséit gëtt, da klëmmt d'Hausfra op den Dësch, danzt e puer Schrëtt, sprëngt hannerécks nees op de Buedem a rifft: "Sou héich ech elo erof sprangen, sou héich soll de Fluess wuessen."

Aus: Von Bräuchen, Sitten und Aberglauben, Pol Tousch, RTL Editions, 1985

D'Spënnesch

Wéi meng Mamm nach huet gesponnen, an ech bei dem Riedche souz.
Du huet lauter séileg Stonnen d'Freed mir bruecht an hirem Schouss.
A wéi schein déi gëllen Dreem an der Kannerzäit doheem.
Wéi meng Mamm nach huet gesponnen.

Michel Lentz

An de Wanterméint, wann et dobausse fréi däischter war, gouf an der Uucht gesponnen. Hei am Land ass haaptsächlech Léngent gesponne ginn, awer och Hunnef a Woll. Dëst war d'Aarbecht vun de Fraen a Meedercher, déi sech duerfir bal an deem engen, bal an deem aneren Haus getraff hunn. Heibäi gouf gesongen a gepotert, et goufe Seeche verzielt an Neiegkeeten ausgetosch.

Beim Spanne goufen d'Planzen- oder Wollfaseren duerch Dréien an Zéien um Spannrad zu Gar verschafft, mat deem da gewieft, gebitzt oder gestréckt konnt ginn.

Mam Fouss um Trëtt huet d'Spënnesch d'Rad dréie gelooss. D'Fasere ware virdru scho gewäsch ginn a wann se dréche waren, goufen se gezupft. Mat flénke Fangeren huet d'Spënnesch se dann iwwert d'Spull geleet, wou se zu dënne Fiedem gezu goufen.

Vum Spannrad aus gouf dat fäerdegt Gar op en Haaspel geweckelt an nach eng Kéier gewäsch. Aus engem vollen Haaspel gouf e Strang gedréit, deen op e Kneiel geweckelt gouf. Esou konnt e spéider weiderverschafft ginn.

Den Armi an d'Marianne Schmit vu Konstem kucken hirer Bomi, der Madame Agnès Nilles-Haas beim Spannen no

Am 19. Jorhonnert sinn zu Lëtzebuerg ëmmer méi industriell Spënnereien entstanen (ënner anerem zu Ettelbréck, Hiefenech, an der Fiels, an der Stad, zu Walfer an zu Nidderwooltz) an et gouf ëmmer manner an den Haiser gesponnen.

D'Spannen, eng geselleg Aarbecht

Elo muss ech nees stallhalen

„Komm heihinner", seet meng Tatta, „ech brauch dech." „Oh je", hunn ech geduet, „elo muss ech nees stallhalen." Richteg, d'Tatta wollt d'Woll vum Spannrad op e Strank wéckelen an dofir hunn ech missen déi zwou Hänn esou op 30 cm auserneen héichhalen, bis d'Spull eidel woar.

't huet laang gedauert, awer ech hunn net gemuckst, well d'Tatta konnt soss komesch ginn. Zum Schluss ass de Fuedem mam Enn ronderëm gewéckelt ginn, fir dat Ganzt zesummen ze halen. Elo woar ech erléist!

Wann d'Woll gewäsch an dréche woar, hunn ech erëm missen „halen". Se gouf op e Knauel gewéckelt a woar fäerdeg fir ze strécken.



Simone Bonenberger

De Wiewer

Wiewen huet vill Gedold verlaangt

Wann de Fluess gesponnen an a Sträng oder Kneelen opgewéckelt war, huet e misse gewieft ginn. An dat ass bis haut eng komplizéiert Geschicht.

Et gouf gréisser Häff, wou eng Wiefkummer mat engem Wiefstull war, mee dat waren déi mannst. Wiewen ass en Handwierk, dat muss geléiert ginn an e Wiefstull brauch Plaz. Duerfir gouf et professionell Wiewer, déi vun doheem aus fir e puer Dierfer geschafft hunn, oder an déi Haiser gaange sinn, déi duerfir ageriicht waren.

De Familljennumm „Weber“ ass wäitverbreet an och Hausnimm wéi „A Wiewesch“ sinn nach a villen Dierfer bekannt. Dat weist, wéi wichteg dëse Beruff fréier war.

E Wiefstull ass en zolitten hëlzenen Opbau mat enger Kierb vir an hannen. An der Mëtt hänke Schäft mat Litzen an engem bewegleche Kamp. D’Schäft sinn um Buedem mat Pedalle verschnéiert.

Wann de Wiewer mat engem neien Duch ufänkt, muss e fir d’éischt d’Fiedem moossen. Duerfir huet en e Gestell, dat sech dréit an op dat se ronderëm gewéckelt ginn. Fir dass se der Rei no kommen an esou gutt kënnen opgespaant ginn, mussen se sech op enger Plaz kräizen. Déi Plaz ass d’Fuedemkräiz.

An een Duch ginn normalerweis e puer Honnert Fiedem. E gudde Wiewer rechent aus, wéivill Fiedem e fir eng Commande brauch. Déi Fiedem, déi esou gemooss ginn, sinn d’Ketten. Si ginn hannen op de Wiefstull gehaang a fest ugekuerbelt. Am beschten hält eng Hëllef vir un an de Wiewer dréit seng Kette lues op.

D’Fiedem musse regelméisseg gespaant sinn. Da gëtt all eenzele Fuedem aus dem Kräiz geholl an duerch eng Litz gezunn, an dann nach eng Kéier duerch de Kamp. Elo gëtt d’Ketten och vir fest ugestréckt. Si leeft elo vun hannen iwwer e fest Stéck Holz duerch d’Litzen, de Kamp an iwwer en anert fest Stéck Holz erof op déi zweet Kuerbel. Op där gëtt dat fäerdegt Duch opgewéckelt.

Wann d’Kette schéi stramm ass, klëmmt de Wiewer ënnert säi Wiefstull a verschnéiert d’Trëtt mat de Schäft. Eréischt da kann e mat sengem Schëffelche wiewen. Hien trëtt eng Pedall an e Schaft hieft sech. Doduerch kritt en e „Fach“, duerch dat d’Schëffelche leeft. Mam Kamp klappt en de Fuedem bäi an trëtt op déi aner Pedall. En anere Schaft hieft sech, mécht en anert Fach aus anere Fiedem, d’Schëffelche geet och hei derduerch, gëtt bäigeklappt, asw. Wa riicht viru geschafft gëtt,

Op dësem ale Wiefstull gouf esou munnecht Léngent gewieft

héiert een den typesche „Klack-Klack“. De Meeschter weess och, wat fir Trëtt e mat wat fir engem Schaft verschnéiert.

Wiewen ass en Handwierk, dat vill Gedold verlaangt. Et gëtt net séier e Stéck. Duerfir waren d’Wiewer keng räich Leit.

Am Laf vun der Industrialiséierung sinn automatesch Wiefstill agefouert ginn, déi a vill méi grousse Quantitéite produzéiere konnten. Déi kleng Wiewer konnten net méi mathalen. Vill vun hinne sinn als Aarbechter an de Fabrike gelant, déi uechtert d’Land, wéi zu Esch-Sauer, an der Fiels oder am Préizerdall, entstane sinn. Hiert Handwierk an hir Onofhängegkeet hunn d’Wiewer domat awer verluer.

Do wou haut nach mat der Hand gewieft gëtt, ass et e räicht Konschthandwierk.

An der Duchfabrik Demuth zu Esch-Sauer

De Léngentmännche gouf geruff

Wann an engem besseren Haus e Meedchen säin Trousseau gemaach huet, ass de Léngentmännche geruff ginn. Hie koum mat Echantillone vu Léngent vun ënnerschiddlecher Qualitéit, an dann ass erausgesicht a bestallt ginn. Déi kleng Leit konnte sech net leeschten, esou vill beieneen ze bestellen.

De Léngentmännchen ass d'Léngent bei de Grosist siche gaangen an huet et mat sengem Vëlo bei d'Leit gefouert. Well hie vill an den Haiser ronderëm komm ass, hat hien och oft d'Hand bei Hellechten am Spill.

Agnès Moris-Hengen

Eng Famill mécht Carrière

Den Antoine Scholer ass mat enger Hondskar duerch d'Uertschafte gefuer, fir Ellewuer (Stoft um lafende Meter) ze verkafen. Säi Fils, den Nic. Scholer, huet Joren duerno d'Grands Magasins Monopol gegrënnt.

De Schneider an d'Néiesch

An engem Schneideratelier ëm 1925

De Beruff vum Schneider gëtt et eréischt zënter dem Mëttelalter, wéi d'Form vun de Kleeder ugefaang huet méi komplex ze ginn, an d'Stëfter no verschiddene Muster hu misse geschnidde ginn. Laang war et de Männer virenthal fir ze schneiden. D'Fraen hunn nëmmen dierfe bitzen, flécken a strecken.

De Schneider, dee säi Beruff bei engem anere Schneider geléiert huet, hat schonns ëmmer, virun allem um Land, vill Konkurenz: Vill Fraen hunn déi einfach Aarbechtskleedung vun de Bauere selwer gebutt. Fraen ouni Ausbildung, mee mat vill Gescheck, si vun Haus zu Haus gezunn, wou se gefléckt, ausgebessert a gebutt hunn: Si si Bitzesch oder Hausnéiesch genannt ginn.

Wéi de Schneider nach e klenge Béifche war, deen an d'Ibutzeschoul goung, hat seng gutt Giedi gesot: „Dee Jéngelchen do schéngt mär e bëssche reng a kleesper fir d'Bauerewiesen. Ech déit mengen, e soll fir Schneider goen. E schéngt mer dofir wi gemaach."

Fernand Lorang

Et goufe souwuel Häre- wéi Dammeschneider, jee nodeem op wéi eng Kleedung si sech spezialiséiert haten. An deene gréisseren Uertschaften haten de Schneider oder d'Néiesch en Atelier, an deem se déi eng oder aner Persoun ugestallt haten an och Jonker ausgebilt hunn.

Ech war Schneider vun 1941-1990

Mat 14 Joer sinn ech bei mäi Papp an d'Léier gaangen, fir Schneider an der 4. Generatioun ze ginn. 't ass een net gefrot ginn, dat war einfach esou.

Mir waren Häreschneider an der Stad beim Palais. Déi eenzeg Maschinn, déi mir haten, war d'Bitzmaschinn, an déi huet nëmme gebitzt, iwwerstach ginn ass op der Hand. Fir e Knäpplach huet een eng hallef Stonn gebraucht.

Fir unzefänken ass d'Mooss vum Client geholl ginn, da gouf de Patron gemaach. Mir haten nëmmen englesch Stëfter, dat war déi beschte Qualitéit. Nom Zouschneiden ass fir d'éischt gefooscht ginn, duerno waren zwou Umoossen néideg fir de perfekte Sëtz. 50 Stonnen huet een un engem Costume geschafft, an dann huet net däerfe geschlof ginn!

D'Ausbildung waren 3 Joer Léier a 4 Joer Gesell. Mat 25 Joer konnt een dann d'Meeschterprüfung maachen.

Paul Bervard

Den Isaac Merritt Singer war 1851 den éischten, dee Bitzmaschinnen mat duebelem Steppstéch industriell produzéiert huet

Menger Mamm hiren Néieschatelier

Et war ëm 1925, wéi meng Mamm sech nom fréien Doud vu mengem Papp zu Esch, op der Norbert-Metz-Plaz, e Bitzatelier ageriicht hat, wou si zäitweis zwee Meedercher beschäftegt huet.

Ech hu mech, als klenge Bouf, ëmmer missen no beim Atelier ophalen, fir datt meng Mamm mech an den Ae kënnt behalen. Wann ech es genuch hat, fir mat mengem klengen Dräirad iwwer de Palier vum Stack, vun engem Zëmmer an dat anert ze jauwen, hunn ech mech mat engem zolitte Magnéit ameséiert. Domat sinn ech iwwer de Buedem gefuer an hu mech wéi e Geck gefreet, wann d'Spéngelen aus den Ecken an de Foue vum „Plancher" oder hannert engem Dësch oder Stullbeen, mat aller Vitesse erfort geschoss koumen an u mengem Zaubereisen hänke bloufen.

Heiansdo hunn ech iewer och den Néiesche bei hirer Aarbecht nogekuckt, wa se eppes Extraes geschafft hunn. Eent vun de Meedercher huet e grousst Blat Pabeier – e sougenannte Patron – op de Bitzdësch geluecht. Mat engem gezackte Riedchen ass et dann iwwert dat grousst Blat gefuer, op deem e richtegen Duerchernee vu punktéierten, gestréchelten, fortlafende Linnen opgezeechent waren. Hatt huet natierlech misse gutt oppassen, fir ëmmer der virgeschriwwener Linn nozefueren. Um Enn war dann e richtegt Schnëttmuster um Pabeier kopéiert. Dat ass ausgeschnidden an op e Stéck Stoff geluecht ginn, wou dann d'Konture mat Schneiderkräid agezeechent goufen.

D'Strecken huet d'Patronne selwer gemaach

Zum Schluss huet d'Patronne mat enger grousser Schéier de Modell erausgeschnidden, sief et dat Viischt, de Réck, en Aarm oder soss e Stéck vun engem neie Kleed. Dës Stécker si fir d'éischt vun der Bitzjoffer unenee gefooscht an duerno vun der Patronne op der Bitzmaschinn – déi deemools nach mat de Féiss betätegt gouf – definitiv zesummegebutt ginn.

Dat zweet Meedchen huet un engem Rack geschafft, deen un enger liewensgrousser „Umooss-popp" houng, déi ganz distinguéiert „Mannequin" genannt gouf. D'Bitzjoffer, déi ëm hiren Hals e flexibelen „Zentimeter" hänken hat, huet d'Ofstänn gemooss, wou d'Knäpplächer komme sollten an op déi Plaze Spéngele gestach. Mä d'Knäpplächer an de Stoff ze schneiden, huet d'Meedchen der Patronne iwwerlooss, grad eréi d'Strecke vum fäerdege Kleed. An dat besonnesch, wann et sech ëm delikat Stëfter gehandelt huet, wéi Seid, Satin, Crêpe-Georgette oder Crêpe de Chine.

André Hausmann

Da moosse mir elo

„Ech brauch en neie Costume“, hunn ech zu menger Mamm gesot, „haut den Owend ginn ech bei de Schneider.“

Nom Nuetsiessen hunn ech mech op de Wee gemat. Vun eisem Haus woaren et knapp 5 Minutten. Keng Séil an de Gaassen, an de Ställ war et roueg, net emol en Hond huet gebillt. Duerch d’Lueden huet d’Lut vum Schneider sengem Atelier geblénkt. D’Hausdier woar op, wéi ëmmer. Déi Zäit ass eréischt zougespoart ginn, wann d’Leit schlofe gaange sinn. Lénkser Hand am Gank hunn ech ugeklappt a sinn nom „Entrez“ agetrueden. Den Albert souz um Dësch ënnert der Luucht ze bitzen. „Gudden Owend“, sot ech. „Komm eran an huel der Plaz“, war d’Äntwert.

Am Uewen huet e schuckelegt Feier gebrannt. Op der Plack stoung d’Streckeisen ze wiermen. Um Mannequin am Eck houng e gefooschte Paltong mat engem Aarm, op deen zweeten ze waarden. Ech hu mech op ee vun deenen zwéi Still gesat: Vill Plaz war net dobannen. A scho ware mir am Gespréich. Mir haten nëmmen een Thema: De Foussball. Wéi dee leschte Match kommentéiert war, ass et zur Saach gaang.

„Do leien d’Muster“, sot de Schneider, dee fläisseg weidergebutt huet, „sich dir eppes eraus“. E bësse verluer hunn ech an de Bicher gebliedert. „Weis emol hei hinn“, sot den Albert, dee schonn eng Iddi hat. „Wéi gefällt dir deen? Dat ass e gudde Stoff, deen huet Gewiicht.“ Sou koum ech zu mengem éischte *Prince de Galles*.

„Da moosse mir elo.“ Hien huet säi Bichelchen aus dem Tirang geholl. Dodra stong ech scho laang, awer all Kéier huet missen nogemooss ginn. Mam Meter ass den Albert ëm mech getrëppelt an huet verifiéiert: „Dat wär et, du hues nach kee Gramm zougeholl.“

De Stoff ass bestallt ginn, da koum d’Umoossen. Et waren ëmmer laang Sëtzungen, well mir hate vill ze kommentéieren an ze diskutéieren. Schaffe konnt en an seng Costumer souzen ëmmer tadellos.

Ufanks der 60er Joren, wéi d’Konfektioun opkomm ass, hat de Schneider ëmmer manner Clientèle. En huet eng Aarbecht als Nuetswiechter ugeholl an niewelaanscht Retouchë gemat.

Mir hunn eis aus den Ae verluer. Enges Daags sinn ech dem Albert am Park beim Altersheem begéint. Gutt gelaunt wéi ee a jee huet e geruff „hei de Marc“, an den Hänn zwou Plastikstuten. „Ech woar de Leit aus dem Heem Kommissioune maachen, elo ginn ech nach d'Schwane mat de Broutreschter fidderen. Et ass ëmmer eppes ze dinn!“

Marc Rosen, Uespelt

Beim Zouschneide muss exakt geschafft ginn

D'Bitzesch

Bitzeschen, Hausnéieschen oder Wäissnéiesche ware Fraen, déi virun allem am Wanter bei d'Leit an d'Haiser komm sinn, fir ze flécken, Kleeder auszebesseren oder ëmzeänneren an ze bitzen. Et waren oft onbestuete Fraen, déi op dës Manéier hire Liewensënnerhalt verdéngt hunn. D'Wäissnéieschen hunn nëmmen am wäisse Léngent geschafft, hir Stéch waren esou reng, dass ee se bal net gesinn huet.

Am Wanter koum d'Néidesch an d'Haus

D'Gezei huet misse revidéiert ginn. Ganz Maandele voll Klamotten hunn op d'Fléck gewaart. D'Kanner hate villes verwuess an hu missen nei gekleet ginn.

Duerfir war d'Joffer Useldeng elo uechter d'Duerf um Tour. Si hat där Haiser vill, wou si eng, zwou Woche bitze gaangen ass. Schonns laang viraus ware mir bei hir ugemellt. Wéi ofgemat, koum si du ugaangs Februar bei is an d'Haus. Et war dat zur gudder Zäit, wou frësch geschluecht gi war, wou Schossele voll Pati a Jelli an der Spëndche stungen an d'Fleeschbidden nach voll Gesolpertes luch.

Moies, géint aacht Auer koum d'Joffer Useldeng zu Fouss ugereest. D'Mamm hat hir de Kaffisdësch schéi gedeckt. Si krut extra gudde Bounekaffi gemat, frësche Botter, eng Zalättche Kachkéis a Pati opgedëscht an eng Zerwéit nieft den Tellerche geluecht. An der Stuff war et schuckeleg waarm. D'Mamm hat d'Ridong op d'Säit geholl an d'Bitzmaschinn bei d'Fënster geréckelt. De Kulissendësch war grouss erausgezunn, mat engem Tolziri ofgedeckt an enger Hällewull vun neiem Fittengs- an Zephirstoft beläert. Wéi ech géint Mëtteg aus der Schoul koum, hat d'Joffer Useldeng der Mamm schonns bal zwee nei Schiertecher gebitzt. Si war elo amgaang Hiemer fir de Papp ze man. Si hat de Stoft um Dësch ausgebreet an huet mat enger grousser Schéier d'Ärem an de Koll, no engem Pabeierpatron, ritsch, ratsch, erausgeschnidden.

Et war elo Zäit fir d'Mëttegiessen, an is Néidesch huet sech mat un den Dësch gesat. Si huet sech et gutt schmaache gelooss a war ganz gespréicheg. Mir goufen allerlee Neis vu Rued an

aus der ganzer Géigend gewuer. Nom Eessen huet d'Joffer op eng gutt Taass Bounekaffi gehalen. Si sot vu sech selwer, si wär eng Kaffistut. Duerfir huet d'Mamm am Nomëtteg gesuergt, datt si vun Zäit zu Zäit hir Tiesche Kaffi kritt huet. Dann huet si d'Bitzmaschinn erëm méi séier schnurre gedon an et war eng Freed hir nozekucken, wéi geschéckerlech si de Stoft unenee gebitzt huet.

Eng Auer fënnef huet si Feierowend gemat. De Kaffisdësch war prett. Si huet d'Stuff fein opgeraumt an du mat is ze Nuecht geess. Duerno huet si hir Iwwerschong ugedon, sech an de Mantel mam Pelzkoll agebokelt, den Hittchen opgesat, d'Posch ënnert den Aarm gestach a sech op de Wee gemaach, zu Fouss, op Rued, iwwer déi verschneite Strooss an duerch d'Däischtert. (...)

Deen anere Muerge war si ganz exakt schonns erëm um Dill. Dem Papp seng Hiemer goufe fäerdeg gebitzt. Wéi ech mëttes heem koum, war den Tour u mir. Ech krut d'Mooss geholl. D'Joffer Useldeng huet du behaapt, de Stoft fir zwee Schiertecher, dee mir kierzlech bei de Knuppe Jofferen, isen Nopeschen, kaaft haten, géif knaps duergoen, well ech e gudde Schotz an d'Lut gaange wär. Duerfir huet is Bitzesch sech de Kapp missen zerbreechen, huet de Stoft hin an hir gedréit, mat dem Zentimeter gerechent a fir sech haart gegrommelt a raisonnéiert. Elo huet een d'Useldengesch net dierfe stéieren, soss ass si ganz knaddereg ginn. Et war ze verstoen, datt et fir si net ëmmer einfach war, mat den Enner zesummen ze kommen a schonns guer net, wa se aus ale Klamotten neier huet misse fabrizéieren. Meeschtens huet si dat awer ronn kritt. Da war si ganz frou an huet iwwer dem Bitzen esouguer gesongen: „Ave, ave, Mari-i-a", sou wéi zu Lourdes, wouhi si schonns e puer Mol mam Pilgerzuch gefuer war. Si war Feier a Flam, wa si vun de Wonner verzielt huet. A mir hu gespaant nogelauschtert. (...)

Is Néidesch hat nach fir e puer Deeg hir Hänn voll ze dongen. D'Mamm krut och allerlee rangéiert. De Bouf huet nei Béxelcher a Schiertecher gebitzt kritt. Dem Papp seng Paltongen a Jillie goufe gefléckt, d'Boxentäsche kruten neit Fudderduch, op déi zerrasse Knéien an Ielbéi goufen nei Stécker, de Sträifen no agesat an zu gudderlescht krut de Papp nach e gehéiereg Puer Moule fabrizéiert. Duerno goufen d'Läilecher revidéiert a well mir dëst Jor Kommioun haten, gouf d'ganzt Haus nei geridot. Dat alles war nach eng Affär vun zwéin Deeg. D'Joffer Useldeng krut bal d'Midderchen, mä si huet duergehalen.

Um Enn vun der Woch hat si de Programm, deen d'Mamm hir opginn hat, erleedegt. Si huet eng Rechnung geschriwwen a krut gläich hir Suen. D'Mamm huet hir nach eng Träip an eng hausgemate schwaarz Kréischelsdrëpp agepaakt. Elo war déi extra gemittlech Zäit fir e Joer eriwwer.

Aus: Milly Thill „Vun déi Säit der Syr. Aus der Schoul geschwat (1936-1945)",
Editions Saint-Paul, Luxembourg, 1990

Eis Wäissnéiesch

42 Joer huet d'Joffer Julia Poletti bei der Famill Simon-Jacoby an der Blummestrooss zu Diddeleng gewunnt. Souzesoen all Wochendag ass si an en anert Haus bitzen a flécke gaang. D'Julia hat hir fest Clientèle. Si huet sech als „Weißnäherin" ausginn an hat dat bei hirer Famill an Däitschland geléiert. Do wou si gebutt a gefléckt huet, hat si och hire Kascht.

An den 20er Joren hate mir nach keng „Interlocks" Ënnerwäsch. Aus den dënne Bettdicher aus Léngent oder Fitteng goufe Pisslompe fir Bëbeeë gemaach. Op zerrassen Hiemer a Boxe goufen deemools nach Stécker agesat.

Vicky Hengesch-Vuillermoz

Wa meng Mamm gebutt huet oder d'Néiesch an d'Haus komm ass, sinn d'Fooschfiedem opgeraf ginn. Déi laang sinn opgewéckelt an nees gebraucht ginn.

Maria Lentz, Wormer

Um Ufank vum 20. Jorhonnert konnt ee scho Bitzmaschinnen „par correspondance" kafen. Hei e Beispill aus dem „Illustrierter Hauptkatalog 1912, August Stukenbrok Einbeck"

D'Modistin

Elo gëtt e Model erausgesicht!

D'Modistinnen hunn an der Zäit fir den Dammen hiren Houfert geschafft. Fir all Geleeënheet, fir all Wieder, fir Summer a Wanter huet eng Damm en aneren Hutt gebraucht. Dozou koumen dann och nach d'Feierdeeg, Kanddaf, Kommioun, Firmung, Hochzäit, Kiermes, awer och Allerhellgen a Begriefnisser. Gouf et eppes Geheimnisvolleres, wéi wann e schéint Gesit mat engem liichte Voile, net verstoppt, mä präsentéiert ginn ass?

Bei dëse Geleeënheeten hunn d'Modistinnen Nueten duerchgeschafft, fir allen Demandë gerecht ze ginn, well: eng Damm dréit Hutt!

Wéi ass dann elo esou eng Huttaffär vir sech gaangen?

D'Cliente kënnt bei d'Modistin a léisst sech déi verschidde Modeller weisen. Do goufen et: Cloche à bord ondulé, noué sur le côté, Cloche en daim rose, en feutre chamoix, Turban de Jersey, Bonnet posé en arrière, Taupé castor, Tambourin en melusine, Toque de coque an nach vill anerer. Da koumen d'Fuerwen. Am Rouden eleng goufen et 16 Nuancen. D'Plommen an d'Fiederen, Strauss, Spatz, Fasan a Schwan. Net ze schwätze vum Stoff, Feuter, Daim, Pelz, Stréi, asw.

Hat d'Cliente hire Choix gemaach an erausfonnt, wat bei hire Mantel, hire Costume an hir Poche gepasst huet, sinn nach extra Wënsch berücksichtegt ginn. D'Fuerf, hei eng Plomm, do eng Blimmchen oder e Villchen. D'Mooss vum Kapp gouf geholl an dann ass op engem Holzkapp, engem sougenannten „Typ" d'Aarbecht ugaangen.

Fir all Goût war eppes dobäi

Der Modistin hiert Aarbechtsgeschir waren d'Nol, den Zwir, d'Schéier an d'Streckeisen. Dann huet d'Modistin sech mat vill handwierklechem Kënnen a Schéinheetssënn un d'Aarbecht ginn. Et gouf eng „Pièce unique" geschaf, ganz no der Iddi vun der Cliente a

Fangerfäerdegkeet war onbedéngt erfuerdert

besonnesch no dem Savoir-faire vun der Modistin. Jo, et war eng Creatioun. Dëse schéinen, typesch weibleche Beruff ass bal ausgestuerwen, an déi Dammen, déi nach Hutt droen, musse Konfektioun kafen.

D'Ausbildung zu dësem Beruff war déi selwecht, wéi fir all aner Handwierker: dräi Joer Léierzäit, Geselleprüfung, an no fënnef Joer konnt een d'Meeschterprüfung maachen. Konschtsënn a Fangerfäerdegkeet waren onbedéngt erfuerdert.

Well d'Härenhitt manner phantasievoll waren, sinn si seelen op d'Mooss gemaach ginn. D'Hären hunn se beim Huttmécher oder Chapelier kaaft an, wann et néideg war, upasse gelooss.

D'Maly Lorang war dräimol hannerteneen „Reine des Catherinettes"

D'Catherinette-Feier

Bei Geleeënheet vun de Modistinnen hirem Patronatsfest huet ëmmer e grousse Concours stattfonnt, fir déi schéinsten an originellsten Huttcreatioun ze fannen.

Schonn 1933 hat d'Studentenassociatioun „Assoss" déi éischt Feier organiséiert. (D'Studente wore schonn ëmmer frou mat de schéine Meedercher.) Dëst Fest ass bis an d'60er Jore gefeiert ginn an all Modistin huet sech eng Éier gemaach, en Hutt fir dëse Concours ze schafen. Sämtlech lëtzebuerger Zeitungen, d'Handwierker Federatioun an och aner Organismen hu Präisser ausgesat.

E Jury, deen aus Fachleit a Journalisten zesummegesat war, huet déi verschidde Präisser verdeelt an d'Creatrice vun deem schéinsten Hutt gouf zur „Reine des Catherinettes" declaréiert. Dëst wor e begierten Titel, an dëser Kinnigin stungen all Weeër am Beruff an esouguer an der Publizitéit op. Leider ass dëse schéine Brauch, wéi och de Beruff, verschwonnen. De Catherinette-Bal, e gesellschaftlecht Evenement éischter Klass, gëtt et net méi a mir kënnen nëmme mat Nostalgie un déi vergaangen Zäiten zréckdenken.

John Weber

Feder oder nicht Feder?

„In der Stadt“, sagte Großmutter, „ist es nun die neue Mode, sich Federn an den Hut zu stecken. Auch bunte.“ Großvater lachte. „Das würde doch auch dir stehen, oder nicht?“ – „Ach komm! Aber mein grauer Hut ist etwas abgetragen. Den könnte ich zum Ändern zur Modistin bringen.“

Der „Graue“ hatte vorn einen etwas ausgestellten, nach unten zeigenden Rand, weswegen Großvater ihn „Balkonshutt“ nannte. „Aber nicht ohne Feder auf dem Balkon“, meinte Großvater.

De „Balkonshutt“

Seine Frau überhörte solches Reden und brachte bei ihrem nächsten Gang zur Stadt den „Balkonshutt“ zur Modistin. Auf die Frage nach der Feder antwortete sie später: „Sie wird es schon richten.“ „Sie“ war die Modistin. In der Tat, nach einiger Zeit kam Großmuttter mit etwas verlegenem Stolz aus der Stadt zurück. In der Hand hielt sie eine weiß-rosa Hutschachtel, wie die feinen Damen mit Federhut. Die Schachtel stand dann auf dem Küchentisch und beim Öffnen war die Spannung groß. Feder oder nicht Feder? Großmutter hob den neuen alten Hut vorsichtig empor – und siehe, um den „Balkon“, war ein feines silbernes Band drapiert, das an der Seite nicht mit einer Feder, sondern mit einer dezenten, perlenbestickten Blume gehalten wurde. Es war sehr hübsch. Großvater fiel keine spöttische Bemerkung mehr ein, denn, so war es richtig und ziemte es sich für eine sittsame Lehrersgattin.

Mariette Leuck

D'Stréckesch

Gestréckt ass an all Haus ginn. 't hat een ëmmer eppes „an den Eisen". Fraen, déi dat besonnesch gutt konnten, hunn sech doraus e Verdéngscht gemaach, an hunn op Commande Strëmp a Pulloveren, Mutzen, Schalen an esouguer Händsche gestréckt.

Zwee riets, zwee lénks, ee fale gelooss ...

Eis Nopesch zu Réimech, d'Madame Kinnen, hat eng Mercerie. Se huet Ënnerwäsch verkaaft a Woll. Se konnt selwer gutt mat den Nolen ëmgoen, huet engem gär e Muster erkläert an esouguer beim Zesummebitze gehollef.

Als Hëllef hat si eng Stréckesch, d'Yvonne, déi alles konnt: Strëmp, Pullovere, mat an ouni Muster; d'Nole sinn nëmmen esou geflunn.

D'Yvonne huet sech jorelaang säi Liewen domat verdéngt. 't woar en Naturtalent, 't huet sech un alles ginn an 't ass him alles gelong. Hatt konnt esouguer auswenneg strécken an d'Mondwierk huet net chômëiert, bis gezielt huet misse ginn. Dann awer: „Roueg!"

Wësst Dir nach, wéi Strëmp op der Hand gestréckt ginn? 't ginn nach Leit, déi dat kënnen. Op de Veräinsbasare kann een der nach fannen. Mäi Mann seet nach haut: „Dat sinn déi bescht."

Simone Bonenberger

Et gouf näischt ewech gehäit.
Mat de Reschter Woll goufen Decke gestréckt.

Nanns Märri strickte immerfort

Nanns Märri wohnte mit ihrem Mann Pieri und einer Kinderschar in Eisenborn in einer Leibeigenenhütte, die es um 1920 noch gab. Die Hütte stand in der „Schnuddelgaass“, die damals nicht geteert war. Man kann sich vorstellen, wie sie bei regnerischem Wetter aussah: man konnte im Lehm schlittern. Von der Straße aus sah man Märris Bett an der Wand stehen, denn die Tür stand meist offen. Morgens schleuderte Märri mit großer Geste den Inhalt eines riesigen Nachttopfs in die Gasse.

Pieri ging jeden Tag von Eisenborn über Blascheid nach Lorenzweiler. Mit dem Zug fuhr er dann nach Dommeldingen zur Schmelz. Abends, wenn er auf dem gleichen Weg nach Hause kam, trug er ein 5-pfündiges Brot unter dem Arm. Das war Pieris „Geige“.

Um den Lohn ihres Mannes aufzubessern, strickte Märri für die ganze Gegend: Strümpfe, Socken, Pulswärmer, Knieschoner oder Fäustlinge. Dafür stand sie meistens vor dem Haus, das Wollknäuel in der Schürzentasche. Sie strickte automatisch, zog eine Nadel aus der Arbeit, kratzte sich hinter dem Ohr und strickte sofort weiter. Manchmal weidete sie auch die Ziege am Straßenrand, strickte immerfort, immerfort und unterhielt sich mit den Nachbarn oder einfach mit Passanten. Sie konnte auch lange ins Leere blicken, während ihre Hände weiterarbeiteten. Doch es entglitt keine Masche und Märris Arbeit war Qualität. Lesen und schreiben konnte sie nicht. Der Brieftäger las ihr die Post vor. Einen etwaigen Brief setzte der Lehrer für die auf. Dabei erkundigte sie sich pflichtgemäß nach dem Verhalten und den Fortschritten ihrer Kinder in der Schule.

D’Kanner hu vill gestréckte Saachen ukritt

Für diese Dienste „revanchierte“ sie sich und strickte für Lehrer und Briefträger besonders kunstvolle Socken und Fäustlinge.

„Ach ja“, sagte mein Vater. „Märris Arbeit war perfekt, doch sie nahm zu feine Nadeln und die Dinger „bissen“ und „kratzten“. Für den Brieftäger und den Lehrer nahm sie extra dünne Nadeln und strickte Zöpfe hinein. Die beiden aber beschwerten sich nie, für mich aber war allein der Gedanke an Märris gestrickte Zöpfe ein wahrer Albtraum.“
Aber Märri strickte weiter und weidete ihre Ziege bis sie nicht mehr konnte. Sie wurde in Ehren begraben.

Mariette Leuck

D'Wollfra

D'Wollfrae si vun Duerf zu Duerf gezu fir Woll ze verkafen. Verschiddener vun hinnen hunn och Woll gesponnen, anerer hu gestréckt an och nach hir Wuer verkaaft.

D'Mareikett vun Aasselbur

Die ledige alte Mareikett (Marie-Catherine) wohnte in einer Hütte am Waldrand. Den ganzen Winter spann sie Leinen aus Flandern und jegliche spinnbare Wolle der Tiere in der Umgebung. Sie spann für sich allein und für „ihren Handel", wie sie sagte. Sie bekam auch Aufträge. In den ersten Frühlingstagen packte sie ihre Garnstränge in eine große Kiste und ging in die Dörfer, um ihre seltenen Aufträge abzuliefern, neue aufzunehmen, und ihr eigenes Garn auf dem Markt zu verkaufen. Hier erstand sie dann graue und schwarze Strumpfwolle. Auf dem langen Heimweg begann sie bereits mit dem Stricken. Im Herbst brachte sie ihre Strümpfe und Socken auf den Markt nach Vianden und lebte so recht und schlecht von ihren Garnen.

Mariette Leuck

D'Wollfra huet dacks selwer gesponnen

Wenn die Wollfrau kommt

Ich erinnere mich noch gut, dass Kinder aus ihren Pullovern „herauswuchsen“, Strümpfe ab der Ferse neu gestrickt wurden und dass man überlegte, mit welchem Faden man die aufgetrennte Wolle längen könne, oder was daraus noch zu machen sei.

Vorher aber wurde das Strickstück in den Nähten aufgetrennt und aufgezogen. Die Wolle sah recht lockig aus, und die Stränge glichen fast wieder kleinen Schafen. Sie wurden gewaschen, tropfnass aufgehängt und zogen sich wieder einigermaßen gerade. Feine Qualität wurde in Tüchern eingeschlagen an die Luft gebracht. Waren die Knäuel wieder gewunden, so fiel die Entscheidung über ihre Verwendung. Manchmal lagen andere Reste auf dem Tisch, manchmal holte Großmutter ihre „Schatztruhe“ um zu sehen, was noch mit einzelnen Fäden zu machen sei. Manches Garn wurde auch zurückgelegt: „wenn die Wollfrau kommt“.

Sie war eine kleine Frau mit einem Koffer, oder je nach Wetter und Jahreszeit trug sie eine Kiepe auf dem Rücken. Hierin waren Wollstränge, meistens in Grau, Schwarz, Weiß, Dunkelblau oder Braun. Sie lagen nun neben den Knäueln auf dem Tisch und wurden aneinander gehalten, auf Festigkeit und Qualität geprüft. Meistens fand sich das Rechte und die kleine Wollfrau zog weiter – zu Fuß von Dorf zu Dorf.

Ich konnte damals nicht ausdrücken, was ich fühlte. Heute weiß ich: ich respektierte sie sehr. Und dieser Respekt sowie die Begeisterung für ihre Ware hält bis heute an.

Mariette Leuck

D'Nylonsstrëmpfléckesch

Nylonsstrëmp sinn e wichtegen Artikel an der Dammegarderobe. Déi éischt Strëmp haten nach eng Nout hannen an déi huet misse schnouerrit lafen, soss war de Chic fort. Natierlech huet och keng Rëtsch dierfen dra sinn. Wann dat awer geschitt war, ass d'Nylonsstrëmpfléckesch an de Asaz komm.

D'Strëmp waren déi Zäit nach deier an d'Flécken huet sech rentéiert. Tëschent 5 an 20 Frang huet d'Aarbecht kascht, je nodeem wéi vill a wéi laang d'Rëtsche waren. Haut wär d'Aarbecht méi deier wéi en neie Collant an duerfir gëtt net méi gefléckt.

Nom Krich goufen d'Nylonsstrëmp gefléckt

An hirer Stuff zu Réimech hat d'Madame Wahl op engem klengen Dësch bei der Fënster hir Ariichtung. Op en 10 cm héijen Zylinder ass déi Plaz gespaant ginn, wou d'Masch gelaf ass. Doniewt stoung eng kleng Luucht, fir gutt ze gesinn. Fir d'Maschen ze erfaassen hat d'Fléckesch e Stëft mat engem renge Crochet, deen elektresch bedriwwe war. Eng Masch no der anerer ass schéin exakt opgehuewen, eropgepickt a befestegt ginn.

Simone Bonenberger

Dat geet op keng Kouhaut

Preparatioun a Verschaffe vum Lieder

D'Fell vun den Déieren ass schonn ëmmer vum Mënsch genotzt ginn. Et war déi éischt Bekleedung an et ass gebraucht ginn, fir sech drop ze leeën a sech zouzedecken.

D'Hait koume vum Wëld (Réi, Fiiss, Wëllef an Huesen) a vum Bauerenhaff (Kéi, Kaalwer, Schof a Kanéngercher). Aus Déierenhait Lieder ze maachen, se sou ze verschaffen, datt et haltbar a flexibel ass, erfuerdert eng Kennschaft, déi sech duerch d'Jorhonnerte verbessert a perfektionnéiert huet.

Beruffer, déi mam Lieder ze dinn hunn, gëtt et der eng ganz Rei. Et geet natierlech u mam Bauer, deem seng Béischten d'Hait liwweren. Och de Schënner zitt den Déieren de Pelz of a liwwert en un d'Gierwereien. De Bëschmann notzt d'Eeche fir aus der Lou e wichtege Gierfstoff ze gewannen. Da sinn déi Leit, déi an de Gierwereien aus de Fell Lieder maachen. Zu gudder Lescht sinn dann déi drunn, déi d'Lieder verschaffen zu deem, wat de Mënsch brauch: Schong a Stiwwelen, Kleeder a Poschen, Schoul- a Schuppsäck asw.

De Louschläisser

De J.P. Schmit beim Louschläissen zu Lëllgen

Mat dem Gierfstoff aus der Eechelou si fréier d'Déierenhait traitéiert ginn, fir datt se net sollte faulen an zu Lieder konnte verschafft ginn.

De Louschläisser huet fir d'éischt déi kleng Äscht vun den Eechestämm mat der Kromm ewechgeschnidden, fir datt just nach den Haaptstamm iwwreg war. Dësen ass da mam Rësser vun uewe bis ënnen opgeschlëtzt ginn an duerno ass d'Schuel mam Louläffel lass gemaach an ofgeschielt ginn. Zum Schluss sinn d'Äscht mat engem Loukläpper oder Louhummer esou laang geklappt oder „geklëppelt" ginn, bis d'Schuel sech ganz geléist huet.

Déi ass um Buedem oder op hëlzene Staange gedréchent ginn. Duerno gouf se a Bëndele vu 25 kg (Loubierden) zesummegebonnen an un de Louhändler verkaaft.

Déi gedréchent Lou ass an de Loumille gemuel ginn, vun deenen et am 19. Jorhonnert ëm Wooltz eng Rei goufen. 1955, wéi d'Lou ëmmer méi duerch chemesch Gierfmëttel ersat gouf, huet déi lescht vun hinnen zou gemaach.

Wat ee brauch fir ze schläissen:
Akes, Louschlëssel, Kromm, Rësser

Ech schaffen nach heiansdo an der Louheck

Mer hunn zu Bauschelt gewunnt. Meng Elteren hate 5 Kanner an e klengt Bauerewiese mat 3 oder 4 Kéi. Donieft hate si 12 ha Louhecken an dat war hiert Haaptakommes.

Eng Louheck brauch 25 Joer bis se ka geschlass ginn. Mäi Papp hat a sengem Liewe verschidden Hecken, déi en dräimol schläisse konnt.

Mee oder Juni war déi beschten Zäit, am August ass d'Saaft nach eng Kéier zirkuléiert an da konnt een och nach eng kuerz Zäit schaffen. Wann d'Haaptaarbecht am Gaang war, huet mäi Papp mat Doléiner geschafft.

De Loun war kloer opgedeelt: De Papp krut d'Lou an eng Kouert Holz, all Doléiner krut 2 Kouerten Holz. D'Mëtteszopp hu se mat an d'Heck geholl, well si haten heiansdo e wäite Wee.

Eng Kouert Lou hat 6-7 Bierden. Eng Bierd war mat jonken Eechen- oder Spackelterseeler zesumme gebonnen, si war 1,80 bis 2 Meter laang an huet ongeféier 25 kg gewien. Dat war d'Lou vum Stamm. D'Lou vun den Äscht waren „d'Kaalwer". Déi Botte waren nëmmen ee Meter laang an dat klengt Holz ass gebraucht ginn, fir de Bakuewen ze hëtzen.

War d'Heck geschlass, sinn déi dënn Äscht kleng gemaach ginn, a Kéipercher, déi se och Brëschtercher genannt hunn, iwwert d'ganzt Stéck verdeelt, eng Grimmel zougedeckt, ugefaange ginn an da sickere gelooss ginn. Spéider goufen d'Äsche gläichméisseg iwwert d'Heck verdeelt, dat war den Dünger fir spéider. Sou war de Buedem gutt préparéiert, fir Kar drop ze séien.

Virun de beluedene Won goufen zwéin Ochse gespaant an dann ass d'Lou op Wooltz op d'Ideal oder op den Zuch gefouert ginn. Si gouf ganz gutt bezuelt. Esou e Won Lou hat ongeféier de Wäert vun engem Schaffpäerd.

Josy Deviscour

Louschläissen am Steekämmchen bei Wooltz

De Schënner

De Schënner (am Däitschen „Abdecker“ genannt) huet fréier de Bauereleit dat grousst Véi ewech geholl, wann et agaange war. En huet sech drëm gekëmmert, datt et op där richteger Plaz entsuergt gouf.

De Schënner huet iewer och dacks de verongléckte kranke Béischte gehollef, wann e Päerd e wéit Been hat oder eng Kou zevill Kléi gefriess hat an et geféierlech gouf, datt si duerch dee sëlleche Gas, deen an hirer Panz entstane war, hätt kënne „baschten“.

Sou gouf de Schënner praktesch als Véidokter betruecht an och nach gär „Knachen- oder Schankefléckert“ betitelt, well hien och fir gebrache Glidder zoustänneg war.

D’Leit waren och frou, wann de Schënner hinne selwer gehollef huet, wann si sech wéi gedoen haten, wann se eng Hand oder en Aarm verstaucht, e Knéi verrenkt oder de Réckstrank am „Jelli“ haten. De Schënner hat ëmmer seng Wonnersaleft prett, fir seng Patienten anzereiwen an ze masséieren. Zum Schluss huet en nach eng Plooschter op déi krank Plaz gepecht an de Leit nach en Dëppche voll där „staark wierzeger“ Saleft mat heem ginn, fir do den Traitement weider ze féieren.

De Schankefléckert

Dem Schënner seng gréisst Leeschtung war, wann en engem „Onglécksvull“ e gebrachenen Aarm erëm an d’Rei bruecht huet. Ech hunn dat selwer als Bouf vu 7 Joer ze spiere kritt.

Fir d’éischt huet en sech d’Saach emol ugekuckt an dann an aller Rou seng Hiemsärem eropgestrëppt. Duerno sot en zu mengem Monni, dee mech mat senger Päerdskutsch bei de „Schankefléckert“ bruecht hat: „Da pak mer dee Kärel emol fest un!“ Hien hëllt mäi kranken Aarm an zitt mat engem „Coup sec“ no vir, sou datt mir d’Dronkenelle bal ausgoungen. „’t ass näischt mäi Jong“, huet de Schënner mech getréischt. „Dat Schlëmmst hu mer schonn iwwerstanen. Kuck emol, wéi schéi riicht däin Aarm nees ass.“

Tatsächlech, déi ausgebëlzte Plaz u mengem Aarm war verschwonnen. A schonn huet de Schënner e mat senger Wonnersaleft ageriwwen. Duerno huet e schéi glat Holzlaten an eng Rull Léngeverband geholl a mäin Aarm konschtgerecht geschinnt.

Zum Schluss huet mäi rabiaten „Dokter“ e grousst wäisst Duch zu engem Dräieck gefaalt an als „Schlénger“ ëm mäin Hals geluecht. Do war mäi geschinnten Aarm gutt gehalen an huet net méi wéi gedoen.

André Hausmann

De Gierwer

Am 19. Jorhonnert goufen et bal am ganze Land Gierwereien. Fir ze gierwe gouf nieft der Lou vill gutt Waasser gebraucht, wa méiglech ouni Kallek. Dofir waren d'Lareien, wéi d'Gierwereien och genannt goufen, laanscht d'Flëss an d'Baachen ze fannen.

Zu Réimech am Burewee, nieft dem Wäschbur, steet haut nach dat aalt Gebai, an deem fréier eng Gierwerei war

Besonnesch am Éislek, zu Clierf, zu Veianen a virun allem zu Wooltz, hat sech dëse Secteur staark entwéckelt a war bis wäit iwwert d'Grenze bekannt. 1887 goufen et zu Wooltz 28 Gierwereien. Am 20. Jorhonnert hu verschiddener vun hinne sech zu Groussindustrië mat bis zu 1000 Aarbechter entwéckelt. Wéi 1961 déi lescht Gierwerei hir Dieren zougemaach huet, sinn 300 Joer Traditioun zu Wooltz op en Enn gaangen.

Och zu Feelen war laanscht d'Baach eng Larei

De Prozess vun der Déierenhaut bis zum fäerdege Lieder ass laang, an de Gierwer muss gutt Bescheed wëssen a seng Aarbecht genee maachen, fir eng gutt Qualitéit vu Lieder ze produzéieren.

Fir d'éischt emol ginn d'Feller ageweecht, gebotzt vu Fleeschräschter a vun Hoer. Duerno ginn se an enger Britt mat Kallek a Schwiewel ageweecht, an ëmmer erëm ausgewäsch. Dofir heescht dësen Deel vun der Gierwerei „Waasserwierkstat" oder „Bächen". Dobäi quëllen d'Hait op a kënne spéider de Gierfstoff gutt ophuelen.

Jee no Géigend an Traditioun ginn déi eng oder déi aner Gierfmëttel agesat. Bei eis am Land, a ganz besonnesch am Éislek, gouf bis an d'Mëtt vum 20. Jorhonnert nach mat de Schuele vun den Eeche gegierft. D'Fell ginn ofwiesselnd mat gemuelener Eechelou, déi regelméisseg erneiert gëtt, schichtweis a Grouwen, spéider och a Fasselen (hëlze Fässer), ageluecht. Am Fong vum Behälter ass nach eng Couche al Lou, mat enger Couche neier drop. Dorobber ginn d'Fell flaach eent op dat anert geluecht, mat all Kéier enger Couche neier Lou dertëschent.

Herno gëtt eng Britt mat Gierfstoffer drop geschott: Eechelou, Alaun, an/oder aner natierlech, spéider och chemesch Produkter. Dora bleiwen se jee no Déckt en etlech Woche bis e puer

Méint laang leien. Fréier, wéi nëmme mat Eechelou gegierft gouf, huet dee Prozess bei décken Hait zwee bis dräi Joer gedauert. Mat allerlee Zousätz a jee no der Déckt vun de Fell konnt déi Zäit op 5 bis 6 Méint verkierzt ginn.

Duerch dës Prozesser bleift d'Haut flexibel, si hält sech gutt, gëtt waasserdicht a resistent géint de Verschläiss.

Familljennimm wéi Gerber, Weissgerber, asw. weisen nach haut op d'Gierwen hin.

Dem Gierwer säin Handwierksgeschir waren emol fir d'éischt speziell Messere mat verschiddene Formen, fir d'Fleeschräschter an d'Hoer vun de Fell erofzeschappen.

Am weidere Verlaf gi besonnesch Maschinne gebraucht, fir d'Déckt, déi baussecht Säit – glat, rau, grainéiert – an d'Faarf vum Lieder ze beaflossen oder ze verännere.

Schéin al Holzstatue vun de Patréiner vun de Gierwer a Schouster stinn nach haut an der Dekanatskierch zu Nidderwooltz: den hellege Crispinus mat enger Foussmooss fir d'Schouster, an den hellege Bartholomäus mat engem Schappmesser fir d'Gierwer.

De Pelzsammler

De Pelzmann koum wéinstens eemol am Mount op sengem Vëlo duerch eis Strooss zu Diddeleng. Hien ass all puer Meter stoe bliwwen an huet haart geruff: „Pelze, Pelze!" Vill Leit hate speziell am Krich Kanéngercher fir hir Fleeschratiounen opzebesseren. Déi ofgezunne Pelzer koum hien dann asammelen an huet se géint Äerdegeschir agetosch. Mat den Hoer no banne gekéiert hungen d'Pelzer dann oft mat Blutt verschmiert u sengem Vëlo. De Pelzmann huet déi verkaaft an sech doduerch e puer Frang verdéngt.

Vicky Hengesch-Vuillermoz

Wéi mir Kanner waren, ass heiansdo e Pelzsammler duerch d'Strooss gaangen an huet gejaut: „Peaux de lapins, peaux de lapins". Hien hat esou e Bengel an dorëm hat hien tatsächlech Pelzer vu Kanéngercher. Hien huet d'Pelzer dann un eng Fabrik fir ze gierwen, eng Laërei, verkaaft. Hei zu Téiteng, wann der laanscht de Kierfech erof gitt bei d'Baach, do war ëmmer eng Laërei. Ech ka mech nach erënneren, et war e ganz grousst Gebai mat Basengen, an deenen d'Waasser vun der Baach geholl ginn ass, an do ass d'Lieder gegierft ginn.

Maria Lieners

Vu Wooltz aus an d'ganz Welt

An der „Schnellgerberei Ideal" zu Wooltz, wou zanter 1909 nom Prinzip vun der hydrodynamischer Chromgerbung – 1895 an Amerika erfonnt an entwéckelt – geschafft gouf, huet den eigentleche Gierfprozess just nach e puer Stonne gedauert. Déi traditionell Gierwereien, och Lareie genannt, wou de ganze Prozess vun der Preparatioun vun den Hait bis zum fäerdeg gefierfte Lieder ofgelaf ass, sinn ausgestuerwen. An domadder de klassesche Gierwer och. Op der „Ideal", wou an Zäite vun Héichkonjunktur bis zu 1400 Leit – Produktioun, Administratioun, Verkaf a Montage – geschafft hunn, war den Aarbechtsprozess op verschidde Gebaier verdeelt, a jiddwer Aarbechter hat nëmme méi mat engem spezifischen Deel vum Produktiounsprozess ze dunn.

Op der Ideal gouf d'Lieder awer och zu fäerdege Produkter weiderverschafft, haaptsächlech Rimmen: an der Fréizäit vun der Mechaniséierung gouf d'Bewegungsenergie iwwer Liederrimme vum Generator – Damp oder spéider Diesel – op d'Maschinnen iwwerdroen. 1913 huet d'Ideal mat engem Rimm vun 68 Meter Längt an 1,09 Meter Breet, deen a Béimen geliwwert a montéiert gouf, de Weltrekord gehalen. Fir déi Rimmen ze montéieren, si Leit vu Wooltz wäit an d'Welt eraus gereest.

D'Direktioun vun der Ideal koum aus Däitschland an aus dem Elsass. Et ware fortschrëttlech Enterpreneuren, mat enger sozialer Astellung vis à vis vun hire Leit.

D'Fielser „Biddeseecherten"

Gierwe war e Prozess, dee mat vill Nätzt a Gestank verbonne war. Dat kënnt och an engem Gedicht aus Däitschland zum Ausdrock, dat am Weißgerbermuseum zu Doberlug ze liesen ass:

In des Leders Werdegang ist die Hauptsach der Gestank.
Kalk, Alaun, Salz, Mehl, Arsen, machen's gar, recht weiß und schön.
Eigelb, Pickel, Hundeschiete geben ihm besondre Güte.
Drum ist es ein Hochgenuss auf den Handschuh zart ein Kuss.

A propos Hundeschiete: och de mënschlechen Urin ass am Gierfprozess agesat ginn. Sou war et an der Fiels de Brauch, datt d'Aarbechter hir (flëssig) Nout an eng Bidde gemaach hunn. D'Flëssegkeet gouf spéider bei der Behandlung vun den Déierenhait benotzt. An dofir kruten déi aus der Fiels den Numm „Biddeseecherten".

Déi verschidden Aarbechtsprozesser beim Gierwen, an der Gierwerei Ideal zu Wooltz, ëm 1952

D'Feller gi gebotzt vu Fleeschreschter an Hoer

An der „Bächen" ginn d'Feller ageweecht fir datt se quellen

Déi gegierften Haut gëtt maschinell gepresst

D'Lieder gëtt vun den „Opneelerten" opgespaant, fir weiderverschafft ze ginn

Bis ufanks vum 20. Jorhonnert gouf d'Lieder a Gierfgrouwe gegierft

An der Gierwerei Lambert, dem leschte Familljebetrib zu Wooltz ufanks vum 20. Jorhonnert: D'Lou gëtt gemuel

Beim chemesche Gierfprozess koum d'Lieder a Fasselen

Beim Lambert zu Wooltz ëm 1910



An der Ideal zu Wooltz ëm 1950

De Schouster

En Éisleker Schouster, den Néckel Weiler vu Pënsch

Vill Leit hunn de Schouster nach an Erënnerung, wéi hien an sengem klengen Atelier souz an do Schong an aner Liederwuere gemaach a gefléckt huet. Awer kaum nach ee weess, datt de Schouster, wéi vill aner Handwierker, och vun Duerf zu Duerf gezunn ass, fir seng Déngschter unzebidden. Seng „Schousteschbänk“, op där en an den Haiser geschafft huet, huet en ënnerwee um Kapp gedroen.

D’Schousterhandwierk war laang eng reng manuell Aarbecht, bei där mat vill Gescheck a Méi aus villen Eenzelstécker e Puer Schong entstan ass. Nom Opmoosse si ronn 20-30 Stonnen un engem Puer geschafft ginn.

Schouster, bou, bou,
fléck mer meng Schou,
schlo mer brav Neel dran,
datt ech gutt lafe kann.

Ale lëtzebuerger Kannerreim

D’Maschinnen hunn d’Aarbecht no an no méi einfach gemaach

Géint Enn vum 19. Jorhonnert ass dem Schouster seng Aarbecht duerch handbedriwwe Bitzmaschinnen ëm villes vereinfacht ginn.

D’Schongfabriken, déi am Ufank vum 20. Jorhonnert opkomm sinn, hunn awer lues a lues derzou gefouert, datt den Duerfschouster nach haaptsächlech fir Fléckaarbechten zoustänneg war. Et ass nëmmen d’Handwierk vum Orthopädie-Schouster, dee Schong op Mooss mécht, fir Leit mat gesondheetleche Problemer, dat iwwerlieft huet.

Mat dësem Instrument huet de Schouster d'Féiss gemooss

Ein ausgestorbener Beruf

Früher war der Schuster ein wichtiger Mann im Dorf. In der Regel hatte man zwei Paar Schuhe, die vom Schuster angefertigt waren. Die Sonntagsschuhe wurden aus Ziegen- oder Kalbsfell hergestellt. Für die Werktagsschuhe nahm der Meister ein großes Stück Rindsleder.

Zuerst wurde der hölzerne Leisten vorbereitet. Er mußte dem Fuß des Kunden entsprechen. Dann wurde der Schuhschaft, „Tiisch" genannt, aus dem Leder geschnitten, mit Löchern für die Schuhriemen versehen und auf der Nähmaschine zusammengenäht. Bei der mühsamen Arbeit, die nun folgte, hielt ein Riemen das Werkstück an die Knie des Schusters gepresst. Der Schaft wurde nun mit „Drotsenn" an die Sohle genäht. Dies war ein mit Pech verklebtes Flachsgarn mit einer Wildschweinborste am Anfang zum Durchdringen der vorgestochenen Löcher.

Der Schuster „pënnte" eine zweite Sohle mit Holznägeln an die Brandsohle. Anschließend nagelte er den Absatz darauf. Absatzende und Schuhspitze wurden durch Eisen verstärkt. Jetzt zog der Schuster den Leisten aus dem fertigen Schuh und raspelte die Holznägel von innen mit einer Feile ab. Es brauchte fast zwei Tage um ein paar Schuhe anzufertigen. Zum Flicken zog der Handwerker die Schuhe über einen eisernen Dreifuß, den er „Jeep" nannte.

Aus einem Schüleraufsatz von Irène Schroeder, Consthum, 5. Schuljahr, 1972/73

Schusterhary

In etwas ungelenken und dennoch künstlerischen Lettern stand es im Fenster: „Maître bottier". Dieser Titel war des Schusters ganzer Stolz: Schumacher- und gar Stiefelmachermeister konnte nicht jeder werden. „Ich mache Schuhe nach Maß, mit und ohne Senkel, mit und ohne Absätze, genau nach Wunsch", sagte Hary mit einem etwas nostalgischen Lächeln – und setzte neue Absätze auf einen Konfektionsschuh. Den aber nahm er fachmännisch auf die Maschine, dass die Funken sprühten. Dann prüfte er sein Werk mit dem Finger, hielt es gegen das Fenster, und neigte den Kopf kritisch zur Seite, zog die Brille auf die Nasenspitze zu einem letzten Gutachten. Dann stellte er die Schuhe auf das Regal, wo sie auf ihre Träger warteten.

Betrat man den Laden, so war Hary nicht immer sofort anzutreffen. Stets aber hörte man ihn im Hintergrund hämmern. Gewahrte er einen Kunden im Laden, so erschien er im Türrahmen, der Vorder- und Hinterzimmer trennte. Stets trug er seine Brille und eine blaue Schusterschürze. Mit einem verschmitzten, etwas listigen Lächeln erkundigte er sich nach dem Befinden und den Wünschen des Kunden. Er besah sich die Schuhe und wusste sofort, ob jemand es am Rücken hatte, oder ob er gar Fußprobleme, Hühneraugen oder Spreizzehen hatte. „Ja, ja, je nachdem muss ich die Sohlen heben, die Absätze ausgleichen, usw. Das ist eine fachmännische Sache", sagte Hary stolz und blickte nach der Schrift im Fenster.

Neben Schuhen, Leder und Leisten hatte Hary eine weitere Leidenschaft: die Pflanzen. Einmal erhielt ich eine Zitronengeranie, deren feiner Duft mich bis heute noch betört. Wenn ich die Blätter zwischen den Handflächen verreibe und mich über die zarte Pflanze freue, schnuppere ich den Duft von Leder und Schusterpech mit. Sie sagen mir immer noch, welche Liebe man zu seinem Handwerk haben kann.

Mariette Leuck

De Roger Duton,
de leschte Schouster vu Wooltz

„De Geroch vun neiem Lieder hat ech gären"

All Duerf hat säi Schouster, de Schouster huet Schong gemaach, a spéider natierlech och gefléckt, wann se futti waren. Da gouf en neien Tallek oder gläich eng nei Suel drop gepëscht a geneelt. Oder et koumen nei Kapen drop, wann déi al futti waren.

Sonndes Schong ... Wäertes Schong ... Wann d'Mamm oder soss een aus dem Haus Schong bei de Schouster bruecht huet, gouf et dacks och eng Causettchen, ouni datt de Schouster mat der Aarbecht huet missen ophalen. An der Stellage stong Lieder a verschidde Gréissten an Déckten: gréisser Stécker waren zesummegerullt a mat enger Ficelle zesummegebonnen. An de Këschte louchen Neel an alle Gréissten an Déckten. Nobäi stong d'Dëppe mam Läim, an och d'Dëppercher mat de verschiddene Beetzfaarwe stongen net wäit ewäch.

Am Schousteratelier war e ganz aparte Geroch: eng Mëschung vun neiem Lieder – dee Geroch hat ech gären – mee och vu Colle a vu Faref, wat e bësse méi an der Nues gepëffert huet.

Joss Scheer

De Schouster Nick vu Réimech

De Schouster Nick hat säin Atelier an enger Annexe niewent dem Haus. E woar ëmmer gutt gelaunt an zu alle Spiichte bereet. Wann en do souz, mat engem Himmerchen Neel anzeschloen, hu mir Kanner nogekuckt, och emol eppes gereecht, jee et woar gemittlech!

An de 40er Joren ënnert preisescher Besatzung ass den Nick mam Vëlo vum Tour komm. En hat déi gefléckte Schong zu Greiweldeng ofgeliwwert, nei Aarbecht um Gepäckdréier, an ass heemgefuer. 't woar Wanter an däischter Nuet. Zu Fouss huet en de Vëlo de Primerbierg eropgedréckt. Uewen ukomm klëmmt de Schouster op de Vëlo a léisst et luppen. Op eemol koum aus der Däischtert eng Stëmm: „Halt, halt. Ihr Licht geht nicht!" Eng preisesch Patrull wollt den Nick stoppen.

„Op d'Säit", rifft deen, „op d'Säit! Mein Bremse ginn och net!" A fort woar en. Um Staminet ass nach dacks driwwer gelaacht ginn.

Simone Bonenberger



Dem Schouster säin Aarbechtsdësch

Méchels neue Schuhe

Ganz früher wurde der rechte und der linke Schuh über demselben Leisten angefertigt; erst das Tragen gab jedem Schuh die gute, dem Fuß angepasste Form.

In der Zeit, als „Schouster Méchel" (Michel Dumong) Meister seines Fachs in Consthum war, kamen für rechts und links unterschiedliche Leisten auf.

Méchel hatte seinem Bruder Jousep ein Paar Schuhe nach der neuen Mode fertiggestellt. Jousep zog sie hastig an, ohne auf die kleine Neuerung zu achten, den linken Schuh an den rechten Fuß, den linken Fuß in den rechten Schuh. Dann machte er sich mit dem Nachbarn „Clos Franz" aud den Weg zur Lohhecke. Verdammt! Wie die neuen Schuhe drückten! So schlechte Schuhe hatte Jousep noch nie getragen. Er ließ seinem Ärger freien Lauf: „Eise Méchel hot mer awer Schung gemaach wéi eng domm Louder, deen ee weist rechts an deen annere links!"

Charel Schmit

Den Händschemécher

Zënter dem Ufank vum 19. Jorhonnert goufen et zu Lëtzebuerg scho verschidden Händschemécher. E puer grouss Fabriken a Stad a Land hunn hir Wuer an d'ganz Welt exportéiert.

Vill Leit hunn hei eng Aarbecht fonnt als Händscheschnidder oder Händschennéiesch, déi entweder an der Fabrik selwer oder vun doheem aus geschafft hunn. D'Fabrikhären hu gutt fir hir Leit gesuergt. D'Firma Albert Reinhard aus dem Stadgronn war eng vun deenen éischten, déi eng Pensiounskees an en Hëllefsfond fir hiert Personal agefuert hat.

De Bitzatelier an der Händschefabrik am Stadgronn

Am Stadgronn woar d'Händschefabrik

Aus feinem Lieder sinn do vu Fachleit d'Händschen zougeschnidde ginn. D'Grönneschfrae si se duer siche gaangen an hu se a gedëlleger Aarbecht zesummegebutt. Zréck an der Fabrik, goufen se da kontrolléiert. Eréischt wa kee Fehler fonnt ginn ass, krute si hiert Geld. Se sinn op d'Stéck bezuelt ginn.

En Honds-Kacka konnt och emol fir Opreegung suergen. An zwar dann, wann net kloer definéiert woar, viru wiem senger Dier e louch. Jidderee wollt en hunn. Firwat dann dat? Ma dësen Artikel hat speziell Eegeschaften, fir d'Händschelieder geschmeideg ze maachen. Am Gronn ass alles verwäert ginn!

Lotty Thyes-Geiershoefer, d'Enkelin vum Grënner vun der Händschefabrik Albert Reinhart an d'Schwëster vum leschte Propriétaire

Dat imposant Gebai vun der Händschefabrik Reinhard am Gronn, ëm 1928

Aus: Illustrierter Hauptkatalog – Kaufhaus des Westens, 1913

D'Händschebitze war eng exakt Aarbecht

Fir d'Händschefabrikatioun gouf nëmme bescht wäisst Lieder (chevreau) gebraucht. Mat deene kriddelegen Händschefeller huet de Coupeur misse mat Gefill ëmgoen. Si goufen an d'Napp (e fiicht Stéck Léngent) ageschloen an duerno op der Marberplack gebreet. Mat engem schaarfen Dollmesser si se gedollt ginn, dat heescht déi bannewänzeg Säit vum Fell gouf propper ofgeschappt. (...) Da sinn d'Feller depzéiert ginn. De Pidoir (Miess-Staf) huet di richteg Moosse gewisen, an elo goufe se mam Bordéiermesser erausgeschnidden. Dobäi war opzepassen, datt méiglech wéineg Enlevuren entstane sinn an nëmmen abiméiert Lieder-stécker mat Rëss oder Fissuren an den Offall koumen. (...)

D'Händschen hunn nach misse gebutt ginn. Ier d'Maschinnen an de Fabriken dat iwwerholl hunn, souzen d'Händschennéideschen doheem an hu mat vill Gedold d'Händsche gebitzt. (...) D'Händschebitzen ass eng exakt Aarbecht gewiescht, fir déi ganz fein Nolen néideg waren. Jonk Meedercher, di nach hir éischt Aen haten, sinn am beschten dermat zewee komm.

Virun annerhallef Jorhonnert si bei äis um flaache Land an den Ielewuersbuttecker wéineg Händsche verkaaft ginn. Den Händschemécher hir Konnschaft war gemenkerlech an der Stad doheem.

Aus: Aus aler Zäit, Fernand Lorang, Editions Saint-Paul, 2003

De Suedler

Päerd goufen et iwwerall, ob als Kutschendéier an der Stad oder als Schaffpäerd um Land. D'Suedler waren duerfir gefrote Leit. Besonnesch do wou d'Postkutschen Halt gemaach hunn, war et wichteg, datt de Päerd hiert Geschir op der Plaz konnt ënnerhale ginn.

De Suedler huet Zamgeschir gemaach an och gefléckt. Um Duerf huet de Schouster dacks och d'Aarbecht vum Suedler gemaach. A gréisseren Uertschaften hat de Suedler säin eegene Betrib. Do hat e jo och méi ze dinn: mat den Herrschaften hire Gespaner, mat de Fouerleit hire Päerd an Uessen, asw.

D'Handwierksgeschir vu Schouster a Suedler war nobäi dat selwecht: Schéier a Messer fir ze schneiden an ze verbotzen, Nole fir ze bitzen, eng Zaang fir Lächer ze pëtzen, a Pinselen a Biischte fir d'Lieder ze fetten an ze fierwen.

Fir e komplette Suedel ze maachen, do huet ee mussen eppes kennen. Wa mer haut soen „Dat geet der wéi der Kou de Suedel", da passt iergend eppes guer net bei deen, deen et dréit. Sou wéi wann e Suedel net richteg um Réck vum Reit- oder Zuchdéier läit.

De Suedler huet de Päerd hiert Zamgeschir gemaach

De Suedler huet am Wanter dacks säin Atelier verlooss, fir bei de Baueren doheem ze schaffen. Well an de Wanterméint d'Päerd net esou vill um Feld gebraucht gi sinn, konnten d'Geschir an d'Suedelen an där Zäit gefléckt ginn.

Hunn d'Päerd en neie Kieler gebraucht, dann huet de Suedler mam Woner a mam Schmadd zesummegeschafft. De Woner huet en neit hëlzent Jach (dt. Joch) gemaach an de Schmadd huet fir déi néideg Beschléi, Kettekrämp a Réng gesuergt. Dat liedert Kielerkëssen huet de Suedler da mat Stréi ausgepolstert a duerno zougebitzt.

De Suedler konnt net nëmmen d'Lieder wonnerbar verschaffen, hie war och en Expert am Trëtzeflechten aus Päerdshoer a konnt aus Messing schéin Dekoren oder Initiale fir d'Päerdsgeschir schloen.

De Suedler huet awer net nëmmen als klengen Handwierker geschafft. Och an der Industrie, a besonnesch an der Stolindustrie war säin handwierklecht Kënne verlaangt.

Erënnere mer eis, dass virun net ze laanger Zäit d'Iwwerdroe vu Kraaft meeschtens durch Transmissiounsrimme geschitt ass, an dat war dem Suedler seng Domaine. An enger grousser Schmelz hunn dës Rimmen deeglech ënnerhalen a reparéiert misse ginn an et sinn och neier gemaach ginn. Sou hat déi Déifferdenger Schmelz HADIR e Suedleratelier an deem 2-3 Mann geschafft hunn; ee geléierte Suedler an een oder zwee Hëllefsaarbechter.

E mechanescht Messer mat deem de Suedler Rimmer aus dem Lieder geschnidden huet

De Fox kritt neit Geschir

Wi de Saadler fäerdeg war mat senger Konscht, koum de Bauer kucken. De Fox stoung elo voll ugeschiert bei der Stalldier. E war net nëmmen e bëssen houfreg op di nei Rimmen, Gitten a Guerten, huet zefridde mam Huff geschäert a genësserlech um Brädel (Trense) geknat. (...)

De „Monni beim Haus", dat e Flautert war, huet dem Fox d'Päerdskap mat deenen zwee Oueren opgesat, di de Saadler aus gielem Segelduch genéit hat, fir dem Päerd am Karschnatz d'Mécken an d'Bäle vum Kapp ze halen. „Kuck", sot de Mononk schellemzech, „lo gläicht de Fox eiser Kusinn aus der Stad, wa se ‚a Suedel an Zam', an hirer houbeschter Montureng, mat vollem Hënnergeschir an neiem Paräisser Summerhutt, op d'Kiermes an d'Duerf kënnt."

Aus: Deemools, Deel II, Fernand Lorang, Editions Saint Paul, 2004

D'Matrasse ginn erneiert

„Sou geet et net méi", sot meng Mamm, „eis Matrasse mussen opgemaach ginn an no de Ressorte muss gekuckt ginn." D'Ressorte woare schwéier Gesteller, an déi nei Spiralen agesat gi sinn. Dës Aarbecht huet de Suedler op der Plaz gemaach.

D'Matrasse sinn awer mat ewech geholl ginn. Den Här Sadler ass mat enger zweeriedeger Koar komm an huet d'Matrass opgelueden, fir bei sech am Atelier ze schaffen. Fir d'Steppdecken ze erneieren, huet den Här W. d'Woll mat enger Maschinn opgerappt.

Säi Beruff woar Suedler, d.h. en huet Päerdsgeschir, Gurten, Scheiklappen a wat nach derzou gehéiert huet gemat a gefléckt. Wéi d'Traktere komm sinn, Enn der 50er Joren, sinn d'Päerd um Bann ëmmer méi rar ginn, an de Suedler hat keng Aarbecht méi. Nëmmen den Doudewon ass nach vun de Päerd gezu ginn.

Simone Bonenberger

Den Norbert Sadler ass Suedler an huet nach haut säin Atelier zu Diddeleng. Säin Handwierk huet hie beim Här Mohr geléiert, deen an eiser Niddeschgaass (haut Rue G.-D. Charlotte) e Poschegeschäft hat. Fir seng Meeschterprüfung huet hien e Kuerf, e Portefeuille an eng Mapp misse maachen.

Den Numm Sadler erënnert u Suedler oder Sattler. Ee vu senge Virfueren hat bestëmmt dat selwecht Handwierk ausgeübt.

Vicky Hengesch-Vuillermoz

Wou gehuwwelt gëtt, do fale Spéin



Den Néckel Gleis vu Konstem

Verschaffe vum Holz

Zu Lëtzebuerg goufen et ëmmer scho vill Bëscher an d'Holz war e wichtegt Brennmaterial, dat nach laang geholl gouf fir doheem d'Kachmaschinnen ze fidderen an d'Iewen ze hëtzen. Et war awer och d'Matière Première fir verschidde Wirtschaftszweiger:

D'Beem si vun de Bëschaarbechter ëmgeluecht an zum Deel schonns op der Plaz verschnidde ginn. D'Kuelebrenner hunn an hire Kuelemeiler d'Holz zu Kuel gebrannt, déi se am 18. an 19. Jorhonnert haaptsächlech un d'Eisenindustrie verkaaft hunn.

D'Bamstämm, déi vun den Dilleschneider an Zammerleit, a spéider an de Seeëreien zu Dunnen, Dill a Brieder verschafft gi sinn, hunn d'Material geliwwert, ouni dat vill Handwierker net hätte kënne schaffen: Zammermann, Schräiner, Drechseler, Woner, Kéifer, asw.

Am 19. Jorhonnert gouf et am Syrdall tëschent Manternach a Mertert eng Holzmillen, an där virun allem Fichtenholz gemuel ginn ass, fir an der Pabeierfabrik tëschent Wecker a Manternach verschafft ze ginn.

Mir däerfen och net d'Eechenhecke vergiessen, déi d'Bild vum Éislek nach haut prägen, an déi e wichtege Lieferant vu Lou fir eis Lieder-industrie waren (méi doriwwer am Kapitel *Lieder*).

De Bëschaarbechter

Wann an engem Gemengebësch eng „Coupe“ fälleg war, gouf et eng ëffentlech Ausschreiwung fir Leit ze fannen, déi dës Aarbechte maache sollten. De Fierschter krut den Opdrag, sech duerno ëm déi praktesch Ofwécklung vun där „Entreprise“ ze këmmeren. Wann net genuch Leit sech an der Gemeng gemellt haten, huet de Fierschter Männer aus dem Duerf kontaktéiert, déi Zäit, déi néideg Kraaft a Wëssen haten, déi schwéier Aarbecht unzehuelen.

Wann de Wanter erbäikoum, hunn d’Bëschaarbechter Eescht gemaach. Fir d’éischt huet ee vun hinne mat engem Päerdsgespan dat néidegt Geschir op d’Plaz gefouert: e puer Drummseeën, Aaxten, Eiseweck (Käiler), e puer Schloen, Seeler, Himmer a Feile fir d’Seeën ze schläifen an eng laang Stang mat engem Krop un der Spëtzt.

Och deemools kruten d’Leit ënnert d’Äerm gegraff…

Fréier huet d’Holz nach d’Haaptroll gespillt, fir d’Haiser ze hëtzen. An deene meeschten Haiser stung nëmmen een Uewen, an zwar d’Kachmaschinn an der Kichen, wou haaptsächlech Holz, heiansdo och eng Brikett, verbrannt gouf. D’Gemengeverwaltungen hunn derfir gesuergt, dass d’Bierger genuch Holz zu soziale Präisser aus de Gemengebëscher kënnte kréien. Duerfir ass all Hierscht eng „Coupe“ an engem Gemengebësch organiséiert ginn.

Deen anere Moien – et war nach net ganz hell – huet d’ganz Bëschaarbechterequipe sech zu Fouss op de Wee gemaach, fir op hir Aarbecht ze kommen. Do sinn d’Beem genee ënnersicht ginn, fir déi ze fannen, déi vum Fierschter markéiert gi waren. Si hu verdäiwelt gutt missen uecht doen, datt se keen Exemplar géifen ëmleeën, dat net virgesi war.

Deen éischte Bam, dee se ëmleeë wollten, hu se nach eng Kéier mat Kennerbléck gemustert, fir ofzeschätzen, wouhin dee Koloss d’Tendenz hätt ze falen. Op där Säit gouf elo mat enger Aaxt en déiwen Aschnëtt an de Stamm gehaen. An där Zäit hunn déi aner Aarbechter d’Beem an der Noperschaft no dieren Äscht ofgesicht. Si hu mat der laanger Staang mam Krop drun mat hirer ganzer Kraaft gezunn, bis d’Äscht mat engem gewaltege Ploufert op de Buedem gefall sinn. Sou war d’Gefor gebannt, dass en dieren Aascht kënnt wéi e Feil ewechfueren, wann dee gehaene Bam zoufälleg an déi Richtung fale géif.

Wann den Aschnëtt an de Bam déif genuch war, hunn aner Aarbechter sech zu zwéin an zwéin ofgewiesselt, fir mat der Drummsee de Bam un d'Ëmfalen ze kréien. Op eemol huet dee gewaltege Ris sech zu enger Säit gelooss. Elo war et héich Zäit fir déi zwéi Seeër, sech a Sécherheet ze bréngen. Si hu sech ewech gemaach, haten iewer ëmmer deen zum Doud veruerteelte Ris am Aen, fir festzestellen, ob e sech net onverhofft an eng aner Richtung dréie géif. Mat Donner a Gekraachs ass e schliisslech um Buedem opgeschloen.

Lo goung eng intensiv Aarbecht un. Fir d'éischt goufen d'Säitenäscht erofgeseet. War de Stamm schéi riicht gewuess, huet de Fierschter e markéiert, fir e kënnen un eng Schräinerei ze verkafen. Wann dat net de Fall war, gouf de Stamm a Stécker vun engem Meter Längt geschnidden, duerno mat de Weck gespléckt an dann op e Stouss geluecht, deen zwéi Meter laang, ee Meter breet an ee Meter héich war. Dat war dann eng Kouert Holz. Et goufen iewer och méi kleng Kéip opgeriicht, déi an all Richtung nëmmen ee Meter gemooss hunn a Ster genannt goufen.

Wann d'Aarbechter dat déckt Holz a Kouerten a Ster placéiert haten, bloufen nach kéipweis laang Aaschtenner iwwreg. Déi sinn dann op mächteg Kéip getässelt an am Fréijoer op der Holzstee mat dem Brennholz versteet ginn. Un den Amateure fir déi Kéip huet et net gefeelt, well et war ëmmer e gutt Geschäft. Natierlech huet keen d'Aarbecht dierfe fäerten, well se selwer déi Kéip Holz hu misse verschaffen. Déi kleng Reiser goufe vun deenen nach bal

Zwee Aarbechter schaffen ëmmer zesummen, fir mat enger Drumsee e Bam ëmzemaachen

Wann de Bam ëmläit, ginn d'Äscht ofgeseet

aarmdécken Äscht mat enger Aaxt oder enger Kromm erofgehaen a mat Drot zu Fäschen zesummegebonnen, fir se heem ze transportéieren. Déi si gebraucht ginn, fir moies d'Feier an der Kachmaschinn an am Kolonnenuewen an der Stuff unzefänken. Déi gebotzten Äscht, déi duerno iwwreg bloufen, sinn a Stécker geseet ginn. Dat war meeschtens nach eng ganz Kouert Holz.

Wann d'Bëschaarbechter am Fréijoer hir interessant Aarbecht fäerdeg haten, si se nach an e Bistro gaangen fir den Hunn ze feieren. Si hunn sech d'Ham, déi e Bauerejong besuergt hat, gutt schmaache gelooss an och dem Béier äifreg zougesot.

Op enger Holzstee

Den Ausriffer huet eng Kouert no där anerer ugebueden, an d'Leit hunn drop gesteet „zu frecks". D'Kouert gouf um Enn deem zougeschloen, deen am meeschte gebueden huet, also dat lescht Wuert behalen hat. Am flottste gezunn ass d'Bichenholz, et war dat bescht Brennholz an duerfir och am deiersten.

Mä och Eechenholz gouf feelgebueden. Dat gouf gewéinlech vu Bauere gesteet, déi an hirem Betrib nach eng Brennerei haten. Well kniedegt Eechenholz war apparti gutt, fir de Brennereisuewen op der richteger Temperatur ze halen.

Zu spottbëllege Präisser sinn um Enn d'Holzstäck versteet ginn. E Stack war den ënneschten Deel vun engem ofgeseete Bamstamm, deen nach mat de Wuerzelen am Buedem stouch. Et war natierlech eng Heedenaarbecht, fir esou e Stack aus dem Buedem erauszekréien. Meeschtens hunn d'Bëschleit e Lach ënnert de Stack gebuddelt an eng Charge Polver dragestëppelt. Et gouf eng Wick ugefaangen an eng Flämmchen ass hir nogaange bis bei d'Polver. Mat engem Kraachert ass de Stack dann aus dem Buedem gerass ginn. Mat Eiseweck an enger Schlo gouf de Stack verschafft, bis en a giedleche Stécker do louch. Duerfir hunn d'Holzhäer gesot, un engem Stack kënnten si sech zweemol wiermen: eng Kéier, wa si e kleng maachen an eng zweete Kéier, wa si en am Uewe géife verbrennen. Well dat fest Holz vun de Stäck huet tatsächlech besonnesch gutt gehëtzt

André Hausmann

D'Bëschaarbechter hunn d'Bamstämm mat hiren Initiale markéiert ier se de Bam ëmgehan hunn. Dofir haten se eng Aaxt mat, op der Säit vum Hummer, hirer Maark.

Als Bouf hunn ech de Stäckmécher nogekuckt

D'Holz war deier. Duerfir huet de Fierschter deene Leit, deenen hire Portemonni net esou déck war, d'Erlaabnis ginn, d'Holz vum Stack vun engem ofgeseetene Bam ze huelen. Dat war extrem gutt Feierholz, mee d'Wuerzele vun esou engem Bam si meterdéif an de Buedem gaangen, an et war eng Knachenaarbecht fir dat Holz eraus ze huelen. Elo war et am Minett esou, datt bal all drëtten an der Galerie geschafft huet, folglech also och Zougang zu Sprengstoff hat.

Staark Männer si mat allerlee Geschir an de Bësch gaangen, fir „Stäck ze maachen". Fir d'éischt gouf de Buedem ronderëm de Stack mat Pioche a Schëpp ewech geholl. Dann ass den Expert, de Galeriesmann, mat engem décken Handbuer an Aktioun getrueden. Genee op der richteger Plaz huet hien e Polferlach bis an d'Mëtt vum Stack gebuert, eng ustrengend Aarbecht, déi Stonne gedauert huet. Dann huet hien, vu jiddwerengem bewonnert, ganz delikat de Sprengstoff „Luxite" an d'Buerlach gestoppt. De gréissten Zukunftswonsch vun eis Bouwe war deemools net Pilot, Lokomotivführer oder soss eppes ze ginn, neen, Sprengmeeschter fir e Stack an d'Lut ze joen.

Duerno ass dat Ganzt mat enger Wick a mat engem Détonnateur verbonne ginn, an d'Buerlach fest mat Buedem zougestoppt ginn. Endlech de sakralen Akt! Den „Offiziant" huet sech eng Zigarett gedréint an d'Zigarett an d'Wick ugefaangen. „Gare la Mine", huet e geruff an alleguer si mer 30 bis 40 Meter hannert e Bam eis verstoppe gaangen. No der Explosioun sinn d'Fatze vun de Wuerzelen a vum Stack duerch d'Lut geflunn an et gouf ganz roueg am Bësch, kee Villchen huet sech méi geréiert.

Da sinn d'Männer virsichteg bei de Stack kucke gaangen an hunn opgepasst, op net en Aascht vun engem Bam kéint eroffalen. De Stack, deen nach gedämpt huet, war ausenaner gerass, an d'Wuerzele meterdéif aus dem Buedem gerappt. Elo ass am Fong geholl déi schwéier Aarbecht eréischt ugaangen. De Stack selwer huet sech zimlech liicht mat der See zerklengere gelooss. D'Wuerzele par contre ware steenhaart an et huet Deeg gedauert, bis dat Ganzt an handlech Stécker geschnidde konnt ginn.

Mär Bouwe waren entretemps scho mam Handweenchen erbäi komm, an dann ass dat wäertvollt Holz am Triumph heemgefouert ginn. Et huet schonn e puer Luedunge gebraucht, bis dat ganzt Holz sécher am Keller oder hannert dem Haus war.

E gudde Stack huet bal eng Kouert Feierholz duergestallt, Holz, dat eng vill besser Qualitéit wéi dat gewéinlecht Holz hat. Et huet näischt kascht, mee et war mat vill Arbecht a vill Schweess verbonnen. Mär Bouwen hunn deemools och gesinn, wéi schwéier eis Pappen hu misse schaffen, fir datt d'Mamm Holz hat, fir d'Kachmaschinn ze hëtzen. Esou hu mär schonn e bëssen um richtege Liewen deelgeholl, an et deet mer nach haut, wou ech scho Grouspapp sinn, net leed.

John Weber

Wa mat der Aaxt geschloe gouf,
huet et wäit duerch de Bësch geschaalt

Ech ka mech nach gutt un d'Bëschaarbechter erënneren

Noch bevor die Morgenglocke läutete, im Dunkel der Nacht, hörten wir Schritte auf dem Weg. Schwere, genagelte Schuhe hämmerten den gefrorenen Boden und tiefe Stimmen raunten manchmal ein paar Worte. Vielleicht glühte auch eine Zigarette. Dies waren die Waldarbeiter. Sie gingen zu Fuß zu ihrer Arbeit. Wer besonders aufmerksam war, konnte das Aneinanderreiben der Samthosen beim Gehen hören. Oder es klirrte leise ein Topfdeckel. Die Männer nahmen nämlich ihr Mittagessen mit, das sie auf einem Feuer wärmten. Meistens enthielten die Töpfe oder Dosen Kartoffelsuppe, „de Gromperebulli".

Später, bei Tagesanbruch, hörten wir das Schlagen der Beile, das Stürzen der Bäume und manchmal, je nach Windrichtung und Entfernung, den Rhythmus der Sägen. Gegen Mittag oder am späten Morgen roch der Wald nach Feuer, bei klarer, kalter Luft stiegen kleine Rauchwolken auf. Nach dem Läuten der Mittagsglocke wurde es dann ein wenig still. „Si si beim Bulli", sagten die Leute im Dorf. Doch bald hörten wir Beil und Säge wieder, bis die Sonne unterging. Dann hämmerten die Nägel der Schuhe auf dem Weg, in der anderen Richtung, nach Haus.

Das Rezept des „Gromperebulli":

- *Kartoffeln schälen und kochen bis sie leicht zerfallen.*
- *Brot schneiden und in den Topf geben.*
  Alles zusammen köcheln lassen.
- *Speck auslassen und über die Suppe gießen, dass es zischt.*
- *Gut umrühren.*

Versuchen Sie es, es schmeckt herrlich.

Mariette Leuck

Bullitopf.
Oft war der
Deckel mit einer
Schnur an dem
Henkel befestigt
Eine weitere
Schnur diente
als Tragen.
Manche Arbeiter
hatten auch
spezielle Dosen

De Kuelebrenner

Ëm 1800 war d'Holzkuel dee wichtegste Brennes vun der Eisenindustrie zu Lëtzebuerg. Scho fréi war d'Technik bekannt, fir aus gedréchentem Holz Holzkuel ze maachen, déi e ganz héije Brennwäert huet. Hei am Land gouf et keng Kuel, duerfir awer genuch Holz aus de Bëscher, dat op déi Manéier konnt verschafft ginn.

D'Holzkuele si vum Kueleschoupert, wéi de Brenner och genannt gouf, produzéiert ginn, deen sech duerfir deeglaang am Bësch an enger provisorescher Brak néiergelooss huet fir säi „Kuelenhaf" Dag an Nuecht am A ze halen.

D'Holzkuele goufen am Bësch vun de Kuelebrenner gebrannt. (...) Si hu mat de Kupphär, di d'Schmëttebarongen an de Bësch gescheckt haten, di richteg Beem ausgesicht fir de Brandkoup. Et sinn haaptsächlech Esche gewiescht, Steeneechen, Dännebeem a Bichen. (...)
De Kuelebrenner huet lo gewisen, wat hie konnt. No ënnen ëm de Fouss hat de Koup eng ronn Basis, déi uewenzeg an eng Spëtzt ausgelaf ass. Iwwer dat ëmsichteg getesselt Schädholz huet de Kuelebrenner „de Mantel" geluet. Dat wor eng déck Kusch aus schwaarzem Bëschbuedem a feiersécherem Wisewues. Et koum keng Loft méi un den Holzbrand, dee keng Flame krut. D'Holz huet nëmme gegloust a gesautert a lues gesiddert.
De Kuelebrenner huet elo säi Koup ugestach. Dat ass am Fong vum Koup geschitt, wou e Feierlach ausgespuert war, aus deem de Brand an en Zochlach geschloff ass, vu wou d'Hëtzt sech dann ouni ze flamen, bis an d'Mëtt vum Koup eragefriess huet. Dat oppent Feierlach gouf mat Leem a Bamlaf hermetesch zougestoppt. Am Koup huet et gekréckelt a geknackst („en huet geschwat"). Den Damp goung a schwéiere Walen an d'Lut, an et huet iwwerem Bësch no Brand geroch. D'Baueren, di baussent dem Bësch hir Stécker geplout hunn, soten: „Dem Kueler säi Koup richt. Et bleift gutt Wieder." (...)
Ronn siwen Deeg nom Ustach ass d'Feier am Koup no an no ausgaangen. Da gouf en ofgedeckt a mam Stackhäl ausenaner gezunn. Di déck Holzbléck si kuelschwaarz an dréche gewiescht wi Gapp. D'Feier hat se zu Holzkuel gebrannt.

Aus: „Aus aler Zäit", Fernand Lorang, Editions Saint-Paul, 2003

Déi grouss Stécker Kuel ware fir d'Héichiewe bestëmmt. Schonn éier d'Eisenindustrie am Minett floréiert huet, goufen et Mëtt vum 19. Jorhonnert zu Stengefort, Simmer, Berbuerg, Rolleng, Biissen, Kolmer-Bierg, Fëschbech, Aansebuerg, Dummeldeng an um Grondhaff Schmelzen, déi mat Holzkuel befeiert goufen.

Fir den Transport an d'Schmelze war de „Kueleschuppert", zoustänneg, deen op dës Manéier dem „Kueleschoupert" seng Wuer verdeelt huet.

Déi méi kleng Stécker Kuel si vun den Handwierker an de Privatleit verwäert ginn.

Deemools hunn d'Kuelebrenneschfrae mat der Stoussbier (Schubkarren) Holzkuelen an d'Stad gefouert, fir se do als Gängelesch vun Dier zu Dier ze verkafen. Wann d'Kuelefra mat der Kuelenhatt um Bockel an d'Strooss koum, soten d'Leit: „D'Kulesuss ass do! Lo gëtt et Brennes." Mä och d'Streckeschen an d'Schneideren haten déi Zäit fir hir Streckeisen Holzkuelen néideg, an d'Holzkuelestëfter fir ze zeechnen, brauche mer jo nach haut.

Aus: Aus aler Zäit, Deel III, Fernand Lorang, Editions Saint-Paul, 2006

Den Dilleschneider

Ier et déi elektresch oder déi mat Damp gedriwwe Seemaschinne gouf, hunn d'Dilleschneider d'Brieder, d'Dill an déi verschidde Stécker fir d'Gespär aus de Bamstämm mat der Hand geschnidden. Et war eng ustrengend Aarbecht, bei där kee räich ginn ass. D'Dilleschneider si bei d'Leit heem komm oder hunn am Bësch, do wou d'Beem gehae gi sinn, geschafft.

Fir d'Bauere war et wichteg, ëmmer genuch geschniddent Holz fir Bau-, Reparatur- oder Schräineraarbechten bei Hand ze hunn. D'Holz haten se meeschtens aus hiren eegene Bëscher. Fir et ze schneiden, hu si dann den Dilleschneider komme gelooss.

De Georges Haentges, Schoulmeeschter zu Wëlwerwooltz vun 1923 bis 1935 beschreift d'Aarbecht vun den Dilleschneider an der Brochure „Der Kischpelt" esou:

„Es mußten zur Ausübung dieses Handwerks immer zwei Meister sein. Ein kräftiger Balken, an dessen einem Ende zwei kräftige Beine angebaut wurden, während das andere den Stützschwanz bildete, diente als Tragbock. Darauf wälzten sie die von der Zimmermannsaxt vierkantig behauenen Baumstämme, banden sie mit starken Ketten fest, zeichneten mit geschwärzter Schnur die einzelnen Bretterbreiten vor und begannen dann zu sägen. Ein Dielmetz stand hoch oben auf dem zu zerspaltenden Baumstamme, zog die Säge hoch, während sein Kollege unten meist breitbeinig sich aufstellte und fortwährend nach oben blickend das grobgezahnte Sägemesser abwärts zwang."

D'Dilleschneider waren ëmmer zu zwee

Keramikplack vum Charel Schmit

D'Dilleschneider aus dem Dickcheshaus

Vor etwa 100 Jahren, als Pfarrer Fallize die Pintscher Pfarrkirche vergrößern und umbauen ließ, wurden große Mengen von Brettern und Kanthölzern aller Art gebraucht. Ein Teil davon wurde in unserem Dorf geschnitten vom Wagner Néckel Haas und seinem Schwager aus dem Dickcheshaus.

Tagelang führte Néckel, der Obermann, die Säge der schwarzen Markierung nach und zog sie zu sich empor, sobald Philipp alle Sägezähne unten hatte.

Néckel hatte 9 Kinder, Phillip 8; da hieß es sich schinden und karg leben. Man erzählt, die beiden seien keineswegs bedrückt gewesen, sie hätten sogar zu ihrer Arbeit Lieder gepfiffen.

Aus: Luxemburger Marienkalender, Charel Schmit, Imprimerie Saint-Paul, 1986

Den Holzschnidder

De Mettehoven Pierre an de Cordier J.P. mat hirer Seemaschinn

Bis ëm 1920 konnt een nach mueres Holzschnidder an de gréisseren Uertschafte gesinn, wéi se mat Bock, See, Beil an Hatt um Wee bei déi Haiser waren, virun deene sech e Koup Holz getiirmt huet. Dës kräfteg Männer hunn d'Holz kleng gemaach, fir dass et an d'Kachmaschinn oder an de Kolonnenuewe gepasst huet. Mat hirer Hatt hu se et dann op de Späicher oder an de Keller gedroen.

Lues a lues huet sech awer och an dësem Aarbechtsprozess d'Seemaschinn ëmmer méi duerchgesat. Déi déck Baueren an den Dierfer haten hir eege Seemaschinn, fir d'Brennholz fir de Wanter ze schneiden. Déi einfach Leit allerdéngs, an déi, déi net vun der Landwirtschaft gelieft hunn, waren op de Seemaschinnsmann ugewisen, deen, am Fréijoer an oft bis an de Summer eran, mat senger mobiler Bandsee säin Tour duerch d'Uertschafte gemaach huet.

Och zu Käerch koum 1957 de Seemaschinnsmann

Das Sägemehl war wunderbar

Bereits von weitem, aus der Richtung der letzten Häuser des Dorfes hörte man das Holz schreien. Dann sagten die Leute: „De Bitterlich mat der Seemaschinn ass do. En ass a Strachen.“ Dies war das letzte Haus. Nach und nach kamen dann alle dran. Das Holz war aus dem Wald geliefert worden und lag in dicken Stämmen an den Hausgiebel gelehnt.

Die Sägemaschine kam meistens nachdem die Nüsse mit einer langen Stange „geklopft“ worden waren und nun in einem Sack hinter dem Haus standen. Die Sägemaschine stand nun im Schulhof unter dem kahlen Nussbaum von dem nur noch einige gelbe Blätter auf ihr Dach fielen. Sie hatte einen Motor mit einem stinkenden Auspuff, großen Rädern und Transmissionsriemen. Am meisten beeindruckte mich das starke Sägeblatt, das durch ein Rad angetrieben wurde und mit anderen Rädern an Stangen und an der Seite geregelt werden konnte. Bevor der Motor angekurbelt wurde und zu pusten anfing, wurde eine Mischung aus Oel und Benzin aus einer Gießkanne durch einen Trichter hineingeschüttet. Nun mussten die Kinder verschwinden.

Die Räder liefen so schnell, dass man sie und die Riemen nicht mehr richtig sehen konnte. Dann schleppten Männer die Baumstämme heran, hoben sie auf eine Art blanken Tisch und trieben sie durch das Sägeblatt. Auf der anderen Seite fielen sie als Klötze herunter und ein Arbeiter schaffte sie beiseite. Unter dem Tisch aber blieb etwas ungeheuer Aufregendes für die Kinder: ein Haufen duftendes, leicht feuchtes Sägemehl.

Wenn die Maschine beim Nachbarn zu hören war, fingen die Männer meist schon mit dem Zerkleinern der Klötze an. Ich trug das Sägemehl in meinem Eimerchen in eine Kiste in den Keller. Hier trocknete es und wurde eine Art Sand für den Winter. Wenn das Herdfeuer an nebligen Tagen nicht ziehen wollte, streute Großmutter eine Handvoll trockenes Sägemehl hinein. Dann wurde es bald warm und kuschelig in der Stube. Irgendwie aber klang das Aufschreien des Holzes im Knistern der Flammen mit. Wollte man ein Feuer löschen, so wurde es mit einer gleichmäßigen, festen Schicht Sägemehl bedeckt. Großvater erklärte mir, nun könne es nicht mehr atmen und würde absterben. Das tat mir für das Feuer leid. Das Sägemehl aber war wunderbar.

Mariette Leuck

Wéi wann et Botter wier

„Schoutesch Fooss“ seng Seemaschinn war en Ongeheier op véier Rieder, dat ee bal gefaart huet. Wann d’Maschinn da gaangen ass, huet d’Seeblat, dat sech mat engem jäizege Geräisch gedréit huet, déi déck Kouertestécker geschnidden, wéi wann et Botter wier.

Nom Schneiden hu mir de Seemill a Säck geschëppt an an de Schapp gedroen. De Seemill war dat bescht Material, wat ee konnt an der Kachmaschinn verbrennen, fir d’Fleesch ze räicheren, wann et no der Solper an d’Haascht gehaange gouf.

An der Wäschkiche gouf och Feier gemaach. Do stong den „Däiwelchen“, an deem een Holz a Brikette brenne konnt. Op dee ronnen, niddregen Uewe gouf de Wäschkessel mat der Wäsch gesat, an och de Schwéngskessel an deem de Schwäin hiert Fudder ze soen all zweeten Dag gekacht gouf.

André Hausmann

Holz wor nach do, wéi de Seemann am Hierscht duerch d’Uertschafte gezunn ass. D’Holz hat mäi Papp gesteet, d’Bëschaarbechter hunn et virun d’Haus bruecht. De Mann mat der See huet et mondgeriet geschnidden, mir Kanner hunn et hannert d’Haus gedroen an eise Papp huet et gerass. ’t ass proper opgeschicht gi fir ze dréchnen. De Wanter konnt kommen.

Simone Bonenberger

Dem Krieps seng Seemaschinn

Wa vun der Seemaschinn Rieds geet, da muss onbedéngt vu Kriepsen Albert vun Déifferdeng geschwat ginn. Den Albert war eng staark Natur a seng Ried war nach méi staark. Et ass dofir net verwonnerlech, datt d'Preisen hie schonn ugangs Krich wéinst senge patriotesche Rieden agesat haten.

Wann hien awer mat senger Seemachinn koum, da wor der Däiwel lass. Jiddweree weess, wat fir e Kaméidi esou eng Seemaschinn mécht. Den Albert huet dann awer esou haart gejaut, dass een d'Maschinn bal net méi héieren huet. All Passant huet seng Britt kritt, keen ass verschount bliwwen an hien huet oft Gudder komme gelooss. Säin Humor a seng Stëmm hu keng Grenze kannt.

Deemools hunn déi Déifferdénger dat aalt Lidd „Mäi Papp, deen huet eng Seemaschinn" ëmgeännert an esou gesongen:

De Krieps, deen huet eng Seemachinn ho ho ho ho,
de Krieps, deen huet eng Seemaschinn holla hia ho.

Wat mécht hie mat der Seemaschinn? ...
E schneit sech e fatz'gen Dill erof ...

Wat mécht hie mat deem Dill elo? ...
E mécht sech e fatzege Fliger draus ...

Wat mécht e mat deem Fliger do? ...
E flitt domat an Afrika ...

John Weber

Den Zammermann

Wann ee vum Zammermann (Scharpantjen) senger Aarbecht schwätzt, dann denken déi meescht Leit fir d'éischt emol un den Daachstull. D'Konstruktioun vum Gespär ass och, fréier ewéi haut, eng vu sengen Haaptaarbechten, awer et ass net déi eenzeg. Am Hausbau iwwerschneide sech seng Kompetenzen zum Deel mat deene vum Schräiner: hie kann ënner Ëmstänn verschidden hëlzen Elementer am Haus, wéi Trapen oder hëlze Plafongen, abauen. Bis Mëtt dem 20. Jorhonnert huet allgemeng d'Regel gegollt, dass den Zammermann deen ass, dee mat Neel schafft, an de Schräiner mat Läim.

Fréier hunn d'Zammerleit och eng wichteg Roll am Schëffsbau gespillt. Ausserdeem hu se hëlze Brécke gebaut a ware beim Tunnelsbau zoustänneg fir d'Ofstäipen.

Dem Zammermann seng Aarbecht ass bis nom 2. Weltkrich scho beim Behae vun de Bamstämm zu Kantholz ugaangen. Dobäi huet hien, jee nodeem wéi de Bamstamm gewuess war a wat fir eng Holzstécker hie fir säi Bau gebraucht huet, der Dunn vu vireran déi richteg Form ginn. Et war eng haart Aarbecht, bei där et och emol virkoum, datt den Zammermann sech wierklech an „d'eegent Fleesch geschnidden huet".

Iwwer Jorhonnerten hunn d'Zammerleit sech hiert Wësse weiderginn a konnte komplizéiert Konstruktiounen ouni statesch Berechnung, aus dem Gefill eraus, opriichten. Am Ufank vum 20. Jorhonnert hunn d'Ingenieuren an Architekten ëmmer méi Afloss och op déi hëlze Konstruktioune kritt. Den Zammerleit hir Aarbecht huet sech op d'Ausféierung vun deenen hire Pläng beschränkt.



Beim Brécken- oder Tunnelsbau, wéi hei zu Zéisseng ëm 1898, huet den Zammermann eng hëlze Konstruktioun gebaut, fir ofzestäipen

Gouf en Daachstull opgeriicht, dann ass e groussen Deel vun der Aarbecht um Buedem, op enger flaacher Plaz, ausgeféiert ginn. D'Dunnen an déi aner Stécker Holz si mat der Hand op d'Mooss geschnidde ginn, all d'Schlitzer, Käerfen, Profiléierungen a Lächer goufe preparéiert. Den Dachstull ass stéckweis zesummegestallt ginn, fir ze kucken, ob alles gepasst huet. Duerno ass erëm alles zesummegeluecht ginn an op der Bauplaz definitiv montéiert ginn.

D'Opriichte war mat déi schwéierst Aarbecht vum Zammermann. De Meeschter huet dofir all seng Gesellen zesummegeruff. D'Leit aus dem Duerf koumen hëllefen an dann ass den Ausbau vum Daachstull gutt virugaangen.

Mat esou enger Aaxt hunn d'Zammerleit d'Bamstämm zu Kantholz geschloen

Vom Duft der weiten Welt

Wenn es Frühling wurde gingen manchmal „Hamburger Zimmerleute" an unserem Haus in Merl vorbei. Sie standen noch in der Tradition der Gesellen, die von einem Meister zum anderen wanderten, um ihr Handwerk an vielen Stellen gründlich zu erlernen. Manche legten den Weg auch damals, in den 50er Jahren, noch teilweise zu Fuß zurück. Die meisten kamen auf dem Rückweg aus Richtung Frankreich, denn die französischen Meister hatten einen besonders guten Ruf.

Hamburg war wegen des Hafens und des Schiffbaus stets eine Hochburg der Zimmerleute. Die Wanderburschen hatten ihre eigene Tracht, die sie alle gut kleidete und in der sie recht schmuck aussahen: ein weißes Hemd, schwarze Samthosen, deren Beine ab dem Knie breiter wurden, ein Joppen mit dicken Silberknöpfen und einen schwarzen, breitkrempligen Hut.

Viele wanderten zu zweit. Als Kinder sahen wir ihnen nach, solange wir sie sehen konnten. Ihre hübsche „Uniform" und oft fesche Art hatten etwas vom Duft der weiten Welt, von langen Wegen und von fernen Ländern. Ich verstand später, dass sich um sie Lieder und Erzählungen rankten.

Dann, als in Hamburg die Schiffe aus Metall gebaut wurden, verschwanden sie. Es war schade. Doch – wie freute ich mich, als ich vor einigen Wochen wieder Hamburger Zimmerleute in ihren immer noch adretten Trachten in der Stadt sah. Sie sind also nicht ausgestorben und beginnen wieder „nach Handwerksbrauch" zu wandern.

Mariette Leuck

De Schräiner

Ich bin ein Schreinr von Nürenberg
Von Flader mach ich schön Teflwerck/
Verschrottn/vnd versetzt mit zier/
Leisten vnd Sims auff Welsch monier/
Thruhen/Schubladn/Gwandbehalter/
Tisch/Bettstat/Breutspiel Giesskalter/
Gesirneust/köstlich oder schlecht/
Eim jeden vmb sein pfenning recht.

Op bal all Duerf war fréier e Schräiner oder zwéin. No der Primärschoul ass munche Bouf duer an d'Léier gaangen. Ugefaangen huet en als Handlanger, den Atelier gekiert, nom Feier gekuckt, geleimt an ugepakt, wou de Meeschter gesot huet. Duerno koumen d'Léierjoren, dat heescht Atelier an Handwierkerschoul, dee schrëftlechen Examen an e klenge Miwwel, meescht en Nuetsdësch, als Gesellestéck.

Déi eng goufe Bauschräiner, hu Fënsteren an Diere gemat, déi aner waren op Miwwel spezialiséiert an hu Schief, Better, Dëscher a Still gemat.

Fir kleng a grouss Fléckereien am Haus, e Problem mat enger Dier, enger Fënster, déi geklemmt huet, oder engem Schlass, dat net gespaart huet, eppes fir ze neelen oder ze leimen, dann ass de Schräiner geruff ginn: en ontentbierlechen Handwierksmann, deemools wéi haut.

Och Doudeluede waren um Programm. Dozou huet gehéiert, dass de Schräiner zesumme mam Gesell d'Läich opgeboort huet. Eng Morgue ass et net ginn, duerfir gouf d'Stuff mat schwaarzen Dicher agekleed. D'Käerzen op den héije Stänner hu gebrannt an d'Noper si seenen a biede komm. Den Dag vum Begriefnes huet de Schräiner d'viischt Dier vum Doudenhaus mat schwaarzen a sëlwer Lambrequinen encadréiert. De Läichewon an d'Päerd wore grad esou am schwaarz a sëlwer Dekor. Wann d'Leit vum Kierfecht koumen, hat de Schräiner schonn ofgebaut.

War am Duerf ee gestuerwen, huet de Schräiner d'Doudelued gemaach an ass och mam Läichewon op de Kierfecht gefuer

E Schräineratelier zu Veianen

Wéi gemittlech war et am Wanter beim Schräiner am Atelier

An der kaler Joreszäit – an et gouf meeschtens nach gehéireg Wanter deemools – war de Liewesrhythmus wäit erofgesat. Iwwerall louch Schnéi. D'Haiser hunn ausgesinn, wéi wann se mat Watt zougedeckt wieren. All Geräischer waren agedämmt an iwwert dem Duerf louch eng immens Rou. Keng „lieweg Séil" war ze gesinn. D'Leit waren an hire Stuffen ëm de Kolonnenuewe versammelt an d'Véi an hire Ställ.

Iwwert den Diech vun den Haiser stunge wäiss Strécher, déi aus de Schaaschtecher, wéi schmuel Fändelcher, an de bloen Himmel eropgewisen hunn. An aus de Stallliichte sinn Donstwolléken erausgequollen an hu fiicht Sträifen un d'Stallmauere gezeechent.

Heiansdo hunn en etlech Bauere sech am Schräineratelier zesummefonnt an da gouf getraatscht a gepotert, dass et e Genoss war, fir nozelauschteren. Kee Problem blouf ongeléist, wann se beim Schoutsch Fooss an der Wierkstat beienee waren.

De Fooss hat seng Wierkstat am fréieren „Hierdenhaus" ageriicht an et war urgemittlech do eng Päif unzemaachen a beim Feierchen ze hucken, wann et dobausse vu Keelt „gefénkelt" huet, d'Schnéiflacken dorëmmer gedanzt sinn oder de Wand gehault huet wéi e Ruddel Wëllef. An da koum d'Gespréich alt emol op dee leschte Wollef aus dem Lëtzebuerger Land, dee jo ausgerechent bei Ouljen „am Kiem", vun engem „anere Wollef mat enger Flënt" virun net all ze laanger Zäit erschoss gi war.

Als Alibi fir déi laang Kludder beim Fooss gouf alt emol en neie Still an eng Aaxt, eng Schlo oder en Heel agemaach. Dobäi goung et dann héich hir, meeschtens iwwer d'Politik, déi kleng an déi grouss, Pronostike goufe gemaach, wéi dat nach alles mat deem verréckten Hitler géing ausgoen. „Deen huet jo dach keng Rou, bis en e Krich ugestiwwelt huet!", hunn se gemengt an dobäi de Kapp gerëselt.

André Hausmann

Den Huwwel war e wichtegt Aarbechtsgeschir

De Schräinermisch vu Blaaschent

Die Werkstatt des Schreiners war das letzte Haus des Dorfes. Die Tür stand stets offen und man sah Misch an der Hobelbank oder an einer Bandsäge arbeiten. Manchmal hämmerte er oder eine kleine Handsäge zirpte. Misch trug stets eine Samthose und einen kleinen Hut, der mit heruntergelassener Krempe vorne auf dem Kopf saß. In der Werkstatt roch es nach frisch bearbeitetem Holz und manchmal nach Beize. Mir gefiel am besten, wenn Misch hobelte, denn dann flogen die Späne. Wie genau er messen konnte, beeindruckte mich sehr.

Misch war vor allem Möbelschreiner, doch er verstand sich auch auf Türen, Fenster, Fußböden, kurz, auf alles was mit Holz und Dielen zu tun hatte. Wurde im Dorf jemand bettlägerig, so begann er einen Sarg zu zimmern. Wurde der dieses Mal noch nicht gebraucht, so wartete er im Hinterstübchen auf die nächste „Gelegenheit“.

Große Schränke und Türen wurden in der Werkstatt vorbereitet und an Ort und Stelle zusammengebaut. Oft waren dann die Türen zu klein, um dieses Prachtstück wieder herauszutragen, und so wurden sie schlicht Teile eines Hauses. Wünschte sich jemand Verzierungen und Schnitzereien, setzte sich Misch mit einem Künstler des Faches, einem „sculpteur sur bois“, wie er sagte, in Verbindung.

Doch mit oder ohne Skulptur, Misch leistete Qualitätsarbeit, die Generationen überdauerte. Er war ein echter Meister.

Mariette Leuck

Mir kënnt eng Erënnerung, wéi ech mat mengem Papp, als klengt Meedchen an d’Schräinerei gaange sinn: d’Geräisch vun der Bandsee, déi sech mat gefriessegen Haifësch-Zänn duerch d’Madrille frësst, an dee wierzegen Doft vum blesséierten Holz, deen der Nues bléimelt.

Simone Bonenberger

De Bildhaer

De Bildhaer oder Sculpteur sur bois ass de Kënschtler ënnert den Holzhandwierker. Fir engem Miwwelsteck Stil, Eleganz a Charme ze ginn, dofir brauch et Konschtsënn niewent handwierklechem Kënnen.

De Bildhaer huet fir de Schräiner geschafft a krut vun him den Optrag fir aus engem Miwwel e Konschtsteck ze maachen.

D'Ebenisterie Bonenberger zu Réimech

E Stéck vum Joseph Bonenberger

Dat huet mäi Papp mat sengen Hänn gemat

Hannert dem Haus hat mäi Papp, de Joseph Bonenberger vu Réimech, säin Atelier. En Ubau mat enger grousser Fënster, duerch déi een an e Blummegäertchen a weider an de Museldall op d'Haffer Wéngerte gesäit. Et ass roueg hei, a Rou huet de Bildhaer gebraucht.

Virun der Fënster stoung eng wuchteg Huwwelbänk, déi sou munches ze erdroen hat. Dorop louch d'Handwierksgeschir: Messere mat engem hëlze, kantege Grëff, breeder, schmueler, flaacher, ronner a spatzer.

Un de Maueren, déi emol wäiss woren, hounge Schabloune mat Modellen a Mustere fir Baguetten a Rosetten a Kappstécker. Op enger Stellage, Feilen, graffer a renger, Schläifpabeier a seide Biischten. Am Eck e Koup Spéin an eng Kierbiischt, laanscht d'Mauer Dësch- oder Stullstempelen, déi drop waarden an d'Aarbecht ze kommen, a Brieder mat opgeleimte Baguetten.

Dat Bescht wor fir mech de Geroch, eng Mëschung aus Holz, Läim an Holzfeier, deen ech nach haut mengen an der Nues ze hunn. De Schläifsteen nieft der Huwwelbänk wor eng Attraktioun. „Dat mécht ee mat Gefill", sot mäi Papp, wann e mech dréie gelooss huet, fir d'Messeren ze schäerfen.

Ech hu gär nogekuckt, wa mäi Papp a senger wäisser Schipp geschafft huet, dat duerft ech awer nëmme wa keng Press woar, wéi virun der Miwwelausstellung, da woar den Atelier fir mech tabu.

De Motiv ass om Zeecheblat entworf ginn, duerno gouf eng Schabloun gemat an déi gouf op d'Holz iwwerdroen.

D'Ornament gëtt mam Messer erausgeschafft: déi Lénk hält d'Messer, mat der flacher Rechter gëtt d'Enn vum Grëff geschloen. Bei haardem Holz hëlleft e ronnen Himmerche mat. Déi graff Spéin ginn ewech geschäert, de renge Stëbs geblosen oder mat enger seide Biischt gebotzt.

Oft sinn déi gewënschte Formen an der Schräinerei erausgeschnidde ginn, dann huet de Bildhaer se an sengem Atelier op Brieder opgeleimt an se esou verschafft. Se goufen dann erofgeschloen a vum Schräiner op de Miwwel geleimt. Dee gouf da gebeetzt a geschlaff: déi ganz Prozedur vun der Finitioun.

Déi Miwwel, deene mäi Papp säi Stempel opgedréckt huet, stinn nach haut a villen Haiser am Land. Bei mir sinn se en Deel vu mengem Liewen: Dat huet mäi Papp mat sengen Hänn gemat. A senger Aarbecht lieft hie weider.

Simone Bonenberger

De Woner

De Woner huet Ween a Karen, fir den Transport vu Persounen oder Laaschten, gebaut a gefléckt. Mat enger zweeriedereger Kar war méi einfach ze fueren an ze dréien, wéi mat engem véierriederege Won.

All Bauer hat fréier och en Teimer. Dat war en hëlzen Unhänger, dee vum Woner, an Zesummenaarbecht mam Schmadd, gezammert gouf. En ass op zwee héije Rieder gelaf, hat hannen eng Klapp fir auszelueden, a vir zwéin Däissel fir d'Päerd unzespanen. Mëscht, Steng, Rommelen, Gromperen a wat nach esou ugefall ass, alles ass dermat transportéiert ginn. Duerfir war et wichteg, dass dës Ween stabil waren.

Och aner Holzaarbechten hunn d'Woner gemaach: Sou ass bekannt, datt de Philippe Wagner (1852-1932) vun Holztem sech niewent senger Aarbecht als Woner op hëlze Pompele spezialiséiert hat.

De Woner war fir déi hëlzen Deeler vum Won zoustänneg. Och d'Rieder si komplett vun him gemaach ginn: d'Mëttelstéck (Nuef), d'Speechen an d'Felgen aus staarkem Holz goufe vun engem eisene Reef zesummegehalen. Vill Präzisioun, Geschécklechkeet a gutt Handwierksgeschir waren néideg, fir d'Rad genee zesummenzesetzen.

Et war eng Attraktioun am Duerf, fir nozekucken, wann déi gliddeg Eisereefer op d'Holzrieder opgezu goufen.

Do wou et néideg war, zum Beispill wann d'Päerd en neie Kieler gebraucht huet, huet de Woner mat aneren Handwierker zesummegeschafft. De Woner huet en neit hëlzent Gach (Joch), gemaach an de Schmadd huet fir d'Beschléi, Kettekrämp a Réng gesuergt. Dat liedert Kielerkëssen huet de Suedler da mat Stréi ausgepolstert a duerno zougebitzt.

Die Eisenbänder lagen rot glühend in dem abgebrannten Scheiterhaufen. Nun wurde von Schmied und Wagner das erste mit Zangen gefasst.
Bis zum Bock mit dem hölzernen Rad waren es nur ein paar Schritte. Es brauchte einige Hammerschläge, bis sich das Band mit Rauch und züngelnden Flammen um die Felge legte. Mit raschen, geübten Schritten wurde das Rad senkrecht gestellt und zum nahen Bach geschafft. Unter Zischen und Dampfen verlor der Reifen seine zerstörende Kraft, zog sich zusammen und saß bombenfest auf der Felge.

Aus: Luxemburger Marienkalender, Charel Schmit, Imprimerie Saint-Paul, 1986

D'Opzéie vun de gliddege Bänner op Holzrieder, Keramikplack vum Charel Schmit

...wat de woner jhang konnt: aus weiderutte kierf flechten, gromprekierf, botterkierf, wäschkierf. an, natiirlech:
ween, teimeren, schuppteimeren, aus em holz eraushae, seeën, huwwelen,
rieder fir d'heeween, d'teimeren an d'schuppteimere maachen,
gesteller an täissele fir päerdskaren an heeween, stiller fir an d'beiler, d'axen, d'himmer, d'heeler, d'pioschen, d'reecher, d'kirbiischten an d'spueten, hëlze verbindungsstécker fir d'méi- an d'séimaschinnen, fir d'binderen gräifäerm fir de plou.
um schläifsteen an der wierkstat, dee méi grouss war wéi en emmenthaler kéisrad, *berliner vergläich*, an deen ech dax hu missen ukiirpen a sause loossen, wann ech just dorëmmer war, huet mäi grousspapp, a spéider och mäi papp, d'kichen- an d'schluechtmessere geschlaff, d'schéieren an d'heckeschéieren, an esou guer d'ploumesseren. wat sinn an deem klengen atelier net alles vun aarbechte gemat ginn: hand- a bandseeë si gefeilt ginn, krack fir krack, zannt fir zannt, an dat huet stonnelaang gedauert. war de schläifert um enn vum seeblat ukomm, gouf d'see ëmgedréit, well nëmmen ee krack iwwert deen aneren an déiselwecht richtung gefeilt si ginn. Um enn goufen dann d'zänn vun der see mat enger pëtzzaang nei agestallt. um pawä virum atelier goufen d'séissele geklappt oder d'speeche vun de worieder an d'nuewe gefacht, goufen och d'eisebänner, d'reefer, an engem kuelefeier gliddeg opgehëtzt, op de felgekranz opgezunn, mat waasser gekillt, dobäi huet et gezischt wéi beim schmatt an der schmëtt an aus den hand-wierkerhänn si blo dampwollécken, wéi aus fläschenhäls, erausgefuer ...

Aus: Schacko Klak. Biller aus der Kandheet (1935-1945), Roger Manderscheid, Editions Phi, 1988

De Kéifer

Fréier si fir d'Lagere vu Wäin, Branntewäin a Béier nëmmen Holzfässer benotzt ginn, déi vum Kéifer gemaach gi sinn. Vill Aarbecht stouch hannert esou engem handgemaachene Faass, duerfir konnt et awer och laang am Déngscht bleiwen. Am léifsten huet de Kéifer Eechenholz verschafft, well et en haart a robust Material war an ausserdeem derzou bäigedroen huet, fir dem Wäin säin typesche Barrique-Goût ze ginn.

E Faass war ideal fir Flëssegkeeten ze lageren. Wéinst senger Form huet et sech vun enger Plaz op déi aner rulle gelooss an esou den Transport méi einfach gemaach.

Dat bescht Eechenholz huet de Kéifer sech erausgesicht als Grondmaterial fir seng Fässer. Nodeems d'Holz a Brieder geschnidde war, hu se missen, jee no der Déckt, zwee bis véier Joer un der Loft dréchnen, éier se konnte weiderverschafft ginn.

Déi eenzel Laten oder Daube goufen am Buedemreef vum Faass zesummegesat a mat Damp an Hëtzt behandelt, fir datt se sech sollten an déi typesch Faassform béien an nach méi enk zesummenzéien. Kleng Fässer konnten heifir a waarmt Waasser geluecht ginn. Bei grousse Fässer sinn d'Dauben naass gemaach ginn an duerno ass bannendran e Feier gemaach ginn. Dës Aarbecht huet Geschéckerlechkeet a Präzisioun erfuedert, fir di hëlze Laten esou zurecht ze béien an ze rënnen, datt um Enn eng

Hei gëtt e Bäichel fir Botter ze rompe gemaach

op di aner gepasst huet, éier mat eisene Reefer d'Faass zesummegehale ginn ass. Mat engem Huwwel sinn déi bannenzecht Wänn duerno nach schéi glat geriwwe ginn.

D'Biedem goufen eréischt zum Schluss agesat. Fir datt se dem Drock vun de Flëssegkeete sollte standhalen, waren d'Biedem, wéi eng Staumauer, no banne gewëlbt.

Nieft de Fässer huet de Kéifer och nach hëlze Bidde gemaach.

Déi verschidden Etappe fir e Faass ze maachen

De Schaffbauer

Bis ufanks vum 20. Jorhonnert goufen zu Iechternach Schëffer gebaut. Den Terrain laanscht d'Sauer tëschent der Gare an der Sauerbréck war der Stad hiren a gouf vun de Schaffbauerfamilljen (am 20. Jorhonnert d'Familljen Dell, Mannes, Ollinger a Prim) gelount. Hei hu si verschidden Zorte vu Booter gebaut: *D'Schaloup*, e grousst Segelboot, de *Fëscheraachen*, en zimlech grousst Fëscherboot, de *Leefer* oder *Fléier*, e liicht Rennboot, *d'Schëffchen*, e klengt Boot, *d'Schëff*, e grousst Boot, de *Sandaacher* fir den Transport vu Sand, den *Ankeraachen* mat Ankeren, *d'Kanalschëff*, vu bis zu 200 Tonnen an *d'Litschëff* fir de Persounentransport.

Den Dréischler

Alles wat am Holz gedréit gouf, wéi Stempele vun Dëscher a Still, Grëffer oder Speeche vun den Trapen, ass vum Dréischler (Drechsler) op senger Dréibänk gemaach ginn.

Zu Bouneweg hat dee leschten Dréischler säin Atelier. Well mäi Papp a senger Fräizäit soss näischt gemaach huet, wéi al Miwwel ze flécken, huet en och alt emol gedréite Stécker missen ersetzen. E puer Mol war ech mat him op Bouneweg gefuer, an hu mat Bewonnerung deem alen Handwierker nogekuckt, wann e mat enger onheemlecher Geschéckerlechkeet Stempelen oder Dekoratioune fir Miwwele gedréit huet.

En aalt Spréchwuert seet:
Wee beim Dësch de Stempel tëschent d'Bee kritt, kritt d'Meedchen aus dem Haus.

Aus: Stater Stëbs, Raymond Schaack, Editions Saint-Paul, 1995

Den Uergelbauer

Griechische und römische Schriftzeugen belegen, dass schon im 2. Jahrhundert vor Christus mit mehreren Pfeifen ausgestattete und mit Wasser und Wind betriebene Orgeln gebaut wurden. Das Wort Orgel, vom Griechischen „organon“, bedeutet Instrument. Sie dienten unter anderem zur musikalischen Begleitung der Gladiatorenkämpfe in den Arenen und als Musikinstrumente für Kaiser und Könige.

Heute ist die Orgel gleichgesetzt mit sakraler Musik, dies umso mehr als J.S. Bach die herrlichsten Werke für Orgel komponierte und selbst ein berühmter Orgelvirtuose war.

Im 14. Jahrhundert kam zu der Klaviatur ein Pedal dazu, weitere technische Verfeinerungen im 18. und 19. Jahrhundert führten schließlich zu dem Grundmodell der modernen Orgel. Heute strebt man einen Klang an wie den der Barockorgel mit einer Vielzahl von Registern.

1924 gründete der Orgelbauer Georg Haupt in Lintgen eine Orgelmanufaktur. Besonders in den 30er Jahren wurden in Lintgen schöne und klangvolle Orgeln gebaut, die auch heute noch in vielen luxemburger Kirchen, aber auch in England, Holland, Deutschland und Belgien erhalten sind.

1969 übernahm Georg Westenfelder die Orgelmanufaktur in Lintgen. Ihm gelang es, den Luxemburger Orgelbau international bekannt zu machen.

1852 gouf zu Nennig (D), an der Géigend vu Réimech, e Mosaik aus der Zäit vum Hadrian (117-138) entdeckt. Heirop erkennt een eng Uergel mat Päifen a zwou Waasserpompelen.

Och den Harmonium,
de klenge Brudder
vun der Uergel, gouf vum
Uergelbauer gemaach

Wie bei jedem Handwerk finden wir auch beim Orgelbau die klassische Dreiteilung Lehrling, Geselle, Meister. Der Orgelbaumeister war sich jedoch seiner höheren gesellschaftlichen Stellung bewusst und ließ sich, genau wie ein Virtuose oder Dirigent, mit „cher maître“ anreden.

Orgelbauer sind Kunsthandwerker mit einem hohen Mass an technischen und künstlerischen Fertigkeiten. Die Ausbildung umfasst Möbelschreinerei, Metallbearbeitung, Feinmechanik und technisches Zeichnen. Sind Musikkenntnisse nicht unbedingt erforderlich, so ist doch ein ausgezeichnetes Gehör, besonders zum Stimmen der Instrumente, eine Voraussetzung. Auch muß er in Stilkunde bewandert sein um den Entwurf und den Einbau der Orgel an die bestehende Kirchenarchitektur anzupassen oder die Restaurierung alter historischer Orgeln durchzuführen.

Nicht jede Dorfkirche konnte sich früher eine Orgel leisten und begnügte sich deshalb mit einem Harmonium. Auch dieses wurde vom Orgelbauer hergestellt und gegebenenfalls repariert.

Die Orgelbauer sind Träger einer lebendigen Kultur, Schöpfer und Bewahrer eines immateriellen Erbes, das sie verbessern und an kommende Generationen weiterleiten.

D’Uergel aus der Porkierch St. Rochus vun Ell gouf gebaut am Joer 1935, zum Präis vu 104.000 Frang. Den Uergelbauer war deen zur Zäit weltbekannten Här Georg Haupt vu Lëntgen. Hie war och den Erbauer vun der Kathedralsuergel am Joer 1939. Aus där Epoch bestinn nach haut folgend Uergelen an onverännertem Zoustand: Peppeng, Konstem, Ell, Bech-Klengmaacher, Herz-Jesukierch Lëtzebuerg a Kruuchten. Ell a Bechmaacher si jeeweils déi zweetgréisst nach erhalen Instrumenter mat 15 Regësteren.

Aus: Alex Even, „KulturELLes“, Eller Gemeng

*Drop geschlon, datt Quonke fléien**





Vu Stol an Eisen

Tëscht 2200 an 1800 viru Christus goufen déi éischt Geschirer aus Koffer aus Mëtteleuropa an eis Géigenden importéiert.

D'Eisen ass eréischt ëm d'8. Jorhonnert v. Chr. opkomm, wéi duerch d'Holzkuel an d'Kuel méi héich Schmëlztemperaturen erreecht goufen.

D'Schmëlze vu Metalläerzer an d'Verschaffe vu Bläi, Koffer, Zënn an Eisen huet nei Technike verlaangt an domadder sinn nei Beruffer entstanen.

Zu all Buerg huet eng Schmëdd gehéiert, an all gréissert Duerf hat e Schmadd. D'Nofro no resistentem Handwierksgeschir an och no Waffe war grouss an esou gouf de Schmadd de begiertesten awer och de geheimnisvollsten Handwierker.

Mam Schmadd huet d'Zäitalter vum Eisen ugefaangen, en Zäitalter, dat mat senge Variante bis zu Arbed, Arcelor an ArcelorMittal reecht.

* Lidd *Drop geschlon* vum Laurent Menager (Weis) an N.S. Pierret (Wierder)

De Biergaarbechter

An de Galerië ware vill Beruffer an Aktivitéite vertrueden, wéi z.B. Päerdsjongen (bis 1945), Steiger, Lokomotivführer, Accrocheuren, Poseuren, Déboiseuren (Holzräiber), a.s.w. Déi typeschst Galeriesuarbechter awer wuaren de Mineur a säin Aarbechtskolleg, de Schlepper, an op si wëlle mir eis hei konzentréieren.

Eng Equipe bestong aus dem Mineur an engem oder zwéi Schlepper. De Mineur huet d'Polferlach mam Handbuer gebuert, spéider mam Pressloftbuer. Gewéinlech wuaren et véier Buerlächer. Dono goufen d'Explosivchargen (Luxite) mat enger Sprengkapsel an d'Buerlächer agefouert. Dat Ganzt gouf mat enger Wick verbonnen an de Rescht vun de Buerlächer goufe mat gemuelenem Minettsstëbs zougestoppt. „E Schotz setzen", huet dat an der Galeriessprooch geheescht. Dann ass all Geschir a Sécherheet bruet ginn. De Mineur huet mat senger Karbidslut déi véier Wicken ugefaangen an dann huart geruff, „Gare la Mine", e Kreesch, dee jiddwereen aus dem Escher Kanton kennt. De Mineur an d'Schleppere sinn hannerwands gaangen. Déi véier Explosioune goufen uafgewaart a wann den Damp an de Stëbs sech verzunn haten, gongen d'Aarbechter erëm op de Chantier (op de Block).

De Schlepper luet de Buggi

Um Geräisch vun der Explosioun huet en erfuerene Mineur schonn héieren, op de Schotz vill Minett bruecht hat. Hien huet sech vergewëssert, dass keng Gefor duerch Steng vum „Daach“ méi bestanen huet, an dann huet de Schlepper ugefaangen d’Buggien ze lueden. Dës Buggie wuare mat enger Haspel erbäi gezu ginn. Meeschtens huet de Mineur eng Hand mat ugepaakt. Esou e Buggi faast 2,5 Tonnen. An enger Schicht goufen am Schnëtt 10 bis 12 Buggie gelueden. Dat waren also 25 bis 30 Tonnen, déi an engem Dag duerch Muskelkraaft beweegt goufen!

Wuar e Buggi gelueden, dann huet de Mineur e Stong (Jeton) mat senger Nummer drugehaangen an d’Gefier ass bei d’Ramm gedréckt ginn. Geméinlech wuar d’Gleis an enger „pente descendante“, an de Buggi ass bal vum selwe virugerullt. Eng Lokomotiv huet déi Ramm, déi aus Buggie vun deene verschiddenen Equipë bestanen huet, eraus op d’Balance bruecht. All eenzelne Buggi gouf uafgewien a mat Hëllef vum Stong, deen drun hung, krut déi betreffend Equipe den Tonnage guttgeschriwwen.

De Mineur an de Schlepper sinn am Accord bezuelt ginn, dat heescht, op d’Tonnen, déi si erausbruet hunn. Et muss awer onbedéngt gesot ginn, datt si eng Onmass Käschten haten: de Sprengstoff Luxite, d’Sprengkapselen an d’Wicken, de Karbid fir d’Luten, d’Geschir ewéi Buer, Pickelen, Staangen, Axen, Hummer an esouguer d’Pressloft fir de Buer. All dat hu si selwer misse bezuelen.

Dat schlëmmst ower woar, datt d’Holz fir d’Galerien ze stäipen och op hir Rechnung gaangen ass. Dat huet heiansdo derzou geféiert, datt en armen Däiwel, deen doheem eng Hickecht Kanner hat, um Stäipholz gespuert huet, well dat näischt abruecht huet, an doduerch si vill Accidenter geschitt. Och war et esou, datt verschidde Mineuren esouguer sonndes an d’Galerie gange sinn, fir d’Stäipen ze setzen, sou dass se wiertes nëmme sprengen a luede konnten, also Aarbechten, déi Suen erabruecht hunn.

D’Grouwenuarbechter hunn eréischt 1936 den éischte Kollektivvertrag kritt. Do ass villes verbessert ginn. D’Bezuele vum Material huet awer weider bestanen, mat der Exceptioun vum Stäipholz. Heifir ass Dännenholz benotzt ginn, dat kréckelt a „schwätzt“ ënnert dem Drock vum Bierg.

De Mineur buert d’Sprenglächer

Nun zum Uaflaf vun engem Uarbechtsdag: Éier de Mineur an de Schlepper bei Schichtwiessel de Block verlooss hunn, huet de Mineur nach eng Charge explodéiere gelooss. Sinn si dann den nächsten Dag op de Chantier komm, dann haten den Daump an de Stëbs sech verzunn, an et konnt direkt geluede ginn.

Wuar dann all d'Minett gelueden, huet de Mineur véier nei Chargen explodéiere gelooss an hien a säin oder seng Schlepper hunn sech zréckgezunn, fir eng Kuuschtepaus ze maachen. Hir Kuuschtesäck haten si mat engem Seel un de Plafong gehaangen, fir dass déi vill Raten, déi duerch d'Galerië gelaf sinn, net sollten drukommen. An der Galerie war Summer wéi Waunter eng gläichméisseg Temperatur vun 12° Celsius. Eis Uarbechter, vum Schaffen naassgeschweesst, hunn dofir bei dëser Rascht hire Paltong ugedoen, fir sech net ze erkalen. Si konnten dann och mat dem Lokomotivführer an dem Accrocheur schwätzen a si gewuer ginn, wéi et dobausse wuar. Wann een aacht Stonnen ënnert dem Bueden lieft, da wéisst ee gären, wéi d'Wieder dobaussen ass.

Vun Zäit zu Zäit kruten eis Galeriesleit Besuch um Block. De Steiger (porion) huet seng periodesch Visite gemat. Eng vu senge villen Aufgabe wuar, no der Sécherheet um Block ze kucken. Hien huet mat senger Lut d'Stäipen an d'Kape kontrolléiert an dem Mineur seng Remarquë gemat.

No der Kuuschtepaus, wann Daump a Stëbs sech esou wäit geluet haten, gong eis Equipe erëm op de Block an huet gekuckt, wat déi véier Schëtz bruet haten. Et gouf weidergelueden, a bei Schicht-Enn huet de Mineur véier nei Chargë fir de folgenden Dag explodéiere gelooss.

Et ass scho gesot ginn, datt de Mineur a säi Schlepper d'Uafstäipe vun der Galerie selwer hu misse maachen. An de säitleche Mauere vun der Galerie (de Permang) si Verdéiwungen (Potellen) gehae ginn, wou queesch iwwert de Gank Bamstämm (Kapen) an e puer Meter Uafstand geluet goufen. Dës Kape sinn da mat véier Longerone verbonne ginn, déi esou den Daach gehalen hunn. Eis Bierguarbechter hunn also och missen Zammerleitsuarbecht maachen.

Woar et da Feierowend, da sinn de Mineur a säi Schlepper op e Sammelpunkt gaangen, wou en Zuch sämtlech Equipen erëm op de Carreau an d'Dageslut bruet huet. Jiddwereen huet säi Stong missen op en Tableau hänken zur Kontroll, dass keen an der Galerie zréckbliwwe wuar. No der Dusch an nom Kleederwiessel hat jiddwereen d'Recht, sech eng Klatz Houlz mat heem ze huelen, fir d'Feier unzefänken. Méi wéi eng Kéier sinn se dann zu Déifferdeng „An der Bunn" an e Café gaangen, fir eng wuelverdingten Drëpp an en Humpen ze huelen.

Eng wuel verdéngte Paus

D'helleg Barbara ass d'Schutzpatrounin vun de Bierguarbechter. Déi rau Borschte vun der Galerie, déi dacks mam Paschtouer net vill um Hutt haten, haten awer eng déif Veréierung fir d'helleg Barbara. Buarbelendag war fir si net nëmmen e fräien Dag, neen, et wor deen Dag, wou si hir Patréinesch opriichteg geéiert a veréiert hunn, sou wéi op dëser Foto zu Déifferdang „an der Bunn".

D'Minière Kirchberg zu Rëmeleng

D'Minett zu Lëtzebuerg

D'Minett gouf géint 1850 zu Lëtzebuerg entdeckt. Well dëst Gestengs keen héijen Undeel un Eisen (Fe) hat, gouf et „Minette", petite mine, genannt. An d'Géigend krut den Numm och.

D'Regierung vun 1870 wuar awer esou verstänneg, dass si all Ressourcen, déi ënnert dem Buedem louchen, zu Staatsbesëtz erkläert huet, an d'Exploitatioun nëmmen a Form vu Konzessioune verginn huet. Dat wuar d'Haaptargument fir d'Implantatioun vun der Siderurgie zu Lëtzebuerg, well d'Minett huet hei misse verschafft ginn.

Zum Vergläich: 1870 goufe 70.000 Tonne Minett gefördert, 1970 wuaren et 8 Milliounen Tonnen. Vun dunn un ass et de Bierg eruaf gaangen, an 1981 ass déi leschte Galerie, den Thillebierg zu Déifferdeng, zougemaach ginn, et wuar eriwwer. Eis Mineure wuaren erstaunt, dass eis Schmelze Stol an Eisen konnte maachen ouni Minett.

1906 hat Lëtzebuerg d'Rekordzuel vu 6850 Bierguarbechter. Si koumen aus aller Häre Länner. Et wuaren Italiener, Preisen, Belsch a Fransousen. Mol net d'Halschent wuare Lëtzebuerger. Dësen huarde Beruff huet huart Männer gemaach, a si hunn den Typ vum „Minettsdapp" geschafen. 1906 hat awer och déi traureg Rekordzuel vun 46 déitlechen Onfäll opzeweisen.

Vun 1870 bis 1981 sinn 1494 Bierguarbechter an der Galerien ëmkomm. Dat sinn der bal 14 pro Joer. Dee jëngsten hat 13 Joer, den eelsten hat der 72. Zwéin Deputéierter hunn hiert Liewen „um Block" verluer. Et wuaren dat de Jean Schortgen am Joer 1918 an de Jemp Bausch 1934.

De Schmadd

Dem Schmadd säin Handwierk huet eng laang Traditioun. Scho virun 3000 Jor goufen Eisen a Koffer, awer och Edelmetaller wéi Gold a Sëlwer geformt.

Den Duerfschmadd huet de Baueren hiert Geschir gemaach, sief et e Plou, en Heel, e Spuet, Réng fir Ketten an esou weider. Hien huet och Houfeise gemaach an d'Päerd beschloen. Hat hie sech heiropper spezialiséiert, dann ass en Houfschmadd genannt ginn.

De Konschtschmadd mécht, deemools wéi haut, dekorativ Ornamenter am Eisen. Fréier war hien ënner anerem gefrot fir Gelännere fir Haiser, ronderëm de Chouer an der Kierch oder ronderëm Kapellen ze maachen.

De Konschtschmadd formt d'Eisen, fir e Gelänner ze maachen

Den Numm Schmit a senge verschiddene Schreifweisen (Schmitt, Schmidt, Schmitz, asw) ass de Familljennumm, deen am heefegsten hei am Land ass: 1981 waren et der méi wéi 5000.

D'Schmëdd zu Ouljen

Déi éischt Schmëdd, déi ech gesinn hunn, war zu Ouljen, beim Burg Jos. Hie war e villsäitege Mann, deen och Kierchesänger war an a sengem Atelier nach Coiffeur gespillt huet, besonnesch fir d'Bouwen. Well dat esou kammoud war, an net ze deier, sinn och ech an d'Schmëdd geschéckt ginn, wa meng Hoer ze laang gi sinn.

An der Schmëdd si mir fir d'éischt déi däischter Wänn an de schwaarze Plaffong opgefall, iewer och dee strenge Geroch, deen engem den éischte Moment bal den Otem verschloen huet. Et huet no engem Gemësch vu Wolschmier, Houf an Damp geroch.

Wann een an der Schmëdd ronderëm sech gekuckt huet, sinn engem eng Onmass Saachen opgefall, déi do stoungen, louchen oder hungen, ganz Kéip vun Eisestaangen, Ronneisen, Flaacheisen, Blechtafelen, Houfeisen, déi zesumme gestréckt waren, asw. Un drote Seeler laanscht d'Fënsteren hung dem Schmadd säi Geschir: Pëtzzaangen, Houfzaangen, Himmer vun alle Gréissten, Schrauweschlësselen, Tournewissen, Seeë fir d'Eisen ze schneiden, Raaspelen, Feilen, Schloperen, Meesselen, Wënkelmiesser, grouss Zierkelen asw.

Op enger Säit am Atelier war eng Feierplaz, eng Ess, ageriicht, op där de Schmadd ëmmer schwaarz Schmëddkuele leien hat. Iwwert der Ess war eng grouss blechen Hauf ubruecht, déi sech no uewen zu engem Rouer verdënnt huet. Dee Rouer goung an de Kamäin eran, fir den Damp ofzeleeden, wann de Schmadd op der Ess e Feier gemaach huet fir e Stéck Eise gliddeg waarm ze maachen. Fir dass d'Schmëddkuele séier sollte brennen, huet ee missen an d'Feier blosen. Déi néideg Loft konnt de Schmadd sech mat Hëllef vun engem Blosballeg verschafen. Dee Balleg gesouch aus wéi eng grouss, schwaarz Harmonika. Um Balleg hung eng laang Ketten, un där e Graff festgemaach war. Wann een doru gezunn huet, gouf de Balleg zesummegedréckt, an duerch e Rouer, dee bis an d'Ess gaangen ass, koum e gudde Stouss Loft. Wat de Schmadd méi séier un der Kett gezunn huet, wat méi Loft koum. Dat huet huerteg eng grouss Hëtzt op der Ess entwéckelt.

Eng Schmëdd zu Iechternach

Dann huet de Schmadd eng Zaang mat laange Grëffer geholl an domat säi Stéck Eise gepaakt a matzen an d'Glous op der Ess geluecht. Ganz séier huet d'Faarf vum Eise changéiert, et gouf rout, fir dann no an no an d'Wäisslecht iwwer ze goen. De Schmadd huet d'Eise mat senger laanger Zaang op den Ampes (Amboss) geluecht a mat engem zolitten Hummer dropgeschloen, datt et nëmmen esou duerch d'Gaass geschaalt huet. Wann d'Eisen déi gewënschte Form hat, huet de Schmadd et an e metallene Waassertrach gestach. Dat huet staark gedosch an e wäissen Damp ass duerch d'Schmëdd gezunn.

Dat war a menger Kannerzäit, ëm 1930, dat typescht Bild vum Schmadd, dat sech fest an d'Gediechtnes agedréckt huet. En anert Bild steet viru mengen Aen: D'Schmëdd als Versammlungslokal vun den Ouljer Jongbaueren. Besonnesch am Wanter, wa keng Aarbecht op der Gewan war, hunn se sech dacks, no der Mëttesrascht, beim Schmadds Jos zesummefonnt, enges Deels fir dat Neitst aus dem Duerf ze héieren, d'Gemengen- an esouguer d'Landespolitik erduerch ze huelen, an an engems hiert Geschir ze flécken oder hir Heeler, Spueden, Pioschen, Plouschueren asw ze schäerfen, no dem Motto: „Agreabeles mat Noutwendegem verbannen". An esou enger Ambiance gouf natierlech „d'Duerfklima" erhalen, jo nach ersierklech verbessert.

D'Schmëdd zu Näerden

Deen zweete Kontakt mat enger Schmëdd an enger Schmaddsfamill, krut ech matzen am 2. Weltkrich als jonke Schoulmeeschter – jo wéi konnt et anescht sinn – duerch d'Kenneléieren vum Schmadd vun Näerden senger Duechter.

Déi Näerdener Schmëdd hat am Vergläich zu där Ouljer eng grouss Evolutioun duerchgemaach. Vun enger klenger an einfacher Duerfschmëdd an der Zäit vum 1. Weltkrich, huet de Betrib sech an e puer Joer zu enger Schlässerei entwéckelt.

Déi éischt Joren huet de Schmadd eleng a sengem klengen Atelier geschafft. Et war e Raum, méi kleng wéi d'Schmëdd zu Ouljen, mat engem Foussbuedem vu getrëppeltem Lehm, deen haart wéi Bëtong war. Och hei waren Ess, Blosballeg, Amboss, Waassertrach an Honnerte vu Geschirstécker ze fannen.

Wéi den elektresche Stroum ëm 1930 iwwert d'ganz Land installéiert gouf, hunn erëm nei Maschinne missten ugeschaaft ginn. Niewent déi kleng Schmëdd gouf e groussen Atelier opgeriicht, wou d'Bauregefierer ënnerdaach gefléckt konnte ginn a wou och Konstruktiounsaarbechten duerchgefouert goufen, wéi Gelänneren, d'Zesummebaue vun Heebléiser a villes méi.

An der aler Schmëdd gouf eng elektresch Buermaschinn opgeriicht, op där ee ganz séier Lächer a Pierchepéil buere konnt. E groussen Eiseschneider mat engem gewalteg laangen Hiewel huet d'Eisepéil mat Liichtegkeet op déi richteg Mooss ofgeschnidden. Dat war eng grouss Hëllef fir d'Baueren, datt si hir Wisen aperche konnten a kee méi d'Kéi op hirer Weed huet missen hidden.

Dee gudden ale Blosballeg gouf duerch en elektrescht Gebléis ersat. Geschwënn ass och eng modern Dréibänk an déi al Schmëdd komm an domat konnte Gewënner a Réier gedréit ginn. Sou konnt de Schmadd de Leit hëllefen, d'Wasserleitungen an hir Ställ ze leeën, wou all Kou eng Selbstträink ageriicht krut.

Am neien Atelier krut de Schmadd Schweessapparaten an zwar en autogenen an en elektreschen. Dat war fir déi Zäit eppes Neies, bal eppes Wonnerbares, well duerch déi nei Technik gebrachen Deeler erëm unenee geschweesst konnte ginn. De Schmadd huet seng Schweessapparaten haaptsächlech gebraucht, fir d'Heebléiser zesummenzeschweessen an de „Ponts et Chaussées" kleng Goudronneusen op Rieder ze fabrizéieren.

Virun der Schmëdd stong e gewaltege Schläifstee vu bal engem Meter Duerchmeesser, deen op engem stabilen Eisegestell montéiert war an deen ee mat enger Kierb ronderëm dréie konnt. Esou konnten dem Schmadd seng Clienten hir Messeren, Heeler a Spuede schäerfen.

Schmëdd vum Mathias Bouchart vun Näerden

E Bléck an d'Schmëdd:
Lénks uewen de Blosballeg,
lénks ënnen den Amboss,
am Hannergrond d'Ess,
rechts d'Dréibänk

Dat gliddegt Eise gëtt aus dem Feier geholl

De Schmadd schafft op der Dréibänk

1960 zu Tënten: e Päerd gëtt beschloen

Den Näerdener Schmadd war och e Spezialist am „Päerd beschloen“. Fir iewer net vun engem feierege Biddi gefacht ze ginn, hat de Schmadd sech en Noutstall virun d’Schmëdd opriichte gelooss. Dueran sinn déi ongedëlleg Päerd ugestréckt ginn, an och de Fouss, deen e neie „Schong“ sollt kréien, ass mat engem staarke Band immobiliséiert ginn. Sou konnt de Schmadd ouni Gefor senger kriddeleger Aarbecht nogoen. Wann d’Houfeisen op der Ess erhëtzt gi war, huet de Schmadd et dem Päerd mat der Houfzaang op de Fouss gedréckt, dass et gedämpt huet a butzeg Flämmercher opgeliicht hunn. Wann deen „neie Schong“ gepasst huet, gouf e fir d’éischt am Waassertrach ofgekillt an da mat laangen Neel, déi an dem Päerd säin décken Houf ageschloe goufen, festgemaach. Et huet een sech bal gegrujelt, wann d’Spëtze vun den Neel am Houf zur Säit erauskoumen, mä d’Päerd huet meeschtens net bougéiert. Mat enger Pëtzzaang huet de Schmadd déi Nolspëtzen ofgepëtzt an dann ofgefeilt. Da konnt de Bauer houfreg mat sengem frëschbeschloene Biddi heemfueren.

Grouss Opreegung an décke Betrib gouf et virun der Schmëdd, wann en Heeleederwon, en Teimer oder eng Kar nei beschloe goufen, dat heescht wann d’Rieder nei Reefer hu misse kréien.

Fir dat kënne fachgerecht ze maachen, hat de Schmadd sech eng zweet Ess am Konstruktiounsatelier opgeriicht, déi ronn war a méi wéi zwéi Meter am Duerchmeesser hat, sou

datt een dee gréisste Wonreef konnt drop leeën. Wann dee ganze Reef ronderëm gliddeg war, huet de Schmadd de Gesellen de Kommando ginn, e bei dat hëlzent Wonrad ze droen. Zu dräi oder véier Mann gouf da versicht, esou séier wéi méiglech, dee wäissgliddege Reef op d'Rad eranzedrécken. Dat ass och gegléckt a plazeweis sinn Damp a Feierfontänen an d'Luucht gaangen, an de Reef huet sech regelrecht an d'Holz eragefreess. De Schmadd, en zolitten Hummer am Grapp, ass ronderëm d'Wonrad gaangen, fir hei an do mat e puer Hummerschléi, nach eng kleng Positiounskorrektur ze maachen. Du gouf nach Waasser iwwert dee gliddege Reef geschott, fir dass en sech sollt zesummenzéien a wéi ugegoss um Rad sollt leien. De Schmadd war zefridden an hie sot: „Deen do kritt der Däiwel net méi erof." No sou engem schwéieren Aarbechtsdag huet de Schmadd, ganz zefridde mat senger Hëllefsequipe, eng Tournee zum Beschte ginn.

Wann den Näerdener Schmadd och ëmmer mam Fortschrëtt mat viru goung, sou huet en dach ganz laang nom 2. Weltkrich un enger aler Traditioun festgehalen. Géint Enn vun engem Joer, sou no Märtesdag, huet de Schmadd sengen „décke Clienten" d'Rechnung vum ganze Joer geschriwwen. Domat goung hien da vun engem Baurenhaff op deen aneren an huet säi redlech verdéngte Geld agezunn, net ouni deen een oder anere Client ze erféieren, deen sech verwonnert huet, dass de Schmadd esou dacks an engem Joer fir hie geschafft hat.

André Hausmann

De Schmadd vu Réimech

Wa mir bei de Gärtner Geméis siche goungen, si mir laanscht d'Schmëdd komm. 't koum oft vir, dass grad e Päerd beschloe ginn ass. Da si mir stoe bliwwen an hunn nogekuckt. Tëschent zwee eisene Gelänner stoung dat mächtegt Déier. Bannen huet d'Feier geflaamt, de Schmadd, mat sengem schwaarze Gesiicht, huet mat den Zaangen hantéiert a geruff, „Bleift ewech!", wa mir ze no komm sinn. An doheem huet d'Mamm op d'Porette gewaart!

Simone Bonenberger

De Klautchen

Wann mir haut „Klautchen“ soen, dann ass dat kee Kompliment. Et dréckt een domat aus, datt mat dëser Persoun net vill unzefänken ass. D’Originn vum Wuert „Klautchen“ ass awer dat franséischt „cloutier“ a bezeechent en Nolschmadd oder Neelschléier, e respektéiert Handwierk, dat et a villen Uertschafte gouf.

Eng grouss Geschéckerlechkeet a gutt Aarbechtsgeschir waren néideg, fir Neel vun allen Zorten a Gréissten – Schräinerneel, Schongneel, Huffneel, asw. – ze maachen.

Dem Klautchen säin Atelier war gewéinlech méi kleng wéi eng normal Schmëdd. D’Feier, dat an der Mëtt vum Raum gebrannt huet, ass vun engem Blosballeg um Glouse gehale ginn. Heiansdo war dëse Balleg mat engem Rad vun engem Meter Duerchmiesser verbonnen, an deem en Hond ronderëm gelaf ass, fir dat Ganzt a Bewegung ze halen.

De Klautchen huet esou laang op dee gliddegen Noldrot, eng reng Eisestaang, gehummert, bis eng Spëtzt sech geformt huet. Dann huet en d’Staang op déi gewënschte Längt gekierzt an uewen e platte Kapp dropgeschloen. Den Nol war fäerdeg an et ass erëm vu vir ugaangen. Méi wéi 1500 Neel den Dag konnt e fläissege Klautchen op dës Manéier schloen. Hien huet seng Wuer och selwer, dacks zu Fouss a mat enger Hatt um Réck, bei d’Schousteren, d’Schräiner an d’Woner aus der Ëmgéigend geliwwert.

Um Enn vum 19. Jorhonnert huet d’Industrialiséierung dësen ale Beruff ofgeschaaft. Zu Ettelbréck a virun allem zu Biissen sinn Neelfabriken opgaangen, déi a ganz anere Quantitéite geschafft hunn, wéi déi kleng Handwierker. Zu Biissen sinn 1889 vu 6 Aarbechter, 4 Léierbouwen a 15 Maschinne bis zu 250 Neel d’Minutt gemaach ginn. Esou hunn déi Biissener Leit och hire Spëtznumm „Klautercher“ kritt.

E Blechschléier a sengem Atelier

De Blechschléier

De Blechschléier huet fréier Géigestänn aus Metall wéi Kulangen, Leitungen, Bidongen an Haushaltsgéigestänn produzéiert, verschafft a gefléckt. Hien huet mat Feinblecher aus Eisen, Zënk, Koffer, Aluminium a Bläi geschafft.

Aus dem Liewe vun engem Blechschléier

De Jean-Baptiste Singer ass 1905 zu Réimech an enger kannerräicher Famill op d'Welt komm. No der Oberprimärschoul ass e bei e Blechschléier an d'Léier gaangen an huet sech an der Owesschoul op d'Geselleprüfung virbereet. Zu der Ausbildung huet gehéiert, dass een an d'Ausland schaffe goung. Mat engem Kolleg, dee Schräiner geléiert hat, ass den neie Gesell op Paräis Aarbecht siche gaang. Déi zwéin hunn e Patron fonnt, franséisch geléiert a sech an der Weltstad ëmgekuckt. Nodeems awer en Héichhaus nieft hirem Chantier zesummegefall war, hunn déi zwee Frënn geschockt d'Wallis gepaakt a sinn nees op Lëtzebuerg komm.

1940 huet de „Johann" Singer als „Beute-Deutscher" e Stellungsbefehl vun der Wehrmacht kréit. „Ech ginn net an de Kréich!", sot de Batti. Zwéi Kollegen hunn him geroden: „Sprang vum zweete Stack erof, da bréchs du dir e Been an du bass k.u.(kriegsunfähig)". Deen huet sech dat net laang iwwerluet. Ënne stongen déi zwéin opzepasssen, wéi de Batti gesprong ass. En hat sech e Bee gebrach an hat nach e puer Téitschen. D'Preisen hunn en dorops hinn op Kueblenz an d'Lazarett transportéiert. Wéi en nees lafe konnt, ass en op Marseille ofkommandéiert ginn. Mat sengem gudde Franséisch huet en sech do bei d'Maquisarden duerchgeschloen.

Wéi déi am Maquis him eng Schéiss wollte ginn, sot deen iwwerzeegten Anti-Militarist: „Non! Ech flécken eech all är Kulangen, awer schéisse ginn ech net." Bis de Krich eriwwer woar, huet de Batti säin Handwierk am Süde bedriwwen an hat säin Akommes.

1945 ass en iwwer Paräis zréck op Lëtzebuerg komm. Seng Kanner, déi an der Schoul waren, kruten do Bescheed: „Gitt heem, äre Papp ass erëm!" Wat eng Freed!

Alles woar am Opbau an d'Aarbecht huet net gefehlt. Seng Deplacementer huet de Meeschter mam Vëlo a mam Bus gemat. Vun den Dierfer sinn d'Baueren a Wënzer d'Material mam Trakter siche komm, nodeems doheem alles preparéiert gi woar. Jiddereen am Haus huet ugepaakt.

"Elo gëtt et Zäit fir de Führerschäin", sot de Patron. Et sollt net méi derzou kommen. De Batty ass 1958 am Alter vun 53 Joer onerwaart gestuerwen.

Olga Wallerich-Singer, gebuer 1937

De Géisser

Beim Géisse gi verschidde Substanzen, virun allem Metaller, mee och Toun a Gips a Forme lafen an doranner ofkille gelooss.

Bei flaache Formen – fir Taken an aner platt Gossstécker – gëtt dat ofgekillt Stéck einfach erausgehuewen. Dräidimensional, méi voluminös Formen, och Kokille genannt, ginn opgeschloen oder -geklappt, an dat fäerdegt Stéck gëtt erausgeholl a verbotzt.

FONDERIES DE LUXEMBOURG
WIES FRÈRES

Den Takegéisser:

Den Eisegoss huet sech am fréie 15. Jorhonnert an eise Géigende verbreet an huet mat de Kamäin- oder Takeplacken eng Revolutioun am Hëtze vun den Haiser mat sech bruecht.

An engem Mauerduerchbroch tëscht der grousser Feierplaz an der Kichen an dem Wunnzëmmer gouf eng Eiseplack agesat, déi d'Hëtzt vun engem Raum opgeholl an an deen aneren ausgestrahlt huet. Spéider sinn dës Taken (vum Laténgeschen *tegere, tectus* = decken, abdecken) mat schéine Motiver dekoréiert ginn, déi ganz dacks e reliéise Charakter haten. Besser Leit hu sech hire Wopen op der Tak duerstelle gelooss, anerer hate léiwer mythologesch Motiver aus der griechescher oder réimescher Geschicht. An der Weilerbaach un der Sauer war eng dichteg Géisserei, an där vill a schéin Take mat allerlee Motiver gemaach goufen.

Fir d'éischt huet en Holzschnëtzer, e richtigen Artist, dee meeschtens Konscht- a Miwwelschräiner war, de Motiv an de Middel (Model) geschnëtzt. Dat ass e flaacht Holzbriet mat de Moosse vun der fäerdeger Plack.

Mat reng gemuelenem, fiichtem Sand huet de „Former" flaach um Buedem e Sandbett preparéiert. Dorop huet en de Model fest opgedréckt, sou datt de Motiv am Negativ am Sand ofgedréckt gouf.

Zu gudder Lescht huet de Géisser dat flëssegt Gosseisen an d'Form lafe gelooss oder geschécker-lech drageschott. Wa se ofgekillt war, konnt déi fäerdeg Plack erausgeholl a ronderëm verbotzt ginn.

De Massard zu Käl huet Gargullendeckele gegoss, d'ARBED huet zu Eech nach nom Krich ënner anerem Iewen a Véikessele fir d'Bauere gegoss. Dat waren awer schonn industriell Betriber. Mee de Géisser huet nach ëmmer säin Handwierk musse gutt kennen.



Mam Himmerche gëtt de Klank vun der Klack gepréift

De Klackegéisser

Déi éischt Klacke goufen a Westeuropa um Enn vum 5. Jorhonnert gegoss. Virdru goufen déi Klanginstrumenter aus Bronze- oder Eiseblech zesummegenéckt (dt: genietet). D'Klackegéissen ass och haut nach eng besonnesch interessant Saach, an d'Leit aus der Por fuere mam Här op d'Plaz, fir derbäi ze sinn.

Well grouss Klacke fréier net wäit transportéiert konnte ginn, goufe se op där Plaz gegoss, wou se spéider laude sollten. De Klackegéisser huet säi Schantjen nieft der Kierch ageriicht, wouhinner och d'„matière première", eng Mëschung aus Koffer an Zënn, Bronze genannt, bruecht gouf, grad ewéi de Leem an de Sand fir d'Form ze bauen an d'Brennes fir d'Metall ze schmelzen.

D'Mëschung (den Alliage) fir eng gutt Klack besteet aus 76-80 % Koffer an 20-24 % Zënn. D'Gossform besteet aus zwou Schichte Leem, tëschent deenen en Huelraum gelooss gëtt. Duerch e Kulang gëtt d'Klackespeis bei 1100° C an d'Gosslach uewen an der Kroun lafe gelooss. D'Gasen, déi am Huelraum entstinn, kënnen duerch een oder zwee Zitlächer entwutschen.

E Klackegoss ass eng reliéis Zeremonie, déi dachs freides um 3 Auer zelebréiert gëtt, der Doudesstonn vu Jesus Christus. Ier et lass geet, biet de Klackegéisser fir datt säi Wierk gutt gerode soll.

An elo heescht et nach eng Kéier gedëlleg bleiwen, well et dauert e puer Woche bis d'Klack genuch ofgekillt ass, datt se aus der Form geschloe ka ginn. Eréischt da kann de Fachmann gesinn, op de Goss geroden ass. An eréischt mam éischte Schlag mam Holzhummer ass e sécher, datt se och de richtegen Toun vu sech gëtt.

De Ferdy Reiff (1928-1998) zielt a senger Benediktineraarbecht „Glockenklänge der Heimat"[†] 12 Lëtzebuerger Klackegéisser op, déi hei am Land geschafft hunn:

Englebert D. vun Äischen 1819 -1830; Eisenbach Henricus vu Lëtzebuerg 1770 - 1778;
Eisenbach Heinrich vu Lëtzebuerg 1867 - 1893; Eydt Batty vu Lëtzebuerg 1752;
Iohan vu Ruedt, Veianen 1490; Ritter Petrus vun Eech 1737/1746;
Gaspar von Vianden 1591/1605; Wilhelm (von Roide) Ruedt/Veianen 1490;
Blondelot Emile vum Houwald 1949/1953 net haaptberufflech;
Thill Lucien vun Äischen niewelaanscht 1953;
an en etlech „Wandergiesser", bekannter an onbekannter, déi och bei eis am Land gegoss hunn.

Déi meescht Klacken, déi haut an eise Klackentierm laude, komme vu Saarburg, wou d'Famill Mabilon méi wéi 400 Klacke fir Lëtzebuerg gegoss huet.

[†] Ferdy Reiff: Glockenklänge der Heimat -Campanarum Carmina- Eine historische Inventarisation aller in Luxemburg erhaltenen Glocken in zwei Bänden. Herausgegeben vom Kulturministerium, ISBN 2-87984-024-4.

An enger Mauer ass all Stee wichteg[1]





Bauen a Wunnen

Bei der Onofhängegkeet 1839 goufen et zu Lëtzebuerg kaum befestegt Stroossen. Déi eenzeg richteg Strooss goung vun Arel iwwer Lëtzebuerg op Tréier. Ausserdeem gouf et nach eng pavéiert Strooss vu Fréiseng op Ettelbréck. Fir d'Land aus der geographescher Isolatioun ze huelen an den economeschen Opschwong ze favoriséieren, sinn am 19. Jorhonnert, nieft dem Zuch, och eng sëllech Stroosse gebaut ginn. Fir d'Stroosse selwer, awer och fir Brécken, Tunnelen a Maueren ass vill Baumaterial gebraucht ginn. Steebréch a Sandgrouwe sinn iwwerall am Land opgemaach ginn.

Et ass dem Land no an no besser gaangen an et ass ëmmer méi dorëmmer gebaut ginn. De Lëtzebuerger Sandsteen an de Schifer aus der Géigend vu Maartel ware wichteg Baumaterialien. De Kallek aus de Kalleksbrennereie koum an d'Speis oder gouf geholl fir d'Haiser ze wäissen.

Aus Leem goufen Zille gebrannt. Och d'Aulebäcker hu mat Leem geschafft. Si hunn nach bis zum 1. Weltkrich hiert äerdent Geschir iwwerall am Land un d'Hausfrae verkaaft.

[1] Aus dem Gedicht *Al Steng* vum Jhemp Hoscheit

De Steebrécher an de Steeklappert

Mat Steng gëtt gebaut; fréier nach méi wéi haut, wou eis och aner Materialien, wéi Bëtong a Stol zur Verfügung stinn. Wat mat Steng gebaut ass, sief et en Haus oder eng Kierch, eng Mauer oder eng Bréck, hält Jorhonnerte laang.

Déi Nei Bréck gouf mat lëtzebuerger Sandstee gebaut

De Lëtzebuerger Sandsteen ass ee vun de bekannteste Baumaterialien hei am Land an ass scho vun de Réimer bei hirem Passage bei eis verschafft ginn. Och eis Buergen a Festungsmauere sinn aus heimesche Materialië gebaut. D'Steebréch zu Iernzen, zu Gilsdorf, an der Fiels an zu Reisdorf hu während laange Joren Aarbecht fir hir Awunner geschaaft, fir de Wuelstand vun der Ëmgéigend gesuergt an d'Architektur vun eisem Land geprägt. An der Stad sinn d'Nei Bréck, d'Post an den Haaptsëtz vun der Spuerkeess typesch Beispiller aus Sandsteen. 1902 waren an de lëtzebuerger Stee-, Gips- a Sandgrouwe ronn 1050 Aarbechter beschäftegt, wat beweist wéi wichteg dës Industrie fir d'Economie vum Land war.

D'Strecke vun de Schmuelspuerbunnen uechtert d'Land sinn dacks no der Lag vun de Steebréch geplangt ginn. Fir déi schwéier Steng zu transportéieren, war den Uschloss un d'Schinnennetz vu gréisster Wichtegkeet. D'ganz Ëmgéigend huet dann natierlech och vun dësem Uschloss un d'Eisebunn profitéiert.

Sou och um Sennengerbierg, wou grouss Steebréch waren, aus deenen d'Steng fir de Bau vun der Charlys-Streck tëschent Lëtzebuerg an Iechternach koumen. Iwwert d'Gare um Sennengerbierg mat hire speziellen Ofstellgleiser fir d'Steebréch si spéider d'Steebléck weidertransportéiert ginn. Dëst huet och derzou gefouert, datt de Sennengerbierg an d'Ëmgéigend sech Ufank vum 20. Jorhonnert rasant als Wunngebitt entwéckelt hunn.

Op der Musel goufen et vill Steekaulen aus deene Kallekstee gebrach ginn ass. Sou och zu Greiveldeng, wou fir d'éischt am Tagebau geschafft ginn ass an dunn a Grouwen. Den Oftransport vun de Steng ass hei haaptsächlech mat Schëffer iwwert d'Musel gemaach ginn.

De Steebrécher huet mat Dynamit aus dem Fiels d'Steng erausgebrach. Déi Stécker, déi ze grouss waren, fir ze transportéieren, goufe fir d'éischt zerklengert, dann a Lorrien (eng Zort Buggien) gelueden an op e grousse Koup getippt.

De Steeklappert huet déi graff Steng dann zu verwendbare Bauelementer verschafft. Hien huet missen d'Eegeschafte vum Stee kennen, mat deem e geschafft huet.

D'Aarbecht am Steebroch war haart

In den Wäldern nahe bei Bockholtz, in der „Freng", liegt ein seit dem Jahre 1938 geschlossener Steinbruch. Die alten Bockholtzer erinnern sich an Will Freres, der mit seinem Pferd die „Lorrien" vom Steinbruch zu den Brechern zog. Sie erzählen von der steilen Seilbahn zum Ladeplatz an der Straße in „Wollefslach". Die Holzthumer wissen noch von einer feierlichen Messe am Festtag der Heiligen Barbara für die Steingrubenarbeiter der Gemeinde Consthum.

Charel Schmit

D'Kanalskaul zu Bettenduerf

Aus diesem harten Stein wurden nicht nur die mächtigen Quadern sowie das Medaillon der Adolphbrücke in Luxemburg gehauen, sondern auch, was weniger bekannt ist, das Reinecke Fuchs darstellende „Fiesschen" (Monument Dicks et Lentz). Die Steine kamen im Rohzustand als sog. „pierres brutes" nach Luxemburg und wurden dort verarbeitet. Fuhrmann Reding aus Clairefontaine/Gilsdorf transportierte den Stein, aus dem der „Fiesschen" entstand, von der Kanalskaul bis zum Bahnhof Bettendorf. Wie aus einem noch erhaltenen Dokument hervorgeht, kostete diese Fahrt ganze 80 F.

Weitere Abnehmer waren die Marbrerie „Sermon & Dupont" aus Luxemburg, sowie der Unternehmer Pierre Seiler, der die Bettendorfer Steine u.a. für die Pfarrkirche von Cessingen verwandte. Auch ein imposanter Grabstein auf dem Bettendorfer Friedhof entstand aus demselben Gestein. Den Meissel führten „MM John frères, tailleur de pierres, Bettendorf".

Die Kanalskaul beschäftigte ca. 40 Arbeiter (unter ihnen viele Ausländer) unter der Leitung von Jean Kemmer, Vorarbeiter und Schriftführer, dessen kalligraphische Lieferscheine zum Teil noch erhalten sind.

Die Kanalskaul, die nicht mehr bewirtschaftet wird, nimmt sich flächenmäßig ziemlich klein aus im Verhältnis zu den ausgedehnten und vielverzweigten Steinbrüchen, die auf der rechten Seite der Sauer im sog. Gemeindewald (op der Kaul) liegen und sich fast kontinuierlich bis nach Gilsdorf erstrecken. Bis in die fünfziger Jahre boten sie, unter verschiedenen Besitzern, Arbeitsplätze für viele Bettendorfer, aber auch schon manche Gastarbeiter (vorwiegend Italiener). In diesen Steinbrüchen wurde eine der gewaltigen Säulen gebrochen, die die Echternacher Basilika tragen.

Aus: Bettendorf 1980, Aspekte einer Kulturlandschaft, Jean-Pierre Kraemer, Imprimerie Saint-Paul, 1980

Kallekbroch zu Waasserbëlleg, 1954

D'Steebréch zu Senneng, 1933

De Pavéert

Ier d'Stroosse goudronnéiert waren, huet de Pavé verhënnert, dass ee bei Reen am Bulli ënnergaang an am Summer verstëbst ass. De Pavé huet misse flaach an exakt verluegt sinn, fir dass ee konnt gutt driwwer goen a fueren. Dofir war de Beruff vum Pavéert schonn an der Antik verbreet.

Och bannen am Haff louch oft Pavé

Unter den Pflasterlegern gab es Künstler

Der Hof um das Haus wurde mit kleineren Steinen gespickt. Sie wurden mit einem festen Hammer mit langem Stiel nochmals am Boden geteilt, damit die „Speis" zwischen sie fließen konnte und sich gut verteilte. Dies nannten die Männer „Gestécks".

Leistete sich jemand einen gepflasterten Hof, so lag ein Haufen quadratischer Steine bereit. Sie waren von Spezialisten zurecht gehauen worden. Ein Arbeiter hockte auf dem Boden und legte die Steine in eine Sandschicht, die hierzu ausgebreitet worden war. Auch diese Steine mussten sich aneinander fügen, oder der Meister schnitt sie zurecht und klopfte sie mit einem kleinen Hammer in den Grund. Unter den Pflasterlegern gab es Künstler, die ihre Steine in Bogen und Linien legten. Nach getaner Arbeit wurde „Speis" hineingegossen und mit einer Art Schaufel und dem Besen in die Zwischenräume gezogen.

Ich erinnere mich an einen Pflasterleger, einen großen, starken Mann. Es war beeindruckend, mit welcher Geduld er die einzelnen Steine betrachtete, in der Hand wog, eine Unebenheit abwetzte oder abschlug. Er muss ein besonderes Verhältnis zu Steinen gehabt haben. Auf jeden Fall dachte ich wieder an ihn, als ich im Geologieunterricht lernte: „Es gibt nicht nur einen Kreislauf des Wassers, sondern auch einen Kreislauf der Steine. Er dauert nur viel länger."

Doch ich erinnere mich auch, wie schwierig es für uns Kinder war, das Gras zwischen den Pflastersteinen zu entfernen. Wenn ich mit meinem Messer auf der Erde hockte, dachte ich wieder an den großen Mann mit der grünen Samthose, der sich ja noch viel tiefer herunterbücken musste.

Mariette Leuck

De Steemetzer

De Steemetzer verschafft d'Steng um Bau weider zu Dier- a Fënsterrummen, Trapen, Biedem, Dekoratiounen u Fassaden an souguer och Denkmäler. Hien ass och fir déi eigentlech Ausféierung um Bau zoustänneg dat heescht, hie baut Maueren, Trapen asw.

Steine, die Geist und Herz erwärmen

Die Schnüre sind gezogen – nach den Vorgaben des Bauplanes. Geprüft sind auch die Winkel – nach dem pythagorischen Leitsatz a2+ b2=c2. Die wasserdichte Bitumen-Pappe liegt.

Nun soll der erste Stein des neuen Wohnhauses gelegt werden. Dass es ein schlichter 30er Betonblock sein wird, tut der plötzlichen Erregung des Bauherrn (und Maurers) keinen Abbruch. Er hat vor, mit möglichst waagerechten und senkrechten Mauern eine Wohnung zu schaffen, in welcher nach christlicher Tradition gelebt wird. Das will er dem Grundstein sagen. Und nun steht er vor dem wichtigen Akt, ohne Vorbereitung, ohne Gäste, ohne Wein.

Da fällt ihm das Kreuzzeichen ein, das die Mutter mit dem Messer auf jeden Brotlaib zeichnete, bevor sie ihn aufschnitt.

Mit der Kelle ritzt er schnell zwei Striche in den nassen Mörtel. Dann drückt er den Grundstein hinein.

Aus: De Cliärrwer Kanton, Charel Schmit, 1996/3

Steemetzer zu Veianen ëm 1920

Op d'Speis kënnt et un

Aus meiner Kindheit in den ersten Nachkriegsjahren erinnere ich mich, dass eine Familie entschied, ein Haus zu bauen. Das war damals eine Neuigkeit für das ganze Dorf. Denn es dauerte lange Zeit, bis das Haus fertig war. Dieses große Projekt gab vielen Handwerkern des Dorfes und der Umgebung eine Verdienstmöglichkeit.

Erst wurden die Steine in der „Steekaul" gebrochen und zur Baustelle gekarrt. Manchmal knallte es dann von weitem und Großmutter sagte: „Es wird gesprengt". Auch gelber Sand wurde aus dem Steinbruch angefahren.

Damals gab es noch keine Blöcke und die Maurer schichteten und fügten die Steine ineinander. Hierzu entfernten sie Ecken, schlugen Rundungen und prüften immer wieder mit Senkblei und Setzwaage, ob das Mauerwerk gerade aus dem Grund wuchs.

Manche Häuser hatten auch einen Keller mit Klopfsteinfundament, andere standen auf geklopfter Erde. In den meisten Fällen halfen Nachbarn und Freunde beim Klopfen. Es war eine schwere Arbeit, doch das Haus stand auf gutem Grund.

Später, als wir Schulkinder waren, kamen die Italiener. Sie waren absolute Spezialisten in Sachen Bau. „Sie haben es im Blut", sagte Großvater. Die einen kamen direkt aus Italien und waren damals, in den 50er Jahren, noch Saisonarbeiter. Andere hatten bereits im Bergwerk gearbeitet. Sie brachten aber nicht nur Arbeitskraft und Fachwissen. Obschon sie hart arbeiteten und oft schlecht logiert waren, etwa in ausgedienten Backstuben, notdürftig zurechtgemachten Hühnerhäusern und Hinterhöfen, umgab sie etwas wie ein Lächeln. Die meisten waren stets gut gelaunt, sie sprachen eine klangvolle Sprache, hatten gute Stimmen und sangen gern. Namen wie Ovidio, Enzo, Aurelio, Dino oder Maurizio dufteten irgendwie nach Sonne und Rosmarin. Ich entschied damals, irgendwann in meinem Leben, ihre Sprache zu lernen. Einfach weil sie so schön war.

Ich erinnere mich auch gerne an Mario. Er war als Kind gekommen, als die Familien nachreisen durften. Er war etwas älter als ich und manchmal kamen wir gemeinsam aus der Schule. Mario sprach schnell Luxemburgisch, doch die Schule hatte es ihm nicht so sehr angetan. Er war zuviel anderweitig beschäftigt. Eine besondere Glanztat war, mit dem Fahrrad eine steile Treppe hinauf und herunter zu fahren. Nach hartem Training und manchen Beulen schaffte er es.



Eines Tages vor den großen Ferien sagte er: „Jetzt habe ich von diesem stumpfsinnigen Leben genug. Ich bin fertig mit der Schule und gehe mit zum Bau. Weißt du, „op d'Speis kënnt et un." Dann gehst du mit dem „Männi", dann lernst du klopfen, dann hauen und wirst am Ende ein großer Mann."

Nach 14 Tagen Ferien saß Mario mit seinen Kollegen hinten auf dem Lastwagen, der die Arbeiter transportierte. Er durchlief die Lehre und wurde gar ein selbstständiger Unternehmer, der sich auf Fassaden spezialisierte. Hier soll es ja besonders auf die „Speis" ankommen.

Mariette Leuck

Zu Ettelbréck gëtt d'Bréck iwwer d'Sauer gebaut, 1952

Fir de Steemetzer geet näischt ouni Traufel

De Leekëppert

Niewent dem Sandsteen war och de Schifer e wichtegt Baumaterial, dat haaptsächlech an der Géigend vu Maartel (Uewermaartel, Pärel, Houltz a Wolwen) awer och zu Aasselbur an de Schifergrouwe gehae ginn ass.

Zu Maartel ass de Schiferofbau zënter der franséischer Revolutioun dokumentéiert. Déi éischt Grouwe waren einfach Lächer am Buedem, an déi een zu Fouss erofgaangen ass. D'Exploitante ware Privatleit, meeschtens Baueren, déi sech esou op hirem Land en Nieweverdéngscht geséchert hunn. Am 19. Jorhonnert goufen et op belscher an op lëtzebuerger Säit eng etlech kleng a mëttelgrouss Betriber. Ëm 1900 huet eng däitsch Famill, d'Famill Rother vu Frankfurt, déi kleng Privatbetriber opkaaft an eng regelrecht Industrie opgebaut.

De Schifer ass wuel och beim Baue vu Mauere benotzt ginn, mä hat säin Haaptasaz als „Leeën", fir d'Diech ze decken.

D'Schiferindustrie am Éisleck huet d'Regioun wirtschaftlech geprägt. Am Ufank vum 20. Jorhonnert hunn iwwer 600 Aarbechter an de Grouwe geschafft a konnten esou hir Familljen ernieren. Fir den Transport vun de Leeën uechtert d'Land, goufen 1890 d'Schinne fir de Jangeli bis op Näerden verluecht. Dës Géigend gouf esou un d'Haaptstad ugeschloss.

An de Grouwen hunn d'Aarbechter d'Schiferbléck vu 6 op 4 Meter erausgeschnidden, mat enger Déckt vu 50 cm. D'Bléck sinn e bëssen zerklengert ginn an da vun de Schlepper a Buggien erausgeféiert ginn. An der Fabrikshal sinn d'Steng an handlech Stécker zerluecht a vum Meeschter an dënn Plaquë gespléckt ginn. Aus dëse Plaquë goufen d'Leeën erausgeschnidden.

Nom 2. Weltkrich ass d'Konkurrenz aus dem Ausland ëmmer méi grouss ginn an et gouf verpasst, zu Lëtzebuerg ze innovéieren an ze moderniséieren.1986 huet déi lescht Leekoll zu Uewermaartel zougemaach.

D'Ardoiserie de Martelange

De Michel Kaffman erënnert sech u säin éischten Dag

Mat 14 Jor hunn ech ugefaang an der Leekoll ze schaffen. Dat ass deemools séier gaang, ech muss soen, et war fir mech eng Freed fir ze soen als Kand, ech ginn an d'Leekoll schaffen.

An du sinn ech owes heem komm, de leschten Dag vun der Schoul, an ech hu meng Bicher erausgeholl an du hat meng Mamm mer schonn eng Kluck Kaffi, zwou Kuuschten an en Apel bei de Schuppsak gesat. Du war ech prett fir deen aneren Dag an d'Leekoll. Et war e laangen Dag, ech hat net gemengt, datt en esou laang géif ginn, mee en huet 40 Joer gedauert.

Extrait aus dem Film „Bloe Steen". D'Lëtzebuerger Schiferindustrie. Réalisatioun Tom Alesch. CNA/CTE 2007

De Pierre Schannes an de Roger Holzmacher hunn an der Leekoll geschafft

P.S.: Et ass ëmmer mueres ëm halwer aacht ugefaange ginn, géint véirel op siwe si mer erofgefuer. 10-11°C waren et ëmmer. Wann ee geschafft huet, da war et gutt, awer wann een do stung näischt ze maachen, da war et kal. Wann een do geschafft huet wou d'Tuckmaschinn war, do war schéine Kaméidi. Dat anert dat ware kleng Lofthimmer, et huet ee selwer domat geschafft, dat huet een net méi an Uecht geholl. D'Tuckerten, déi hunn d'Kroune getuckt: „dumm, dumm, dumm", ass dat de ganzen Dag gaangen. Si hunn de Plafong erausgetuckt an dann d'Säiten. An da sinn d'Kollemänner komm, déi hunn de Fouss mam Lofthummer geschnidden.

R.H.: Dann ass mat der Schlo ënnendrop geschloe ginn, fir de Stee lasszebriechen. Wann d'Säiten da geschnidde waren an ënnen de Fouss an uewen d'Kroun, dann ass de Stee lass gaangen, sou wéi dat beim bloe Steen ass, wéi Blieder, déi iwwertenee gepecht sinn. An dann ass de Steen erofgerutscht.

P.S.: An dann ass de Steen erausgezu ginn, an zerklengert.

Extrait aus dem Film „Bloe Steen". D'Lëtzebuerger Schiferindustrie.
Réalisatioun Tom Alesch CNA/CTE 2007

De Meeschter huet der Schiferung no d'Steng, déi e bësse méi grouss waren, wéi déi fäerdeg Lee, gespléckt. E Männi (Léierbouf) huet da gehollef, d'Lee erauszeschneiden.

Den Eugène Schmit, fréiere Comptabel, erënnert sech

An dann de Männi, hien huet misse sichen, vun deene Steng déi gréisste Leeën erauszekréien. Well et ass alles op d'Gréisst an och op d'Quantitéite bezuelt ginn. Et war alles am Accord hei.

Michel Kaffman: De Männi, deen net vum Meeschter an den Ae gehal ass ginn, deen huet kleng Modellen op grouss Leeë gemaach an et gouf vill Gresch (Offall) an d'Këscht. Da war net vill an der Pai!

Extrait aus dem Film „Bloe Steen". D'Lëtzebuerger Schiferindustrie.
Réalisatioun Tom Alesch. CNA/CTE 2007

De Kalleksbrenner

Am noe Grenzgebitt kann een emol nach Iwwerreschter vu Kallekiewen gesinn z.b. Freudenburg (Eiderbeg)

Kalleksbrenner ass e Beruff, deen et seit dem Altertum gëtt. Fréi schonns haten d'Mënsche verstanen, dass een aus dem Kalleksteen eng wichteg Bausubstanz gewanne konnt.

Am ganze Gutland verstreet goufen et bis den 2. Weltkrich Kalleksteebréch a Kalleksbrennereien. Et huet sech haaptsächlech ëm Familljebetriber gehandelt. De Kallekstee gouf a speziellen Iewen erhëtzt (e gouf „gebrannt") an esou ass bei iwwer 900° C Brandkallek entstanen. Dëse gouf mat Waasser zu Kallekfaarf, Kallekspeis oder hydrauleschem Kallek weiderverschafft. Ausserdeem ass an der Landwirtschaft Kallek als Dünger geholl ginn.

D'Kalleksbrennerei huet hei zu Lëtzebuerg e groussen Opschwonk kannt, wéi an den Héichiewe beim Thomas-Verfahren Kallek gebraucht ginn ass, fir dass d'Schlake sech bilde konnten.

Bis an d'zwanzeger Jore vum viregte Jorhonnert goufen et och zu Nouspelt Kalleksbrenner

Die blauen Kalksteine wurden meistens in der Nähe des Ofens gebrochen und dann schichtweise in den Ofen gelegt. Zwischen die Steinlagen kam jedes Mal eine Kohlenschicht. Zum Füllen eines Ofens gehörte eine bestimmte Kennschaft. Die verschiedenen Steinschichten mussten abwechslungsweise schräg nach links und schräg nach rechts gelegt werden.

Nachdem der ganze Ofen gefüllt war, wurde er oben mit Lehm abgedeckt. Im Kellerraum entzündete man ein Feuer, das sich nach einer bestimmten Zeit durch den Gitterrost hindurch auf die Kohlen zwischen den Steinlagen übertrug. Dieses Sickerfeuer brannte im eigentlichen Kalksteinbehälter während 8 Tagen. Nach Abkühlung wurde der Ofen geöffnet. Die blauen Kalksteine waren nun grau und brüchig. In diesem Zustand wurden sie verladen und mittels Karren hauptsächlich zu den Baustellen im Süden unseres Landes und nach Lothringen gebracht. Die Bauunternehmer warfen die gebrannten Kalksteine in eine Grube und gossen Wasser darüber. Nach einer kurzen Zeit zerfielen die Steine und der so entstandene „Teig" wurde mit Sand und Kies vermengt als Mörtel verwandt.

Ed. Kandel am Interview mam Fritz Schockweiler, 1976

De Wäissert

Früher war es so, dass die Häuser des Dorfes mit den einfachen Mitteln von damals regelmäßig einer Verschönerung unterzogen wurden.

Ein berufener „Wäissert“ trat dann in Aktion, assistiert von den Männern der jeweiligen Häuser und umringt von einer Schar neugieriger Kinder. In einer großen Bütte wurde Kalk mit Wasser zu einer Kalkmilch aufgerührt, die dann mit einer breiten Tüncherbürste an langem Stiel auf die Wände gestrichen wurde.

War der Fuß der Mauern geschwärzt, waren die Fenster und Hölzer mit Ölfarbe und Bleiweiß gepinselt, waren schlussendlich alle Kleckse und Spritzer abgeschabt und abgeschrubbt, so sahen die alten Gebäude wieder recht präsentabel und festlich, wenn nicht gar hofähnlich aus.

Charel Schmit, aus: De Cliärrwer Kanton, 1999/2

Holztem, am Mee 1970
Den Albert Georges an den Armand Schmit wäissen d'Fassad vum Baurenhaus Georges-Arend („Taffeléisch“)

Dat selwecht Haus, am Jor 1969.

De Fouermann ass de Valentin (Felten) Serres vun Holztem

Die Merler Kirmes fällt auf den Sonntag nach Christi Himmelfahrt. Ältere Leute erzählten, dass die Häuser zu diesem Ereignis neu geweißt werden mussten. Auch an Christi Himmelfahrt war Feiertag und Hochamt. Nach der Messe eilten die Bauern sofort nach Hause, um mit dem Weißen für die Kirmes zu beginnen. Sie hörten geduldig zu, wie der Pfarrer von der Kanzel wetterte – aber er hatte kein Haus zum Weißen.

Mariette Leuck

De Wäissert kënnt

Mäi Papp, de Misch Meyers, war 1876 zu Nogem bei Réiden am Haus Kloosemates gebueren. Dat ass mäi Verhalt. Spéider ass hien no Eechternoach abestod gänn, wu hien e Kallekshandel ogefaangen hot. En hot säi Liéwen dermat gemaach, besonnisch am Eislik voan meendes bis samsdes op Tour zu säin an dat bis 1927. Wann hien dann Enn der Woch heem komm ass, hat hien 1000 Frang Boargeld an der Teesch, dat ware vill Suen. Méindes, wann hie fortgefuer ass, hu mir him 5 Balleseek Fouder an e Seester Hoawer fir d'Päerd matgeen. Mat der Glok an der Hand ass hien duerch d'Dierfer gezunn an hot geruff: „Kallek fir ze wäissen." Dann hunn se gesot: „De Wäissmisch ass am Duarf". Dat war meeschtens e Mount viron der Kiirmes. Dann hoan d'Leit d'Haiser frësch gemaach an hien hot hinne Kallek, Wäiss a Faarwe verkaaft, an net ze vergässen och nach Buff voam Ossyra.

De Kallek gouf hei zou Eechternoach an der „Alef" vun der Famill Ali Dieschbourg gebrooch an an der Kroan (rue Krunn) gebrannt. Och den Täuf (Tuffstein), deen um Berdorfer Wee um Wollefs Metti säinem Hiwel gebrooch gouf, gouf gebrannt.

Wann d'Leit net kënnech mam Kallek woaren, hot de Papp en hinne selwer opgedoen, fir datt si en net solle versauen. Well dat hot ee misse kënnen; de Kallek duarft net ersoff gänn.

Wien es vill gebraucht hot, hot de Kallek op e Kupp geloacht, e mat geelem Sand zougestoppt. Dat Ganzt war dann esou déck wéi en Hop Hei an ass mat Waasser ogestooch gänn.

A.M.

Aus: D'Lëtzebuerger Baurenhaus, Georges Calteux, Editions Phi, 1997

De Gipser

D'Gipser hunn, wéi all déi aner Handwierksleit och, fréier missen alles mat der Hand maachen. Si waren zum Deel och Kënschtler, wa se d'Plaffongen mat Stuck schéin decoréiert hunn.

Eine etwas tragische Gestalt ist Emil, der Gipser. Er war ein schlanker, hagerer Mann, mit einem freundlichen Wesen. Er trug stets weiße Hosen, eine weiße Jacke und eine weiße Mütze. Emil hatte zwei rechte Hände. Er brachte es fertig, ganze Häuser zu gipsen, glatt, ohne die kleinste Unebenheit. Er machte Decken mit einer Art von Kasteneinlagen und Skulpturen. Kurz, er war ein absoluter Meister in seinem Fach. Ein Meister? Emil ging lange Zeit nach harten Arbeitstagen zur Abendschule, um den Meisterbrief zu erhalten. Aber der französische Subjonctif und Passé composé machten stets einen Strich durch Rechnung und Meisterträume.

Ich weiß nicht mehr, ob es am Ende doch gelang. Für diejenigen aber, die ihn wirklich kannten, war Emil ein Meister im besten Sinne des Wortes, auch ohne Subjonctif und Passé composé.

Mariette Leuck

Den Aulebäcker

De Beruff vum Aulebäcker (op däitsch: Töpfer) ass no zwee Jordausenden hei zu Lëtzebuerg ausgestuerwen. Déi lescht Aulebäcker gouf et zu Iechternach an zu Nouspelt. Virun 1900 hunn d'Aulebäcker hiert äerdent Geschir um Maart verkaaft oder si vun Haus zu Haus gezunn.

Zu Iechternach ass no an no am 19. Jorhonnert aus dem Handbetrib, bei deem nach op der Dréischeif geschafft ginn ass, e Fabriksbetrib entstanen, an deem Blummendëppe gemaach gi sinn. Bis den éischte Weltkrich hunn déi Iechternacher Betriber vum Zollverein profitéiert an e groussen Deel vun hire Wueren an Däitschland verkaaft. Nom Krich hu se dunn een nom aneren opgehalen an et ass nach just d'Blummendëppefabrik vun de Gebridder Selm iwwereg bliwwen.

Déi Nouspelter Aulebäcker kucken op eng laang Traditioun zréck: hei gi schonn zënter dem Mëttelalter Zillen, Péckvillercher an Iessgeschier fabrizéiert. D'Geschäft ass bis zum Enn vum 19. Jorhonnert gutt gelaf, huet dunn awer rapid ofgeholl: hunn 1867 nach 11 Leit vun dësem Beruff zu Nouspelt gelieft, sou waren et der 1885 schon nëmme méi 9, 1895 nach 6 an 1903 nach just 2. 1914 huet dee leschten Aulebäcker zu Nouspelt, den Nicolas Schneider, opgehal.

Etablissement Selm, Iechternach, 1952

Den Nic Schneider (1864-1941) dréit op sengem Tour

Den Nicolas Schneider, Dittges Néckel genannt, beschreift seng Aarbecht

De Leem huet misse mat Waasser opgeréiert ginn. De Bräi, dee gouf getrëppelt mat de blousse Féiss. Alles wat dran näischt notz war, Gras oder Wuerzelen oder all dat Geschir, dat huet missen eraus geraaft ginn. A wann dann déi Matière gedréchent war, dann ass se zerklengert ginn, zu Stëbs. An da gouf erëm Waasser bäigeschott, an no e puer Deeg, duerch e Seibecke vu groussem Format gedriwwen, an da war d'Affaire, war de Rohmaterial fäerdeg an der Rei fir gebak ze ginn.

Den Uewen, dee gouf ugesat. Véierzeg bis fofzeg Stonnen huet d'Feier dann dra geduddert a geroost. 't huet net zevill duerft sinn, mee och net ze wéineg. Dat hat den Aulebäcker sou am Grëff, wéi d'Feier ze reguléiere war. Op eng Bakecht gunge staark dräi Kouerten Holz.

All Kéier huet eng Bakecht dräi geliedert Ween voll Wuer ginn. D'Händler sinn dermat op den Tour gefuer, uechtert d'Land, an och an d'Noperschaft, a se hunn dat Geschir an den Dierfer ofgesat. Deenen hire Profit, dee war méi wäert ewéi mäin.

Aus: Brochure 6 du Syndicat d'Initiative de Nospelt, p. 10-12, Ehrenprofessor Jos Hess zum Gedenken

D'Eemaischen

An der Stad an zu Nouspelt gëtt op Ouschterméindeg d'Eemaischen ofgehalen.

D'Traditioun vun dësem Maart geet op den Aulebäcker hiert Zonftfest zréck, dat si an der Méchelskierch gefeiert hunn. No der Mass gouf um Fëschmaart äerdent Dëppegeschir verkaaft. Den Numm Eemaischen kënnt vun der biblescher Stad Emmaus, wou de Jesus no sengem Doud senge Jünger erschinnen ass.

D'Haaptattraktioun vun der Eemaischen, an e beléift Sammlersteck, sinn d'Péckvillercher, aus Toun gebake Päifen a Form vun engem Villchen.

Eemaischen ëm 1920



An dobausse stinn d'Gaarwe Kaascht u Kaascht,
*op de Bauer ze waarden, e stolze Laascht**

D'Bauerewiesen

Lëtzebuerg ass traditionell en Agrarland, an deem sech eréischt um Enn vum 19. Jorhonnert d'Industrie esou richteg entwéckelt huet. 1839, wéi Lëtzebuerg onofhängeg gouf, hunn ¾ vun der Bevëlkerung um Land gelieft. D'Leit waren aarm an déi lëtzebuerger Landwirtschaft huet et net fäerdeg bruecht, hir Leit ze ernieren. Déi meescht Baueren hate kleng Betriber mat wéineg Land, den Aackerbau war primitiv an d'Véiwirtschaft onrentabel.

Mëtt vum 19. Jorhonnert sinn am Land Fabriken entstanen, déi ënner anerem och eise Pléi a Walze fabrizéiert hunn. Esou ass den hëlzene Plou ofgeléist ginn, a kuerz drop konnt een och déi éischt Dreschmaschinnen am Land bewonneren. Dës, an nach aner technesch Neierungen, d'Düngen duerch d'Thomasmiel aus de Schmelzen an d'Aféiere vun neie Rannerrassen hunn et mat sech bruecht, dass et der lëtzebuerger Landwirtschaft no an no besser gaangen ass.

Am 20. Jorhonnert sinn déi landwirtschaftlech Betriber ëmmer méi grouss a rentabel ginn. Virum éischte Weltkrich waren nach bal 2/3 vun de landwirtschaftleche Betriber Niewebetriber, dat heescht, dass de Bauer nach en zweete Beruff hat. Domat war et gréisstendeels eriwwer nom Zweete Weltkrich. Déi kleng Baueren hunn opgehal an hir Lännereie verkaaft.

Ier et d'Maschinne gouf, war d'Aarbecht um Feld ustrengend, an huet déi ganz Famill vum Bauer mobiliséiert. Déi méi räich Baueren haten ausserdeem e Kniecht an eng Mod, an hu fir déi wichteg Aarbechten Doléiner agestallt. An deene meeschten Uertschafte gouf et en Duerfhiert, dee mat de Baueren hiren Déieren iwwert d'Gewan gaangen ass.

*Aus dem Gedicht *Mëttesstonn* vum Marcel Reuland

De Bauer a seng Fra

Fréier konnt eng Bauerefamill vun deem liewen, wat se gezillt hunn. D'Fleesch an d'Mëllechprodukte koume vun hiren Déieren, d'Uebst aus de Bongerten an d'Geméis aus dem Gaart. Si hu Brout a Kuch gebak, d'Woll vun de Schof an de Fluess gesponn a munchereen huet säi Léngent gewieft.

D'Grompere ginn erausgeholl

Am Hierscht oder am Fréijoer sinn d'Felder fir d'Sot virbereet ginn. De Plou gouf vun engem Päerd oder den Uesse gezunn. D'Fruucht an d'Rommele goufe vun Hand geséit an d'Grompere gesat. Spéider sinn d'Rommele geläitert an d'Grompere mam Heel gekappt a geheeft ginn.

Enn Mee, Ufank Juni gouf d'Gras geméit an d'Hee erabruecht. Am Summer war de Karschnatz, am Hierscht goufen d'Gromperen an d'Rommelen erageholl. Am spéiden Hierscht ass gedrescht ginn, d'Äppel goufe gelies oder gerëselt, fir Viz ze maachen.

Nieft der Aarbecht um Feld war d'Aarbecht am Stall. D'Kéi si gefiddert, gestrach a gemëscht ginn. Wa Kalwer do waren, sinn déi extra gefleegt ginn. Ranner, Päerd a Schwäin, Gänsen an Hénger, all hu se misse versuergt ginn.

Déi déck Baueren oder Härebaueren haten d'Soen am Duerf, net zulescht dofir, well se Aarbecht ze verginn haten: si hate Kniet a Meed an hunn Doléiner gebraucht, fir um Feld, am Stall oder an de Bëscher ze schaffen. Déi kleng Bauere sinn oft och Kräizerbauer genannt ginn. Si haten net vill Land, eng Kou, e puer Hénger. Wa se kee Päerd a kee Gefier haten, si se bei den décke Bauer schaffe gaangen an hunn als Géigeleeschtung hiert Land geplout, hir Wiss geméit an d'Hee ageféiert kritt. A wann am Hierscht d'Grompere-Vakanz war, sinn d'Kanner all mat oprafe gaang.

Zu engem Bauerewiesen hunn nieft engem ënnerkellerte Wunnhaus Ställ, Scheieren, wou d'Kazen de Mais opgelauert hunn, a Geschäpp fir d'Geschir an d'Maschinne gehéiert. Oft waren eng Weed fir d'Kéi an e Schwéngssteck no beim Haus. Den Hond huet den Haff bewaacht an d'Kéi zesummegehal.

Wann et gutt kal war, sou ëm Allerhelljen, dann ass et un d'Schluechte gaang. Oft ass e Schluechter an d'Haus komm, deen d'Schwäi verschnidden huet. Et ass Pâté, Gelli, Träipen an Zoossiss gemat ginn. D'Hame sinn an de Solper geluecht ginn, éier se an d'Räzhaische koumen. D'Kotlette si mat den Noper gedeelt ginn. Wann deen da geschluecht huet, koume se erëm!

Eng wichteg Roll hat dem Bauer seng Fra. Si huet d'Kéi vun Hand gestrach, d'Mëllech geseit an d'Kane gefëllt. Mam Handweenche sinn déi dann op deen nächsten, ëffentlechen „Holzbock" gefouert ginn. En Deel vun der Mëllech huet d'Fra vum Haff sech zréck behal. Déi ass entramt an zu goldgielem Botter gerompt ginn.

Der Fra hir Aarbecht war och, fir d'Hénger ze fidderen an d'Eeër opzehiewen. Si huet d'Schwéngsgrompere gekacht an d'Rommele fir d'Schwäin an der Maschinn geschnëtzt.

Wann d'Haus, de Mann an d'Kanner versuergt waren, huet d'Bauerefra am Gaart geschafft an d'Famill d'ganzt Joer mat Geméis versuergt. Den Hierscht ass Sauermous gemat ginn, Uebst ageweckt an d'Quetschen zu Kraut gekacht ginn.

Munches beim Bauer huet sech duerch déi vill Maschinne verännert, awer haut wéi deemools gëtt de Rhythmus um Bauerenhaff vun de Joreszäiten an dem Wieder bestëmmt.

D'Päerd am Manège dreiwen d'Dreschmaschinn un, Bënzelt, 2001

„… ist der Eimer voll“

Wenn gegen Abend die Kühe von der Weide nach Hause kamen, fing bald das Geklapper der Kannen an. Sie wurden vor dem Stall aufgestellt. Dann nahm die Bauersfrau Eimer und Schoppen aus der Milchküche und ging in den Kuhstall. Dort setzte sie sich auf einen niedrigen dreibeinigen Hocker hinter jede Kuh, der Reihe nach, und presste die Milch aus den Zitzen in einen Eimer, den sie zwischen den Knien hielt. War der Eimer gefüllt, wurde er in einen Kessel entleert. Nach dem Melken schöpfte Irma etwas Sahne ab und füllte die Kannen, die ihr Sohn auf einem Handwagen an die Sammelstelle brachte. Dort holte sie der Lastwagen der Molkerei ab und ließ die leeren Kannen vom Vortag zurück. Sie wurden dann in der Milchküche auf Hochglanz gebracht. Als Kind faszinierte es mich, zuzusehen wie die Milch in den Eimer spritzte. Es gab dazu ein lustiges Kinderlied: „Stripp strapp stroll, ist der Eimer bald voll!“ Ja, es war interessant, es war in etwa auch lustig; die Milch „frisch von der Kuh“ war lauwarm und schmeckte herrlich. Aber ich musste in der Stalltür stehen bleiben, denn auch die geduldigste Kuh konnte nach hinten treten und einen argen Schlag versetzen. Die Tiere waren auch an Frau Irma gewöhnt und mochten sie. Sie wollten gemolken werden, denn volle Euter taten ihnen weh. Eine kleine Wunde konnte aber zu gefährlichen Reaktionen führen, von denen der umgeworfene Eimer die harmloseste war. Und auch deshalb war die Erfindung der Melkmaschine eine große Erleichterung.

Haut gëtt net méi mat der Hand gestrach

Mariette Leuck

Fir eis Kanner war et ëmmer en Erliefnes, wa mer hunn dierfen uewen um Heewon mat heemfueren. Do konnt een esou gutt um Réck leien an et huet ee soss näischt gesinn, wéi dee grousse bloen Himmel an e puer wäiss Wolleken, déi iwwert d’Fudder Hee ewechgeschwieft sinn. An da konnt een esou schéin dreemen an d’ganz Welt vergiessen. An dee schaarfe Geroch vum frëschen Hee an dat monotont Gestuckels vum Gefier, dat zwar duerch déi mëll Ladung ofgeschwächt gouf, hunn ee ganz duseleg gemaach, an d’A sinn engem wéi vum selwen zougefall.

André Hausmann



Am Hee paakt déi ganz Famill eng Hand mat un

Mit dem Heubläser geht's einfacher

Das Abladen der Heuwagen war eine schwere Arbeit. Mit einer Gabel wurde der Wagen nach und nach geleert. In den meisten Fällen wurde das Heu nach oben gereicht, wo der Bauer, oder auch junge Leute, es in einer offenen Tür entgegennahmen und auf der Tenne aufhäuften. Die Kinder „sprangen" das Heu fest.

Deshalb war der Heubläser eine grosse Erleichterung. Es war dies ein dickes Rohr, das unten an eine Art Trichter angeschlossen war. Das Heu wurde nun unten eingefüllt und mit Hilfe eines kleinen Motors nach oben auf die Tenne geblasen. Die Gebläse hatten einen eigenartigen, langen Ton, den man im ganzen Dorf vernahm. Aber – wenn der Heubläser zu hören war, war es wirklich schöner Sommer und die Kirschen waren reif.

Mariette Leuck

Op senger Mëscht ass den Hunn Meeschter

Zu jedem Bauernhof, ob groß oder klein, gehörte ein Misthaufen. Allerdings, Misthaufen ist nicht Misthaufen! Es gibt hier gravierende Unterschiede. Ein stattlicher Misthaufen nahm meist die Mitte des Hofes ein und bezeugte, dass in diesem Anwesen ein großer Viehbestand auf gutem Stroh stand, dass die Tiere sauber gehalten und die Felder zünftig gedüngt wurden. Kurz, daß es sich um einen blühenden Betrieb handelte. So mancher Heiratsvermittler warf ein Auge auf ihn und entschied, ob er sich bemühen sollte oder nicht. „Es ist nicht einmal ein ordentlicher Misthaufen vor der Tür“, war ein verheerendes Urteil, dem wohl kaum ein Hochzeitsschmaus folgte.

Krönung des Ganzen aber war ein stolzer Gockel, der von hier aus, dem höchsten Punkt seiner Welt, als kleiner König herrschte. Hier schlug er in die Flügel und krähte, hier konnte er nach Herzenslust kratzen und fündig werden – ohne viel Mühe –, hier war er wichtig und wahrer Herr des Hühnerhofes.

Natürlich war der Bauer stolz auf ihn, auf sein leuchtendes, gesundes Gefieder, seinen kräftig roten Kamm, denn „wie der Herr so das Gescherr“. Wenn sein Gockel früh morgens den Tag verkündete, erwachte das Dorf – und das will doch was bedeuten. Oder nicht?

Mariette Leuck

Quetsche-Kraut ass eppes Gudds a gëtt nach haut gekacht. Déi selwecht Kachzäit, dee selwechte Koffer-Kessel. Et gi vill fläisseg Hänn gebraucht fir opzemaachen a kräfteg Männerärem fir ze réieren, réieren, réieren: sou tëschent 3 a 4 Stonnen! Awer wat dann aus dem Kessel kënnt, dat ass e Genoss.

’t gëtt Viz gemaach

Vun de Wisenäppel gouf all Joer Viz gemaach. Mä dem Heentzepapp waren dat net Äppel genuch. Duerfir huet en ze soen all Joer e Lous Vizäppel gesteet, déi d’Stroossebauverwaltung laanscht d’Stroosse versteeë gelooss huet. Da sinn ech am Hierscht mat mengem Stéifpapp mam Weenchen der Strooss no gefuer, a mir hunn déi rout a wäiss Vizäppel vun de Beem erofgerëselt, se opgeraf an a Säck geschott. Wa 5-6 Säck voll waren, hu mer se op de Weenche gelueden a sinn domat heemgefuer. E puermol hat den Heentzepapp och Äppel beim Betzder Schlass gesteet, ëm dat Honnerte vun Uebstbeem stoungen.

D’Äppel goufen op dem Wues hannert dem Haus op e Koup geschott a sinn do wochelaang „mautsche“ gelooss ginn, fir dass nach méi Saaft dra kéim. Gewéinlech gouf ëm d’Allerhellgendeeg Viz gemaach. D’Äppel goufen an eng Bidde mat Waasser geworf, fir se gutt ze wäschen. Duerno goufe se an d’Uebstmille geschott. An der Millen, déi mat der Hand huet misse gedréit ginn, sinn d’Äppel zerquetscht ginn, sou dass d’Saaft no alle Säite gesprëtzt ass. Déi zermuelen Äppel sinn an eng grouss Bidde gefall, op där d’Uebstmille stoung.

Wann d’Bidde voll zerklengert Äppel war, sinn déi mat engem Eemer an de Kelter geschott ginn. Zum Schluss goufe Brieder a stabil véierkanteg Stécker Holz uewen drop geluecht. Mat enger aussergewéinlech décker Schrau, déi ee mat engem laangen, eisenen Hiewel konnt zouzéien, sinn d’Äppel zesummegepresst ginn an d’Saaft ass da schaimeg an eng hëlze Biitche gelaf.

Dee Moment ware mir Kanner mat engem Glas bäi Hand an hunn dee séisse Viz, deen herrlech geschmaacht huet, opgefaangen a giereg gedronk. Et war e Genoss äis nozekucken. Fir dass d’Kanner och nach de Wanter heiansdo eng Fläsch gudde Saaft kënnten drénken, huet meng Mamm drop gehalen, dass all Joer 20-30 Fläschen agekacht goufen. An esou blouf de Viz dat ganzt Joer séiss.

Den Heentzepapp iewer war beflass, datt all Drëps Äppelsaaft a seng Fässer an de Keller kéim. Do ass de Stopp vum Faass opstoe gelooss ginn, bis de Viz gegäert a säi séisse Geschmaach verluer hat. Da war e gutt fir op den Dësch an den Heentzepapp war zefridden, wann e säin Dronk all Dag an de Keller konnt zape goen.

André Hausmann

Den Hänni Serres vun Holztem mat senger „Roll“, 1967

Mäi Frënd Tella

Als kleines Mädchen hatte ich einen besonders lieben Freund: Tella. Er war Hofhund beim Bauern auf der anderen Straßenseite. Seine Hütte stand am Eingang des Vorplatzes, er lag auf einer Strohmatte und an kühleren Tagen hing ein Sack vor seiner Türöffnung. Bei großer Kälte lag er im Stall. In einem Blechnapf waren Essensreste aus der Küche, in einem anderen Wasser von der Pumpe in der Ecke. Und Tella nagte stets an einem Knochen. War dieser abgenagt, stärkte er noch seine Zähne daran oder spielte damit.

Man mag es glauben oder nicht: „Hofhund sein ist ein Beruf“. Näherte sich jemand von der Strasse her, so bellte Tella. Witterte er den Fuchs, bellte er auch, nur in einer anderen Tonart. Er hatte empfindliche Ohren und war ein aufmerksamer Wächter. Wie die meisten Hofhunde lag er an einer langen Kette. Wurden die Kühe zur Weide gebracht, ging er pflichtbewusst mit und hielt alle in Schach. Am Abend lief er dem Bauern wieder voraus, um die Kühe nach Hause zu treiben und zum Melken in den Stall. Wenn die Kannen klapperten, kroch er in seine Hütte, wurde angebunden und döste vor sich hin, doch mit stets gespitzten Ohren. Er verteidigte sein Hundereich gegen Katzen, Wiesel oder ähnliches Getier. Aber ich, als kleines Kind, durfte zu ihm. Zum Schrecken meiner Großmutter durfte ich sogar mit ihm in der Hütte liegen und ihn streicheln. Manchmal rief er mich auch mit einem besonderen Laut der Hunde- und Kindersprache. Wurde er nicht sofort angebunden wenn die Kühe abends zu Hause waren, kratzte er an unserer Tür. Ich durfte eine Runde auf ihm reiten. Dann wünschten wir uns eine gute Nacht und Tella döste wieder vor seinem Napf oder nagte am Knochen.

Mariette Leuck

Den Doléiner

Den Doléiner war en aarme Mann. E konnt vu Gléck schwätzen, wann en en Dag iwwert dem Kapp hat, e klenge Gaart an eng Këpp Akerland.

Well e kee Gefier hat, huet e beim Bauer geschafft, deen huet da mat sengem Plou dat klengt Stéck gemat oder d'Wiss geméit. Natierlech eréischt dann, wa säin eegent am Dréchene war.

Den Doléiner war frou, wann en en Daach iwwert dem Kapp hat

Ein Tagelöhner musste im Schnitt zwei oder mehrere Tage bei Bauern aufwenden, um die Bauern für einen Tag mit dem Gespann zu entlohnen. Solch eine Abmachung war jeweils auf freiwilliger Basis. Eine grundlegende Formel gab es nicht. Tagelöhner wurden von den Bauern und Grundbesitzer zu allen, im Bauernbetrieb anfälligen Arbeiten herangezogen, und dies bei jeder Witterung, ob im Wald, Hof oder auf dem Feld. Eine Abrechnung für geleistete Arbeitstage wurde erst nach dem Jahreswechsel vorgenommen, soweit der Arbeitgeber sich dazu bereit fand. Überzeiten wurden nicht mit Geld entlohnt. Saatgut wie Weizen, Hafer oder Korn, die der Bauer dem Tagelöhner vorgestreckt hatte, wurden als Ausgleich gewertet. (...)

Im Gegensatz zum Land wurden in den Städten Tagelöhner für nebenberufliche Dienste angeworben. Die in Stunden, Tagen oder Wochen geleisteten Arbeiten wurden bar entlohnt, jedoch ohne schriftliche Abrechnung. Tagelöhner in den Städten waren früher genau so wenig wie jene auf dem Lande in irgendeiner Form versichert. Kranksein war kein Thema.

Aus: Das Buch 33-46, Nicolas Kirsch, Saint-Paul Luxemburg, 2006

Bei wäitem déi meescht Leit hunn am 19. Jorhonnert an der Käercher Gemeng hir Kuuscht als Doléiner verdéngt. Den Doléiner zu Käerch hat geweinlech eng oder déi aner Këpp Land, en huet e puer Geesse gehalen, a wann et gutt gaangen ass eng oder zwou Kéi, déi op de Summerweeër a laanscht d'Riecher hiert Fudder fonnt hunn.

Den Doléiner huet beim Bauer geschafft, wann Aarbecht do war. Och dem Doléiner seng Fra huet meeschtens beim Bauer eng Hand mat ugepaakt. Vill Pai ass net eraus gefall, ma de Bauer huet als Géigeleeschtung dem Doléiner seng Stécker mat beakert. Och d'Kanner hu vu fréiestem Alter u matgeschafft. Dem Bauer seng an dem Doléiner seng.

Am meeschte gouf den Doléiner beim Bauer gebraucht, wa geméint gouf. D'Hee an de Grumm goufe mat der Séissel mueres ganz fréi am Da geméint. Zu dräi, véier an der Rei hu se d'Séissel geschwongen. De Bauer war geweinlech vir an huet Tempo gemeet. Déi aner hannendrun hunn dann elle missen duermaachen, fir bäizebleiwen. D'Fruucht gouf mam Karbock geméint, an d'Fraen an d'Kanner hunn hannendrun mat der Séchel d'Gaarwen opgehuewen.

Wann d'Gromperen erausgeholl si ginn, huet och alles wat Hänn hat missen untrieden. D'Grompere goufen erausgeplout oder mam Heel erausgeholl. D'Gromperemaschinnen an den Trieur koumen eréischt nom éischte Weltkrich richteg op.

Eng Wanteraarbecht war d'Dreschen. Gedresch gouf um Scheierdenn mam Fleel. D'Fruucht ass am Zweetakt, am Dräitakt oder am Véiertakt gedresch ginn, deemno wéivill Drescher ugetratt sinn. Duerno gouf da gereidert a gewannt.

Vill Doléiner hunn de Wanter duerch am Bësch eng Aarbecht fonnt. Si hunn d'Coupe gemeet, a wann de Fierschter et erlaabt huet, si se och fir sech an de Bësch Holz kropen a Fäsche maache gaangen. Och d'Stäck hu se erausgeholl. Un de Stäck konnt ee sech dräimol wiermen: Eemol wann ee se erausgeholl huet, da wann ee se gerass huet a fir d'drëtt, wa se am Kolonnenuewe gebrannt hunn.

Op de Schmelzen am Äischdall, zu Ansebuerg, zu Simmer an zu Stengefort hunn d'Doléiner déi Zäit net vill Aarbecht fonnt. Indirekt hu si awer als Bëschaarbechter un de Schmelze verdéngt, well si fir d'Kuelebrenner d'Holz gehaen hunn. D'Schmelzuewe sinn alleguer mat Holzkuele gehëtzt ginn.

Aus: Koerich, Goeblange, Goetzingen, 150 Joer Onofhängegkeet, Imprimerie Victor Buck, 1989

De Kniecht an d'Mod

Vill Jongen a Meedercher aus aarme Famillje si schonn am Alter vun 12 Joer, sou bal se net méi schoulpflichteg waren, vun doheem fort an an den „Déngscht" gaangen. Op dës Manéier konnte si mat hirem Loun den Elteren an deene jonke Geschwëster doheem ënnert d'Äerm gräifen.

De Kniecht an d'Mod hunn um Haff an um Feld geschafft

Op Stiefesdag si Kniecht a Mod dacks fir e Jor mat Handschlag agestallt ginn. Wann een d'Plaz beim ale „Meeschter" net verlängert krut, gouf et natierlech Zäit, sech no enger neier ëmzekucken. Dacks hunn déi jonk Leit duerch Bekannter eng Plaz fonnt. Wann dëst net de Fall war, da si se op ee vun de „Kënnerchesmäert" gaangen, déi a gréisseren Uertschaften an och an der Stad um Knuedler ofgehale goufen. Op der Plaz selwer ass verhandelt ginn a wann et zu engem Accord koum, konnten déi nei Déngschleit direkt op hirer Plaz ufänken. Dacks war bei dëser Geleeënheet och nach Véi- a Kreemchesmaart, sou datt an engem Dag méi Affaire konnten ofgeschloss ginn.

Och vun déi Säit der Grenz si Baueren oder Herrschaftsfamilljen op dës Mäert komm an d'Lëtzebuerger Personal ass dacks op Déngschtplazen an d'Louthrengescht, op Bréissel oder Paräis gaangen.

Um wahre „Prachtexemplare" von Knechten und Mägden entstand oft die reinste Marktfeilscherei. Ein Knecht verlangte beispielsweise als jährlichen Lohn eine gewisse Summe und ein Paar „schuh für die arbeid" und ein „sontaghemt". Ein Bauer ward einig mit ihm um diesen Preis. Aber schon ward ein anderer, der bereits vorher mit der herkulischen Gestalt des Burschen geliebäugelt hatte, parat und bot gleich zwei Paar Arbeitsschuhe und ein dritter fügte wohl noch eine zweites Sonntagshemd bei, während ein vierter gar einen ganzen Anzug hinzu bot. So riss und stritt man sich oft tüchtig um das Gesinde.

Aus: Von Bräuchen, Sitten und Aberglauben, Pol Tousch, RTL Editions, 1985

1933 wurde ich mit 15 Jahren Knecht in Eschdorf

Zuerst wurden mir die Ställe – Kuh- Pferde- und Schweinestall gezeigt. An Tieren gab es 10 Kühe, 2 Pferde, 14 Schweine und 2 trächtige Mutterschweine. Am Heuschober auf der Tenne wurde ich belehrt, daß Heu nicht gleich Heu sei, – das bessere Heu, das sogenannte Ray-Gras war den Pferden vorbehalten, während das Wiesenheu an die Kühe verfüttert wurde. In der sogenannten Brennerei stand der Viehkessel. Hier wurden die Kartoffeln für die Schweine gekocht, die Runkelrüben mit einer Schnitzelmaschine zerkleinert, und alles sonstige getan, was mit der Fütterung der Tiere zusammenhing.

Es war inzwischen 21 Uhr geworden, und das Abendessen wurde eingenommen. Von den vielen neuen Eindrücken war ich todmüde und man zeigte mir endlich mein Schlafzimmer, oder was immer dieser Raum sein sollte: vollgestopft mit allen möglichen Sorten Trockenfutter für die Tiere, Säcken mit Mais und Hühnerfutter, Holzkisten voll geschrotetem Korn und Hafer, Weißmehl zum Brotbacken – eine Vorratskammer! In einer Ecke stand, kaum zugänglich, mein Bett. Ich war an diesem Abend so müde, daß ich dies alles kaum wahrnahm. Nur schlafen!

Anderntags 5 Uhr früh wurde ich wachgerüttelt. (...) Der Frühling machte sich jetzt überall bemerkbar und es wurden alle Vorkehrungen getroffen, die Felder für die Saat vorzubereiten. In erster Linie mußte gepflügt werden. Ich hatte bis jetzt die Pferde nur gefüttert, gekämmt und den Stall sauber gehalten. Es waren zwei Stuten: Fuchs, 8 Jahre alt, war die Mutter der vierjährigen Fanny.

Nun zeigte der Bauer mir, wie man ein Pferd anschirrt: den „Kieler“ über den Hals legt und befestigt, dann ihm den Zaum ins Maul in seine Zahnlücke legt, den sogenannten „Schwanzgurt“, den „Panzgurt“, den „Sattel“ und das „Ouechtergeschirr“ über den Rücken, bzw. das Hinterteil auflegt. Dann wurde ich mit der Pferdesprache vertraut gemacht: „Allez Hopp“ ist vorwärts gehen, „Höddömm“ war rechtsum „Haarömm“: linksum, „Hooh“: stehen bleiben, „Fuß“: ein Bein heben, wobei man dem in Frage kommenden Bein einen leichten Klaps versetzte.

Aus: Deemools am Minett, Nicolas Kohl, Service RBS, 2008

Heimweh und kalte Winternächte

Mit 13 Jahren wurde ich 1895 aus der Schule entlassen und bald darauf in ein entferntes Dorf zum Viehhüten verdungen. Quälendes Heimweh, kalte Winternächte und aus trockenem Brot, gedörrten Birnen und fettigen Pökelfleisch bestehende Gesindekost zeichneten dieses erste von 13 Dienstjahren unter fremden Leuten aus.

Ich wechselte mehrmals die Stelle, lernte Haus- und Gartenarbeit, gute und schlechte Dienstherren kennen. Ja, ich musste sogar den Häufelpflug ziehen. Den Weg von Erpeldingen über den Goldknapp nach Diekirch zum Buttermarkt machte ich 6 Jahre lang jeden Freitag und hatte dabei 3 gefüllte Körbe zu schleppen.

Ich verbrachte die 4 letzten Jahre „Déngst" in Brüssel, in einem herrschaftlichen Haus bei einer tiefkatholischen Familie. Ich musste die Kinder zur Schule führen, sie zu Hause beaufsichtigen und Deutsch mit ihnen reden.

Für die Kiischpelter Kirmes aber bekam ich 10 freie Tage und konnte heim reisen.

Marie Heischburg-Lutgen
Aus: Lëtzebuerger Duerf, 1981, Skizzen aus dem dörflichen Alltag

Den Hiert

Fréier wéi d'Perchen nach net agezénkt waren an de Bann op war, war fräi Weed. Fir datt d'Béischten awer beienee bliwwe sinn, ass en Hiert ugestallt ginn.

De Kéihiert, oder Kéiert, an de Schwäinhiert, och Schwäinert oder Schwéngert genannt, hunn d'Véi vun den Häff op d'Weed gedriwwen. Moies ass den Hiert mat sengen Hënn duerch d'Stroosse gaangen, huet seng Tut geblosen, zum Zeechen, datt d'Béischte sollten erauskommen. Hien ass mit hinnen de ganzen Dag op d'Weed gaangen an huet se owes erëm heemgedriwwen.

Verdéngt huet den Hiert net vill, mä eng fräi Wunneng hat en dacks am Hierdenhaus. Soss krut en als Loun Käeren an Huewer, déi e sech huet missen op d'Bauerenhäff froe goen. Fir d'Kiermes ass e sech och e Kuch a seng Haiser siche gaangen an ëm d'Fuesend war et Brauch, datt den Hiert e Kënnbak vum Schwäin an e bëssche Schmalz krut. Mat sengen Déieren huet en sech auskannt. Hien huet gehollef, wa gekalleft oder gefierkelt gouf oder huet och emol no engem kranke Béischt gekuckt.

Man hat ihn nie unzufrieden gesehen

Sennchen war Schweinehirt in Holzthum von 1885 bis 1900. Er wohnte gegenüber dem heutigen Haus Scheer-Haas in einer kleinen Behausung, zusammen mit seiner Frau Sus und ein paar Ziegen. In seiner weißen Pfeife rauchte er getrocknete Blätter. Er hatte zwei große Hunde. Da er das „sch“ nicht aussprechen konnte, nannte er sie „Langpranz“ (Langschwanz) und „Puppranz“ (Stuppschwanz).

Er hatte einen langen Bart und wenn er die Schweine austrieb, hing ein Horn aus Blech an einem Riemen über seiner Schulter. Wenn er am frühen Morgen in sein Horn blies, öffneten die Bauern ihre Schweineställe. Die Ferkel mussten eingesperrt bleiben. Schweine, die das erste Mal mit der Herde zogen, mussten von einem Hausmitglied begleitet sein, das dem Schweinehirten half, die Neulinge an die Herde zu gewöhnen.

Manchmal waren die Grunznickel recht zum Schlendern aufgelegt, dann musste Sennchen die Peitsche schwingen, dass es knallte. Die treuen Hunde hielten die Tiere beisammen. Wenn Sennchen am Abend ins Dorf zurückkam, liefen die Schweine wieder ihren Ställen zu.

Die Bauern sorgten dafür, dass Sennchen gut leben konnte. Wenn geschlachtet wurde, war stets ein Stück für ihn dabei. Am Kirmestag trugen die Dorfleute ihm eine Torte, Ostern bekam er Eier. Am Fest des heiligen Antonius steigerte Sennchen traditionsgemäß den Speck. Das kam ihn nie teuer zu stehen. Wenn der Geldlohn des Schweinehirten auch bescheiden war, so soll man den Sennchen nie unzufrieden gesehen haben.

Marie-Anne Schmit, Schüleraufsatz aus: Lëtzebuerger Duerf, 1981

An der Groussgaass zu Veianen ëm 1900



Et geet op d'Weed

Speck an Ierbessen

In meiner Nachkriegskindheit auf dem Dorf gab es keinen Hirten mehr. Wenn aber im Herbst die Wiesen offen waren, d.h. wenn die Weiden abgemäht und die Bauern das Heu in der Scheune hatten, trieben die Kinder die Kühe über die Felder. Es war die Zeit der Herbstzeitlosen und des Kartoffelfeuers.

Großmutter erzählte mit etwas Nostalgie von „Hierdeléin", die bis vor dem Krieg Dorfhirtin war. Léin war eine sehr ehrbare, doch bitterarme Frau. Aber sie hatte ihren Stolz. Sie bettelte nie. Doch sie kannte ihre Rechte und die Bräuche ihrer Zunft. So z.B. zog sie an Maria-Lichtmess mit ihrem Handwägelchen und in einer fein gestrickten Jacke durch das Dorf und sang in jedem Flur ein altes Hirtenlied und das „Léiwer Herrgottsblieschen". Sie erhielt dann wirklich „Speck an Ierbessen". An Fastnacht sang sie für Gebäck, Eier und Mehl.

Ein gut gefülltes Wägelchen war eine große Hilfe für die Familie – und musste lange vorhalten.

Mariette Leuck

Le porcher communal

Je le vois encore, tel qu'il était au temps de ma jeunesse: un robuste gaillard, la figure hâlée par le grand air, portant toute sa barbe, vêtu d'une longue blouse de toile grossière, chapeau tyrolien sur la tête, la corne de boeuf en bandoulière, et muni d'un long fouet. A côté de lui, son chien, prêt à exécuter les ordres du maître. (...)

Avant les moissons, les porcs étaient conduits aux vains pâturages et dans les champs à jachères; après les récoltes, dans les champs moissonnés, et, en hiver, à la glandée dans les bois. (...)

Il est intéressant de rappeler ici l'ancienne manière de compter le nombre de bêtes, soit pour la perception des honoraires du porcher soit pour le prélèvement des impôts. Le porcher, accompagné du garde-champêtre, se présentait chez les cultivateurs au début de saison. Des entailles dans un bâton marquaient le nombre d'animaux; c'est de ce mode de compter dont parle encore le code civil. (...) Cette opération s'appelle en luxembourgeois „kierwen".

Charles Bivort, Mon Village Aus: „Luxemburger Illustrierte", Nr 20, 1928

De Schwéngshiert Tunni

Muerges ass den Tunni d'Bierengerstrooss mat engem Träppche Gissen erofkomm. Et koumen der ëmmer derbäi, bis aus dem Träppchen en Trapp gi war.

Den Tunni hat ëmmer e blot Schaffschiertech mat enger grousser Täsch drun ëm de Bauch gebonnen. Um Kapp hat hien, dem Wieder no, e breeden Hutt aus Föter oder aus graff getrëztem Stréi. Ëm den Hals e rout karéiert Schnappech gestréckt, an en Huer un enger Schnouer hänken. Hien huet d'Huer geblosen, fir d'Schwäin aus dem Stall ze ruffen. (...)

Esou goung et dann op d'Weed. Dat war am Fréijoer, am Summer an am Hierscht, eng Schwéngswiss. Am Wanter gouf d'Häerd zur Léi higeféiert, wou scho baussenerëm Bichen an Eeche stoungen, an de mëlle Buedem gespéckt war mat Buwaken an Eechelen, déi d'Schwäi mat Äifer ausbuddele konnten.

Owes huet den Hiert seng Déieren erëm heembruecht. D'Stalldiere stongen op, a jiddereent wousst, hannert wat fir enger hatt doheem wär.

Aus: Mäin Diddelenger Geschichtebuch, Ry Boissaux, Verlag Kremer-Muller, 1979

De Schéifer

Am 19. an am Ufank vum 20. Jorhonnert goufen et zu Lëtzebuerg, haaptsächlech am Éisleck, eng Abberzuel vu Schofshäerden. Et goufen ëm déi 70.000 Schof am Verglach zu 15.000 Geessen, 80.000 Ranner, 20.000 Päerd a 50.000 Schwäin.

De Schéifer huet sech ëm seng Schof gekëmmert an ass mat hinnen iwwer d'Gewan gezunn, fir dass se eppes z'iesse fonnt hunn. Nodeems d'Schof sech iwwert de Wanter en décke Pelz ugeluecht haten, sinn se ëm Päischten, wann et erëm méi waarm gouf, geschuer ginn. D'Schof sinn duerfir an de Stall gedriwwe ginn. Dann ass eent nom aneren un d'Rei komm. Si kruten déi viischt Been zesummegestréckt, sinn op de Réck geluecht a fest ugehale ginn an dann ass d'Schiere lassgaangen.

De Schéifer gouf no der Zuel vu sengem Trapp bezuelt

Méchelsdag (29. September), meeschtens awer Mäertesdag (11. November) gouf de Schéifer gedangt (ernannt). Da koumen d'Äänsmänner (dt. Dorfältesten) an der Aalscht zesummen, fir de Schéifer an och di aner Duerfhierden ze ernennen. (...)

Bezuelt gouf de Schéifer no der Zuel (den Nuesen) vu sengem Trapp. Géint 1880 waren et 10 Su boer op de Kapp. Als Nieweloun hat de Schofhiert d'Recht, iwwer d'Joer, fir seng Widderen a Mammeschof, zousätzlech Fruuchtportiounen ze verlaangen. War Kiermes am Duerf, da krut hie mat vun der Hierdemëtsch déi d'Mamm, no alem Brauch, fir d'Véihierde gebak hat. Ouschterdag ass de Schéifer seng Ouschterär (op d'manst dräi) bei d'Leit siche gaang. Päischten a Chrëschtdag krut hien e Stéck Kranzkuch, a Fuessonndeg e Schwéngskënnbak (Judd) mat Ierbëssen a Lënsen.

Aus: Aus aler Zäit, Deel IV, Fernand Lorang, Editions Saint-Paul, 2009

E jéide wëllt haut pried'gen
Vum Bauchstull héich erof;
A weess net, datt de Schéifer
Dach kliger ass wi d'Schof.
Sou heescht et, sot de Renert,
Ech gläwen dat souguer:
Well d'Schéifre, kuckt, déi schieren,
An d'Schof déi gi geschuer.

Aus: Michel Rodange, De Reenert, 1872

Wa mir am Wéngert stoungen, hu mir déi Säit der Musel de Schéifer mat senger Häerd gesinn. Da wosste mir, 't gëtt Fréijoer. De Mann ass mat senge Schof vun Duerf zu Duerf weidergezunn. 't ass gesot ginn: „Dee kënnt aus der Lüneburger Heide."

Maria Lentz, Wormer

Ëm Päischten ginn d'Schof geschuer

Alleinsein ist eine Kunst

Eine Silhouette, wie aus schwarzem Papier geschnitten, war lebendig vor dem Osthimmel, der sich schon leicht aufhellte. Da stand der Schäfer in seinem weiten Mantel, da stand der Karren mit scharf gegen den Horizont gezeichneten Rädern, der Hund ging um die Herde mit gerundetem Schwanz, die Stangen der Pferchs liefen in malerischer Überschneidung durcheinander und die dunkle Masse der Schafe war wie eine warme Insel von Leben inmitten der kalten Einsamkeit der Nacht.

Ich glaube, das war der letzte wirkliche Schäfer, den ich in Ausübung seines Amtes gesehen habe. Es gingen da und dort noch Schafherden auf Weiden mit Männern dabei, die sich Schäfer nannten, sogar auf den alten Festungsglacis um Luxemburg grasten Hammelherden – aber der Märchenzauber des alten Schäferdaseins war verschwunden. Die Schäferhütte in der Nacht, die war ein Hauptattribut. Die löste den Schäfer aus der Gemeinschaft alles andern Gesindes. Er war zwischen den andern Knechten und Mägden ein Einzelfall, wie es der Künstler und Dichter unter den andern Kostgängern des lieben Herrgotts ist.

Er war allein. Das Alleinsein hat immer aus den Menschen etwas Besonderes gemacht. Was ein guter Schäfer war, der musste allein sein können. Und Alleinsein ist eine Kunst. Sie ist schwerer als Klavierspielen, als Kerbholzschnitzen und Brandmalerei.

Aus: Batty Weber, Seine besten Abreisskalenderblätter, 1913-1940, Ed. Binsfeld

De Schleisewiechter

Früher gab es in allen Flusstälern Schleusen. Zum einen mussten Mühlen und Gerbereien mit Wasser versorgt werden und zum anderen wurden die Wiesen auf diese Weise über Gräben bewässert. So war es auch im Ösling möglich, das Gras zweimal im Jahr zu schneiden und so ausreichend Heu zu produzieren.

Dieses altbewährte Bewässerungssystem musste der mechanisierten Bewirtschaftung der Wiesen in der Neuzeit weichen. Die Gräben wurden zugeschüttet. Mit den Schleusen verschwanden auch die schmalen Schleusenstege von Ufer zu Ufer.

D'Alice an d'Henriette Oestges um Schleisewee „A Winkel" bei Wëlwerwooltz, 1931

Die Wehre im Kiischpelt wurden von einem Syndicat betrieben und unterhalten. Mitglieder waren die Besitzer der Wiesen, die von dort aus bewässert wurden. Das Syndicat bzw. sein Präsident regelte die notwendigen Arbeiten, die Schließung des Wehres und die Verteilung des Wassers. Gefährlich war dabei vor allem die Reinigung der Wehre nach dem Hochwasser.

Anscheinend wurden die Wiesen an der Clerve nur einmal im Jahr – nach dem Heemoont (also der Heuernte im Juli) – bewässert. Die einzelnen Syndicate sprachen sich meist untereinander ab. Jedes Wehr wurde dann für etwa acht Tage geschlossen. Wegen der Fischerei und der anderen Nutzer (z.B. den Mühlen) musste allerdings immer ein bestimmter Wasserdurchfluss erhalten bleiben.

Fléizen, Alwin Geimer, aus: De Cliärrwer Kanton, Edition spéciale 2006: Histoires d'eau*

** luxemburgisches Wort für die Wiesenbewässerung im Ösling*

D'Schleis iwwert d'Clerve „an Heeschtert" tëschent Wëlwerwooltz a Lëllgen

Unsere Familie war in irgendeiner Weise verantwortlich oder mitverantwortlich für die Schleuse in der Clerve „an Heeschert". Daraus ergaben sich mancherlei Verpflichtungen.

Eine davon, mit Sicherheit die schwierigste, war das Befreien der Flussenge und der Schleusentore im Frühjahr von angestautem Unrat und eingeklemmten Baumstämmen.

Es war jedesmal ein gefährlicher Kampf gegen die starke Strömung. Ich sah zu, wenn mein Vater die Hebelgesetze fachmännisch zur Anwendung brachte, wenn Tittchen, Jhängelchen und Albert mit Haken und Äxten die vertrackte Masse zu entwirren sich abrackerten. Ich saß dabei, wenn die Männer, nach getaner Arbeit, beim Branntwein diskutierten. Es erfüllte mich mit Stolz, verbunden zu sein mit einem so wichtigen Auftrag wie dem Unterhalt einer Schleuse und der Bewässerung der Wiesen.

Charel Schmit, aus: De Cliärrwer Kanton, 1993/1

Den Drainist

Um Feuchtgebiete für die Landwirtschaft nutzbar zu machen wurden komplizierte Dränagesysteme angelegt.

Die Dränageprojekte wurden bis kurz nach dem zweiten Weltkrieg in unserem Land noch von Hand durchgeführt. Es gab einige bekannte „Draineurfamilien“. Vater und Söhne hoben die vorgesehenen Gräben per Hand mit dem Dränspaten aus. Die erforderliche Tiefe wurde in wenigstens zwei Abstichen erreicht. Dann wurde die Auflage der Dränrohre, die Grabensohle, mit der Dränschaufel in das vorgesehene Gefälle gebracht und schlussendlich mit dem Rohrhaken die Dränrohre fein säuberlich in den Graben verlegt. Ein besonders wichtiger Arbeitsgang war der Anschluss der Sauger an den Sammler. Auf die Sauberkeit dieses Anschlusses legte der Kontrolleur der Arbeiten besonderen Wert. Zum Schluss wurden die aufgeworfenen Gräben verfüllt, wobei vorerst die abgestochenen Grassoden auf die Rohre geschichtet wurden, dies um die Wasseraufnahmefähigkeit des Dräns zu verbessern.

Renaturierung der Flusstäler versus Dränierung staunasser Acker- und Wiesenböden, Metty Boever

Aus: De Cliärrwer Kanton, Edition spéciale 2006: Histoires d’eau



*Wou d'Rief laanscht d'Musel dofteg bléit**



De Wäibau

Op der Musel gi säit laanger Zäit Wéngerten ugesat. „Schonn d'Réimer hunn zu Réimech geprost a Wäi geplanzt", heescht et am Lidd.

Am Mëttelalter haten d'Kléischter d'Wäikultur iwwer d'ganzt Land verbreet. De kale Wanter vu 1709 huet alles zerstéiert an nëmmen op der Musel hunn d'Riewen iwwerlieft. Esou ass dës Géigend als eenzegt Wäibaugebitt erhale bliwwen.

Enn 19. Jorhonnert huet d'Recolte zu 90 % aus Elbling bestan, deen an Däitschland ausgeféiert ginn ass als Verschnëttwäin. Den alen Numm fir den Elbling war „Rhäifränsch", dat vu „rhein-fränkisch" kënnt.

Nom „Accord d'Union Douanière" mat der Belsch am Joer 1922, der Grënnung vun der Wäibaustatioun 1925 zu Réimech an der Grënnung vun der „Marque Nationale" 1935, huet de Wäibau sech entwéckelt an diversifiéiert.

Niewent deene verschiddene Wäiner, déi aus de lëtzebuerger Drauwe gemaach ginn, ass och de „Crémant de Luxembourg" e wichtegt Produkt vun eiser Musel.

* Aus dem Lidd *Ons Heemecht* vum Michel Lentz (Wierder) an Jean-Antoine Zinnen (Weis) 1859

De Wënzer

D'ganz Famill war während der Lies am Asaz

Éier den Asaz vu Maschinnen d'Liewen e bëssche méi einfach gemaach huet, war d'Aarbecht vum Wënzer an den enke Wéngertsreien haart a beschwéierlech. All Aarbechtsgeschir huet missen zu Fouss iwwer knubbeleg Trapen a géi Häng eropgedroe ginn. Wann e staarke Reen de Buedem ewechgeschwemmt hat, ass deen erëm mat enger Weidenhatt no uewe geschleeft ginn.

Et ass vun Hand gesprëtzt ginn, Bierg op, Bierg of. Et gouf keng Versécherung géint Naturkatastrophe wéi Frascht a Knëppelsteng. Wann e schlecht Joer war, war de Wënzer schlecht drun.

Auszuch aus dem Gedicht „Mosella" vum reimeschen Dichter Ausonius, ëm 350

urior hic campis aer. phœbusque sereno
Lumine purpureum reserat iam sudus olimpum.
In speciem cum me patriæ: cultuque nitentis
Burdigalæ blando pepulerunt omnia visu:
Culmina villarm pendentibus edita ripis.
Et virides bacho colles: et amœna fluenta
Subter labentes tacto rumore Mosellæ.

Ausonius

Op eemol gesouch ech um Uwand vum Belgerland dem Keser Konstantin seng dichteg Festong: Novimagus (Neumagen). D'Luucht stung méi kloer iwwert der Gewan, d'Sonn huet gefénkelt, an et war mer wéi wann den Olymp weidenaffen opgéing. Well ech hunn net méi missen duerch en donkelgréngt Gestruewels vun Äscht nom Himmel biichten: hei war d'Gewan e Glënneren, an d'Ae si mer iwwergaang, esou wäit konnte s' an den Dag era kucken.

Do hunn ech un doheem missen denken, u Bordeaux – well 't war alles grad sou schéin: héich Giewele vun Häff laanscht d'Uwänner, gréng Hiwwele voller Riewen, an duerch den Dall der Musel hiert heemlecht Gepëspers.

Aus: Dem Decimus Magnus Ausonius seng Rees op d'Musel op lëtzebuergesch erzielt, Robert Bruch, Imprimerie Bourg-Bourger, 1960

Eise Wënzer- a Bauerebetrib

D'Wéngertsaarbecht geet nom Liesen un. Da gouf lassgeschnidden, eng oder zwou Roude si stoe bliwwen. Duerno gouf gebilléckt, d.h. 't gëtt e Bou mat der Drorout gemaach, deen da mat Stréi oder Weiden ugestréckt gëtt.
Mam Häl si mir hae gaangen, fir de Buedem ze lëften a propper ze maachen. Wat sinn dat oft Blodere ginn! Mat Mëscht aus dem Stall ass gedüngt ginn, déi huet eise Papp erop op de Bierg gefouert, iwwert e Blech ass se dann erofgezunn a mam Greef verdeelt ginn. D'Männer sinn och duerch d'Gässele mat Weidenhatte voll Mëscht getraatscht. Se haten e Gummismantel drënner fir sech ze schützen. Dat woar eng Plo!
Mir hu vill geschafft, awer mir haten och vill Freed. Freed un der Aarbecht a Freed no der Aarbecht. Den Datum vun all Kiermes an Dëppefest am Ëmkrees hu mir kannt. Mir hu gelaacht, gesongen a gedanzt. Wéi oft ass eise Papp op den Danzbuedem komm, am Fréijoer, wann d'Temperature gefall sinn, an huet gesot: „Mir mussen an de Wangert fir Iewen unzefänken. Hënnt fréiert et!"
D'Lies ass dem Wënzer seng schéinsten Zäit. D'Hierschtleit si vun no a wäit erbäikomm, virum Krich ganz vill vun „di Säit der Musel". Um 8 Auer si mir an de Wéngert gaangen. Jidderee krut seng Schéier, säin Eemer, seng Rei. Wann den Eemer voll war, koum den Hattendréier, dat woar ech ganz oft. D'Drauwe goufen an d'Hatt getippt fir duerno an d'Bidden um Won geschott ze ginn.
Mëttes sinn d'Schmieren ausgepakt a vertillegt ginn. Da koum de Kaffiskrou! 't woar ëmmer déck Gespréich an der Gewan a mir hu gesonge vum engem Wangert zum aneren.
Géint 5 Auer ass et méi roueg ginn. 't huet een de Bierg an de Glidder gespiert. D'Hänn wore klamm a pecheg. Alles woar frou, fir de leschten Eemer an d'Hatt ze schëdden an d'Schéier op d'Säit ze leeën. Elo awer op de Kascht lass.
D'Mamm hat schon d'Telleren um Dësch, an der Kichen huet d'Zopp gedämpt. D'Lämmele-Schong sinn ausgedoen an d'Hänn gewäsch ginn. An elo op d'Bänk! Besser konnt kee Stäre-Kach eng Bréit maachen. Da sinn de Brot an d'Grompere komm. An déi Toart! D'Gespréich ass lues versickert. D'Hierschtleit sinn op d'Kummer gaangen oder heemgefuer schlofen.
An de Wënzer? Dee stoung am Keller, d'Drauwen ze muelen. Wann de Moscht an de Fässer gerout huet, da konnt och de Wënzer rouen. 't woar Hallefnuecht, 't woar e laangen Dag!
Deen anere Moien ass et weidergaangen. Dag fir Dag. 't gouf gelies an all Wieder, dräi Woche laang. Duerno gouf den Hunn gefeiert!

E.K.K.

Wann d'Bidde voll war, goung et op heem zou

D'Hierschtleit haten hir Kierf ëmmer séier gefëllt

Léift op der Musel

Meng Schwëster huet zu Bous hire Stage als Léierin gemat. 't woar beschwéierlech fir owes heem ze kommen an net vill Geleeënheet, dofir hat et do en Zëmmer an engem Wiertshaus. Ech woar et eng Kéier besichen a sinn och dem Jong aus dem Haus kuerz begéint.

't woar Hierscht, Zäit fir an d'Lies. Eng ganz Woch sinn ech mat schneide gaangen. Samschdes ass mäi Brudder Wäi liwwere gefuer, dofir hunn ech de ganzen Dag d'Hatte missen droen, well als Privatwënzer si mir all Dag liese gaangen. 't woar eng schwéier, ustrengend Aarbecht.

Zu Bous huet meng Schwëster sech oft mat de Wiertsleit ënnerhal a vun doheem erzielt. D'Leit hate selwer Wéngerten, hir Drauwen hunn se awer an d'Kellerei geféiert, déi hat samschdes zou.

Freides owes schellt bei eis zu Wëntreng den Telefon, de Jong vu Bous woar um Apparat. „Wann Dir d'accord sidd," sot en zu menger Mamm, „da kommen ech moar bei Iech d'Hatten droen." Eis Mamm woar paff. Esou eng Offer kann een net refuséieren!

Pënktlech deen anere Muere stong de jonke Mann virun eiser Dier. Ech hu mir en ugekuckt: grouss, schlank, kräfteg gebaut, donkel Krauselen a blo Aen, propper an nett. Säi Bléck konnt ech net daiten.

De ganzen Dag hu mir Drauwe geschnidden a geschleeft. Nom Owesiesse sot de Jong: „Bis e Samschdeg dann!" En huet sech op de Vëlo gesat a fort woar en. Ech duet: „Hoffentlech kënnt en erëm. Dat ass e gudde Schaffert."

An en ass komm. 't ass gelies ginn a gelaacht. Zwou jonk Lieseschen haten en A op dee flotte Kärel, deen huet sech misse wieren, wann se an der Paus ëm e woaren, mä 't ass keent bei em ukomm. Ech hunn dat esou nogekuckt.

Owes sot meng Mamm: „Fro du de Jong wat e kritt, deen do huet säi Geld verdéngt." Ech hunn d'Commissioun gemaach a gefrot, wat mir a senger Schold wieren. „Näischt", sot en, „ech hunn dat fir dech gemat!"

Sou ass eis Geschicht ugaangen.

E.K.K.

Beim Bécken
an de géie Wéngertsreien

De Kanecher „Gotteszorn“

Wann de Wäi sauer ass, soen d’Leit: „Dat ass Gottes Zorn.“

Deen Numm, sou gouf et mir verzielt, huet eng Geschicht: Kanech hat net déi beschte Lagen an hire Wäi woar zimlech sauer. De Kanecher awer huet e geschmaacht an se hunn es vill a gär gedronk. Samschdes owes spéit souzen se nach beim Patt an dann hunn se an der Houmass geschlof.

D’Frae woare verdrësslech an se hunn den Här gebieden, de Maansleit an d’Gewëssen ze rieden. Dem Paschtouer huet dat Ganzt och net gefall. Sonndes drop huet e vum Priedegtstull esou hoart erof geruff, dass se all erwächt sinn: „Gottes Zorn soll iwwer Iech kommen, an och iwwer Äre saure Wäin!“

De Paschtouer ass scho laang dout, awer den Numm „Gottes Zorn“ lieft weider!

Simone Bonenberger

D'Schréiderborscht

Bis Ende des 18. Jahrhunderts unterstanden Ehnen und die umliegenden Dörfer und Gehöfe den Trierer Domherren, denen sie Steuern in Form von „Zehntweinen" zu entrichten hatten.

Die geschuldeten Abgaben wurden vom Hafen Ehnen nach Trier verfrachtet. Das Aufladen der tonnenschweren, vollen Weinfässer aus tiefen, steilen Kellern war eine schwierige und gefahrvolle Arbeit, die allein der Ehnener „Schroederbruderschaft" vorbehalten war. Das Wort „schrötern" oder „schredern", aus dem Mittelhochdeutschen für „schleifen oder ziehen", bezeichnet das Herausheben der vollen Fässer aus dem Keller und das Aufladen auf Wagen oder Schiff.

In manchen Moselortschaften bestanden wohl Bruderschaften, jedoch religiösen Charakters, wie z.B. die Sankt Anna-Bruderschaft in Wellenstein und die Sankt Sebastiani-Bruderschaft in Machtum. Ihre Vereinskassen waren stets gefüllt durch Beiträge, Messebestellungen, Schenkungen und Erbverschreibungen. Sie hatten meist auch einen beträchtlichen Grundbesitz und verliehen bei Not und Missernten Geld zu einem hohen Zinsfuß.

Die Ehnener Schroederborscht, jedoch, war eine weltliche Innung, die von einem Schredermeister angeführt wurden und deren Mitglieder unter strengen Bedingungen angeheuert wurden. Sie mussten von kräftiger Statur und ohne Vorstrafen sein, einen guten Leumund und festen christlichen Glauben haben. Bedingungsloser Gehorsam gegenüber dem Schredermeister und seinen Befehlen war ebenfalls erfordert.

Der Arbeitsgang des Schrederns:

In ein viereckiges, längliches Loch über oder neben der Kellertür wurde ein Holzbalken verankert und mit dicken Seilen ein Flaschenzug errichtet. Über diese Schrotleiter wurden die Fässer dann nach oben gezogen. Ein kurzes Gebet erbat Gottes Beistand, dann herrschte Redeverbot. Nur der Schredermeister durfte seine Anweisungen laut rufen. Auch bei

größter Anstrengung war Wein- und Branntweintrinken strengstens untersagt. Kam ein Fass zu Fall und brach auf, so war nicht nur der kostbare Inhalt ruiniert, sondern nicht selten auch ein Schröter schwer verletzt.

Als Lohn für die Arbeit erhielt die Bruderschaft 10 Stüber Geld pro Fass und ein Maß Wein. Beides wurde beim Schredermeister deponiert und während einer jährlichen Zusammenkunft verteilt. Die Frau des Meisters sorgte für ein reichhaltiges Festessen, die Burschen freuten sich am klirrenden Lohn und der Wein sorgte für Gesang und gute Laune.

Ein Teil des Geldes wurde zurückbehalten und aus diesem Kapital und dem Ertrag der Liegenschaften wurden die Betroffenen bei Unfall und Krankheit entlohnt. So gab es damals in Ehnen also schon eine Art Kranken- und Invalidenversicherung.

Durch die Französische Revolution wurden die religiösen Bruderschaften gegen 1798 aufgelöst. Akten belegen jedoch, dass die Schrederborscht noch bis zum Jahre 1811 bestehen blieb. Durch die Erfindung der Weinpumpe war die Arbeit der Schreder überflüssig geworden.

In einer Sammlung von Ehnener Dorfsagen geht die Rede von einem Lohntag, an dem die Köchin Eisenkuchen buk und wohl wegen dem Rauchqualm die Eingangstür geöffnet hatte. Plötzlich stand das Zennermännchen in der Küche, ließ sich die gebotene Gabe gut schmecken, dankte der Frau und sagte: „Léif Gefuedesch, loosst Är Dir zou soss kommen där Männercher zevill eran.“

Und im Nu war er durch den Zennerwengert verschwunden.

Emile Linden

De Schampesfabrikant

Wéi a villen anere Beräicher och, ass d'Produktiounsverfahren vum Schampes nach ëmmer dat selwecht, mä am Laf vun der Zäit ass d'Aarbecht mechaniséiert an esou fir de Mënsch vereinfacht ginn.

Ausgewielten Drauwen, kontrolléiert Wäiner, optimal Konditioune fir ze Lageren a Räife sinn erfuerdert. Eng éischt Gärung a Betonsfässer, vun 30 cm Déckt, fir esou dem Drock ze widderstoen, (haut sinn se durch Aluminiums-Cuven ersat), a Kellere mat enger stabler Temperatur, dat sinn d'Viraussetzungen a wichteg Etappe bei der Fabrikatioun vum Crémant.

Déi ausgewielte Wäiner ginn a Fläsche gefëllt. Fir eng zweet Gärung ze provozéire gëtt de Kellermeeschter e „liqueur de tirage" bäi, eng Mëschung aus Wäin, Zocker an Hief. D'Hief, déi an de Kellereien hirgestallt gëtt an zum Fabrikatiouns-Secret gehéiert, verwandelt den Zocker an Alkohol an et entsteet Kuelesaier, déi de Wäin da spruddeleg mécht.

Fir d'Hief, déi sech um Fläschebuedem ofsetzt, erauszekréien, ginn d'Fläschen horizontal op e „Rüttel-Pult" geluecht. D'Fläsche ginn all Dag e Véirels-Tour gedréit an e bësse méi schif geluecht, esou datt se um Enn senkrecht am Pult stinn.

Fréier, wann Dir engem „Rüttler" d'Hand ginn huet, da woar se rau an oniewen. Huet een d'Hand vu banne gekuckt, da woar se voller Narben. Wéi dann dat? Net seelen ass et virkomm, wann d'Fläschen um Rüttelpult gedréit gi sinn, datt eng dem Mann an der Hand explodéiert ass, entweder duerch den Drock oder duerch e Fabrikatiounsfeeler vum Glas. Duerchgeschnidde Sehnen a bluddeg Hänn woare keng Seelenheet. Zréck bloufen Narben a verkrëppelt Hänn.

Duerch d'Dréiung sammelt sech d'Hief ënnert dem Stopp un. Fir se erauszekréien, léisst en „Dégorgeur" de Stopp sprangen an duerch den Drock vun der Kuelesaier fléit d'Hief eraus. Dat woar eng Kennschaft, do huet ee misse séier an effikass sinn.



Fir d'Fläsch erëm opzefëllen, mëscht de Kellermeeschter en zweete Likör, déi sougenannten „Dosage" bäi, deen dem Crémant säin definitive Goût gëtt. Duerno kënnt d'Fläsch an d'Stopp-Maschinn.

Fir de Stopp ze sécheren, gëtt d'Fläsch „museléiert", dat heescht, den Drot ëm de Stopp gëtt mat deene 6 obligatoreschen Tier vun der „Méthode Champenoise" gedréit. Als Ofschloss gëtt d'Fläsch etikettéiert. An der Zäit sinn d'Etiquette mat Eewäiss oder Mëllech ugepecht ginn.

Dat aalt Gebai vu Mercier op der Gare

Franséische Schampes zu Lëtzebuerg

Als Member vum däitschen Zollveräin hat Lëtzebuerg Zougang zu engem grousse Marché a war duerfir en interessante Standuert fir auslännesch Firmen. Aus dësem Grond huet sech 1886 de Schampes-Produzent Mercier an der Stad néiergelooss. Mercier huet seng franséisch Wäiner a Fässer op Lëtzebuerg komme gelooss, fir se hei zu Schampes ze verschaffen an anzefëllen. Um Import vu Fässer waren nämlech méi niddreg Taxe wéi beim Fläschenimport.

Am Hollerecher Quartier huet d'Firma riseg Kellere baue gelooss, wou op dräi ënnerierdeschen Etagen a Gäng vun insgesamt 1,2 km Längt Millioune vu Fläsche gelagert waren. Wichteg Aarbechtsplazen huet Mercier awer net nëmmen am Kellereibetrib geschafen. Well d'Schampesfläschen a Weidekierf transportéiert goufen, huet Mercier zu Koplescht 14 Hektar Weideplantagen ugeluecht an ëm déi 100 Kuerfflechter beschäftegt.

1895 huet Mercier iwwer 600 000 Fläsche Schampes zu Lëtzebuerg produzéiert an zum gréissten Deel exportéiert. Wéi Lëtzebuerg 1919 aus dem Zollveräin ausgetrueden ass, huet de wirtschaftlechen Interessi fir Mercier ofgeholl an si hunn e puer Joer duerno hir Aktivitéiten hei am Land agestallt. Als Erënnerung bleift nach d'Rue Mercier op der Gare.

Dat hält Leif a Séil zesummen

Iessen an Drénken

Bis virum 2. Weltkrich konnte vill Leit zu Lëtzebuerg nach vun deem liewen, wat se um Feld an am Stall gezillt hunn. Dat, wat een net selwer hat, konnt ee bei engem Noper fannen. An deene gréisseren Uertschafte waren d'Leit op Geschäfter ugewisen.

Um Duerf gouf d'Brout seele beim Bäcker kaaft. Déi meescht Haiser haten hir Bakes an där regelméisseg Brout, Kuch an Taarte gebak goufen. An de Stied haten d'Leit kee Bakuewen am Haus a sinn hiert Brout bei de Bäcker kafe gaang.

Och d'Mëllechprodukter ewéi Botter, Ram a Kéis goufe laang nach doheem gemaach. D'Bauere ware frou, wéi an den Dierfer Molkereien opkomm sinn, wou se hir Mëllech ofliwwere konnten an dofir fäerdeg Produkter amplaz kruten.

D'Fleesch koum haaptsächlech vun den eegenen Déieren. Am Hierscht huet de Schluechter den Tour gemaach.

Op der Sauer an der Musel goufen et bis 1945 Beruffsfëscher, déi hire Fank u Restauranten, Geschäfter, Maartleit a Privatleit verkaaft hunn.

Och d'Gedrénks war haaptsächlech hausmaacher: Limonad, Béier an Drëppe goufe vun enger Hellewull klenger Familljebetriber gemaach. Och den Esseg an de Moschtert goufen hei am Land gemaach.

Mat Hunneg hunn esou munnecher sech eppes niewelaanscht verdéngt.

D'Geméis, wat een net selwer a sengem Gaart gezillt huet, konnt ee beim Gäertner kafen. Déi meescht Gäertner hunn och Blumme verkaaft.

Et gouf vläicht keng sou eng grouss Auswiel u Liewensmëttel ewéi haut awer dofir hunn d'Wueren och net missen esou wäit transportéiert ginn. Et wosst ee wat een um Teller hat an et war een domat zefridden.

De Mëller

Brot war schon immer, und früher noch mehr als heute, ein Grundnahrungsmittel und das nötige Mehl dazu wurde vom Müller geliefert.

In der Mühle wurden die Getreidekörner gebrochen, indem sie zwischen zwei Steinen zerdrückt wurden. Das Mehl, der innere Kern des Kornes, wurde so von der Schale und dem Keim gelöst und durch mehrfaches Sieben getrennt.

„Müller“ ass ee vun den heefegste Familljennimm zu Lëtzebuerg. Dat beweist, wéi wichteg dëse Beruff an der Zäit war.

Vor der Mechanisierung wurden die Körner mühsam von Hand zwischen zwei Steinen gemahlen, später wurden die vergrößten Mahlsteine, die flach auf dem Boden lagen, von Pferden, die im Kreis gingen, bewegt. Einen wichtigen Fortschritt brachte die Idee, die Mahlräder senkrecht aufzurichten, mit Schaufeln zu versehen und vom Wasser antreiben zu lassen.

Weitere Veränderungen und Verbesserungen der Mühlentechnik erfolgten im Laufe der Jahre. So wurde Anfang des 20. Jahrhunderts vielerorts das große Mühlrad, das oberschlächtig, also vom Wasser, das von oben herab auf die Schaufeln fiel, getrieben worden war, durch zwei unterschlächtige Wasserräder ersetzt. Diese wurden unter Wasser von der starken Strömung bewegt und entwickelten eine viel größere Kraft. Verschiedene Mahlgänge mit Mühlsteinen für Mehl, Heidekorn und Schrot wurden eingerichtet. Des Weiteren verbesserten Putzmaschinen, Elevatoren und Zylindersiebe die Ausstattung.

Um seine Kunden in der Region zu bedienen, fuhr der Müller mit seinem Pferdegespann aus und belieferte sowohl Haushalte wie Bäckereibetriebe mit Mehl und setzte bei den Landwirten Futtermittel für ihr Federvieh ab. Oftmals wurden in den Mühlen Nebenbetriebe, wie ein Sägewerk oder eine Branntweinbrennerei, eingerichtet.

En ale Mëllerbrauch:

Mat dem éischte Miel, dat an enger neier Mille gemuele gouf, huet d’Mëllersfra Paangech gebak.

Um 1900 gab es in Luxemburg noch 250 Brotmühlen. In den meisten Mühlen wurde um 1930 die Herstellung von Brotmehl eingestellt. Weil um diese Zeit sämtliche Ortschaften an ein öffentliches Elektrizitätswerk angeschlossen wurden, schafften die meisten Landwirte sich elektrischbetriebene Schrotmühlen an, so dass die kleinen Dorfmühlen vom Aussterben bedroht waren.

Diese Entwicklung wurde allerdings 1939 durch den Ausbruch des 2. Weltkrieges aufgehalten. Alle Mühlen arbeiteten wieder mit Hochdruck, weil die private Verarbeitung der Agrarprodukte verboten war. Nach dem Krieg verschwanden die kleinen Mühlen jedoch nach und nach und mit ihnen ein Stück der dörflichen Romantik.

Et goufen och nach aner Zorte vu Millen. Sou hate fréier verschidden Dierfer hir eegen Uelegmillen, wou aus Nëss, Buchecker a Raps Ueleg fir de Kichegebrauch gemaach ginn ass.

D'Friichte sinn an engem Triichter vun enger grousser Schrauf aus Eechenholz zerdréckt ginn. Duerch e klengen Offloss ass den Ueleg dann an eng Bidde gelaf.

Déi eidel Hülse sinn nach als sougenannten „Uelegkuch" un d'Véi verfiddert ginn.

Nom Krich hunn d'Millen zougemaach, d'Rieder goufen net méi ënnerhalen, d'Gebaier si verfall. Domat ass e Stéck ländlech Romantik verschwonnen

Meng Jugend an enger Mëllerfamill

Die Nördinger Mühle wurde Anfang der 1920er Jahre meine zweite Heimat. Da meine Mutter nach dem Tode meines Vaters die Rolle des Geldverdieners übernehmen musste, wollte sie den Beruf einer Näherin erlernen. Meine Großmutter bot sich an, mich für ein paar Jahre in ihre Familie aufzunehmen. So lernte ich das Leben auf einer Mühle von Grund auf kennen. Ich gewöhnte mich schnell an das Rauschen und Zittern, das andauernd im Hause zu hören und zu spüren war. Eine feine Mehlschicht, ähnlich einem leichten Raureif, bedeckte den Hausflur und die Eingangstür zum Mahlraum der Mühle, den ich allerdings nicht allein betreten durfte. Zu viele Gefahren lauerten dort, denn in einem Kellerraum wurde das Mühlengetriebe durch Wasser betätigt.

Déi Närdener Millen, dem André Hausmann seng Heemecht

Da es in Nördingen keinen ergiebig Wasser führenden Fluss gab, sondern nur ein Bächlein, das aus Richtung Beckerich und Hüttingen durch das Wiesental heranplätscherte, musste zum Erlangen der notwendigen Wasserkraft ein besonderes System entwickelt werden.

Auf halbem Weg zwischen Beckerich und der Nördinger Mühle wurde durch das Anbringen einer Schleuse das Wasser gezwungen, durch einen eigens angelegten Wassergraben zu einem großen, etwas höher gelegenen Mühlenteich, zu fließen. Dort sammelte sich genügend Wasser damit die Mühle fast den ganzen Tag funktionieren konnte. In der Nacht konnte sich der fast leere Mühlenteich wieder neu füllen. Vom Mühlenteich aus führte ein dickes, unterirdisch angelegtes Rohr zum etwas tiefer gelegenen Mühlenkeller, wo das Wasser mit einer gewaltigen Kraftentwicklung das Mühlengetriebe in Gang brachte, wenn der Verschluss am Rohreingang geöffnet war.

Da der Mühlenteich kein wirklich fließendes Gewässer war, versumpfte er ziemlich schnell und musste alle paar Jahre neu ausgehoben werden. Das geschah damals durch manuelle Arbeit. Der Müller rekrutierte ein Dutzend starke Männer aus der Umgegend, welche die schwere Arbeit mit ihren Hacken und Schaufeln in Rekordzeit ausführten. Zu ihrem sicherlich nicht hohen Lohn gehörte als Abschluss ein Mittagessen aus „Gesolpertes mat gebootschte Gromperen“.

Was mich besonders faszinierte in der Nördinger Mühle, war die elektrische Beleuchtung, die es damals bereits im Hause gab und auch am Tage nicht ausgeschaltet wurde. Der elektrische Strom wurde nämlich durch die Mühlenturbinen sozusagen gratis erzeugt und geliefert.

André Hausmann

Et war ëm 1900 wéi mäi Papp mat 10 Joer aus der Primär-Schoul koum. An enger Millen hu se e geholl. Do hat en de Kascht, d'Schaffgezei an de Verdéngscht. Dat éischt Joer waren dat 10 Frang, dat zweet 20 an dat drëtt 30 Frang. Dat woaren no dräi Joer 60 Frang.

Madame Engel vu Kanech

Der beste Müller, bachauf, bachab

Ich glaube mich glücklich schätzen zu können, weil ich noch sah wie das Mühlenrad drehte und das Mehl in die offenen Säcke rieselte. An alle Einzelheiten erinnere ich mich nicht, aber ich weiß, dass Kinder sich von Wehr und Rad fernhalten mussten, weil das Wasser hier starkes Gefälle hatte. Ich kannte Fanny, das Pferd, mit dem der Müller die Bauern belieferte oder das Korn abholte. Nach einer solchen Tour wurde Fanny zuerst versorgt, dann der Knecht, dann der Müller selbst.

Die Haustür war stets offen. Auf dem Küchentisch stand eine Flasche Viez neben einem riesigen Brotlaib und einem Stück Speck. Im Brot steckte ein scharfes Küchenmesser, damit jeder, der hier vorbei kam, sich bedienen konnte.

Ich mochte Peter, den Müller, sehr gern. Die Haare, die unter seiner weißen Mütze hervorlugten, hatten einen weißen Mehlflaum, genau wie Wimpern, Hände und Gesicht. Er war ein kleiner, zarter Mann, der dennoch die schweren Säcke mit einem speziellen Ruck schulterte. In all seinen Gesten und Tätigkeiten war er bedächtig, hatte einen feinen Humor und konnte gut zuhören. Sah man aber genau hin, so merkte man, dass er mit einem Ohr auf das Rattern der Mühle hörte. Sie hatte für ihn eine besondere Sprache und er wusste, wann er nachschütten musste, wann das Korn nicht gut war, und zu schnell durchlief. Blieb die Mühle nachts stehen, so erwachte Peter.

Er war der Cousin meines Vaters und hielt die Stellung im Saarland am Leukerbach. Bald stellte er aber auf Turbinen um.

Besonders interessant waren die Erzählungen meines Vaters und Peters aus ihrer Jugendzeit. Sie wussten, dass an Winterabenden gesungen wurde, während die Burschen schnitzten und die Mädchen spannen. Sie wussten noch, wie an besonders kalten Wintertagen das Eis aus den Rädern geschlagen wurde. Sie kannten den Burschen der auf Wanderschaft ging und in La-Ferté-sous-Jouarre die große Kunst erlernte, Mühlensteine zu behauen. Erst wenn man dies

konnte, war man ein Meister. Mühlmeister hatten einen großen Handwerkerstolz. Jener Bursche, Michael, wurde der beste Müller, bachauf, bachab.

Mäuse, Ratten und Mehlwürmer waren von allen gefürchtet. Brot war auf der Mühle heilig. Die Müllerin buk es im Backofen hinter dem Haus. Es wurde geteilt mit Besuchern, die kurz vorbei schauten, mit Kunden, mit Freund und Feind. Ich erinnere mich noch heute an seinen Duft und dass es vor dem Aufschnitt bekreuzt wurde. Während des Krieges war Peter Frontsoldat in Russland. Fast glaubte man, er sei gefallen oder vermisst. Doch eines Tages kam er, ausgehungert und krank den Mühlenweg hinunter. Seine Schwester und seine Mutter kannten ihn kaum wieder. Dank ihrer Fürsorge genas er und bestellte seine Mühle wieder. Als Vater ihn einmal zu uns einladen wollte, meinte er: „Ach Paul, komm du hierher. Ich hatte eine solche Sehnsucht nach meiner Mühle, dass ich sie niemals wieder verlassen werde."

Peter wurde nicht alt, die Mühle fiel der Industrie zum Opfer – aber wer dort vorbeigekommen war, weiß vielleicht, was wahres Leben ausmacht!

Mariette Leuck

Eng al Postkaart vun der Vugelsmillen am Mëllerdall

D'Vugelsmillen

Et war wierklech wéi an engem richtege Märchen: Op der Héicht an hirem prächtege Schlass, déi räich Grofefamill an ënnen am Dall, no beim Waasser, déi bescheide Mëllersfamill mat enger Hatt voll Kanner. A ronderëm d'Millen e grousse Geméisgaart, derniewent eng kleng Seemillen an eng Branntewäinsbrennerei, e Kéistall fir e puer Kéi, e Päerdsstall fir zwee Päerd, e Schwäistall fir eng Hickecht Schwäin an en Héngerjuck fir en Trapp Hénger. An hannert dësem Beréng waren och nach Wise lénks a riets vun der Ernz, fir deene puer Kéi dat néidegt Fudder ze sécheren.
A bannen an der Millen den äerdege Mëller – mäi Grousspapp – eng stëpseg Kap um Kapp, wäiss Aperhoer, un deenen dee renge Mielstëbs absënns gutt hänke blouf. Dee staarke Mann huet déi schwéier Säck op d'Schëller gehuewen a se aus op de Millewon gedroen, fir se da mat sengem Päerdsgespan bei d'Clienten ze bréngen.

André Hausmann



De Bäcker

De Beruff vum Bäcker gëtt et zënter dem Mëttelalter, well d'Leit an de Stied aus Sécherheetsgrënn net hunn dierfen en Uewen an hirem Haus hunn. Sou hu si den Deeg doheem gemaach a si bei de „Beck-her" gaangen, fir d'Brout ze baken.

An den Uertschaften, an deenen et e Maart gouf, huet de Bäcker säin eegent Brout gebak: hien huet d'Kären um Maart kaaft, se vum Mëller muele gelooss, all Dag säin Deeg gekniet, gebak an un d'Awunner verkaaft.

Um Land ass nach bis zum Ufank vum 20. Jorhonnert d'Brout doheem gemaach ginn. Bis an d'18. Jorhonnert gouf d'Brout am „Bannuewen" gebak, engem gemeinschaftlechen Uewen, fir deem seng Benotzung de lokalen „Här" säin Undeel un deem Gebakene krut. Spéider hate vill Haiser um Land e Bakuewen.

Anescht ewéi d'Baueren um Duerf, déi nëmmen hir eege Käre verschafft hunn, huet de Bäcker verschidden Zorte vu Brout gebak: wäisst Brout, „Mëschelter", en hallef-schwaarzt Brout, oder Karbrout aus Vollkarmiel.

An der éischter Halschent vum 20. Jorhonnert huet d'Knietmaschinn dem Bäcker seng Aarbecht erliichtert. Nieft dem Brout huet hie Bréidercher, Kaffiskichelcher, Kuch an Taarten a sengem Geschäft verkaaft oder se an d'Haiser geliwwert.



An der Bäckerei Eydt Charles,
Enn der 40er Joren zu Veianen

Den Triporteur: Mat dësem „Dräirad“ hunn an der Vergaangenheet d’Bäcker hiert Brout un d’Clienten ausgeliwwert. Et wor geméinlech de Gesell, deen dës Charge hat. Wann d’Këscht voll mat Brout a Bréidercher geluede war, da wore bis zu 100 Kilo ze drécken, keng liicht Aufgab. Dofir hat dëse Jabel eng ganz kleng Iwwersetzung, déi et erméiglecht huet, dës Laascht lues, mee ouni zevill grouss Méi virun ze bréngen. Ass et biergop gaangen, dann ass de Gesell heiansdo erofgeklommen an huet mat der Hand virugedréckt. Biergof awer wor et e gellege Plëséier.

Eng kleng heemeleg Bäckerei

An den 30er bis an déi 60er Joren, hat praktesch all Duerf eng Bäckerei. ’t woar e Familljebetrib, de Mann huet gebak, seng Fra huet d’Brout verkaaft an sech mat de Leit iwwer d’Théik ënnerhalen.

Esou e Bäcker woar och bei eis an der Strooss. D’Schell vun der Butteks-Dir huet gebimmelt, wann een eragaang ass. An de Regale stong d’Brout der Gréisst no: Pënner, Zwee-Pënner, Dräi-Pënner an déi grouss Fënnef-Pënner. Op dem Comptoir eng Wo an e gliese Plateau mat Meringuen oder Macaronen. E Pak dënne Pabeier fir ëm d’Brout an Tute fir d’Bréidercher, déi an enger Kuerbel louchen. Samschdes oder op Bestellong gouf et Kaffiskuch, Taarten a Mëtschen.

E puer Trëtt méi héich gesäit een an d’Bäckerei. Do steet de Bäcker ze knieden oder ze formen. Grad huet en d’Brout an den Uewe geschoss: déi gutt Hëtzt spiert ee bis an de Buttek, lo dréit en sech ëm: d’Gesiicht, d’Hoer an d’Hänn wäiss vu Mielstëbs.

Den Doft vum Frëschgebakenen huelen ech mat dem Brout mat heem.

Simone Rosen-Bonenberger

Dat frësch gebakent Brout gëtt aus dem Uewe gezunn

Bakstuff-Erënnerungen

Virum Krich, wéi ech nach e klenge Bouf war, hunn ech mat mengen Elteren a Geschwëster zu Déifferdeng-Fousban am selwechten Haus gewunnt wéi de Bäcker S., deen nom Krich e Pâtisseries-Imperium an der Stad opgebaut huet. Hien hat e kannerfrëndleche Gesell an et wor kee Wonner, datt ech, mat aner Bouwen, oft an der Bakstuff ze gesi wor. Am Wanter war et esou schukkelech warem an et war e Genoss, fir dem Bäcker nozekucken.

Eng vun den Attraktioune war, wann hien dem fënnefpënnege Brout, ier en et an den Uewe geschuppst huet, mat engem Messerchen dräi oder véier Schnëtt an den Deeg gemat huet. Dat goung esou: D'Messerchen hat hien tëschent de Lëpsen. Da séier e Läif Brout erbäi geholl, d'Messer an d'Hand, a schwupp schwupp seng véier Schnëtt an d'Brout. D'Messer zréck an de Mond, dat nächst Brout a schwupp schwupp wor d'Messer erëm an Aktioun. Dat gong an engem fantastesche Rhythmus ouni datt hie sech geschnidden hätt oder datt ee Schnatt dernieft gong. Dat war eng Attraktioun.

Déi nächst awer wor, wa mär Bouwen, nom Baken, d'Schossele mam Pudding an der Bottercrème auslecke konnten. Da waren eng hallef Dose laang Zongen am Gaang ze lecken an ze schmatzen. Et war e Genoss, fir eis nozekucken.

D'Haaptattraktioun kënnt awer eréischt. De Gesell wor zwar kannerfrëndlech, awer leider – oder soll ech soen „Gottseidank" – jähzorneg. Wann hien déi fein Pâtisserieskichelcher mat Crème dekoréiert huet, hu mär him wéi Aasgeieren nogekuckt. Heiansdo ass een him net reusséiert. Dann huet hien, nondi nondij.., deen net reusséierte Kichelchen an enger Wut widder d'Mauer gehäit. Wéi de Blëtz si mär da bei déi begladdert Mauer gerannt an hunn d'Reschter vum Kichele mat eise laangen Zonge vun der Mauer geleckt.

O déi schéi Kannerzäit …

John Weber

D'Anna an de Ferdy

D'Anna gouf 1914 gebuer. Dat selwecht Joer ass de Krich ausgebrach. 't woare schwéier Zäite fir déi arem Leit, zu deenen dem Anna seng Eltere gehéiert hunn. Mat 16 Joer huet d'Anna an der belscher Ambassade an der Kiche geschafft, bis 1940 d'Preisen an d'Land komm sinn. D'Ambassade huet zougemat an d'Anna ass heem op Weimerskierch gaangen.

Hatt huet eng nei Aarbecht an enger Bäckerei an der Groussgaass fonnt. A sengem adrette wäisse Schiertech huet et do Brout, Bréidecher, Kuch a Kaffiskichelcher verkaaft. 't hat Freed un der Aarbecht a woar beléift bei de Leiden.

De Ferdy woar Bäckergesell. En huet net nëmmen an der Bakstuff geschafft, en ass och mat sengem Triporteur op den Tour gefuer an huet frësch Bakwueren ausgeliwwert. Den Triporteur woar e gelenkegt Gefier op dräi Rieder. 't woar ideal fir an de schmuele Stroosse porte-à-porte ze maachen an ass iwerall duerchkomm.

Wa keng Kondschaft am Buttek woar, stong d'Anna op der Dier fir frësch Loft ze schnapen. Ëmmer ëm déi selwecht Zäit ass de Ferdy do laanscht komm. Wann d'Anna net do stong, huet e versicht an de Buttek ze kucken. Dat Spillchen huet eng Zäit gedauert. Enges Daags, wéi d'Anna nees virun der Dier stong, kënnt de Gesell mam Triporteur an en hält stall. Dem Anna huet d'Häerz geklappt an et gouf rout bis hannert d'Oueren. Wéi de Ferdy weiderfiert, woar et ofgeschwat: e Samsdeg den Owend gi mir zesummen an de Kino!

Dat woar den Ufank vun engem Liewen zu zwee. No der Hochzäit stong d'Anna hannert der Théik – seng eegen – an de Ferdy an der Bäckerei.

Simone Rosen-Bonenberger

D'Brout gëtt ausgeliwwert, zu Veianen ëm 1950

Biller aus der Kandheet

Wir Kinder wurden auf Distanz gehalten, wenn der Großvater das allwöchentliche Aufheizen unseres Backofens mit dem Anzünden einer geknüllten Zeitung und Spänen zu zelebrieren begann. Mit fein dosiertem Blasen unterstützte er die neugeborenen Flämmchen, welche in mächtig aufquellendem Rauch zu ersticken drohten. War dieser Kampf einmal gewonnen, so wurde Reisig auf dem Knie gebrochen und umsichtig aufgelegt, bis Flammenlocken zum Ofengewölbe flatterten. Das ausgewachsene Feuer aber, welches die Schamotteziegel der Ofenkammer auf die gewünschte Hitze brachte, wurde erst mit den Eichenknüppeln erreicht, die nun eingeworfen wurden. Verglühender Ruß ließ an den Wänden kurzlebige, glimmerige Girlanden und funkelnde Schlangen entstehen. Sachkundig und sich der Backofenscharre bedienend sorgte „Pätter Charel“ dafür, dass alle Ecken gleichmäßig aufgeheizt und die Ofensteine von der Hitze hell wurden. Es kam vor, dass er uns Kindern die gekräuselten, sengerig riechenden Haare seiner Unterarme unter die Nase hielt, als Warnung vor dem arglistigen Element. Mit dem sorgfältigen Herausscharren von Kohlenglut und Aschen nahm das Backofenfeuer-Fest ein Ende. Und vorbei war ebenfalls das Spiel der Lichter und Schatten auf den Mauern des Backhauses. Nun wurde eine Weizenähre am langen Halm in die Hitze des Ofens gehalten. An ihrer Bräunung konnte man die Temperatur schätzen und dann die gelben Teiglaibe einschießen.

En ale Bakuewen, duergestall op enger Keramikplack vum Charel Schmit

War dann die Ofentür geschlossen, so stopfte der alte Mann Tabak in seine Pfeife, legte sich eine noch glimmende Holzkohle in die rechte Hand und schüttelte sie, bis sie auf dem Pfeifenkopf gelandet war. Während im Innern des Ofens hausbackenes Brot entstand, saß der Großvater in Seelenruhe davor, sinnierend und paffend.

Charel Schmit, aus: De Cliärrwer Kanton, 2001/3

De Molkereiaarbechter

Mat enger Kar goufen d'Mëllechkanen op den Häff ofgeholl an an d'Molkerei gefouert

E gewaltegen Ënnerscheed mat haut gouf et am Ufank vum leschte Jorhonnert nach an der Mëllechbewirtschaftung a -vermaartung.

Virum éischte Weltkrich haten déi meescht „kleng Leit" nach eng, zwou Kéi, oder e puer Geessen am Stall, an hunn sech selwer mat Mëllech, Ram, Botter a Kéis versuergt. Déi puer Duerfleit, déi dat net haten, ware forcéiert hir Mëllech bei e Bauer sichen ze goen, deen hinne meeschtens och nach Botter, Kachkéis an Eeër verkaaft huet.

Zwëschen den zwéi Weltkricher, hunn d'Baueren ugefaangen, sech ze organiséieren. Si hu landwirtschaftlech Genossenschafte gegrënnt, fir méi staark ze sinn. No an no ass och praktesch op all Duerf eng Molkerei ageriicht ginn, fir d'Geschäft mat der Mëllech méi avantagéis ze vermaarten.

Oft hunn d'Bauere selwer d'Mëllechkane moies mat enger Hand- oder Hondskärche bruecht an hunn se méi spéit erëm ofgeholl. Verschidde Molkereien hunn awer och Aarbechter engagéiert fir de Betrib ze garantéieren. Déi hunn derfir gesuergt, dass d'Mëllech aus dem ganzen Duerf an d'Molkerei kéim. Duerfir kruten se e Jabel zur Verfügung gestallt, fir d'Mëllechkanen, déi virun de Bauerenhaiser ofgestallt goufen ewech ze huelen. 20 Kanen op engem Jabel ze transportéieren, war kee Kannerspill. Duerfir gouf e Päerdsgespan, a spéiderhin en Trakter, agesat, fir d'Mëllech méi liicht a méi séier an d'Molkerei ze kréien.

An den Duerfmolkereien hu gewéinlech zwou bis dräi Persoune geschafft. Et ware meeschtens Fraen. Moies, an aller Herrgottsfréi, goung et scho lass. Et gouf alles preparéiert fir wann de Fouermann mat de Mëllechkanen erbäikéim. Eng Parti vun der Mëllech gouf zréckbehalen, fir un d'Duerfleit ze verkafen, déi scho moies fréi mat hirem Mëllechdëppchen um Dill waren, fir déi frësch Mëllech mat heem ze huelen. Déi meescht Mëllech gouf iewer op enger grousser Mëllechmaschinn entramt an als „blo Mëllech" erëm an déi entspriechent Kanen zréckgeschott. Dobäi hunn d'Aarbechter ganz genee notéiert, wéivill Liter Mëllech jiddereen ofgeliwwert hat. Och de Fettgehalt vun der Mëllech ass op enger Fiche markéiert ginn. No deenen Notize gouf de Mëllechliwweranten hir Pai ausgerechent an um Enn vum Mount ausbezuelt.

Déi blo Mëllech gouf am Nomëtteg erëm bei déi verschidde Liwweranten zréckgefouert. Domat goufen d'Kaalwer opgeziicht. Verschidde Leit iewer hu mat där entramter Mëllech Kachkéis gemaach an e schéinen Nieweverdéngscht erausgeschloen, wann se Privatkonne beliwwert hunn oder hir Wuer op engem Wochemaart ofsetze konnten. An der Molkerei gouf d'Ram net méi mat der Hand gerompt, mä an e grousst Botterfaass geschott, dat mat engem Motor gedriwwen, ronderëm gedréit gouf, bis et am Faass geplumpst huet. Dat war e séchert Zeechen, dass aus der Ram Botter gi war. De Botter gouf kéipweis aus dem Faass erausgeholl an op dee grousse Molkereisdësch geluecht, wou Pond fir Pond ofgewie gouf. Mat gerillten Holzbriedercher ass de Botter gutt geklappt ginn, bis e schéine rechteckege Weck entstane war. Sou gouf ee Weck nom aneren a Botterpabeier agewéckelt a war prett fir verkaaft ze ginn.

Beim Rompe sinn och en etlech Kane voll Bottermëllech entstanen. Déi gouf a Fläschen agefëllt an u Liebhaber verkaaft. Am Nomëtteg, wann d'Duerfleit zerwéiert an d'Molkereisaarbechte fäerdeg waren, ass d'Molkerei vun den Aarbechter erëm blénkeg geschruppt a geriwwe ginn.

No an no sinn déi kleng Duerfmolkereie verschwonn, wéi méi grouss a modern Zentralmolkereien entstane sinn.

Mëllechkanen hu fréier zu all Bauerenhaff gehéiert

De Réidener Mëllechmann

De Réidengs Néckel war an der Zäit de Mëllechmann. Hien hat e Päerd an e véierriederege Won mat Bock fir de Fouermann an engem klengen Iwwerdach géint de Reen. Fir de Wanter louch eng Decke fir d'Knéie parat. Hanner dem Sëtzbock koum dann d'Kanebett, wou d'Mëllechkanen drop gestallt goufen. Mueres hunn d'Bauereleit d'Mëllechkane virun d'Haus gestallt. Dann ass Réidengs Néckel déi Kanen asammle gefuer fir se an d'Molkerei ze féieren.

Nic Zacharias aus: Kropemann-Info, Informatiounsblat vun der Réidener Gemeng, N°54, 2006

Mat enger Form konnt een
e schéint Muster an de Botter drécken

D'Molkerei vu Konstem

Morgens Punkt fünf Uhr sperrte die „Molkereismarri" die Molkerei auf und zündete das Feuer unter dem Wasserkessel an. Alsdann kam der „Molkereismisch" und kurbelte den Benzinmotor an. Wenn das Auspuffrohr dröhnenden Schall ins Dorf schickte, wussten die Bauern, dass es an der Zeit war, die Milch auf dem schnellsten Weg in die Molkerei zu bringen. Interessant wurde es, wenn Edi Zimmer mit seinem Schäferhund im Gestell des Milchwägelchens angerannt kam. Immer wieder gab es Trentler und Siebenschläfer. Wo blieben die nur? Misch rief verärgert ins Dorf hinaus: „Mëllich! Mëllich!"

War die angelieferte Milch auf über 30 Grad erwärmt, so wurde sie in einem Messbehälter gemessen. Die Literzahl wurde auf der Wandtafel angeschrieben. Manchmal wurden mit einem kleinen Löffel Milchproben in Fläschchen gefüllt, zur Analyse. Nach all diesen Vorarbeiten kam die Milch in den großen Trichter der Zentrifuge. Die Männer saßen auf der langen Bank an der Mauer und warteten, bis sie ihre entrahmte Milch nach Hause fahren konnten. Wenn schlechtes Wetter war, hatte niemand es eilig. Dann standen sie wie angewachsen da mit den Händen in den Hosentaschen und jeder half mit beim Umrühren des Dorfklatsches.

War alle Milch entrahmt, so wurde die Sahne in den Kühlraum gestellt. Sobald genügend Sahne vorhanden war, wurde gebuttert. Dann drehte sich das dicke Butterfass und Marri spähte durch das Guckfenster, ob der Rahm noch nicht klumpig wurde. Die fertige Butter kam in die Knetmaschine und dann auf eine gläserne Tischplatte. Sie wurde mit zwei Schlägern zu Pfunden geformt und in schönes Pergamentpapier mit einer Rose eingewickelt. Regelmäßig kam ein Händler die begehrte Consthumer Butter abholen.

Schüleraufsatz vum Yvette Goerend, Consthum, 6. Schuljahr, 1965/66

De Schluechter

E Schluechter gouf et an der Zäit op all Duerf. Hie war kee Metzler, deen dat Handwierk geléiert hat, mä en huet et niewelaanscht bedriwwen.

D'Wanterzäit war fir hien, wat de Karschnatz fir de Bauer war, dat heescht déi rentabelst Zäit am Joer. Dann huet bal all Dag een aus dem Duerf e Schwäi geschluecht. Déi kal Temperature waren ideal fir d'Konservéiere vum Fleesch. Außerdem konnt da fir Chrëschtdag e gutt Stéck Fleesch op den Dësch kommen.

E Spektakel fir d'ganz Famill zu Äischen

Am Viraus gouf mam Schluechter en Termäin ofgemaach. Dee festgesaten Dag huet de Schluechter säin Handwierksgeschir, e puer schaarf Schluechtmesseren an e Kloenzéier an e léngent Duch agewéckelt, et an e Sakduch gestach, nach e staarkt Seel derbäi gedréckt, dat d'Ganzt ënnert den Aarm geholl an ass da gemittlech bei säi Client getrëppelt.

Do gung de Spektakel eenzock lass

De Schluechter gung selwer an de Schwäistall. Do hunn zwéi Grunzerten ongedëlleg op hiert Fudder gewaart a Kreesch gedoen. Mä dës Kéier war alles ganz anescht wéi soss. Dee rabiate Friemen huet dat éischt fir dat bescht Déier beim Ouer gepaakt, et mam Knéi an déi hënnescht Hame gedréckt a mat engem Coup ëmgehäit. Dat iwwerraschtent Schwäi konnt jäizen esouvill et wollt. Éiert et sech ëmsinn hat, huet dee béise frieme Mann him e Seel ëm en hënnescht Bee geschlëppt. Dat iwwerrompelt Déier ass zwar erëm opgesprongen, mä et konnt alles näischt déngen. Dee Friemen hat elo Gewalt iwwert et kritt. Hien huet deen aarme Béischt hannert d'Haus gedriwwen an do nees ëmgehäit. Sou séier et gung, hunn de Schluechter an den Haushär sech op dat brëllecht Schwäi geknéit an et festgehalen.

D'Hausfra, déi scho prett mat engem Dëppen do stung, fir d'Blutt opzefänken, huet dem Schluechter dat längste vu senge Messere gereecht. Deen huet et sengem Affer, ouni mat de Wimperen ze zucken, beim Halsusaz déif an de Kierper gestach, dass et bis an d'Häerzgéigend virgedrongen ass, an d'Blutt nëmmen esou gestritzt koum. An Amen a Jo hat d'Hausfra hiert Dëppe mat där rouder Flëssegkeet gefëllt. Et ass duergaangen, fir spéider Träipen ze maachen.

Soubal d'Schwäin sech net méi gemuckst huet, sot de Schluechter: „Dat do steet net méi op. Allez, erop mat em op den Dësch." Um klengen „Däiwel" (e klenge, ronnen Uewen, op deem d'Schwéngsfudder gekacht gouf) stung schonn e grousse Kessel, an deem d'Waasser gekacht huet. Dat gouf eemerweis, lues a lues, iwwert d'Schwäi geschott. Esou konnten d'Schwéngsbuuschte mat schaarfe Messeren erofgeschappt ginn. Well et schonn eng speziell Aarbecht war, fir dem Schwäin d'"Schong auszedinn", dat heescht seng Kloe vun de Féiss ze zéien, huet de Schluechter d'Kloenzéier agesat.

Duerno gouf d'Schwäin opgeschnidden an de Schluechter huet konschtgerecht déi iessbar Innereien, wéi Häerz, Liewer, Long an Éiercher (Nieren) erausgeholl. D'Hausfra huet dee selwechten Owend scho Gehäcks (eng gutt gewierzten Zopp mat klenge Stécker Fleesch vun den Innereien a gebake Quetschen) op den Dësch bruecht. Fir déi meescht Leit eng Delikatesse.

Dem Schluechter seng lescht Aarbecht war et, fir ze hëllefen, dat schwéiert Schwäi mat zwéi stabile Kreep un den hënneschte Been un enger opgeriichter Leeder opzehänken.

Um Enn gung den Haushär an d'Stuff fir him säi verdéngte Loun auszebezuelen. Dobäi goufen e puer kräfteg Drëppen zervéiert. Deen zefriddene Schluechter konnt et elo net loossen, fir nach e bësche „Schluechtlatäin" zum Beschten ze ginn. Hie wousst net méi, datt hien d'lescht Joer schonn déi selwecht Geschicht erzielt hat. „Ja", sot en „dee Bauer ënnen am Duerf wollt de Louse spillen an huet säi Schwäi selwer geschluecht, hien eleng mat sengem Kniecht. A wéi se gemengt hunn, de Béischt hätt de Geescht opginn, sinn se an d'Haus gaang, fir zesumme genësslech eng Drëpp ze schnauwen. An elo pass op! Wéi se erëm virun d'Dier gungen, war wäit a breet kee Schwäi méi ze gesinn. No laangem Siche gesouchen s' et mausdout hannert engem Stapel Holz leien. Ha, ha, ha!" An engem Coup huet eise Schluechter seng lescht Drëpp ofgeschott a fort war en ...

André Hausmann

Kuerz duerno konnte mir an den Haff lafen. Do hong d'schéi propper geschruppte Schwäin dann opgespaant un enger Leeder, vun ënne bis uewen opgeschnidden, an de Kapp eleng op enger Säit. Dat war net méi grujeleg, dat war nëmme méi Metzleschfleesch! Mir haten d'Giss jo och net perséinlech kannt, an esou Käpp louchen dacks a Metzleschfënstere mat enger Zitroun zwëschent de Kënnbaken. Jo, bei patriotesche Geleeënheete koum et vir, dass de Schwéngskapp, fir d'Fënster ze rëschten, eng rout-wäiss-blo Krawatt unhat ...

Aus: Mäin Diddelenger Geschichtebuch, Ry Boissaux, Verlag Kremer-Muller, 1979

D'Messer ass geschlaff an elo geet et lass.

„Schwaarz" geschluecht ... am leschte Krich

Et war esou ëm Liichtmëss an deem haarde Wanter 1943, wéi bei is doheem Schluechtdag war. Dat wier keng aussergewéinlech a geféierlech Affär gewiescht, wa mir net zwee Schwäi matenee geschluecht hätten: dat eent war bei der „Viehzählung" ugemellt ginn, sou wéi et huet misse sinn, mä dat anert gouf heemlech mat erduerch gefiddert, fir „schwaarz" geschluecht ze ginn.

Wéi ee weess, war dat schaarf verbueden am leschte Krich. Gouf een ugeschmiert oder vun de Preisen op frëscher Dot erwëscht, dann ass ee béis an d'Labrente geroden: dat konnt an de Prisong oder an d'Ëmsiidlong féieren. Duerfir huet ee sech misse gutt an Uecht huele wa „schwaarz" geschluecht gouf. Mir hunn dat och gemaach. (...)

Ech hu missen de Monni Lou an d'Eisebunnsbud ruffe goen. Hien hat dee Muergen Déngscht op der Barriär. Duerfir hate mir grad deen Dag, fir ze schluechten, erausgesicht. Mir konnten him trauen. (...)

De Monni Lou as d'Barriär zoudréie gaangen. De Leo huet seng Messeren aus dem Sak gezunn an d'Äerm vum Pullover a Kleedchen eropgestrëppt. Mäi Papp huet menger Mamm hir al Schipp ugedon, d'Karbidslanter an en Dëppen erwëscht, an ass mam Leo an de Schwäistall gerannt. Si hu vun der Geleënheet profitéiert, op déi si gewaart haten: et war dat deen ugemellte Gidderzuch, deen aus dem „Saulach" vu Betzder eropgedosch koum. Wéi e virun isem Haus laanscht gerullt ass, hunn is zwéi brav Gusse missten dru gleewen an de Geescht opginn. Kee Mënsch krut déi mäerderesch Kreesch ze héieren, well den Zuch, mat all sengem Gedäisch, huet se iwwertéint. (...)

Mäi Brudder ass zur Kichendir erausgelaf. De Papp huet hie séier erëm eragedämpt, wéi hien an de Leo e Schwäin op d'Schluechtbänk virum Stall geschleeft hunn. Dat zweet, dat „schwaarz" geschluecht gi war, gouf op d'Stousskar gelueden an huerteg virum Haus erduerch, no hannen aus, an d'Wäschkiche verschummelt. (...)

De Papp huet dem Leo eng Quetschendrëpp an de Kaffi geschott an elo huet et gericht wéi op Kiermessonndeg nom Mëttegeessen. De Leo gouf ganz gespréicheg, an huet is verroden, wat zjar bei hinne passéiert war, wéi de „Wiegemeister" do war.

Si haten och zwee Schwäi matenee geschluecht: ee „schwaarzt" an eent, wat ugemellt war. Nomëttes, um Schluechtdag, hu si an hirer Brennerei gebrannt. Wéi dat esou bei hinne Brauch war, krut hien an hire Jhemp eng an de Biz. – Du koum de Birebam fir d'Schwäin ze weien. Hire Jhempes huet déi éischt Schwéngshalschecht op sengem Bockel aus der Rompelkummer op déi grouss Baskill an den iwwerdeckten Haff, tëschent hirem Haus an dem Geschäpps geschleeft. De Leo koum mat där anerer. Wéi déi zwou Halschechten niewenee luchen, huet de Birebam Kreesch gedon: „Wat heescht dat do, e Schwäi mat zwéi Schwänz?" (...)

Natierlech hunn déi zwéi Klautercher du missten déi aner zwou Schwéngshalschechten och op d'Wo bréngen. Si hunn dobei geflucht wéi d'Buuschtebënner, mä 't konnt se näischt déngen: si haten sech et selwer agebrockt.

Eng Hausschluechtung zu Lëllgen.
D'Schwäi gëtt gebréit,
fir d'Biischten ewech ze kréien.

Aus: Vun déi Säit der Syr, Milly Thill, Editions Saint-Paul 1990

Nom Schluechte gëtt d'Fleesch zerschnidden oder duerch de Fleeschwollef gedréit

D'Fleesch gëtt gesolpert, fir datt et sech méi laang soll halen

Schwäischluechten

D'Schwéngsblos gouf opgeblosen, gedréchent a versuergt fir de Pätter, deen säi Päifentubak dra gemaach huet. A wann e Stéck dréche Schwéngsblos op d'richteg Plaz an d'Schong geluecht ginn ass, da krut ee keng naass Féiss.

D'Fiederfett gouf zu Schwéngsschmalz ausgelooss, dat deemools dacks um Brout giess ginn ass. Op d'Haut geschmiert, war et ower och gutt, fir d'Giicht aus de Glidder ze zéien. Wann d'Kou gekaleft huet, da krut se eng Schmalzschmier, an hiren Auder gouf mat Schwéngsschmalz ageriwwen. (...)

D'Schwäi blouf bis owes spéit dobaussen an der kaler Loft un der Leeder. Da war et ofgehaang, 't gouf eran an d'Fudderkiche geholl, an d'Mamm huet d'Kazen agespaart. Daagsdrop ass d'Schwäi fäerdeg ausgebeent a verschnidde ginn zu all deenen Delikatessen, di bis haut d'kulinaresch Renommée vun der aler Lëtzebuerger Baurekiche maachen: Ham an Héiss, Kënnbak, Judd vum Halsgenéck, Schwéngsbrot, Koteletten, bescht Zoossiss, moren, duerchwuessenen a fette Speck fir an de Gréiwendigel, Träipen a Schludder, panéiert Schwéngsféiss (Padettercher), Anduljen, Jelli, Schwaardemar, Kuddelfleck, Schwéngskéiss (Presskopf) a Pati, Liewerkniddelen a Gehäck mat gebake Quetschen. – An elo gudden Appéiti!

Aus: Deemools, Deel II, Fernand Lorang, Editions Saint-Paul, 2004

De Fëscher

1795, wéi Lëtzebuerg vu Frankräich anekdéiert gouf, hunn déi herrschaftlech Hären hir Privilegien a punkto Jeeërei a Fëscherei verluer an all Bierger huet vun elo un dierfen an de lëtzebuerger Gewässer fëschen. Dëst huet et erlaabt, dass Beruffsfëscher sech un der Musel a Sauer konnten nidderloossen. Well awer an deenen éischte Joren de Fëschbestand wéinst Iwwerfëschung rapid zréckgaangen ass, ass 1802 e Gesetz erlooss ginn, dat d'Fëscherei geregelt huet. D'Fëschereilouse goufen un dee Meeschtbiddenden verpacht an de Permis gouf obligatoresch. Virun allem op der Sauer sinn esou Focken (dt: Reusen) gebaut ginn, an deenen déi déck Fësch sech am ënneschte Becke gesammelt hunn an nëmmen hu missen erausgeholl ginn. Plazeweis goufen och vum Uwenner aus riseg Netzer ubruecht. Op der Musel gouf aus den Naachen eraus mat Netzer gefëscht.

D'Fëscher hunn iwwerall hir Clientèle fonnt. E groussen Deel vun hirem Fank hu si un d'Hotelen an d'Wiertschaften aus der Géigend verkaaft awer si waren och ëmmer virun enger Hochzäit oder der Kiermes op der Plaz. Wa Schueberfouer war, si kierfweis Fësch an d'Haaptstad gefouert ginn. D'Beruffsfëscher hunn och nach aner Leit eng Beschäftegung ginn. Sou huet esou munch ee sech e puer Su dozou verdéngt mat Netzer flécken, Bläi géissen oder Fësch transportéieren oder verkafen. Zënter 1945 ginn eis Grenzgewässer net méi verpacht, sou dass et zënter hir keng Beruffsfëscher méi zu Lëtzebuerg gëtt.

Dem Fëscher Hein vun Éinen seng Aarbecht

Am späten Nachmittag ruderte ein Geselle an die Fischgründe zur Fütterung. Er streute einen Eimer gekochter Gerste oder Weizen aus und markierte mit einem Schilfbündel, an dem ein Stein hing, die angefütterte Stelle. Abends, etwa zwei Stunden später, erfolgte der erste Netzwurf. Es war der beste Fang, denn er brachte meistens dicke Fische, während der zweite Wurf bei Sonnenaufgang hauptsächlich Frituereware ergab. In Holzbehältern, die neben den Nachen in der Mosel mitschwammen, blieben die Fische gesund und frisch. Um die Stunden von abends bis zum Morgengrauen zu überbrücken, schliefen Fischer und Gesellen stets in denselben Absteigquartieren, meist in der Scheune oder auf einer Kegelbahn; so z.B. Stadtbredimus: Café Goldschmitt, Café Jean Geimer; Grevenmacher: Café Welsch-Modert; Ahn: Café Cigrang; Wormeldingen: Familie Bach-Botzem („an Dammas").(...)

In Ehnen wurden die Fische zum Verkauf sortiert, denn an Kunden fehlte es nie. Vor dem Kriege führte jedes Gasthaus an der Mosel knusperig gebackene Fische als Spezialität. Für 1 Pfund erhielt der Fischer 3 F, eine Friture kostete im Restaurant 10 F.

Emile Linden, aus: Die Warte, Luxemburger Wort (26.06.1993)

De Fëscher preparéiert seng Fock oder „Fëschgäerchen“

Gefëscht huet mäi Papp och gär. „Ech gi moar op de Rouda“, sot en a woar ëm 5 Auer fréi aus dem Haus. Wann en heem koum, hat en alt emol e puer schéin Exemplaren, wann net ass et mëttes Pankech ginn oder Sardinnen aus der Béchs! Mäi Brudder ass mat de Kollegen donneschdes mëttes op de Giiw gaangen. E ganzen Eemer huet en alt bruet. Meng Mamm sot: „Botze muss du se selwer, ech baken se.“ Well ech och wollt matiessen, krut ech eng Schéier an d’Hand gedréckt. D’Blénkerte sinn opgeschnidde ginn, d’Gedäerms erausgeholl, se si gewäsch ginn, an en Duch ageschloen a kalgestallt ginn. ’t woar eng langweileg Geschicht. Owes ass d’Friture op den Dësch komm, da woar et kee Fësch ze vill!

Simone Bonenberger

Op der Bannmillen zu Veianen war ëm 1920 eng Saumonsfëscherei

De Béierbrauer

Schonn am 16. Jorhonnert war de Béier e beléift Gedrénks vun alle Schichte vun der Populatioun. Déi éischt Brauereie waren an de Kléischter.

No an no sinn ëmmer méi kleng Brauereien entstan, alles kleng Familljebetriber. Frigoe sinn et déi Zäit jo keng ginn, kal war et nëmmen am Keller a wann am Wanter Äis vun de Weieren erbäi geschaaft gouf. Dofir huet de Béier sech net laang gehal. E weidere Problem war den Transport, deen nëmme mam Päerdsgespan gelaf ass. Duerfir war et wichteg, datt et Brauereie queesch duerch d'Land gouf.

Aarbechter vun der Brauerei Bofferding zu Bascharage, 1903

De Brauer huet mat senger Famill an der Brauerei gewunnt, de Béier ass do gemat a gezaapt ginn. Nieft dem Späicher, deen als Lager fir Happ a Malz gedéngt huet, gouf et e verwëllefte Keller fir de Béier ze lageren.

Hierscht a Fréijoer waren déi beschte Joreszäite fir ze brauen: de Wanter war schlecht fir d'Gärung, de Summer ze waarm fir d'Konserwéieren. Dee beschte Béier war dee vum Hierscht, deen dräi Méint am Keller gelagert war.

Technesch Entwécklungen an dat neit Steiergesetz vun 1854, eis heiteg Accisen, hunn d'Béierbraue weider geförderd. An all Uertschaft gouf gebraut. Iechternach eleng hat 7 Brauereien. 1870 huet de Prënz Hari d'Brauereie motivéiert, sech ze moderniséieren. 't war den Zäitalter vun den Dampmaschinnen. Nach ëmmer waren d'Brauer op d'Äis aus de gefruerene Weier ugewisen. Henri Funck waren déi éischt, déi sech 1894 eng Äismaschinn ugeschaaft hunn.

Den Ëmsaz vum Béier ass rapid geklomm an d'Brauereien hu weider moderniséiert. Kleng Betriber sinn onrentabel ginn, se hu fusionnéiert oder einfach opgehal.

Wat bleift ass eng gewëssen Nostalgie, wann ee gemittlech mam Brauer ëm de ronnen Dësch souz, de Béier ze genéissen. Wéi seet de Mann haut wéi deemools: Ech hunn d'Waasser am léifsten, wann et duerch d'Brauerei gelaf ass!

Eng Famillje-Geschicht

A mengen Hänn eng Broschure: Clausen 1563 – 1963; 400 Joer Brauerei. Doraus geet ervir, dass 1563 a Clausen, beim Mansfeld-Palais, tëschent der Uelzecht an de Fielsen, eng Brauerei gebaut ginn ass, an dat net wäit vun der Brauerei vun der Münster-Abtei. 't woar en imposant Gebai. 1929 sinn Iwwerreschter vum Portal fonnt gi mat den Initialen „P. E. M.", Pierre Ernst de Mansfeld.

Eng Brauerei woar déi Zeit näischt Aussergewéinleches: Béier woar den Dronk vun alle Schichte vun der Populatioun. De Grof, komplett verschold, huet Lëtzebuerg verlooss. Déi spéider Ierwin, d'spuenesch Infantin Isabelle, huet op déi Ierfschaft verzicht, awer déi kostbar Kollektiounen a Konschtwierker am Palais matgeholl.

Sou ass de Palais no an no verfall, awer d'Brauerei an d'Portiershaischen hunn iwwerlieft. Et heescht, en Teutoneschen Orden hätt d'Brauerei weidergeféiert. Aus där Zäit ass net vill bekannt. Wat mir wëssen ass, dass 1757 den Hubert Thyes d'Brauerei piecht. Hie woar Bauer a Wiert, wéi dat déi Zäit esou woar. De Bail duerno gouf vum Henri Thyes 1781 ënnerschriwwen. Deeselwechten Henri, Fils vum Hubert Thyes, huet den 19. Juni 1798, ënnert der franséischer Besatzung, d'Brauerei kaaft.

Am Duerchernee vun der Revolutioun an der Inflatioun woaren d'Keefer net presséiert fir ze bezuelen, esou ass d'Brauerei eng zweete Kéier versteet ginn. De Michel Thyes, Fils vum Henri, huet se dunn nach eng Kéier kaaft.

Mir sinn elo am Joer 1824. Clausen huet sech ausgedehnt. D'Leit haten Aarbecht, d'Leit haten Duuscht: d'Geschäft mam Béier huet gefluppt.

Se schweessen, se drénken: Dat ass gutt fir dem Thyes säi Geschäft!
Béier ass besser fir den Duuscht wéi Waasser!

De François Thyes, Nofolger vum Michel, bestuet sech mat der Odile Erdmer. En ass jonk gestuerwen a seng Witfra bestuet sech 1850 mam Philip Funck, Brauer vu Beruf. D'Brauerei heescht elo „Funck-Erdmer".

De Philip Funck, Fils an seng Schwëster Anne sinn d'Nofolger. Am Volleksmond huet et geheescht: de gudden Här Philip a seng knéckeg Schwëster. Dat woaren nach Zäiten, wann ee gemittlech do souz ëm de ronnen Dësch den Humpen ze genéissen: ee Sou de Kauz, zwee Sou de Krou aus dem Faass op Aemoss!

D'Brauereien hu moderniséiert, d'Maschinnen hunn d'Aarbecht méi einfach gemaach, awer villes ass weiderhi vun Hand gemaach ginn, wéi hei an der Dikrecher Brauerei ëm 1955

De 25. August 1920 ass aus der Brauerei Funck-Erdmer, Anna Funck & Cie eng Anonym Gesellschaft ginn: Brasserie de Clausen.

Den Här Hubert Loutsch, gouf den éischte Präsident vum Verwaltungsrot. Hien huet d'Schinne geluet vun der Entwécklung an d'Produktioun gesteigert. D'Clientèle ass gewuess. D'Infrastrukture si verbessert ginn. 1930: Grouss Modernisatioun vum Betrib. 1985: Fusioun mat der Brauerei Mousel.

Simone Rosen-Bonenberger

D'Camione gi virun der Brauerei Mousel gelueden, 1952

De Rollefax a säi kräftegt Päerdsgespan

De Rollefax

D'Béierfässer goufen an de Keller gerullt. Doduerch koum de Rollefax zu sengem Numm.

De Rollefax war de Fouermann, dee mam Päerdsgespan de Béier vun der Brauerei an d'Wiertschaften transportéiert huet. Wann e virun der Wiertschaft erofgeklomm ass, huet e fir d'éischt e puer Säck, déi mat Stëpp gefëllt waren, als Polster op de Pavé geluet. Da sinn d'hëlze Béierfässer vum Won drop gerullt ginn a weider an de Keller. Mat all deem Gerulls koum de Rollefax zu sengem Numm.

Frigidairë goufen et nach keng. Dofir huet de Rollefax och Äis geliwwert. Mat engem Eisekrop huet en an d'Äisstaange geschloen an se an de Keller gezunn. Am hëlzene Bottech oder Äisschaf hunn si sech eng gewëssen Zäit gehal an d'Liewensmëttel gekillt.

Wann de Rollefax mat sengem Gespan, deene kräftege Brauereispäerd an deene ville Fässer, iwwer de Pavé duerch d'Gaasse geholpert ass, sinn d'Kanner gelaf komm an hunn dem Spektakel vum Ofluede mat Begeeschterung nogekuckt.

Ni a mengem Liewen hunn ech méi schwéier a méi déck Päerd gesinn ewéi déi, déi de Brauereiswon gezunn hunn. Véier där Mettie waren et. Fir datt se stoe bleiwe sollten, krute s'en déckt Gewiicht virun d'Féiss geluegt, dat mat engem Seel um Zam ugemaach war. Datt d'Zäit hinnen net sollt laang ginn, krute s'och nach e Sak mat Huewer ënnert de Kënn gebonnen.
Dann huet de Rollefax ugefaang d'Fässer ze rullen. Et war e Mënsch, esou ronn ewéi seng Fässer, an esou staark ewéi seng Päerd. Datt en säin eegene Béier net schlecht fonnt huet, huet een u sengem Teint gesinn. (...) Méi wéi eng Kéier huet dat Oflueden elle laang gedauert, a wann en dann eraus koum, huet eise gudde Rollefax schonn zolidd gewackelt. E krut just d'Päerd nach a Fassong. Dann huet e sech op de Won gesat, an ass ratsch ageschlof. D'Päerd hu gottseidank de Wee kannt, a si vum selwe weider getappt.

Aus: Eislécker Erënnerungen, Raymond Schaack, Editions Saint-Paul, 1990

De Brenner

Lëtzebuerg huet eng Jorhonnerte laang Traditioun wat d'Schnapsbrennen ugeet. Nieft e puer groussen Distillerie waren et virun allem Privatleit, meeschtens Baueren, déi an den Dierfer gebrannt hunn. Am Wanter hu si aus dem Uebst vun hirer Géigend Drëppe gebrannt: Äppel, Biren, Quetschen, Mirabellen, Schléiwen, Spackelter, Hielänner, Hambier asw. Am Éislek war d'Fruuchtdrëpp (Kardrëpp), aus graff gemuelenem Kar, ganz beléift. D'Brenne vun der Fruuchtdrëpp huet och en nëtzlecht Nieweprodukt bruecht: Dat wat nom Brennen iwwreg blouf, war d'Mascht, e gesond a kräftegt Fudder fir d'Béischten.

Fir dierfen ze brennen, huet ee missen eng Erlaabnis hunn. De Branntewäins-Garde, en Employé vun den Accisen, huet d'Fässer gemiess an nummeréiert. Hien ass regelméisseg de Brennregëster kontrolléiere komm an huet och nom Brennen, am Fréijor, de Kessel versigelt.

An deene leschten 150 Joer ass d'Zuel vun de Brennereien hei zu Lëtzebuerg staark zréckgaangen: goufen et 1865 nach 2011 Betriber, sou waren et der 1948 schon nëmme méi 1009 an 1997 nach just 153.

Och Kuerffläsche goufe benotzt, fir de Branntewäin ze lageren an ze transportéieren

De „Virlaf" war den éischte Schnorri, dee beim éischten Destilléiergank an de „Virschotz" deen, dee beim zweeten Duerchgank erauskomm. Allen zwéin haten se e groussen Alkoholgehalt an duerfir konnt keen en drénken, ouni dass een sech d'Strass verbrannt hätt.
Mä si goufen trotzdem versuergt wéi Gold. Et war eng gellech Medizin, déi ee fir all méiglech Boboe gebrauche konnt: besonnesch bei Réckwéi, Bauchwéi, geschwolle Glidder, bei Verstauchungen, Verrenkungen, Muskelkater, asw.

André Hausmann

Die Früchte werden gemahlen, die des Steinobstes werden zerdrückt, damit die Obstkerne nicht mit aufgeschlagen werden. Früher lag dieses Obst in Bottichen und die Männer haben die Früchte mit den Füßen zerdrückt („d'Steenuebst gouf getrëppelt").

Die Früchtemasse wurde in Eimer geschaufelt und in Betonbehälter umgefüllt. Gleiches galt für die vergorene Maische, die in Eimern zum Brenngerät geschleppt wurde. Dies war die reinste Plackerei.

Der Gärungsprozess dauert zwischen 3 Wochen und 2 Monaten, je nach Temperatur und Zuckergehalt der Früchte. Die vergorene Maische wurde früher noch in zwei unterschiedlichen Durchgängen gebrannt. Beim ersten Durchgang wurde aus der Maische „Drouf" (Lutter) mit einem sehr geringen Alkoholgehalt gewonnen. Erst beim zweiten Durchgang, der „Läiterecht", wurde der Lutter geläutert, und man erhielt ein alkoholstarkes Destillat.

Das alte Gerät hatte unten eine Holz- oder Kohlefeuerung. Darüber war die Brennblase, in die man die Maische hineinschüttete. Die Blase ging in einen helmartigen Aufsatz („d'Kopp") über. Der Helm war an das Geistrohr und an den Kühler angeschlossen. Unten am Kühler war der Destillatsauslauf. Der Branntwein wurde häufig in Holzfässer eingefüllt. So erhielt er eine leichte Tönung und wurde im Geschmack abgerundeter.

Aloyse Miny, Branntwein aus Luxemburg
Aus: Mein Taschenbuch 2000, Ligue Luxembourgeoise du Coin de Terre et du Foyer

Et gät natierlech nit duer, Brannteween ze maachen. E muss och kënnen afgesat ginn. Duerfir ass de Papp jo och sonndes owes, bal bäi di än, bal bäi di aner Duerfwiert Kaart spille gaang. An de Waunter odder emol e verreentenen Dag huet de Papp odder ee vun de Bridder zwou Proufläsche vun en 250 Zentiliter an d'Täsch geholl, an da si se bäi di kënneg Wiert an Epiciere gaang, alt bis dorobber no Knapphouschend, fir déi Drëpp unzebidden.
D'Prouwen huet doranner bestan, datt virun de Leit e Glieschen haulef voll geschott, da mat enger Haund zougedeckt, gerëselt an op de Knéi geschlou gouf. Direkt duerno ass d'Glas géint d'Luucht gehal ginn, fir ze kucken, ob déi Krellen, déi um Bord vum Glas entstan waren, sech laang hale konnten. Da war d'Prouf bestan.
Ware Konnen an der Wiertschaft, dann huet de Brenner eng Turni ginn, soss war et gefeelt, bäim Wiert a bäi den Drëpperten. War nun de Wiert zugleech Epicier odder Maschinnenhändler – dat war zu Iewerleng an zu Osper de Faul – dann ass e seele mat borem Drot erosgeréckt. Da war et um Brenner, fir op d'manst fir d'Haulschent Wueren ze huelen. Et ass méi odder wéineger getosch ginn. Déi Wiert ware gesicht, wou ee fir e Faass vun 100 Liter Brauntewee boert Gäeld krouch.

Emile Schaus, Duerfaarbichten am Joëreskräs, aus: Hémecht 1983/2

De Kaffisbrenner

De grénge Kaffi kënnt a grousse Säck aus Iwwerséi an d'Kaffisbrennerei. An der Zäit hat all Liewensmëttel-Grosist seng eege Réischterei. Vun dohir goufen d'Epicerië beliwwert. Och wa „Kaffisbrenner" gesot gëtt, de Kaffi gëtt geréischtert. A wann et dees Gudden e bëssen zevill gëtt, dann ass e verbrannt a schmaacht batter.

Am Krich an och scho virdrun, hu verschidde Leit de Kaffi selwer geréischtert.

Iwwerdeems dem Kaffisbrenner seng Réischtermaschinn net nëmme vill méi eng grouss Kapacitéit, mee och allerlee Mooss- a Steierapparaten hat, hu Privatleit och alt, a besonnesch am Zweete Weltkrich, grénge Kaffi, deen se nach zu Friddenszäite kaaft haten, an einfachen, gosseisenen Digele geréischtert. Et gouf och extra Réischtdëppen, déi eng Kierb haten, fir d'Kaffisboune ronderëm ze réieren. Domadder konnt de Kaffi schéi gläichméisseg geréischtert ginn.

De Beruff vum Kaffisbrenner huet sech déi Zäit, ouni Ausbildung an enger Beruffsschoul, vum Meeschter op de Léierbouf a Gesell viru „verierft", wéi dat deemools an de meeschte Beruffer de Fall war.

De Kaffisbrenner muss eng gutt Nues hunn: jee nodeems wéi laang a wéi staark d'Kaffisbounen erhëtzt ginn, deemno staark gëtt herno de Geschmaach vun der Boun, an natierlech och vum Kaffi.

Kaffee war ein großes, wunderbares Geschenk

Ich bin „Kriegsware". Sehr oft hörte ich meine Eltern erzählen, meine Kindtaufe sei in dunkler Zeit ein besonderer Lichtblick gewesen: es gab richtigen Kaffee und Zigaretten. Das Haus duftete als Hebamme und Paten mit dem Täufling aus der Kirche kamen und sich zu einem bescheidenen Kaffeekränzchen um den Tisch in der guten Stube setzten. Die Hebamme, Mme Bintner, trank ihren Kaffee schwarz und sog vorher den Duft ein. Es gab gute Gespräche und das Kind, das noch keine Wiege hatte, schlief im Nebenzimmer in seinem Kinderwagen.

Mein Vater erzählte: „Kaffee und Zigaretten hatte ein guter Freund auf dem Schwarzmarkt erstanden. Es war ein großes, wunderbares Geschenk."

Mariette Leuck

„Wenn der Clarens Kaffi brennt, gibt es Regen!“

De Clarens war e Liewensmëttel-Grosist zu Wooltz. Säi Betrib an och seng Kaffisbrennerei lungen eng honnert Meter westlich von der Weeltzer Primärschoul fort. Nieft dem Magasinier, dem Büropersonal an de Liwweranten – e Chauffeur mat engem zweete Mann – hat de Clarens och e Kaffisbrenner; sou gouf den Här Schaus och an der Uertschaft genannt.

A wann de Clarens am Gang war, Kaffi ze brennen, hott et dax bis an de Schoulsall era gutt geroch. Dat war eewer nik ëmmer esou: jee nodeems vao wou de Wand geblosen hott, – aus dem Westen, also aus der Belscht a vom Meer – krute mer de Geroch an der Schoul mat, oder – wann Ostwand war – ass de bloen Damp an d’Neideerfche gezungen, a mir kruten näischt mat.

Eise Schoulmäster, de gudden Här Hinger, hott et feerdig braocht, eis op eng praktisch Manéier mat flotte Beispiller, besonnisch an der Geschicht an an der Geographie, allerlä Interessantes bäizebréngen.

Wéi mer an der „Heimatkunde“ vom Weeder geschwat honn, an et ëm d’Himmelsrichtunge gung, sot de „Pir“ – sou ho mer de gudde Mann genannt: „Wenn ihr den Geruch der Kaffeerösterei Clarens hier im Klassensaal riecht, bläst der Wind aus westlicher Richtung und bringt uns Regenwolken von der belgischen Nordseeküste.“

Eise Komerod – nenne mer en emol de Munny – hat déi Saach eewer nik sou richtig bekäppt, an hott an der nächster Geographieprüfung d’Fro: „Welche Anzeichen deuten auf Regen hin?“ beäntwert: „Wenn der Clarens Kaffi brennt, gibt es Regen!“

Joss Scheer

Den Essegfabrikant

Esseg ass an alle Kichen ze fannen. En ass onentbierlech fir ze wierzen an ze konservéieren.

Esseg gëtt schonn zënter Jordausende gemaach. D'Method ass wahrscheinlech duerch Zoufall entdeckt ginn: Alkoholesch Flëssegkeeten, wéi Wäin, Branntewäin a Béier, déi laang un der Loft sinn, ginn no enger Zäit selwer zu Esseg. Dëse gëtt da länger Zäit gelagert, fir datt e säin Aroma nach ka verbesseren.

Zënter 1870 hate sech hei am Land verschidden Essegfabriken etabléiert, ënner anerem zu Veianen, zu Dikrech an am Rollengergronn, déi aus Lëtzebuerger Produiten Esseg gemaach hunn.

"Bei eis um Haff hu mir eisen eegenen Esseg aus Moscht gemat."

M.P. Gloden-Meyers

D'Vinaigrerie Luxembourgeoise zu Wormer ëm 1910

Wéi d'Vinaigrerie de Luxembourg entstan ass

Mëtt vum 19. Jorhonnert huet d'Famill Pundel-Marx zu Wormer eng Epicerie mat Stoffhandel bedriwwen. Wéi vill Leit am Wënzerduerf hate si och Wéngerten. Vun hiren zwéi Jongen huet ee Medezin studéiert, deen aneren, de Pierre, gebuer 1875, hat nieft de Wéngerten eng Brennerei. Aus Wäin a Branntewäi kann een Esseg maachen: dat wosst dee jonke Mann. 1910 huet hie sech an d'Esseg-Produktioun lancéiert a reusséiert: d'Vinaigrerie de Luxembourg woar gebuer.

1922 ass et zu Wormer ze enk ginn an d'Esseg-Fabrik ass an d'Stad an d'Stroossbuerger Strooss ëmgezunn. Aplaz vun de Fässer wéi bis elo, si grouss Cuven aus Holz op der Plaz gebaut ginn. 20.000 Liter sinn do dra gaangen. D'Haus hat säin eegene Kéifer, dee se gebaut an a Stand gehalen huet.

De Verkaf ass a Fässer vu verschiddene Gréisste gemat ginn. Domat sinn d'Grosisten, d'Restauranten an d'Epicerië beliwwert ginn. D'Leit hunn hiert eegent Geschir mat an de Buttek geholl an do ass dann agefëllt ginn. D'Kornischongs-Zäit woar Héichsaison fir den Esseghandel. Bal jiddereen hat e Gaart an huet d'Recolte an Esseg ageluet. Sou huet se sech iwwert d'Joer gehal.

An den 30er Joren ass dunn den Esseg a Glasfläschen op de Moart komm. Ausgangs der 50er Jore koumen d'Plastiksfläschen, déi nach méi handlech woaren. 1985 gouf d'Vinaigrerie de Luxembourg zu Helleng installéiert.

Hautdesdaags gi vill verschidden Zorten Esseg produzéiert, awer déi mat der traditioneller rouder Etikett mat der wäisser Schrëft stinn nach an all Geschäft. E Produkt vu lëtzebuerger Qualitéit.

De Moschterfabrikant

De Moschter gëtt et an Europa schonns zënter dem Mëttelalter. Ier de Peffer, an duerno den Chili importéiert gi sinn, waren de Moschter an de Mierréidech déi eenzeg schaarf Gewierzer an Europa.

De Moscht (Moschter) gëtt aus gemuele Moschterkären, Peffer, Curry a Koriander mat Salz, Esseg a Waasser ugesat. E gëtt permanent geréiert a kritt esou seng schéi seemeg Konsistenz.

Zu Lëtzebuerg gouf ufanks dem 20. Jorhonnert de Moschter a klenge Moschterfabriken hiergestallt. Sou gouf et zum Beispill zu Esch d'Moschterfabrik Eug. Plummer (Moutarde Nationale), zu Hollerech d'Confiturerie et Fabrique de Moutarde F. Lentz oder zu Dikrech d'Moschterfabrik Nicolas Thoma (Moutarde aux fines herbes).

Eng Moschter-Fabrik zu Lëtzebuerg

Am Pafendall nieft dem Altersheem steet déi wuel eelste Millen hei am Land, d'Muerbelsmillen och Dauwemillen genannt. Et kann een hei wuel vun enger 1000- järeger Mille schwätzen.

De 24.03.1922 huet den Elsässer Karl Hartmann-Sendlein déi Mille kaaft fir doraus eng Moschter-Fabrik ze maachen. Hien hat d'Rezept, an d'Installatioun vun der Millen huet sech gutt gëeegent fir d'Moschter- a Pefferkären zwëschen deenen albewährte Lava-Steng ze muelen.

D'Gesellschaft „Moutarderie du Luxembourg" ass bis 1945 vum K. Hartmann geleet ginn. Nom Krich ass de Besëtz vum Sequesteramt verwalt ginn. Vun 1946 un huet eng Franséisch-Lëtzebuerger Gesellschaft d'Moschterfabrikatioun weidergeféiert.

1953 hunn d'Ierwe vum K. Hartmann d'Millen un d' „Commission des Hospices Civils de la Ville de Luxembourg" verkaaft. Déi selwecht Commissioun huet d'Altersheem dernieft verwalt.

1955 ass den R. Flohr als techneschen Assistent vun der Moutarderie agestallt ginn. 1963, wéi säi Meeschter, den H. Prange, gestuerwen ass, huet hien de Betrib selbstständneg weidergeféiert.

Ënnert senger Leedung huet d'Geschäft mam Moschter sech gutt entwéckelt. D'Produktioun ass op 20 Tonnen de Mount geklomm. Den Numm ass elo „Moutarde Royale". Wie ka sech nach un d'Kréinchen op der Etiquett erënneren?

D'Firma Munhowen gouf 1908 zu Diddeleng gegrënnt an huet do en Dépôt vu Béier, Wäin a Likör geféiert. Nom 1. Weltkrich 1918 ass de Betrib op den Houwald geplënnert ënnert der Direktioun vum Raymond Munhowen. Eng gewëssen Zäit ass do och Wäin- an Äppelesseg a Moschtert produzéiert ginn.

1976 huet Munhowen d'Moutarderie iwwerholl. Zënter e puer Joer leet de Roland Munhowen am Parc d'Activités Syrdall an neie moderne Raimlechkeeten d'Moutarderie, zesumme mat sengem Fils.

De Beiemann

Zu der Zäit vun eise Grousseltere goufen et an all Duerf e puer Leit, déi Beien hate fir Hunneg ze produzéieren. Den Hunneg hu si privat verkaaft an esou e puer Su verdéngt. Och de Wues, dee vun de Waben erofgeschëppt ginn ass, ass weiderverkaaft ginn, an zwar u Käerzegéisser.

D'Beienziichter hu sech am Beieverband zesummegedoen. A Versammlungen hu si d'Leit opgekläert an hiert Wësse weiderginn. Et waren awer och vill Beienziichter, déi op eege Fauscht ausprobéiert hunn a sech hiren Know-how sou selwer erschafft hunn.

Wéi ass et dozou komm, dass de Mënsch Beie geziicht huet? Vu Natur aus hunn d'Beien sech an ausgehielte Bamstämm niddergelooss wou et dréchen a woarm war. Den Hunneg, deen se gesammelt hunn, woar hir Reserv fir de Wanter.

Zënter laangem hat de Mënsch, net nëmmen dee gudde Geschmaach vum Hunneg, mee och seng Qualitéiten als Séiss- an Heelmëttel, erkannt. D'Iddi ass entstane, fir ofgeseeten, ausgehielte Bamstämm opzestellen, fir dass d'Beien sech do géifen nidderloossen: de Beiemann woar gebuer!

Spéider koumen aus Weide geflechten Heipen, déi méi mobil waren, an dunn d'Beienhaisercher. Den Imker hat ëmmer nei Iddien: Sifte mat enger hëlzener Rimmche sinn agesat ginn: d'Waben. Den Handel mam Hunneg ass en Niewenakommes fir vill Leit um Land ginn.

D'Kraaft aus dem Buedem gëtt vun de Planze geholl, weider an d'Bléie geleet, déi den Nektar enthalen. Duerch d'Sekretioun vun de Speicheldrüse gëtt den Hunneg a Lävulose an Dextrose ëmgewandelt, dofir ass e liicht verdaulech.

Fir sech ze protegéieren, huet den Imker bei der Aarbecht mam Kluef Damp gemaach. Fir d'Gesiicht, d'Aen an d'Hänn ze schützen, sinn e Schleier aus Gaze an Händsche wichteg. Gutt Schong a Strëmp net vergiessen, well d'Beien am léifste vun ënnen erop krabbelen. Virun allem awer brauch een eng roueg Hand.

Am Fréijoer kontrolléiert den Imker de Beiestack. Enn Mäerz, Ufank Abrëll kuckt en wéi d'Beie sëtzen, ob se nach Fudder hunn, ob d'Kinnigin derbäi ass an ob de Buedem soll ersat oder gebotzt ginn.

D'Beie ginn aktiv bei 15 Grad. Se sichen Nektar, Pollen, Haarz a Waasser. Wat se gesammelt hunn, droen se heem a ginn et weider un d'Stackbeien. Den Hunneg gëtt un d'Waben ofginn a mat Wuessdeckelcher zougedeckt. Wa bal alles gedeckt ass, geet dem Imker seng Aarbecht un.

Nodeems d'Beien erof geschäert sinn, kommen d'Waben an de Schleiderraum.

Wichteg ass d'Temperatur: iwwer 20°. Am beschte gëtt dofir direkt geschleidert. Fréier huet den Imker dat mat engem hëlzene Véierkannt besuergt, haut geschitt et elektresch.

Den Hunneg gëtt gesift, fir dass e ganz propper ass. Nodeems en nach e puer Woche laang geréiert ginn ass, 1 bis 2 mol den Dag, ass e fäerdeg fir an d'Glieser. D'Faarf vum Hunneg gëtt bestëmmt jee no Bléi a Joreszäit.

D'Baienhaisercher sinn durch Magazinen ersat ginn, awer den Imker ass net z'ersetzen: hie kontrolléiert d'Vermehrung vun de Vëlker, e fiddert se de Wanter, well: ouni Beie keng Bestäubung, ouni Bestäubung keen Uebst!

De Beiemann Emile Pleger an der Kinnigins-Zuchtplaz zu Feelen

“De Bei geet aus”

Déi al Kinnigin, déi nëmmen do ass fir Eeër ze leeën (2000- 3000 den Dag) verléisst de Beiestack mat der Halschent vun de Beien, wann déi nei Kinnigin aus der Zell erausgeet. Den Imker fänkt de Schwaarm nees an. Op der Leeder steet en am „Aarbechtsgezei“ am Bam. Mat engem Waasserzerstäuber bespreet en déi Schwaarmdrauf fir d’Beien ze berouegen: mat naasse Flilleken ass schlecht fléien. Den „Hobbock“ gëtt drënner gehal, mat enger Gänsefieder fiert e laanscht den Aascht an „d’Drauf“ fällt an d’Gefäss. Wann d’Kinnigin derbäi ass, kommen all déi aner no, wann net, sammelen se sech nei um Bam, dann dauert d’Afänken bis zu enger Stonn.

Déi jonk Kinnigin flitt gläich eraus a fänkt direkt no der Hochzäit un Eeër ze leeën.

D’Beienhaus bei der Schoul

Das Bienenhaus stand im Schulgarten. Die Hinterseite mit den Fluglöchern war bunt gestrichen. Man glaubte damals, die Bienen würden sich nach der Farbe ihres Stockes richten. Heute weiß man, dass sie vom Duft ihrer Königin geleitet werden.

Damals aber, als kleines Kind, staunte ich über die gelben Höschen, die voll Blütenstaub steckten. Ein unendliches Spektakel war die zielsichere Landung vor den Fluglöchern. Ich konnte zusehen, musste aber seitwärts stehen bleiben und durfte die Fluglinie nicht durchqueren. Dies war störend für die Bienen und gefährlich für mich. So spielte ich vor dem Bienenhaus. Hier konnte man glauben, es sei ein Gartenhäuschen mit einer braunen Tür und kleinen Fenstern.

Drinnen aber war das Reich des Imkers, der mein Großvater und auch Dorfschullehrer war. Eine ganze Wand bestand aus schwarzen Deckeln, die mein Großvater ab und zu öffnete. Er hielt mich in die Höhe, und ich sah unter Glas wie geschäftig die Arbeiterinnen drinnen waren. Natürlich wollte ich die Königin finden, die einen bunten Tupfer auf dem Rücken trug und von einem Hofstaat umgeben war. Den Tupfer setzte Großvater den jungen Königinnen auf. Die Farbe änderte von Jahr zu Jahr und so konnte man das Alter der Königinnen erkennen. Dies ist wichtig, um zu sehen, wann eine Königin zu alt wird, um sich einer jüngeren Rivalin zu widersetzen. Eine starke Königin verhindert so das Ausschwärmen. Dies alles erklärte mir Großvater. Ich durfte mein Ohr an das Glas legen und das leise, stete Brummen hören.

Hatte der Großvater den Hut mit dem Netztuch auf und blies große Rauchwolken aus der Imkerpfeife, dann durfte ich die Tür nicht öffnen und musste draußen bleiben. Dann stand ein Eingriff in das Leben des Bienenvolkes auf dem Plan und dies mochten die Tiere nicht. Großvater aber wusste, wie man die anfasst und auf Distanz hält.



Als Kand hat d'Mariette Leuck sengem Grousspapp säin Hunneg am léifsten

Im Frühling warteten wir bis die Bienen nach Weiden- und Haselkätzchen suchten. Sträuße hiervon abzupflücken war schon fast ein Verbrechen, denn sie waren „die erste Nahrung der Bienen". Diese ersten Flüge bedeuteten, dass der Frühling es nun bald wirklich ernst meinte. Im Sommer dauerte der Bienenflug vom frühen Morgen bis zum späten Abend. Es gab fast keine Nachtruhe. Auch an schönen Herbsttagen flogen die Bienen noch. Im Winter aber war es still. Nur ein leises Brummen lag in der Luft. Wenn die Kästen nun geöffnet wurden, setzte Großvater einen Glasballon mit Zuckerwasser und einer Honiglotion ein. Bei großer Kälte waren die Landebrettchen vor den Fluglöchern hochgeklappt.

Um diese Zeit schlief auch die dicke Kröte irgendwo unter der Erde und dürren Blättern. Mit der Frühlingssonne aber platschte sie zu ihrem angestammten Platz vor dem Bienenhaus. Bienen sind nämlich peinlich sauber. Sie putzen ihren Stock und werfen tote Arbeiterinnen heraus, ganz zum Vergnügen der Kröte, die sommers unter einem großen Rhabarberblatt döste und nach Sonnenuntergang eine üppige Mahlzeit hielt. Ich durfte über ihr breites Maul und ihren guten Appetit lachen, aber es war strengstens verboten, sie zu stören oder gar anzufassen. Sie war einfach wunderbar hässlich und hielt den Vorplatz des Bienenhauses sauber.

Mariette Leuck

De Gäertner

Et goufen (a ginn) zwou Zorte vu Gäertner. De Geméis- a Blummegäertner hat seng eege Gäertnerei. De Landschaftsgäertner, dee bei Privatleit oder fir Entreprisë geschafft huet, war méi rar.

Geméis- a Blummegäertner hate Familljebetriber, wou jiddereen am Haus matgeschafft huet. Do konnt ee Saisonsgeméis kafen oder kleng Zaloten-, Zellerie- a Kabesplanzen. Se hunn och Geséims verkaaft, dat se selwer gedréchent haten.

Bei Begriefnesser si Kränz a Gerbë gemaach ginn. D'ganz Famill souz dann am Dännegréngs an an de Blummen ze bannen. Fir d'Kommioune sinn Hortensien an den Zäre gezillt ginn, d'Kierch an d'Kommiounshaiser hunn dann nëmmen esou gebléit. Am November war dat grousst Geschäft mat de Chrysanthemen, den Allerhellgestäck.

Verschidde Gäertner hunn och „d'Mäert gemat". Mueres fréi mam éischten Zuch sinn d'Frae mam Kuerf an d'Stad gefuer, fir Saisonsgeméis ze verkafen. Si haten do hir fest Plaz an hir Clientèle. Geméisbuttéker sinn et och ginn. Do ass Selwergezilltes verkaaft ginn, nieft deem wat de Grosist geliwwert huet.

Eng Gäertner-Dynastie

Mäin Urgrousspapp woar Gäertner bei engem Baron an der Minettsgéigend. Do huet och mäi Grousspapp, 1870 gebuer, seng Léier gemat. Duerno goung hien op Paräis, wou hien a verschiddene, grousse Landschaftsgäertnereien eng weider Ausbildung krut. Zréck zu Lëtzebuerg huet en sech selbstänneg gemat. Bei Firmen a Privatleit sinn ënner sengen Hänn Park- a Gaardenanlagen entstan.

Uganks goung hien zu Fouss, huet Spuet, Reech, Schëpp an Heel op d'Schëller geluet, a lass op d'Aarbecht. Spéider ass e mam Vëlo gefuer. Planze, Sträicher a Beem krut hie mat der Päerdskutsch aus der Lëtzebuerger Bamschoul geliwwert.

Seng dräi Jonge sinn och Gäertner ginn. Nom Krich woar mäi Papp deen éischte Gäertner zu Mondorf am Park. E woar do e Liewe laang fir d'Blummen an d'Anlagen zoustänneg.

Ech, als leschten an der Rei, hu meng Gesellepprüfung um Lampertsbierg als Blummegäertner gemaach. Duerno hunn ech als Gesell am Frankräich an och an der Schwäiz geschafft. Zréck zu Lëtzebuerg war ech a verschidde Blummegeschäfter bis ech mech selbstänneg gemat hunn. A mengem eegene Geschäft hunn ech Blummen a Geméis gezillt a verkaaft. E gutt, naturverbonnent Liewen.

J.W.

Lëtzebuerg war bekannt fir seng Rousenziichterei, Lampertsbierg, 1907

D'Réimecher Gäertner

An der „rue des Jardins" woaren dräi Gäertner, een um aneren. Eise woar deen éischte vun ënnen. Laanscht eng héich Mauer, duerch eng gréng gestrachen Dier ënnerbrach, goung et d'Trap erop op e Plateau a schonns woar ee matzen am Goart. E betonnéierte Wee huet duerch Geméis- a Blummebeeter bei e klengt Haus geféiert.

Huet net grad een dobausse geschafft, sinn ech weider op d'viischt Dier zougaangen. Eng Kläckelchen huet gebimmelt, wann ech eragaange sinn. An deem klenge Raum, en Dësch mat enger Toile cirée, e Cageot mat Zwiwwelen a Schalotten, laanscht d'Mauer op enger Stellage Kierwercher mat Geséims, e Stouss Zeidongen, fir anzewéckelen.

Um Maart oder um Tour hunn d'Gäertner hiert Geméis verkaaft, wéi hei 1955 zu Erseng

Aus der Kichen hannendrun ass schonn d'Madame Rock komm an huet no mengem Begier gefrot: „Wat häsch Dau da gär?" Dann huet se eng Zeidong an e Messer geholl a mir sinn zesummen an de Goart Zalot steeche gaangen, Wuerzelen a Poretten eraushuelen, e puer Zelleriesblieder fir an d'Britt a Péiterséileg.

Ech hunn dem Pätter, deen d'Grompere geheeft huet, moie gewénkt. D'Giedel huet hannert dem Uewen erausgeluust, wéi ech bezuelt hunn an d'Madame Rock an der Zigarskëscht an der Mënz gerabbelt huet.

„Wat souze mir do ze repikéieren, wann déi aner Kanner gespillt hunn!", sot dem Gäertner säi Meedchen, dat bei eis an der Schoul war.

Ausganks der 40er Joren, nom Krich, wann de Geméiscamion duerch d'Uertschaft gefuer ass, si mir hannendru gelaf: „Haut ginn et Orangen!"

Simone Rosen

„… a fort et geet … „ *





Mobilitéit fir Mënsch a Wueren

Ier et gutt Stroosse goufen an ier d'Eisebunn bestanen huet, sinn d'Leit zu Fouss gaangen oder hunn d'Postkutsch geholl. Déi, déi sech et leeschte konnten, si mat der eegener Kutsch gefuer. Eréischt am 19. Jorhonnert ass zu Lëtzebuerg e richtegt Stroossennetz opgebaut ginn. Et war awer virun allem de Bau 1859 vun der Eisebunn, deen d'Land aus der Isolatioun geholl huet a fir wirtschaftlechen Opschwonk gesuergt huet.

Op méi laange Strecke sinn d'Wuere mam Zuch oder op der Musel mam Schëff transportéiert ginn. Op kuerze Strecken huet de Fouermann dës Aarbecht gemaach.

D'Postkutsch an den Zuch hunn de Leit et méi einfach gemaach, fir hir Famillje besichen ze goen oder hir Wuer op engem grousse Maart unzebidden oder ze kafen.

1875 gouf an der Stad an 1927 am Minett den Tram agefouert.

* Aus dem Lidd *„De Feierwon“* vum Michel Lentz, 1859

De Kutscher

De Kutscher war der Herrschaft hire „Chauffeur“. Hien ass mat der Kutsch gefuer an huet d’Gefier an d’Päerd an der Rei gehalen. En ale lëtzebuerger Ausdrock fir de Kutscher war „Kitschener“.

Wer sich als Kutscher ausgab, musste seine Sache verstehen. Es genügte nicht, dass einer sechs Monate einen Stall ausmistete und die Pferde zur Tränke ritt, damit er ein rechtschaffener Kutscher wurde. Eher konnte einer Virtuose auf dem Klavier oder der Geige werden, als ein richtiger Kutscher. Vom Stalljungen bis hinauf zur Würde dessen, dem die Herrschaft ihre Knochen anvertraute, war ein weiter Weg, während heute zur Not in sechs Monaten ein leidlicher Chauffeur zu backen ist.

Virum Hotel Brasseur an der Stad, 1901

Kompliziert, schwerfällig, lächerlich, umständlich ist die alte Equipage gegen das Auto, aber sie hat die Feierlichkeit alles Zeremoniells, und ein Daumontgespann mit sehnigen Juckern, in derer gestriegelter Haut die Sonne blinkt, wenn darunter die Muskeln spielen, bleibt immer ein Anblick von absoluter Schönheit. So wird niemals der perfekteste Chauffeur zu einer Erscheinung voller Stil und überlieferter Kultur werden, wie ein herrschaftlicher Kutscher, der ein Exponent seines Standes ist. Wenn der alte Leibkutscher Großherzog Adolphs, Papa Koller, auf Gummirädern viere land durch die Straßen jagte, und mit befehlerischem „Hep!“ um die Ecke lenkte, so wirkte das ganz anders feierlich, wie wenn heute der eleganteste Chauffeur die üppigste Limousine mit dem aufregendsten Gehupe über den Paradeplatz steuert. Nur dass er schneller fährt, freilich.

Aus: Von Tag zu Tag, Batty Weber, Editions Tony Jungblut, 1946

De Postkutscher

D'Postkutschen, déi op verschiddene Strecke vum Land verkéiert sinn, haten en dueblen Zweck: den Transport vu Post a Päck an dee vun de Passagéier. Och fir den Uschloss un den Zuch war dësen Service wichteg.

D'Postkutsche si vu Privatfirme bedriwwe ginn, déi allerdéngs eng Statskonzessioun fir déi eenzel Strecke gebraucht hunn. Well de Stat d'Wichtegkeet vun esou engem Service erkannt hat, huet en de Passagéiertransport subventionnéiert an dem Konzessionär all Joer eng Entschiedegung bezuelt. De Konzessionär huet missen eng Kautioun hannerleeën an sech verflichten, pënktlech ze fueren. An deenen Uertschaften, wou e Postkutscherelais war, sinn zwee Bierger ernannt ginn, fir den Service ze kontrolléieren.

D'Kutsch hat an der Regel 4-8 Sëtzplaze fir d'Passagéier a war mat zwee Päerd bespaant. Uewendrop war Plaz fir d'Gepäck. D'Bréiwer hu missen an enger zougespaartener Wallis, déi un der Kutsch befestegt war, transportéiert ginn.

D'Passagéier hunn direkt beim Kutscher bezuelt. Billjeeë goufen et nach net. D'Zuel vun de Passagéier ass an engem Fahrtebuch agedroe ginn.

Postkutsch um Wee op d'Gare zu Veianen, ëm 1920

Den 18. September 1838 ass e regelmässegen dag-deegleche Postkutschebetrib op der Streck Lëtzebuerg-Arel opgeholl ginn. Konzessionär wor de Péiter Wiltgen vu Lëtzebuerg, dee mer an alen Handkalenneren als Postmeeschter verzeechent fannen. Hie wor dee bedeitendste Postkutschenentrepreneur vu senger Zäit hei am Land, well en huet den Transport net nëmmen op der Areler Streck, ma och op deene vu Réimech, Tréier, Dikrech a Metz gemat. Et schéngt e ganz gewichste gewiescht ze sinn. Do stong zum Beispill am Cahier des charges vun der Areler Streck, op halwem Wee ongeféier, um Wandhaff, tëschent Capellen a Stengefort, missten d'Päerd gewiesselt ginn. De Péiter Wiltgen, deen iwwregens bal nëmme mat Schëmmele gefuer ass, huet déi Bestëmmung vum Cahier des charges op seng Aart a Weis interpretéiert, a wann hien um Wandhaff passéiert ass, huet e wéi virgeschriwwe seng Päerd gewiesselt, dat heescht, en huet dat Päerd, dat riets ugespaant wor, lénks ugespaant, an dat, wat lénks ugespaant wor, huet e riets ugespaant. An dann ass hie roueg weider gefuer an et konnt keen him e Protokoll maachen, well en hat sech genee un de Buschtaf gehalen. (...)

Aus: Kalennerblieder, Band 3, Evy Friedrich, Verlag J.P. Krippler-Müller, 1985

Nom éischte Weltkrich sinn d'Kutsche lues a lues duerch „Postautoen" ersat ginn. 1929 ass déi lescht Postkutschelinn am Land zougemaach ginn, et war d'Linn Rammerech-Syr.

De Postauto

Do war och de Postauto vun der Firma Gehlhausen vu Gréiwemaacher, deen déizäit „d'Navette" tëschent Rued/Syr a Jonglënster gemaach huet an all Dag e puermol duerch Oulje komm a virum „Onkel" senger Wirtschaft, bal vis-a-vis vum Schoulhaff, gehalen huet. De Postauto huet net nëmmen d'Leit deplacéiert, mä en huet och de Courrier an d'Päck vun der Post an all Wueren, déi d'Leit a Geschäfter bestallt haten, mat virugeholl. Och späreg a schwéier Saache goufen uewen op den Daach geschleeft a matgeholl. Duerfir ass de Chauffeur eng Eiseleeder, déi hannen um Postauto festgemaach war, eropgeklommen an huet seng Ladung um Postautosdaach festgebonnen.

André Hausmann

De Fouermann

Bis an d'20. Jorhonnert huet de Fouermann mat Päerds- oder Ochseween Wueren transportéiert.

Esou wichteg waren d'Päerd fréier

„Wann dee Bau hei fir d'Fuesend fäerdeg ass", huet d'Christine, meng Groussmamm, zu de Steemetzer gesot: „Da baken ech Iech Nonnebréidercher." D'Haus woar fäerdeg an d'Christine huet Wuert gehalen. Dat woar 1871. Vun där Zäit un heescht d'Haus „a Fuesends".

't woar net nëmmen en Haus, 't woaren och Ställ a Scheieren derbäi. An de Ställ stongen d'Päerd an der Rei. Ouni Päerd ass déi Zäit näischt gaangen. Fir all Transport si si gebraucht ginn.

De Fouermann huet och alt emol Leit gefouert

D'Päerd hunn de Plou gezunn, d'Hee and de Groum ageféiert, d'Frut, d'Rommelen an d'Gromperen. D'Päerd hunn d'Mirabellen, d'Quetschen an d'Äppel bei de Brenner an an d'Haiser transportéiert. D'Päerd hunn de Béier, de Limonad an de Wäi bruet. Am Wanter haten d'Päerd Kreep an Äisneel an de Houfeisen, domat si se duerch Schnéi an Äis gaangen.

D'Päerd hunn d'Steen an de Sand bruet fir ze bauen an den Offall op den Tipp geféiert. D'Päerd hunn d'Schëffer iwwer de Leinpad laanscht d'Musel gezunn.

D'Päerd hunn d'Postkutsch vun Duerf zu Duerf gezunn. D'Päerd woare gestréilt a gekämmt, wann se d'Hochzäitsleit an d'Kierch geféiert hunn. D'Päerd woare schwaarz a sëlwer behaangen, fir mat der Läich ze fueren. D'Päerd si mueres fréi an owes spéit mat de Kiermesgäscht komm.

An de 50er Jore sinn d'Traktere komm. 1960 woar et eriwwer mat de Päerd. Eng nei Zäit ass ugebrach. Viru Fuesends hirer Dier steet eng Limousine.

Jos Michels vu Réimech

Begriefnes vum Staatsminister Paul Eyschen, 1915
Den Doudewon ass nach laang vun de Päerd gezu ginn. 't war e feierlecht Bild, wann d'Gespann a schwaarz a sëlwer duerch d'Uertschaft gefuer ass. Um Bock souz de Fouermann am schwaarze Kostüm an Zylinder, mat der Gäissel an där enger an der Léngt an där anerer Hand.

De leschte Wonsch

45 Joer hat d'Ännchen hirem Brudder, dem Här Paschtouer, de Stot gemat. Si woar gär op de Musel, awer wéi et zu Enn goung, woar et hire leschte Wonsch, doheem zu Iernzen begruewen ze ginn. Dat sollt och geschéien.

De Fuesends Jos, mäi Papp, ass bestallt ginn an d'Ännche gouf an der Lued heemgefouert. 't woar November, kal, gro an onfrëndlech. De Jos war frou, wéi en zu Iernzen ukomm ass an d'Haus beim Waasser fonnt hat.

Wéi en uklappt, kënnt d'Schnauer un d'Fënster. „Ech bréngen Är Tatta", sot de Mann. „Hei kënnt se net eran", sot dunn d'Schnauer, „féiert se bei d'Ierwen."

De Fouermann, kal, midd a genervt, huet net laang gezéckt: „Wëscht Der wat", sot en, „entweder Dir maacht elo direkt hei d'Dier op oder ech tippen se an d'Baach."

Dat huet gedéngt. D'Dier goung op. D'Ännche woar doheem.

Jos Michels

De Petit huet geteimert

De Petit vu Steebrécken huet „geteimert“. Hien huet fir d’Gemeng d’Offäll vun den Haiser mat sengem Teimer op den Tipp geféiert.

Zu Krichszäiten, wéi d’Preisen am Land woaren, huet de Mann den Teimer och benotzt, fir déi Jongen, déi net an de Krich wollten, vun enger Stopp an déi aner ze féieren.

Ëm den Owend, just virun der Däischtert, wéi en erëm eng Kéier zwee jonk Männer geféiert huet, hält eng däitsch Patrull de Petit un a freet, wou en dann elo nach géing fueren. „Op den Tipp“, seet deen. „Moar de Mueren hunn ech keng Zäit, mir gi fréi an d’Gromperen. Dofir gëtt dat elo nach gemat.”

Déi gewëssenhaft Beamte wollten dat gesinn, an hunn de Mann op senger Tournee begleet. Déi zwéin um Teimer hunn alles matgelauschtert. Am Doudschweess louchen se ënnert de Gromperesäck. Wat sollt de Petit maachen? En huet d’Dreckskiwwelen een nom aneren op d’Jonge geschott. Déi hunn d’Käpp eragezunn an alles iwwert sech ergoe gelooss. Mat den Uniforméierten zesumme sinn se dunn op den Tipp gefuer. Do huet de Bauer d’Klapp opgemat an den Teimer eidel!

Wéi de Mann mat der zweeter Fouer komm ass, déi Kéier eleng, huet en déi verdattert Kärelen opgelueden an op déi richteg Plaz geféiert.

Datt si allen dräi opgeotemt hunn, brauch ech wuel net ze soen. Déi Zäit gouf net laang gefaxt: fir esou Exkursioune konnt een ipso factum un d’Mauer gestallt ginn.

Malou Rosen-Petit

De Schläiper

D'Musel war net ëmmer esou déif wéi haut. Déi Schëffer, déi haut drop fueren, wären ni duerchkomm, wann net kanaliséiert gi wär. Dat heescht awer net, datt et fréier keng Iwwerschwemmunge goufen. Et waren awer och Joreszäiten, wou d'Ufer breet an d'Waasser niddereg war. Als Transportwee fir grouss Schëffer konnt een also net ëmmer mat der Musel rechnen. Als Verkéiersmëttel konnten an deem Fall dann nach Naachen, vu verschiddene Kaliber, agesat ginn. Si hate kee Motor a goufe vun de Schläiper mat hire Päerd gezunn. Zu deem Zweck gouf et zu béide Säite vun der Musel en Treidelwee, op deem d'Päerd gaange sinn. Mat laange Seeler konnten si esou d'Naachen zéien.

A Schläipesch,
dat ass en alen
Hausnumm zu Réimech.

D'Naache goufen d'Musel erop getreidelt, d'Musel erof si se mat der Stréimung geschwommen. De Schëffsbesëtzer huet d'Schëff mat engem Rudder dirigéiert. Vir um Schëff stungen zwee Männer, déi mat laange Staangen, déi um Enn en Eisebesaatz haten, d'Schëff laanscht d'Hannernësser bugséiert hunn. Verschidde Schëffsbesëtzer haten hir eege Päerd, déi aner hunn e Schläiper mat senge Päerd ugeheiert.

Schläiper zu Gréiwemaacher, gemoolt vum Franz Heldenstein, ëm 1880



Beim Durchfahren der Untiefe im Ehnener Wehr musste auf dem Treidelpfad nebst Pferdegespann auch Menschenhand beim Ziehen der Schiffsseile eingesetzt werden. Bares Geld der Lohn, den der Kapitän vom Schiffe aus, in einen Apfel oder eine Kartoffel verpackt, ans Ufer warf.

Emile Linden

Vun eisem Haus zu Éinen aus hunn ech d'Päerd gesi laanscht d'Musel goen, wéi se d'Naache gezunn hunn. Déi woare mat Gipsbléck belueden. Zu Ierpeldeng woar e Gipsbroch, do hunn se d'Stee gehaen an op Réimech mat den Teimere bruet, vun do sinn se mam Naache bei Meechtem op d'Gipsmille gefouert ginn.

Mme Engel, Kanech

Wann d'Schëffer d'Kéier hu misse maachen, sinn d'Päerd iwwert d'Bréck gaangen. Mam Naachen ass e Mann bei d'Schëff gefuer, fir d'Seeler ze huelen, dann ass erëm ugespaant ginn an et goung nees zréck.

Jos Michels, Réimech

Ufanks 1900, ier d'Dampschëffer op der Musel gefuer sinn, hu 5 bis 6 kräfteg jonk Leit d'Naache gezunn. Se sinn iwwert den Treidelwee gaangen an hunn se mat Seeler geleet.

Mme Haan-Reinert, Réimech

Vu Schengen erof sinn Naachen, déi 3 bis 4 Fässer Wäi gelueden haten, bis op Tréier gefuer. D'Päerd, déi se gezunn hunn, sinn zu Éinen ausgewiesselt ginn.

E.K.K.

De Maschinist an den Heizer

An der Mëtt vum 19. Jorhonnert ass d'Eisebunnsnetz zu Lëtzebuerg opgebaut ginn, fir d'Land mat sengen Noperen ze verbannen an den Handel zu fërderen. Dräi Zuchlinnen, déi Lëtzebuerg mat Diddenhuewen, Arel an Tréier verbonnen hunn, sinn tëschent 1859 an 1861 feierlech ageweit ginn, an zu där Geleeënheet huet de Michel Lentz och 1859 „De Feierwon" geschriwwen. D'Linn Lëtzebuerg-Ëlwen koum 1867 nach derbäi.

Deemools goufen et nëmmen Dampmaschinnen, déi vun engem Maschinist an engem Heizer bedéngt goufen.

Ëm 1880 ass en 150 km laange Reseau vu Schmuelspuerbunnen opgebaut ginn, déi d'Uertschafte mateneen a mat der Haaptstad verbonnen hunn. D'Aweiung vun dëse Linne waren fir d'Awunner wichteg Evenementer, déi grouss gefeiert gi sinn. D'Economie vun dëse Géigenden ass domat gestäerkt ginn, well hir Produkter – Holz a Lou aus dem Réidener Kanton, Schifer vun Uewermaartel, Steng aus der Fielser Géigend ..., méi einfach transportéiert konnte ginn.

De Benni op der Gare zu Dikrech

D'Zich op dëse Schmuelspuerlinne sinn „Jangeli", „Chareli" a „Benni" genannt ginn. De „Chareli" gouf nom deemolege Generaldirekter vun den ëffentleche Bauten, Charles Rischard, benannt. Den Numm „Jangeli" koum vum Fielser Buergermeeschter an Deputéierte Jean Knaff, deen sech besonnesch fir de Bau vun der Streck Kruuchten-Fiels agesat hat. De „Benni", deen am Ufank och Jangeli geheesch huet, ass no 1925 ëmbenannt ginn, wéi zwou Benzol-Lokomotiven an den Asaz koumen.

Ëm 1950 hunn d'CFL ugefaangen, d'Schmuelspuerbunnen iwwer Land lues a lues zouzemaachen an duerch Buslinnen ze ersetzen. D'Streck Dikrech-Veianen, op där de Benni gefuer ass, gouf schon 1948 aus Rentabilitéitsgrënn agestallt. 1953 ass den Näerdener Jangeli fir d'lescht gefuer, dem Chareli seng Streck vu Lëtzebuerg op Iechternach ass ee Joer méi spéit zougemaach ginn an de Réimecher Jangeli ass 1955 ofgeschaaft ginn.

De Feierwon

De Feierwon deen ass bereet,
E päift duerch d'Loft a fort e geet,
Am Dauschen iwwer d'Strooss vun Eisen,
An hie geet stolz den Noper weisen,
Datt mir nun och de Wee hu fonnt,
Zum éiweg grousse Vëlkerbond.

Michel Lentz



30 Joer laang, vun 1902-1932, ass de Jängelchen d'Verbindung Mondorf-Thionville gefuer. Déi éischt Statioun a Frankräich war Pëttleng.

Jean Printz war Heizer und Maschinist des Jangeli

Im Oktober 1926 ging er „op d'Bunn" zum Jangeli und begann seine Lehre als Schlosser. (...) Als er seine Lehre beendet hatte, setzte man ihn sofort, – zuerst ein Jahr probehalber –, auf dem Jangeli Luxemburg-Remich als Heizer ein. „Das war 1929. *Zuerst war man Heizer, der Mann, der die Kohlen schippt. Um ans Ruder zu kommen, musste man allerdings schon einige Jahre auf dem Buckel haben. Das ging nicht so schnell."*

(...) Ging's dann den „Howald erop", musste man schon unten ziemlich viel Dampf sammeln um – sogar im Sommer – über den Berg zu kommen. Während der Wintermonate war es immer eine Heidenarbeit. Entweder der Maschinist oder der Zugführer mussten vorgehen und streuen, andersfalls rutschen die Räder in den Schienenfugen, drehten durch und vorbei war's mit der Fahrt. So gab es dann auch einen Mann, der sonst nichts zu tun hatte, als mit einer schmalen Schaufel vom Bahnhof bis fast nach Hesperingen die Schienen zu reinigen. Er war dafür verantwortlich, dass sich kein Dreck oder ähnliches in den Strängen ansammelte, was im Ernstfall sogar eine Entgleisung hätte verursachen können. Nach Hesperingen fuhr der Jangeli dann nicht mehr in Straßengleisen, sondern auf einer regelrechten, offenen Spur und der „Schienenreiniger" erübrigte sich.

De Jangeli zu Réimech ëm 1907

(...) Jeweils zweimal am Tag wurde die Arbeit begonnen. Die erste Fahrt nach Remich ging morgens um halb sieben in Luxemburg-Bahnhof ab. Dieser Bahnhof war lediglich eine kleine Wellblechhütte, welche am Zaunende genau gegenüber dem Hotel Walsheim stand. (...) Nach einer guten Stunde Fahrt kam endlich die Endstation Remich-sur-Moselle in Sicht. Die Kutschen wurden abgehängt, leere Frachtwagen angehängt, zum Gipswerk und voll zurück, ausgekuppelt, Kutschen dran und wieder ging's ab nach Luxemburg, dann nach Hause um so gegen vier Uhr wieder antreten zu müssen. Beim letzten Transport nach Remich war dann dort auch Endstation bis zum Morgen. Man schlief auf Feldbetten im Bahnhofsgebäude.

Aus: Memoiren eines Maschinisten, Fern. Weirich, Journal

Aweiung vum Fändel vun de Maschinisten a Chauffeure vum „Prince Henri“ zu Péiteng, den 23 August 1908

De Jangli fiert den Houwald erop

De Jangli fiert den Houwald erop
O wär hie gutt do uewen op der Hesperkopp.
D’ Maschinn wackelt iwwert d’ Schinnen dohin.
Vun elauter Damp kënnt dir net méi ganz vill gesinn.
(...)
Säi Frënd de Charly ass e Geck.
E fiert duerch d’Avenue erof iwwert d’nei Bréck.
Laanscht d’ Charlysgare an de Rollengergronn.
Do brauch en ongeféier annerhallef Stonn.

Text a Musek vum Colette a Fernand Wark

Iwwerspëtzte Mesuren am ëffentleche Verkéier

Ech war am August 1945 als Schoulmeeschter op Äischen ernannt ginn. Ech sinn dunn all Dag mam Vëlo vun Näerden op Äischen an d’Schoul gefuer. Sou laang, wéi schéint Hierschtwieder bestanen huet, war dat och keng Affär.

Mä een däischteren Novembermoien huet et nawell zolitt gereent. Duerfir wollt ech deen Dag mam Zuch fueren. Well ech welles hat am Nomëtteg no der Schoul erëm gläich op Näerden zréckzekommen, wollt ech de Vëlo mathuelen, well deemools sinn nach net vill Zich op der Atertlinn verkéiert, natierlech wéinst der allgemenger Verkéiersmisère.

Wéi ech an d’Näerdener Gare koum, hunn ech e Billjee op Äischen gefrot. De Guichets-Beamten huet de Billjee aus engem Wandschaf geholl a mir dohi geluegt. Ech hunn och nach e Billjee fir mäi Vëlo gefrot. Mä, dee geschäftegen Eisebunner huet mech gelunge bekuckt a gesot: „Dat geet net, well d’minimal Streck fir e Vëlo fräizemaachen, sinn 20 km.“ Wann ech mech gutt erënnere kann, hätt de Velo op d’mannst bis op Kënzeg goe missen.

Wéi ech du mat Laachen erausgeplatzt sinn, huet de Billjee-Verkeefer ouni mat der Wimper ze zucken, mir ganz eescht gesot: „Dir braucht net ze laachen, dat sinn d’Virschrëfte vun der Direktioun, ech kann iech se weisen!“ „Neen, merci, dat ass net néideg“, hunn ech dem gudde Mann, eng Grimmel ongehale geäntwert, „hei hutt der äre Billjee erëm, well ech fuere mam Vëlo op Äischen. Wann ech mech fläissen, kommen ech nach zur Zäit!“

André Hausmann

De Garde-Barrière

An der gudder aler Zäit, wéi et nach keen C.F.L gouf, dofir awer zwou Eisebunnsgesellschaften, de „Guillaume Luxembourg“ an de „Prince Henri“, vun de Lëtzebuerger kuerz de Wëllem an de Préinz genannt, do hat de Barriärsgaard seng Glanzzäit.

An der Hierarchie vun de „Bunnerten“ stong de Barriärsgaard zwar zimlech ënnen, seng Missioun war awer vu gréisster Wichtegkeet, huet si dach d'Sécherheet vum Zuch a vun der Populatioun garantéiert.

De ganzen Dag zur Fënster eraus ze kucken an heiansdo d'Kuerbel dréien, neen, esou einfach war seng Aarbecht awer net. Ier hie säin Déngscht ugetratt huet, huet hie mat der zoustänneger Gare d'Auer misse vergläichen an den offizielle Fahrplang op der Säit vu senger Streck opschloen. Pënktlechkeet an Exactitude ware gefrot.

Meeschtens hat hie seng Wunneng bei oder esouguer am Barrièreshaus, dat awer Proprietéit vun der Eisebunnsgesellschaft war. Hien hat d'Déngschtkap um Kapp an huet gewaart, bis hien e Signal oder spéider en Telefonsuruff kritt huet, deen him de kommenden Zuch gemellt huet. Hien huet dorop d'Auerzäit an d'Zuchnummer ganz pingeleg an e Buch agedroen, ass da bei d'Kierb gaangen an huet d'Barrière zougedréint. Lo huet hie misse bei senger Barrière stoe bleiwen, bis den Zuch laanscht war, a geméinlech huet hien de Lokomotivführer gegréisst. Dann huet hie sech verséchert, datt riets a lénks kee weideren Zuch komm ass an d'Barrière erëm opgdréint. An sengem Häischen huet hien d'Auerzäit erëm a säi Buch agedroen an d'Zuchnummer duerchgestrach. Dann huet hien där nächster Barrrière de kommenden Zuch weidergemellt. Berouegt konnt hien nun erëm bei säi Kreuzworträtsel, säi Mariëkalenner oder seng Zeitung zréckgoen, bis den Telefon erëm e weideren Zuch ugemellt huet.

D'Méiglechkeet, datt d'Barrière net giff fonktionnéiere war net ausgeschloss. Fir dëse Fall hat de Garde-Barrière e Signalhorn, e Signalfändel an eng Handluucht, déi rout ofzeblende war. Hien hat och zwee faltbar Bänner, mat deenen hie beim Ausfall vun der Barrière de Passage séchere konnt. Desweideren hat hien zwéin Disques-d'arrêt mat Lanteren. Dës Lanteren hunn eemol am Mount missen op hire Fonctionnement gepréift ginn.

D'Lokomotiv huet gekäicht

De Fons war an den 20er an 30er Jore vum leschte Jorhonnert ee vu menge Klassekollegen an der Primärschoul zu Ouljen am Syrdall. Hien koum als ganz jonke Kärel schonn op d'Eisebunn. An dat, well säi Papp scho Jorzéngte laang op der Eisebunnsstreck Lëtzebuerg-Waasserbëlleg an der Pose, oder wéi gesot gouf an der „Rott", geschafft huet.

De Fons gouf och, wéi säi Papp, an d'Rott integréiert. Well hien awer nach ze jonk war, fir déi schwéier Aarbecht ze bewältigen, krut hie vun der Eisebunnsdirektioun méi eng liicht Beschäftegung zougewisen. Sou gouf hie „Barrières-Garde" zu Ouljen selwer, an zwar beim „Terrensbauer", do wou d'Strooss iwwer d'Eisebunnsschinne geet.

De Fons huet seng scheinbar einfach, mä trotz allem dach verantwortungsvoll Missioun net op d'liicht Schëller geholl. Scho moies fréi huet hie säi Proviantsak fäerdeg gemaach a goung zu Fouss op seng Aarbecht. Do gouf et nach eng sougenannte „klassesch Barrière", déi op der Hand bedéngt gouf. Gläich niewent der Barrière war en Holzhaischen, fir dem Barrièresgaard als Ënnerdaach ze déngen. Et war just eng Dier dran an eng Fënster, vu wou aus een d'Eisebunnsgleisen e Stéck zur Betzder an och e Stéck zur Riedersäit am Aen hat.

Dobanne stung e ronnen Uewen, eng stabil hëlze Bänk an e klengen Dësch, op deem e Morseapparat stung. Un der Wand hung niewent engem Telefon e klenge Maureschaf, an deem verschidde Saache louchen, wéi en „Halteschëld" fir eventuell en Zuch opzehalen, ierwer haaptsächlech Formularen iwwer d'Eisebunnsreglementer. An der kaler Joreszäit hat de Fons e gutt Feierchen a sengem „Allesbrenner" fir sech et gemittlech ze maachen.

Eng Garde-Barrière an der Géigend vu Weimeschkierch mat hirer Enkelin, 1951

Op eemol huet säi Morseapparat um Dësch geklickt. E Gidderzuch gouf vu Wecker aus gemellt. De Fons ass du virun d'Dier getrueden, fir ze kucken, op mat der Barrière alles an de Rei wier. En huet dann nach 2-3 Minutte gewaart an huet ouni ze hetzen d'Barrière mat der Kierb zougedréit. Geschwë koum ënnenerop en onendlech laange Gidderzuch. D'Lokomotiv huet gekäicht, wéi wa se Asthma hätt, an eng laang schwaarz Dampwollek huet sech lues a lues op de Wisegrond geluegt. Huet se dach 40 bis 50 Waggoen nogeschleeft, déi déck mat Kuelen aus dem Ruhrgebitt geluede waren. Déi ware bestëmmt fir d'Héichuewen an der Minettsgéigend ze fidderen. Den Heizer, deen zur Lokomotiv erausgekuckt huet, huet dem Fons frëndlech zougewénkt.

Grad hat de Fons d'Barrière erëm opgemaach, geet den Telefon, a vu Rued aus gouf e Persounenzuch gemellt. Elo huet de Barrièresgaard sech misse fläissen, fir den Eisebunnspassage erëm ofzesécheren, well vu Rued bis op Ouljen ass et iwwert d'Eisebunn guer net wäit. Am Nu ass de Persounenzuch an aller Vitesse laascht d'Terrensbarrière gejauft.

Elo war et bal eng Stonn laang ganz roueg beim Fons op der Barrière. Hie konnt eng kleng Botzperiod a säin Aarbechtszyklus mat eranhuelen. Den Holzbuedem gouf gekiert an d'Fënster mat engem naasse Schwamp ofgeriwwen. Déi war duerch den Damp vun de Lokomotiven navell gutt beschloen. Um Enn huet hien nach e puer Blimmercher, déi hien am Hiwwel vun der Eisebunnstrass gepléckt hat an eng kleng Vase gestach, déi op sengem Dësch stung. Sou gouf dee laangen Openthalt op senger Aarbechtsplaz e ganzt Stéck méi agreabel.

De Fons war bei senger Aarbecht weider net gestéiert ginn. Just ee Bauer war mat enger Kar Mëscht laascht gefuer an e puer Fraen sinn an hire Gaart, déi Säit der Barrière gaangen.

E puermol den Dag ass e Schnellzug laascht gejauft, deen op Tréier, oder nach méi wäit an Däitschland era gefuer ass. De Fons koum un d'Schwäermen. Hien huet dervu gedreemt, och eemol mat esou engem Luxuszuch an d'Friemd ze fueren, an e Stéck vun där onbekannter, esou schéiner Welt, ze erfuerschen.

André Hausmann

E Framënsch, dat gëtt et dach net!

De Jemp war virum Krich Garde-Barrière. Seng Frau, d'Liss, hat eng Kou, déi hinnen e klengen Nieweverdingscht ginn huet. Enges guddes Daags huet d'Liss misse fortfueren, fir eng krank Bomi ze besichen. Hatt hat also keng Zäit, fir sech ëm d'Kou ze bekëmmeren. Wéi et un der Zäit war, goung de Jemp an de Stall fir de Bautz ze sträichen. D'Véidéier awer, dat un d'Liss gewinnt war, huet hien net dru gelooss, hie konnt maache wat e wollt. Wéi alles näischt gedingt huet, du koum dem Jemp eng Iddi. Hie goung an d'Haus zeréck, deet dem Liss säi wiertese Kaseweck un, geet zeréck an de Stall, an den domme Bautz huet de Bedruch net gemierkt: Strip Strap Stroll, a scho war den Eemer voll. Eise Jemp war net wéineg houfreg a wollt sech schonn eng Zigarett dréien, do héiert hien de Signal. Hie rennt a säin Häischen, schreift de Message a säin déckt Buch an dréit d'Barrière zou. Scho kënnt den Zuch ugedempt, de Jemp gréisst frëndlech de Lokomotivführer, dréit d'Barrière erëm op, gëtt d'Signal un déi nächst Barrière weider, wiesselt d'Kleedong ouni seng Dingschtkap ze vergiessen. Den Dingscht konnt weidergoen.

Sou wäit sou gutt. Mä no e puer Deeg ass de Jemp an d'Stad an d'Direktioun geruff ginn. Do huet hie bei deenen héijen Häre missen héieren, datt hie säin Dingscht vernoléissegt hätt, an e Framënsch a senger Plaz d'Barrière zoumaache gelooss hätt. E Framënsch, dat d'Barrière vum Zuch bedéngt, dat gëtt et dach net!

Eise Jemp konnt der Direktioun dëst awer erklären an déi Stater Hären hu gutt misse laachen. Vun aller Schold wäissgewäsch konnt de Jemp erëm bei seng Barrière zeréckgoen a seng wichteg Missioun weiderféieren.

Haut ginn d'Barrièren automatesch op an zougemat, d'Romantik as hinn, an eng Aventure wéi dem Jemp seng ass net méi méiglech.

John Weber

Den Tramsmännchen

1875 ass an der Stad den éischten Tram, deemools nach e Päerdstram, op der Linn Athenäum-Gare, spéider Glacis-Gare gefuer. Et huet ee misse Gedold matbréngen, wann een den Tram geholl huet, well déi theoretesch Duerchschnëttsgeschwindegkeet vun 12 Kilometer an der Stonn ass nëmmen an de seelenste Fäll ereecht ginn. Den Tramsmännchen huet et mat den Haltestellen nach net esou genee geholl, an ass och emol hale bliwwen, wann en Här oder eng Madame him en Zeeche gemaach hunn.

1907 koum den elektreschen Tram an d'Stad. Et si regelméisseg nei Linne gebaut ginn, bis dass 1929 déi lescht Streck an de Rollengergronn fäerdeg war. Op all Tram waren zwee Tramsmännercher: de Wattman ass gefuer an de Schaffner huet d'Billjeeë verkaaft a kontrolléiert. An de Stousszäite waren d'Ween esou vollgedruddelt, datt de Schaffner Méi hat fir duerch d'Leit ze kommen.

Vir am Tram huet de Wattman mat senger Kuerbel den Tram gefouert. Huet hien d'Kuerbel vu lénks no riets gedréit, huet d'Vitesse zougeholl. Eng rapid Lénksdréiung huet d'elektresch Brems aktivéiert. Riets vum Wattman war e grousst Rad. Dat war déi mechanesch Brems, déi dacks mat enger erstaunlecher Vitesse gebraucht gouf.

Elektreschen Tram an der Stater Groussgaass, 1909

Elektreschen Tram op der Paräisser Plaz an der Stad, 1933

Mam Fouss konnt och eng Schell gedréckt ginn, déi dat typescht Bimmele vum Tram bedeit huet. Duerch de ganze Won, ënnert dem Plafong war e Seel, dat eng Schell beim Wattman bedingt huet. Eemol vum Schaffner gezunn, huet bedeit „halen“, zweemol huet bedeit „fueren“.

Vun den Tramsschinne soll och nach eppes gesot ginn. Op offener Streck waren déi sougenannten „rail Vignole“, déi iwwert dem Buedem louchen. An den Uertschaften awer huet d’Schinn missen an de Stroossebelag geluet ginn, wat en aneren Typ vu Schinn verlaangt huet, de „rail à ornière“. Dat war eng Schinn mat enger Verdéiwung a jiddereen, deen deemools mam Vëlo gefuer ass, weess, datt een huet gutt missen oppassen, fir net mam Rad an d’Schinnen ze kommen. An dëse Schinnen huet sech och vill Dreck gesat a si hu misse regelméisseg gebotzt ginn. Zu deem Zweck ass e Mann vun der Rott mat enger Staang, un där vir eng kleng spatz Schëpp war, duerch d’Schinne gefuer an huet den Dreck mat senger Schëpp all puer Meter – schwupp – erausgehäit. Dëse „Schwupp“, d’Stuckele vum Tram an d’Kräische vun de Rieder an de Schinne ginn et net méi.

De Minettstram

Wa vum Tram geschwat gëtt, dann denken déi meescht Leit un de Stater Tram. Mee och am Escher Kanton gouf et dat Verkéiersmëttel vun deem haut erëm esou vill Rieds geet.

Schonn 1910 ass den „Syndikat für den Bau und Betrieb der interkommunalen Trambahn im Kanton Esch“ gegrënnt ginn. Matten am Krich, 1915, sinn déi definitiv Trasse festgeluet ginn, dat heescht véier Iwwerlandlinnen an zwou Lokallinnen, Esch an Déifferdeng. De Krich an déi schwéier Nokrichszäit hunn awer verhënnert, datt mat den Aarbechten ugefaange gouf. Endlech, 1920, woren d'Trassen am Besëtz vum Syndicat, an de Bau huet ugefaangen. D'Streckennetz hat eng Lengt vu 54 km. D'Schinne sinn op der Rodanger Schmelz (Ougrée Maryhaie) gewalzt ginn. Dës Schmelz war laang en Haaptproduzent vun Eisebunnsschinnen. D'Ween goufe bei der belscher Firma A.C.E.C. konstruéiert. Dofir hu mer ëmmer misse laachen, wa mer déi belsch Orthographie bei den Tramsdiere gelies hunn: „ beim aussteigen linke hand am linken griff“. Den Zentraldepôt an d'Administratioun woren zu Esch. Et gouf och zwee Niewendepoten, een zu Déifferdeng an een zu Téiteng. Den Trams-Fuhrpark bestong aus 25 Triebween zu jee 54 Plazen a 5 Unhänger mat jee 30 Plazen. Am Ufank waren d'Tramsween rout a crème ugestrach, nom Krich ass awer op blo a wäiss gewiesselt ginn.

Den 29. Mee 1927 war et dann esou wäit: No enger pompöser Aweiungsfeier ass den éischten Escher Tram gefuer an zwar op der Linn Esch-Déifferdeng. Den Depart vu sämtleche Linne war bei der Escher Gare. Déi stuckeleg Ween hunn deeglech dausenden an dausende vun Aarbechter op d'Schmelzen zu Déifferdeng, Rodange, Esch an Diddeleng bruet. D'Schüler an d'Schülerinne vun den Escher Lycéeë waren eng speziell Clientèle, déi sech ëmmer op der selwechter Plaz erëmfonnt huet, a méi wéi eng Amourette hat do hiren Ufank.

Eng Particularitéit vum Escher Tram war och, dass d'Zeitung ”Escher Tageblatt“ a gebonnene Päck matgeholl an op bestëmmte Plazen erausgehäit gouf, wou d'Zeitungsdréier schonn drop gewaart hunn.

Heiansdo ass de Controlleur ageklommen. Hien huet sech vum Schaffner de Profil vu senger Kaartepëtz gi gelooss an huet dann d'Abonnementer an d'Billjeeë controlléiert. Mär jong Kärelen hu schonn un der Fuerf vum Abonnement gesinn, op de Besëtzer vill oder manner vill verdingt huet. D'Präisser waren nämlech no der Héicht vum Akommes gestaffelt.

Den 23. September 1956 ass de leschten Escher Tram gefuer a sämtlech Linne si vun do u mat Busse bedingt ginn. Wat iwwregbleift ass eng Nostalgie op d'Zäit vun dem gudden, alen Tram vun der TICE.

John Weber

Déi schéinste Plaz awer war déi op der viischter Platform. Do konnt een dem „Schaffner“ esou gutt nokucken. (...) Ma och déi hënnescht hat hir Avantagen, besonnesch zu deene Stonnen, wou vill Leit am Tram waren. Déi Zäit huet een nämlech net bezuelt wann een erageklomm ass, ma an all Tram gouf et een Tramsmännche mat enger décker Posch. Deen ass vun engem zum anere gaang fir d'Suen opzehiewen. War alles voll, ass en net séier virukomm, an huet sech mat aller Méi an Nout duerch den enke Gank misse quëtschen, dee voller Leit stoung. Ech gesinn elo nach e besonnesch décken Tramsmännchen, dee bal seng zwee Zenner gewien huet, ëmsoss versichen no hannen ze kommen, well grad esou eng déck Fra him de Wee verspaart huet. Dat Schéint un der hënneschter Plattform war, datt op deer geméinlech fir d'lescht akasséiert gouf. Et konnt een also ganz éierlech emol gratis fueren. War een net grad esou éierlech, konnt een dat awer och maachen, well wann een de Männche gesinn huet kommen, ass ee séier vum Tram gesprong. Déi Plattform war nämlech op, an den Tram ass op verschiddene Strecken, a besonnesch an de Kéieren, net séier gefuer.

Ee vun deenen Tramsmännercher war e stadbekannte Schaus. Eng Fra hat en emol gefrot, op den Tram net kënnt virun der Nummer souvill an der Strooss Souwisou halen (et war dat Haus, an deem si gewunnt huet). Doudeescht huet den Tramsmännchen hir geäntwert: „Gewëss, Madam, um éischten oder um zweete Stack?“

Aus: Stater Stëbs, Raymond Schaack, Editions Saint-Paul, 1995



De Minettstram bei der Haltestell Déifferdeng/Maartplaz

Alphabeteschen Index vun de Beruffer

Aulebäcker 129
Bäcker 176
Bauer 134
Beiemann 204
Béierbrauer 191
Bëschaarbechter 66
Biergaarbechter 96
Bildhaer 84
Bitzesch 30
Blechschléier 108
Brenner 196
Dilleschneider 73
Doléiner 141
Drainist 155
Dréischler 90
Essegfabrikant 200
Fëscher 189
Fluessziichter 18
Fouermann 217
Gaertner 208
Garde-Barrière 226
Géisser 109
Gierwer 47
Gipser 128
Händschemécher 58
Heizer 222
Hiert 146
Holzschnidder 75
Kaffisbrenner 198
Kalleksbrenner 125
Kéifer 88
Klackegéisser 111
Klautchen 107
Kniecht 143
Kuelebrenner 71
Kutscher 214
Leekëppert 122
Louschläisser 44
Maschinist 222
Mëller 170
Mod 143
Modistin 33
Molkereiaarbechter 181
Moschterfabrikant 202
Néiesch 25
Nylonsstrëmpfléckesch 41
Pavéert 118
Pelzsammler 49
Postkutscher 215
Rollefax 195
Schaffbauer 90
Schampesfabrikant 165
Schéifer 150
Schënner 46
Schläiper 220
Schleisewiechter 153
Schluechter 184
Schmadd 101
Schneider 25
Schouster 54
Schräiner 81
Schréiderborscht 163
Spënnesch 20
Steebrécker 114
Steeklappert 114
Steemetzer 119
Stréckesch 37
Suedler 61
Takegéisser 109
Tramsmännchen 230
Uergelbauer 91

Band 1

Wäissert 126
Wënzer 158
Wiewer 22
Wollfra 39
Woner 86
Zammermann 79

Index vun de Beruffer am Band 2

Äismann
Aueremécher
Ausriffer
Bëddelschnëdder
Bitzjoffer
Bréifdréier
Buchbënner
Butteksfra
Buuschtebënner
Chemigraph
Coiffeur
Déngschtmeedchen
Dëppegéisser
Douanier
Drécker
Eichmeeschter
Focker
Gasmännchen
Glacemännchen
Glaser
Händler
Härekächen
Härgottsschnëtzer
Hauséierer
Haushaltsléierin
Hellechtsmécher
Hiewan
Kaartemécher
Kächen
Käerzemécher
Kiermesleit
Kinosbedreiwer
Koschter
Kuerfmécher
Lompekréimer
Maartleit
Maulefsmann
Mëllechmann
Musikant
Organist
Pëtzegruewer
Photograph
Préiter
Rendant
Schaaschtegbotzer
Schéiereschlëffer
Schoulmeeschter a Léierin
Schrëftsetzer
Schwäizer
Seefemécher
Spillmann
Streckesch
Stroummécher
Telefonist
Wäschfra
Wiert
Zaldot aus der Fräiwëllegekompanie

Band 2

Billerverzeechnes

Archiv Marc Avarello	*128*
Archiv Huguette Eyschen	*25, 38*
Archiv Butz Gaertner	*97, 99, 100*
Archiv Simon Groß	*89*
Archiv Marthe Haan-Duva	*125, 190, 224, 225*
Archiv André Hausmann	*75, 104, 115, 134, 137, 172, 174, 184, 186, 217*
Archiv Jochen Herling	*21, 22, 23, 54, 81, 88, 91, 108, 110, 141, 143, 148, 150, 151, 158, 162, 194*
Archiv Jeanne Holtz	*61*
Archiv Ed. Kandel	*130*
Archiv Emilie Kummer-Kohll	*137, 160*
Archiv Mariette Leuck	*205, 207*
Archiv Maly Lorang	*35*
Archiv René Rieff	*153*
Archiv Simone Rosen	*47, 84, 114, 118, 138, 166, 200, 223*
Archiv Julia Rousseau	*102*
Archiv Joss Scheer	*45, 52, 53, 56*
Archiv Charel Schmit	*20, 44, 54, 64, 73, 126, 135, 136, 140, 154, 177, 187, 188*
Archiv Veiner Photo-Club	*82, 119, 147, 176, 179, 190, 215, 222*

Archiv John Weber *96*

Photoe Pol Aschmann,
Photothèque de la Ville de Luxembourg *34, 51, 67, 70, 75, 81, 116, 182, 193, 195, 226, 227*

Photo Charles Bernhoeft,
Photothèque de la Ville de Luxembourg *214*

Photo Claudia Ewen *30*

Photo Batty Fischer, Photothèque de la Ville de Luxembourg *131*

Photo Romain Gallion *99*

Photo Gilbert Kleren *27*

Photo Mariette Leuck *37*

Photo Alphonse Lutgen *74, 87, 180*

Photo Charles Maroldt,
Photothèque de la Ville de Luxembourg *231*

Photoen Théo Mey,
Photothèque de la Ville de Luxembourg *29, 83, 101, 121, 123, 132, 171, 210*

Photo Ignace Pepin *234*

Photoen RBS *18, 23 RH*, 26 RH*, 33 RH*, 39 RH*, 56 RH*, 57 RH*, 63 RH*, 92 RH*, 165 RH*, 181 RH*, 183 RH*, 196 RH**

Photoe Marcel Schroeder,
Photothèque de la Ville de Luxembourg *48, 51, 59, 105, 122, 129, 151, 156, 167, 191, 209*

Photothèque le la Ville de Luxembourg,
photographe inconnu *79, 117, 218, 230*

Zeechnunge Mariette Leuck *18, 19, 36, 70, 170, 202, 204*

** Freilichtmuseum Roscheider Hof, Konz*

Aus dem Liewen erzielt

An dëser Serie:

De Vëlo ass mäi Liewen

Dem Bim Diederich seng Erënnerungen,
opgeschriwwe vum Emil Angel

Ewechgeblosen ass ons Suerg,
Vive, roude Léiw vu Lëtzebuerg

Gedichter aus der Krichszäit, Rosalie Monceau

Déi Gefiller sinn net ze beschreiwen!

Erënnerungen un d'Liberatioun 1944/45

An dësem Buch gi Beruffer a Broutverdéngschter beschriwwen, déi et net méi gëtt oder bei deenen d'Aarbechtsweis sech staark verännert huet. D'Beruffer gi fir d'éischt allgemeng beschriwwen, duerno presentéieren Zäitzeien eis hir perséinlech Erënnerungen.

(...) A bannen an der Millen den äerdege Mëller – mäi Grousspapp – eng stëpseg Kap um Kapp, wäiss Aperhoer, un deenen dee renge Mielstëbs absënns gutt hänke blouf. Dee staarke Mann huet déi schwéier Säck op d'Schëller gehuewen a se aus op de Millewon gedroen, fir se da mat sengem Päerdsgespan bei d'Clienten ze bréngen.
André Hausmann

De Pelzmann koum wéinstens eemol am Mount op sengem Vëlo duerch eis Strooss zu Diddeleng. Hien ass all puer Meter stoe bliwwen an huet haart geruff: "Pelze, Pelze!" Mat den Hoer no banne gekéiert hungen d'Pelzer dann oft mat Blutt verschmiert u sengem Vëlo. De Pelzmann huet déi verkaaft an sech doduerch e puer Frang verdéngt.
Vicky Hengesch-Vuillermoz

Beim Durchfahren der Untiefe im Ehnener Wehr musste auf dem Treidelpfad nebst Pferdegespann auch Menschenhand beim Ziehen der Schiffsseile eingesetzt werden. Bares Geld der Lohn, den der Kapitän vom Schiffe aus, in einen Apfel oder eine Kartoffel verpackt, ans Ufer warf.
Emile Linden

ISBN 978-295997215-7
9 782959 972157